Déi Lëtzebuerger Gesellschaft am Wandel

Eng Analys vun de leschten 200 Joer unhand vun de Romaner *Der Verräter* (Nikolaus Hein), *Fenn Kaß* (Batty Weber), *schacko klak* (Roger Manderscheid), *Perl oder Pica* (Jhemp Hoscheit) an *Amok* (Tullio Forgiarini)

Erklärung

Ech versécheren, dass ech déi virleiend Aarbecht selbstänneg an ouni Benotzung vun anere wéi deenen Hëllefsmëttel, déi hei ugi sinn, verfaasst hunn. All d'Plazen, déi wiertlech oder sënngeméiss aus Veröffentlechungen oder anere Quelle stamen, sinn eendeiteg kenntlech gemaach.

Dës Aarbecht gouf a gläicher oder ähnlecher Form nach net veröffentlecht an nach kenger Examenskommissioun virgeluecht.

Datum: Uewerkuer, de 27. Abrëll 2019 Ënnerschréft:

Sharon Arendt
Candidat-formateur d'adultes à l'Institut national des langues

Déi Lëtzebuerger Gesellschaft am Wandel

Eng Analys vun de leschten 200 Joer unhand vun de Romaner *Der Verräter* (Nikolaus Hein), *Fenn Kaß* (Batty Weber), *schacko klak* (Roger Manderscheid), *Perl oder Pica* (Jhemp Hoscheit) an *Amok* (Tullio Forgiarini)

Institut national des langues 2019

1. Objectifs de la recherche

An dëser Aarbecht solle véier Wierker aus der lëtzebuergescher Literatur analyséiert ginn: *Der Verräter* vum Nikolaus Hein, *Fenn Kaß* vum Batty Weber, *schacko klak* vum Roger Manderscheid, dem Jhemp Hoscheit säi *Perl oder Pica* souwéi *Amok* vum Tullio Forgiarini. Soumat gi bal 200 Joer Lëtzebuerger Geschicht behandelt an obwuel d'Wierker aus dräi verschiddene Joerhonnerte stamen, hu se all eppes gemeinsam: d'literaresch Sich no Identitéit - souwuel no der perséinlecher wéi och no der nationaler. Dës Aarbecht soll déi verschidden Etappen vu Lëtzebuerg um Wee an d'Modern duerstellen a schlussendlech déi haiteg Situatioun zu Lëtzebuerg festhalen.

2. Méthodes à mettre en oeuvre

Fir d'Objektiver z'erreechen, solle Primär- an och Sekundärliteratur zu de Wierker souwéi déi geschichtlech Hannergrënn analyséiert a beliicht ginn.

3. Résultats escomptés

Dës Aarbecht soll weisen, wéi sech déi Lëtzebuerger Gesellschaft an de leschten 200 Joer verännert huet (vun enger Agrargesellschaft ouni kloer Identitéit zu enger multikultureller Gesellschaft, déi villes a Fro stellt), wéi d'Sich no perséinlecher an och nationaler Identitéit heibäi eng zentral Roll gespillt huet a wéi sech d'Stellung vun der lëtzebuergescher Sprooch am Laf vun de Joerhonnerte verännert huet.

Inhaltsverzeechnes

		Säit
1.	Aleedung	7
2.	Déi Lëtzebuerger Gesellschaft am Wandel	13
2.1.	Den historeschen Hannergrond	15
2.1.1.	*Der Verräter*	15
2.1.2.	*Fenn Kaß*	20
2.1.3.	*schacko klak*	25
2.1.4.	*Perl oder Pica*	33
2.1.5.	*Amok*	37
2.1.6.	Tëschefazit	41
2.2.	Migratioun	42
2.2.1.	*Der Verräter*	42
2.2.2.	*Fenn Kaß*	43
2.2.3.	*schacko klak*	44
2.2.4.	*Perl oder Pica*	48
2.2.5.	*Amok*	52
2.2.6.	Tëschfazit	54
2.3.	D'Erzéiung an d'Bildung	55
2.3.1.	*Der Verräter*	55
2.3.2.	*Fenn Kaß*	55
2.3.3.	*schacko klak*	57
2.3.4.	*Perl oder Pica*	58
2.3.5.	*Amok*	60
2.3.6.	Tëschefazit	60
2.4.	D'Gewalt an der Gesellschaft	61
2.4.1.	*Der Verräter*	61
2.4.2.	*Fenn Kaß*	61
2.4.3.	*schacko klak*	62
2.4.4.	*Perl oder Pica*	63
2.4.5.	*Amok*	65
2.4.6.	Tëschefazit	69
2.5.	D'Roll vun de Geschlechter	70
2.5.1.	*Der Verräter*	70
2.5.2.	*Fenn Kaß*	72
2.5.3.	*schacko klak*	78
2.5.4.	*Perl oder Pica*	79
2.5.5.	*Amok*	82
2.5.6.	Tëschefazit	83

2.6. Den Ëmgang mat der Sexualitéit 84
2.6.1. *Der Verräter* 84
2.6.2. *Fenn Kaß* 84
2.6.3. *schacko klak* 85
2.6.4. *Perl oder Pica* 86
2.6.5. *Amok* 87
2.6.6. Tëschefazit 88

2.7. D'Stellung vun der Relioun 88
2.7.1. *Der Verräter* 88
2.7.2. *Fenn Kaß* 90
2.7.3. *schacko klak* 94
2.7.4. *Perl oder Pica* 96
2.7.5. *Amok* 99
2.7.6. Tëschfazit 100

3. D'Sich no der eegener Identitéit 103
3.1. *Der Verräter* 105
3.2. *Fenn Kaß* 123
3.3. *schacko klak* 132
3.4. *Perl oder Pica* 137
3.5. *Amok* 140
3.6. Tëschefazit 145

4. D'Gattung an d'Sprooch 147
4.1. *Der* Verräter 149
4.2. *Fenn Kaß* 151
4.3. *schacko klak* 151
4.4. *Perl oder Pica* 173
4.5. Amok 179

5. Schlussfolgerung 183

6. Literaturverzeechnes 191

1. Aleedung

Déi Lëtzebuerger Geschicht vun de leschten 200 Joer ass kaum mat där vun anere Länner ze vergläichen. Vun der Onofhängegkeet 1839, iwwer d'Entwécklung vun engem Nationalgefill am Ufank vum 20. Joerhonnert bis hin zur Offizialiséierung vun der nationaler Sprooch, dem Lëtzebuergeschen, am Joer 1984 huet Lëtzebuerg Etappen erlieft, déi aner europäesch Natiounen zu deem Zäitpunkt schonn hannert sech haten. Dëst spigelt sech och an der Literatur erëm, woubäi de markantsten Akzent wahrscheinlech 1988 vum Roger Manderscheid gesat gouf, wéi hie säi Roman *schacko klak* op Lëtzebuergesch verfaasst an domat d'Lëtzebuerger Literaturlandschaft verännert huet. Dëst war näämlech eréischt den 2. Roman (nom Guy Rewenig sengem *Hannert dem Atlantik* aus dem Joer 1985), deen op Lëtzebuergesch verëffentlecht gouf.

Trotzdeem war de Lëtzebuerger Territoire net vum soziale Wandel isoléiert, deen et an den Nopeschlänner gouf. Dëse Wandel war zu Lëtzebuerg an de leschten 200 Joer ënnert anerem duerch Krich, Industrialiséierung a Globaliséierung net opzehalen. Dank verschiddene literaresche Wierker vu Lëtzebuerger Auteure kann en noempfonnt an am Réckbléck analyséiert ginn. A genee dëse Wandel ass Géigestand vun dëser Aarbecht, woubäi och d'Sich no Identitéit - souwuel no der perséinlecher wéi och no der nationaler - duergestallt soll ginn.

Zu dësem Zweck goufe folgend fënnef lëtzebuergesch Wierker ausgewielt, déi representativ fir verschidden Zäitraim stinn:

- D'Novell *Der Verräter* behandelt d'Geschicht vun de revolutionären Ëmbréch vun 1831 am Kontext vun der belscher Revolutioun, woubäi déi politesch a sozial Prozesser an déi doraus resultéierend Entwécklung vu Lëtzebuerg behandelt ginn. Heibäi gëtt déi deemoleg Gesellschaft op der Sich no enger eegener Identitéit duergestallt.
- De Roman *Fenn Kaß* aus dem Joer 1913 stellt d'Problematik vum erzwongene Liewen als Geeschtlechen duer, setzt sech awer och mat der Realitéit souwéi de Veränneruge vun der Duerfgesellschaft ëm d'Joerhonnertwenn, virun allem duerch den technesche Fortschrëtt, auserneen. Soumat zeechent de Batty Weber

senge Lieser e Bild vun enger Agrargesellschaft, déi sech no an no zu enger Industriegesellschaft entwéckelt.

- A sengem Roman *schacko klak* stellt de Roger Manderscheid e Lëtzebuerg duer, dat vun Hitlerdäitschland besat ass, a weist, wat fir Verännerungen am Duerfliewen duerch de Krich ausgeléist ginn. Duerch den Erzieler, deen aus der Siicht vun den 80er Joren schreift, gëtt och d'Sich no perséinlecher Identitéit an d'Ausernanersetzung mat der Sprooch thematiséiert.
- *Perl oder Pica* dogéint spillt an de 60er Joren a weist d'Lëtzebuerger Gesellschaft am Ëmbroch am Kontext vun der Moderniséierung vum Land. An deem Zesummenhang kënnt et zu enger Opspléckung tëschent de Generatiounen. De Jhemp Hoscheit kreéiert hei eng interessant literaresch Landschaft, fir d'Geschicht vun engem jonke Mënsch, deen an de 60er opwiisst a säi Wee tëschent der patriarchalescher Famill an der neier Konsumgesellschaft fanne wëll, während hie mat de Widderspréch vun den Erwuessenen a vun der deemoleger Moral konfrontéiert gëtt, z'erzielen.
- Mam Roman *Amok* aus dem Joer 2011 gëtt schliisslech d'Géigewaart vun eiser moderner Gesellschaft beliicht, woubäi Theme wéi sozial Gewalt a Verwahrlosung vu Jugendlechen am Mëttelpunkt stinn. An dësem Roman gëtt och déi Lëtzebuerger Gesellschaft als kosmopolitesch, individualistesch a kompetitiv duergestallt, sou dass e jonke Mënsch séier seng Orientéierung am Liewe verléiere kann.

Mat dëse Wierker gi soumat bal 200 Joer Lëtzebuerger Geschicht behandelt, an dat vum Standpunkt vu bal véier Generatioune vu Lëtzebuerger Schrëftsteller aus. Obwuel d'Wierker aus dräi verschiddene Joerhonnerte stamen, hu se all eppes gemeinsam: déi literaresch Sich no Identitéit. All Roman stellt ee jonke Mënsch an de Mëttelpunkt, dee seng Plaz an enger sech wandelnder Gesellschaft sicht. Dobäi gëtt duerch jiddwer Personnage och indirekt e Kommentar iwwert déi Lëtzebuerger Gesellschaft gemaach. Dës Aarbecht soll deemno déi verschidden Etappe vu Lëtzebuerg um Wee an d'Modern duerstellen a schlussendlech déi haiteg Situatioun zu Lëtzebuerg festhalen. Dobäi solle verschidden Aspekter vun der am Roman

gezeechenter Gesellschaft beliicht ginn, wéi den historeschen Hannergrond an déi verschidde Migratiounsbeweegungen, d'Familljeliewen, d'Relioun, d'Schoul, d'Sexualitéit, d'Roll vun deene verschiddene Geschlechter, d'Sprooch souwéi d'Sich no der eegener an der nationaler Identitéit.

2. Déi Lëtzebuerger Gesellschaft am Wandel

2.1. Den historeschen Hannergrond

2.1.1. *Der Verräter*

Dem Nikolaus Hein säi Wierk *Der Verräter* gëtt 1939 am Jubiläumsjoer vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet fir d'éischt veröffentlecht a vun de Literaturkritiker gär am Zesummenhang mam nationalen Identitéitsdiscours gelies. Vun dësem Gesiichtspunkt aus betruecht, huet de Roman zwee historesch Kontexter:
1. d'Emergenz vun den nationalisteschen Ideologien aus den 1930er;
2. déi Belsch Revolutioun, déi de Kader vun der eigentlecher Erzielung duerstellt.

D'Geschicht spillt an de Joren 1830-1839 zur Zäit vun der Belscher Revolutioun (1830-1831) an erzielt den Ënnergang vum Gemengebuet Matthäus Conter, deen duerch seng trei Haltung Holland géintiwwer zum Verréider stigmatiséiert gëtt a schlussendlech onschëlleg zu Gronn geet. D'Erzielung stellt e Protagonist vir, deen am Laf vun der Handlung e staarkt Gefill vu Verbonnenheet mat senger Heemecht un den Dag leet an deem säi Schicksal symbolesch fir d'Situatioun vu Lëtzebuerg um Virowend vu senger Onofhängegkeet ugesi ka ginn.

De Fernand Hoffmann setzt d'Wierk an de Kontext vum Identitéitsdiskurs an der Lëtzebuerger Literatur a lueft dem Hein seng Erzielung als „(d)ie letzte und reifste Antwort auf die Frage nach der Heimat und dem Wesen des Luxemburgertums."[1] Och de Joseph Groben interpretéiert d'Wierk virum Hannergrond vum Ursprong an dem Wiese vun der Lëtzebuerger nationaler Identitéitssich an hieft ervir, dass et dem Hein drëms géing, „die ziemlich verworrenen Ursprünge unserer nationalen Eigenständigkeit an einem Einzelschicksal exemplarisch darzustellen, insbesondere nachzuweisen, dass die Geschichte einen durchaus anderen Verlauf hätte nehmen können".[2]

[1] Hoffmann, Fernand: „Die Frage nach dem Wesen des Luxemburgertums im erzählerischen Werk von Nikolaus Hein." An: *Nouvelle revue luxembourgeoise. Luxembourg 3 (1969),* S. 8.
[2] Groben, Joseph: „Nachwort". An: Nikolaus Hein: *Der Verräter.* Lëtzebuerg: Editions du centre d'études de la littérature luxembourgeoise 1994, S. 229.

De Roman spillt op Lëtzebuerger Territoire a setzt do an, wéi Lëtzebuerg nach wéi déi 18. hollännesch Provënz behandelt gëtt. Zu Lëtzebuerg schaffe praktesch nëmmen hollännesch Beamten, woubäi Hollännesch déi éischt Geriichtssprooch an d'Flichtsprooch am Athenäum duerstellt. D'Iesswuere sinn dobäi extrem deier an d'Steiere ginn zu enger onerdréiglecher Belaaschtung fir d'Bevëlkerung. Et kënnt ëmmer erëm zu Onrouen, sou datt d'Steieren heiansdo mat Gewalt agezu musse ginn. D'wirtschaftlech Nout ass grouss an den hollännesche Regime onbeléift, wouduerch vill Lëtzebuerger a Südamerika auswanderen.

D'Leit sinn onzefridden an hoffen op d'Belsch, vu wou aus se d'Verspriechen op besser Zäiten, beispillsweis duerch steierlech Entlaaschtungen, erhalen. An esou kënnt et ëmmer erëm zu Ausbréch géint d'Hollänner, awer och zu Gewalt an Iwwerfäll an der Bevëlkerung, woubäi déi Mächteg just liddereg a feig nokucken.[3] D'Populatioun leit Honger, allerdéngs gëtt och aus Matleed a Baarmhäerzegkeet mat deenen Äermste gedeelt. Zousätzlech hunn d'Leit Angscht virun engem bevirstoende Krich:

> *Jedoch die wachsende Erregung der Bevölkerung konnte auch gerade der Frau Aan nicht verborgen bleiben. Der Spinnstubenlärm dieses Winters summte ihr noch in den Ohren, viel Gekunkel und Geklatsch, bittere Klagen und Wutausbrüche gegen die Holländer, es folgten sich die Proklamationen beider Parteien, kaum angetrocknet, schon überklebt von den gegnerischen, und dann tauchten wirklich auch schon belgische Gendarmen und Zollbeamte auf, in Remich lag sogar belgisches Militär, und wilde Gerüchte gingen um... Bald würde es losgehen, London verkündete seinen Spruch, Belgien erhielt seinen König, die Holländer mußten fort, die Preußen mußten fort, wer nicht freiwillig ging, würde aus seinem Bau ausgeräuchert...*[4]

An der Bevëlkerung ginn iwwerdeems d'Riff no Fräiheet a Mënscherechter ëmmer méi haart.[5] Wat d'Lëtzebuerger un der hollännescher Regierung zousätzlech stéiert, ass d'Tatsaach, dass si vu Regierungsämter, aus der Zentralverwaltung a vun der Vertriedung beim Deutschen Bund ausgeschloss sinn. Natierlech bekloe si sech

[3] Vgl. Hein: *Der Verräter.* Erzählung. Eingeleitet und kommentiert von Joseph Groben. Lëtzebuerg: Editions du Centre nationale de littérature 1994, S. 40.
[4] Ebd., S.30.
[5] Vgl. ebd., S. 48.

iwwert all dës Mëssstänn, déi allerdéngs vun den hollännesche Beamten zu Lëtzebuerg einfach net op Den Haag weidergeleet ginn.[6]

Déi héich Lëtzebuerger Bourgeoisie dogéint bleift vun der Steierpolitik verschount. Am Géigendeel - si profitéiert vu ville Privileegien a bleift soumat dem hollänneschen Herrscher natierlech trei.[7]

Am Revolutiounsjoer 1830 räisst sech d'Belsch vun Holland lass a gëtt onofhängeg. Dës revolutionär Beweegung spréngt op déi „däitsch" Kantonen iwwer. An esou schléisse sech d'Bierger vum Grand-Duché Enn August 1830 un déi zu Bréissel ausgebrache Revolutioun géint déi autoritär Herrschaft vum Wëllem I un.[8] Am Oktober 1830 ginn d'Distrikter Dikrech, Gréiwemaacher a Lëtzebuerg un déi belsch Regierung iwwer, dëst, well d'Belsch fräi Walen a steierlech Erliichterunge versprécht. Lëtzebuerg gëtt provisoresch zur belscher Provënz erkläert.

D'Lëtzebuerger Gesellschaft ass gespléckt, wat hir Haltung der Situatioun géintiwwer ugeet. D'Uewerschicht vu Réimech, Éinen, Suessem, Dikrech a Veianen versprécht sech méi grouss materiell Virdeeler duerch d'Hollänner wéi duerch d'Belsch a gëtt Unhänger vun der sougenannter „Orangisten"-Partei, déi an enger breeder Petitiounscampagne d'Kaart vun der nationaler Onofhängegkeet ausspillt.[9] Déi national Identitéit fänkt ëm 1830 un, eng grouss Roll an der europäescher Geschicht ze spillen: Lëtzebuerg hätt e Recht op en onofhängege Staat[10], wat awer kaum gegleeft gëtt. Grad déi politesch Männer, déi an deene 15 Joer virdrun ëmmer probéiert hunn, d'Opkomme vun esou enger Nationalitéit z'ënnerdrécken, sinn déi éischt, déi mat esou enger Iddi kommen.[11]

---

[6] Vgl. Pauly, Michel: *Geschichte Luxemburgs.* München: C. H. Beck Verlag 2013, S. 67.
[7] Vgl. Spizzo, Daniel: *La nation luxembourgeoise. Genèse et structure d'une identité.* Paräis: Editions L'Harmattan 1995, S. 104.
[8] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 68.
[9] Vgl. Calmes, Christian: „Gründung und Werden eines Landes - 1815 bis heute." An: *Zeitgenössische Geschichte Luxemburgs Band XII.* Lëtzebuerg: Sankt-Paulus-Druckerei AG 1989, S. 343.
[10] D'Nationalgefill gëtt ëmmer méi invoquéiert, fir de Prinzip vun enger onofhängeger Natioun, enger „Communauté de destin", ze begrënnen. An dësem Kontext kënnt d'Iddi zu Lëtzebuerg op, en onofhängege Staat ze grënnen. Mat enger nationaler Identitéit huet dëst allerdéngs net vill ze dinn.
[11] Vgl. Spizzo: *La nation luxembourgeoise*, S. 109.

Déi lëtzebuergesch Bourgeoisie ëm 1830 setzt sech aus Händler, Handwierker a Baueren zesummen an huet bis dohi guer keng politesch Muecht. Verschiddener striewen allerdéngs no dëser an di sech dofir mat der belscher revolutionärer Bourgeoisie zesummen. Perséinlechkeete wéi Servais, Metz, Nothomb an Thorn féiere Manifestatiounen un, fir d'Onzefriddenheet vun de lëtzebuergesche Bierger ze demonstréieren. An engem Land, dat gréisstendeels aus Bauere besteet, ass de Wonsch grouss, dass déi eege Kanner eng Plaz an enger Administratioun oder an der Magistratur fannen, déi während dem hollännesche Regime, wéi schonn ugeschwat, gréisstendeels vun Hollänner oder Belsch besat sinn. Während der Belscher Revolutioun zitt et deemno vill Jonker bei déi nei Areler Regierung, fir do eng Aarbechtsplaz ze fannen. Dëst ass sécherlech ee vun de Grënn, firwat esou vill lëtzebuergesch Jonker der Belscher Revolutioun bäitrieden. Si si bereet, Affer ze bréngen, fir d'Herrschaft vum Staat z'erueweren, well se bis dohi guer keng Perspektiv, an d'Elite vun der Bourgeoisie opzesteigen, hunn.[12]

Den Historiker Gilbert Trausch ass sech sécher: „Il n'y a pas de doutes, à l'époque les Luxembourgeois voulaient devenir belges."[13] D'Historiker Edouard Kayser a Roger Petit behaapten an dësem Kontext:

> *S'il est difficile de connaître le degré d'enthousiasme des Luxembourgeois pour la révolution belge, en revanche on peut certainement dire que la grande majorité d'entre eux était lasse du régime hollandais et qu'elle craignait une éventuelle intervention de la Prusse. On comprend mieux alors pourquoi, à une époque où un sentiment national n'existait pas, la majorité de la population voyait dans le nouvel Etat belge son avenir aussuré.*[14]

D'Grënn, firwat d'Lëtzebuerger Belsch wëlle ginn (onofhängeg ob déi aus dem wallouneschen oder dem däitschen Deel), si virun allem wirtschaftlecher a materieller[15] an net ideologescher oder kultureller Natur - do si sech d'Historiker sécher. Dëst huet näischt mat engem modernen Nationalismus ze dinn. Dofir ass déi

[12] Vgl. Spizzo: *La nation luxembourgeoise,* S. 102.
[13] Trausch, Gilbert: *Du Particularisme à la Nation.* Lëtzebuerg: Editions Saint-Paul 1989, S. 124.
[14] Kayser, Edouard; Petit, Roger: „Die belgische Revolution", an: *De l'Etat à la Nation: 1839-1889*, erausgi v. Jean-Claude Muller. Lëtzebuerg: Imprimerie Saint-Paul 1989, S. 71-77, hei: S. 73.
[15] Vgl. Spizzo: *La nation luxembourgeoise,* S. 103.

lëtzebuergesch politesch Gesellschaft zu deem Zäitpunkt nach ze réckstänneg.[16] 1830, während der Belscher Revolutioun, kéim déi eventuell Existenz vun enger lëtzebuergescher Nationalitéit der pro-belscher Lëtzebuerger Bourgeoisie och ni an de Sënn.

1831 soll den Herzog Bernhard von Sachsen-Weimar duerch eng friddlech Géigerevolutioun déi ofgefale lëtzebuergesch Bevëlkerung erëm zréckgewannen, wat awer scheitert. Lëtzebuerg gëtt elo vun enger Regierungskommissioun verwalt. An de folgende Jore kënnt et ëmmer méi zu Iwwerfäll, Verhaftungen a Prozesser op béide Säiten. Schlussendlech geléngt et der belscher Verwaltung, d'Land ze beherrschen, a just d'Festung Lëtzebuerg bleift nach an hollännescher Hand. An esou kënnt et, dass de Wëllem I. 1838 d'Deelung vum Grand-Duché unerkennt an et 1839 schliisslech zu enger Eenegung kënnt: Déi wallounesch Distrikter (am Westen) ginn un d'Belsch, déi aner Distrikter (de germanophonen Osten) bilden den onofhängege Grand-Duché vu Lëtzebuerg, deen elo seng sproochlech Eenheet gewonnen huet (wat de Protagonist Matthäus Conter am Roman eigentlech wëll). De Londoner Vertrag vum 19. Abrëll 1839 erkläert Lëtzebuerg soumat endgülteg fir selbstänneg, woubäi d'Ländchen den hollännesche Kinnek un der Spëtzt behält.[17] Dës drëtt Deelung vu Lëtzebuerg gëtt allerdéngs vu ville Lëtzebuerger mat besonnesch grousser Péng empfonnt.

Lues a lues fanne sech d'Lëtzebuerger awer domat of, keng Belsch ze sinn. Si entdecken d'Virdeeler vun enger eegener Verwaltung, vun der sproochlecher Eenheet a vun der nationaler Onofhängegkeet. Dëst erméiglecht déi progressiv Erschafung vun der eegener nationaler Identitéit a féiert an den nächste Joerzéngten zum Opbléie vun der nationaler Literatur.[18]

An dësem Kontext entsprécht *Der Verräter* engem Versuch, déi éischt Ausdréck vun engem Nationalgefill z'analyséieren. Duerch de Personnage vum Matthäus Conter

[16] Vgl. ebd., S. 108.
[17] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 69.
[18] Vgl. Calmes: „Gründung und Werden eines Landes - 1815 bis heute.", S. 221ff.

stellt de geléierten Historiker Hein kontradiktoresch Zougehéieregkeeten duer, déi der deemoleger Situatioun entspriechen. Gläichzäiteg exploréiert den Auteur d'Méiglechkeet vun engem „Protonationalgefill", vun enger nationaler Identitéit, déi nach an de Kannerschong stécht. Et soll net aus den Ae verluer ginn, dass dës éischt Ausdréck vun nationaler Identitéit an enger Zäit geschriwwe ginn (den 1930er), an där d'Nopeschlänner eng extrem ausgeprägt nationalistesch Ideologie hunn.

2.1.2. *Fenn Kaß*

Um Wee zum Zesummewuesse vun der sech entwéckelnder Natioun a fir d'Erstaarke vum Selbstbewosstsinn am Verhältnis zu den Nopeschstaate bild d'Schafung vun der eegener Eisebunn e Meilesteen.[19] 1845 ensteet dat éischt Eisebunnsnetz vu Lëtzebuerg, wat an den nächsten honnert Joer zum wichtegste Verbindungselement fir den Zuchverkéier tëscht der Belsch, der Schwäiz an Italien fir denExport vun Äerz a Roheisen soll ginn. An esou kënnt 1857 déi éischt Dampmaschinn an den Asaz. De Glawen un d'Iwwerliewe vum eegene Staat kann duerch de wirtschaftlechen Erfolleg gefestegt ginn.[20] Dëse wirtschaftlechen Erfolleg ass virun allem der Lëtzebuerger Eisenindustrie ab dem Joer 1880 ze verdanken.[21] Awer och schonn 1870/71 stellen d'Lëtzebuerger d'Emergenz vun enger nationaler Identitéit ënnert Beweis, wéi Annexiounsdrohunge vum Bismarck kommen a si géint dës Pläng manifestéieren andeems si déi lescht Zeil vum Michel Lentz sengem *Feierwon* („wéi mir sou zefridde sinn") an „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn" ëmdichten.

De Roman *Fenn Kaß* gëtt eis allerdéngs éischter en Androck dovun, wéi d'Landliewen am 19. Joerhonnert zu Lëtzebuerg ausgesi muss hunn. Während an den Nopeschstaaten déi industriell Revolutioun net opzehalen ass, ass déi

[19] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 78.
[20] Vgl. ebd., S. 82.
[21] Vgl. ebd., S. 79.

Lëtzebuerger Wirtschaft nach bis an d'Mëtt vum 19. Joerhonnert vun Agrarbetriber a klenge Manufakture bestëmmt[22], wéi der Steingutmanufaktur vun de Bridder Bosch, enger Duchmanufaktur, enger Pabeiermillen, ville Gierwereie souwéi enger mechanescher Cottengwiewerei an och 32 Béierbrauereien.[23] Berühmt ass och d'Famill Pescatore, déi mat Kolonialwueren handelt an an d'Tubaksindustrie, d'Pabeierfabrikatioun an d'Kofferproduktioun investéiert. No an no akkumuléieren déi kleng a mëttelstänneg Betriber Kapital a gewannen technescht Wëssen, wat zwou wichteg Viraussetzungen duerstellt, fir dass e puer Joerzéngte méi spéit de Sprong an d'Industriezäitalter geléngt.[24]

Zu Wiesing, dem Fenn Kaß sengem Heemechtsduerf allerdéngs üben déi meescht Leit en traditionellt Handwierk aus an/oder liewe vun der Landwirtschaft. De Paschtouer an de Schoulmeeschter stellen heibäi eng Ausnam duer a ginn dofir och mam gréisste Respekt behandelt. D'Liewen ass buedemstänneg an naturverbonnen, sou dass un eng Techniséierung vun der Landwirtschaft nach net ze denken ass.[25] D'Industriegesellschaft léisst sech allerdéngs schonn erroden, ass awer nach net am Duerf ukomm:

> *Allerhand bäuerliches Fuhrwerk zieht dort seine Spuren. Straßenwärter lehnen, stets verschnaufend, am Grabenrand auf ihren Schaufeln und Hacken. (...) Manchmal kommt aus der Ferne das leise Geklingel eines Schellenkranzes, zwei magere Gäule schleppen einen gelben Kasten auf Rädern vorbei; durch die klapprigen Fenster sieht man im Innern müde Gesichter mit geschlossenen Augen vornüber nicken: der Omnibus. (...) Dann dampft goldener Nebel zwischen den Bergen am Horizont. Es ist der zerfließende Rauch der Hochöfen im Süden und Westen. Da schmelzen sie das Erz, das die braunen Italiener aus den zerrissenen Eingeweiden der Erde herauswühlen (...).*[26]

Dëst entsprécht och tatsächlech der historescher Realitéit vu Lëtzebuerg, well ëm d'Joerhonnertwenn Lëtzebuerg e Land ass, dat ufänkt, sech vun enger

[22] Vgl. Schneider, Klaus: „Proletarierkinder. Kinderschutz im Spiegel der industriellen Entwicklung des 19. Jahrhunderts". An: *forum Nr. 271*, S. 11.
[23] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 76.
[24] Vgl. ebd., S. 77.
[25] Vgl. Weber, Josiane: „Nachwort". An: Weber: *Fenn Kaß*. Der Roman eines Erlösten. Vorgestellt und kommentiert von Josiane Weber. Miersch: Editions du Centre nationale de littérature 2001, S. 363ff.
[26] Weber: *Fenn Kaß*. Der Roman eines Erlösten. Vorgestellt und kommentiert von Josiane Weber. Miersch: Editions du Centre nationale de littérature 2001, S. 15ff.

Agrargesellschaft zu engem Industriestaat ze wandelen. Am Ufank vum 19. Joerhonnert sinn nach 90-95% vun der Bevëlkerung an der Agrarwirtschaft täteg, woubäi am Joer 1871 et nëmmen nach 60% an et 1907 just nach 37,6% vun der Bevëlkerung sinn. Zu där Zäit sinn 43,5% schonn an der Industrie beschäftegt. Während 1840 déi landwirtschaftlech Produktioun 16 Mol méi héich wéi déi vun der Eisenindustrie ass, produzéiert dës am Ufank vum 20. Joerhonnert schonn 2,2 Mol méi wéi d'Landwirtschaft.[27]

Allerdéngs gëtt d'Duerfwelt virleefeg nach vu latenter Technikfeindlechkeet beherrscht, wat dem Fenn Kaß säi Kolleg Pichert mat folgende Wierder op de Punkt bréngt:

> *(...) erfinde nur kein so verdammtes Teufelszeug, wie die Maschinen, auf denen sie die neuen Fabrikschuhe pfuschen. So 'ne Schweinerei! Das hält keine drei Monate und zieht Wasser wie ein Sieb![28]*

An och d'Stad ass den Duerfbewunner suspekt[29], während d'Jugend allerdéngs vun hir faszinéiert ass[30].

D'Ignoréiere vun der Techniséierung ännert sech am zweeten Deel vum Roman, wéi de Fenn Kaß als Erwuessenen d'Geschécker vum Duerf leet. Grad ewéi den Nikolaus Hein stellt de Batty Weber den historeschen a soziale Wandel duerch d'Schicksal vun engem Protagonist duer, dee sech intensiv mat der Evolutioun vum Territoire ofgëtt. Eent vun den Haapttheme vum Roman ass de Versuch vum Haaptpersonnage, dem Duerf Brebach zu méi Wuelstand a virun allem zu méi Bequemlechkeet ze verhëllefen. De jonke Kaploun gesäit sech éischter als eng Aart Entwécklungshëllefer wéi als Paschtouer. Hie wëll den Duerfbewunner d'Virdeeler vun der Industriegesellschaft vermëttelen an hir haart Liewensverhältnisser verbesseren. Fir dëst ëmzesetzen, baut hien op d'Duerfjugend. Seng éischt Kontaktopnam mat de jonke Leit féiert zu engem Gespréich iwwert d'Pläng vu enger

[27] Vgl. Trausch, Gilbert: „Structures et problèmes agraires du passé (XIV)*"*. An: *Hémecht Jg. 23*, 1971/4, S. 523.
[28] Weber: *Fenn Kaß*, S. 35.
[29] Pichert: „(...) werd mir nicht krank in der vermaledeiten Stadt." (Weber: *Fenn Kaß*, S. 37)
[30] Vgl. Weber: *Fenn Kaß*, S. 50.

méi rationeller Akerwirtschaft[31]. De Fenn Kaß mécht seng Nolauschterer dorop opmierksam, wéi onverzeilech schwéier si hiert Liewe gestalten. Si kéinte sech ouni Problem hiert Liewen erliichteren, wa se bereet wieren, Akerbaumaschinnen anzesetzen, enger Waasserleitung zouzestëmmen a fir elektrescht Liicht am Duerf ze suergen. Wa se all wéilten, wier dëst ouni Problem ëmzesetzen[32]. Hie schléisst säi Virtrag mat der Bemierkung:

> *Es wäre eine Sünd' und Schand', wenn es ginge und wir wollten's nicht schaffen. Wir betrögen uns selbst um eine der schönsten Kulturwohltaten... und dazu haben wir als Menschen doch schließlich unsern Verstand, dass wir ihn gebrauchen, um uns Gottes Erbe immer schöner und wohnlicher einzurichten.*[33]

Dem Protagonist säi Plang ass et näämlech, eng elektresch Kraaftanlag z'entwéckelen, fir de Baueren d'Liewen z'erliichteren, an dofir wandelt hie kuerzerhand dem Paschtouer Brendel säi fromme Veräin an en Akerbau-Lokalveräin ëm, deen hie bei sengem Virhunn ënnerstëtze soll. Voll motivéiert geet hien dës Projeten un, andeems hie sech an der Stad e Rendez-vous beim Akerbauminister gi léisst, vun deem e fir säin Asaz gelueft gëtt[34]. Well och dem Minister ass d'Réckstännegkeet vun der Duerfgesellschaft en Dar am A, wouduerch hien dem Fenn Kaß seng Pläng ënnerstëtzt. Finanziell Ënnerstëtzung vun der staatlecher Akerbauverwaltung gëtt et zu där Zäit beispillsweis fir d'Drécheleeung vun de Wisen, d'Felderzesummeleeung, de Bau vu Waasserleitungen oder fir d'Uleeë vu Feldweeër.[35]

Awer net nëmmen déi industriell Revolutioun, och d'Politik hëlt duerch déi do beschriwwe Wahlcampagne vill Plaz am Roman an. Dem Batty Weber geet et hei drëms, senge Lieser op eng satiresch Aart a Weis ze demonstréieren, wéi kämpferesch sech déi klerikal/riets an antiklerikal/liberal Fronte géintiwwer stinn, woubäi d'Press sech och gär amëscht: Am Wahlkrees vu Brebach sollen dräi nei

[31] Vgl. ebd., S. 187.
[32] Vgl. Weber: *Fenn Kaß,* S. 189f.
[33] Ebd.
[34] Vgl. ebd., S. 206.
[35] Vgl. Lahire, Jean-Pierre: „Das landwirtschaftliche Genossenschaftswesen in Luxemburg. Betrachtungen zu seinem Ursprung." An: *Administration des services techniques de l'agriculture 1883-1983.* Lëtzebuerg: 1983, S. 189ff.

Deputéierter gewielt ginn, woubäi zwou Plaze scho sécher vergi sinn. Eng Chance op déi drëtt Plaz erhoffe sech de Peppinger, de Kandidat vun de Rietsen, an den Theo Schütz, dem Fenn Kaß säi gudde Kolleg aus dem Konvikt, dee Kandidat vun de Liberalen ass.[36] De räichen, mä e bëssen ënnerbeliichte Liederhändler a Geldverléiner Peppinger ka sech dobäi op d'Ënnerstëtzung vun der Kierch verloossen. Dofir zitt de Peppinger folgend Wahltaktik duerch: Hien invitéiert all déi Geeschtlech aus dem Kanton an d'Zeitung (*Die Luxemburger Abendglocke)* op en üppegt Iessen mat Wäin am Iwwerfloss. Am Géigenzuch beaflossen d'Paschtéier an hirer Priedegt an de Chefredakter Abbé Rommelfangen a senger Zeitung d'Duerfbewunner zum Peppinger senge Gonschten. De rietse Kandidat gëtt als finanziell onofhängegt an déif am Vollek verwuerzelt Schaffpäerd duergestallt, während den Theo Schütz als Gotteslästerer an industriellen Zerstéierer vun all Traditioun beschriwwe gëtt:

> *In der „Abendglocke" erschienen Artikel, unter denen das Papier dampfte. Die paar ersten Wochen ausschließlich für Peppinger: wie er einer biedern, altluxemburgischen Familie angehöre, wie er nach allen Seiten unabhängig sei, weder dem Kapital noch den „Sozen" verschrieben, eine Säule des Mittelstandes, der im Volk wurzelte, kein vorlauter Redner, aber zu durchgreifender Arbeit in den Abteilungen befähigt und entschlossen. Dann gegen Schütz: ein hergelaufener Industrieritter, der in Frankreich den Haß gegen Gott und seine heilige Kirche eingesogen habe, von dem man nicht wisse, in wessen Sold er stehe und wen er sich für den Fall seiner Wahl verschrieben habe. Da waren so die Hauptleitmotive, die hinum und herum, bald ironisch, bald pathetisch durch alle Tonarten abgewandelt wurden.*[37]

Natierlech huet den Theo Schütz guer keng Chance géint d'Attacke vun all dëse Säiten a muss sech der klerikaler Iwwermuecht geschloe ginn.[38]

Dës kompromëssslos a kämpferesch Atmosphär an der Politik huet den Auteur net erfonnt, well während dem éischte Joerzéngt vum 20. Joerhonnert vergréissere sech déi politesch Géigesätz tëscht de Rietsen an dem Lénksblock (Sozialisten a Jonk Liberaler) an d'Géignerschafte gi méi schaarf. D'Haaptsträitpunkte sinn d'Trennung

[36] Vgl. Weber: *Fenn Kaß,* S. 249.
[37] Ebd., S. 249.
[38] Vgl. ebd., S. 303.

vu Kierch a Staat, d'Bildung vun de Meedercher, d'Reform vun der Primärschoul an d'Vergi vu Minnekonzessiounen.[39]

An dach regéiert vun 1888 bis 1915, während dëser Zäit vun de Géigesätz, en eenzege Staatsminister, de Liberale Paul Eyschen. Dëse vermeid stabill Majoritéiten am parlamentaresche Regime a versicht fläisseg, all Parteibildung ze verhënneren. Amplaz sech op eng bleiwend Majoritéit ze verloossen, schafft den Eyschen ëmmer ouni feste Regierungsprogramm mat ënnerschiddleche Gruppen a Persounen zesummen - an dëst 27 Joer laang.[40]

Et wier allerdéngs falsch, déi parlamentaresch Gewunnechten vun deemools mat den haitegen ze vergläichen. D'Grenzen tëschent de parlamentaresche Gruppe sinn oft fléissend; jee no Gesetz bilde sech ënnerschiddlech Majoritéiten. Och ass de Staats- a Regierungsapparat nach ganz ënnerentwéckelt, grad wéi d'Verwaltung. D'Regierung besteet just aus véier Persounen. Well et keng Parteieregierung gëtt, huet den eenzelne Parlamentarier vill méi Fräiheeten hir géintiwwer a seng individuell Leeschtung gëtt duerch de Wahlsystem staark ervirgehuewen.[41] Dës ideologesch Géigesätz fanne sech a *Fenn Kaß* während deem do beschriwwene Wahlkampf erëm.

Fenn Kaß ass deemno gläichzäiteg e Versuch, de soziale Wandel ze beschreiwen, souwéi och eng Art Chronik vun den deemolege politeschen a soziale Verhätnisser.

2.1.3. *schacko klak*

1940 ass déi Lëtzebuerger Regierung (anescht wéi 1914) op den Ugréff vun der däitscher Wehrmacht virbereet. Et geléngt hir awer net, e Schutzvertrag, deen

[39] Vgl. Schaus, Emil: *Ursprung und Leistung einer Partei. Rechtspartei und Christlich-soziale Volkspartei 1914-1974.* Lëtzebuerg: 1974, S. 32.
[40] Vgl. ebd.
[41] Vgl. Trausch: *Le Luxembourg à l'époque contemporaine.* Lëtzebuerg: Editions Bourg-Bourger 1981, S. 78ff.

d'Neutralitéit vum Land respektéiert, ofzeschléissen. Fir d'Populatioun moralesch ze festegen, organiséiert d'Regierung 1939 als Erënnerung un de Londoner Vertrag vun 1839 grouss Onofhängegkeetsfestivitéiten, dëst virun allem aus Angscht virun enger däitscher Besetzung a fir déi national Verbonnenheet no baussen hin ze demonstréieren.[42] An der Nuecht op den 10. Mee 1940 gëtt Lëtzebuerg da schliisslech effektiv vun den Däitsche besat.[43]

Soulaang Lëtzebuerg ënnert däitscher Militärverwaltung steet, verhält sech déi Lëtzebuerger Bevëlkerung de Besatzungstruppe géintiwwer a passivem Widderstand. Wéi den Hitler den 29. Juli 1940 de Gauleiter Gustav Simon fir d'Zivilverwaltung zu Lëtzebuerg zoustänneg mécht an d'Militärverwaltung opléist, ass et allerdéngs séier eriwwer mat dësem passive Widderstand. D'Germaniséierung an d'Nazifizéierung vun alle Liewensberäicher sinn dat erkläertent Zil vum Gauleiter senger Politik. D'Lëtzebuerger mierken awer séier, dass een et op hir staatlech Eegestännegkeet ofgesinn huet. Si droen erëm hir national Ofzeechen, déi se schonn 1939 bei den Onofhängegkeetsfeiere ugespéngelt haten. An esou zéie ganz Gruppe vu Studenten duerch d'Stroosse vun der Stad, während aner Lëtzebuerger sech hinne spontan uschléissen. Wéi d'SA-Männer agräifen, kënnt et zu Kläppereien. Esou entsteet de sougenannte Spéngelkrich, dee vum 14. bis den 20. August 1940 dauert a bei deem vill Lëtzebuerger Bekanntschaft mat der Gestapo maachen. Wéi den 21. Oktober 1940 d'Denkmal fir déi am Éischte Weltkrich op franséischer Säit gefale Lëtzebuerger Volontairen, d'Gëlle Fra, op dem Simon säi Befeel hin ofgerappt gëtt, kënnt et erëm zu spontane Protestmanifestatiounen, zu Ausenanersetzungen, Kläppereien a Masseverhaftungen.

D'Meenungsäisserunge vun de Studente ginn als Rebellioun betruecht an esou gëtt eng grouss Zuel vun hinne kuerzerhand an de Prisong bruecht. Virun Enn 1940 ginn et scho fënnef lëtzebuergesch Widderstandsorganisatiounen. Am Ufank konzentréiert sech d'Aktivitéit vun de Resistenzorganisatiounen haaptsächlech op

[42] Vgl. Péporté, Pit; Kmec, Sonja; Majerus, Benoît; Margue, Michel: *Inventing Luxembourg. Representations of the Past, Space and Language from the Nineteenth to the Twenty-First Century.* Leiden, Boston: Brill 2010, S. 86.
[43] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 93.

Flüsterpropaganda an d'Verdeelung vu Fluchblieder an Handziedelen, fir de Widderstandswëlle vun der Bevëlkerung ze stäerken a se op méi grouss Operatioune virzebereeden. Dank der Aktivitéit vu Passeuren a vu verschiddene Fluchlinne komme jonk Lëtzebuerger bis an England, wou se fräiwëlleg an déi alliéiert Truppen antrieden a spéider d'Heemecht aktiv mat befreien. Am Laf vun de Jore gëtt d'Wierkungsfeld vun der Resistenz ëmmer méi grouss an hir Aufgabe ginn ëmmer méi ënnerschiddlech: Ënnerstëtzung vun de Famillje vun inhaftéierte Resistenzler, Duerchféierung vun illegale Grenzpassagen an Aschleisung vu Leit, déi op der Flucht sinn, Beschafung vu falsche Pabeieren, Verstoppe vu Refraktären a Privatwunnengen, Besuerge vu Liewensmëttelkaarten, etc. All dës Aktivitéite kënnen der Gestapo net verbuerge bleiwen an esou kënnt et 1944 zu engem reegelrechte Massaker, wat d'Widderstandsgruppen awer net bremst.

Well d'Wuer knapp ass, verfügen d'Lëtzebuerger iwwert méi Geld, wéi se kënnen ausginn; et leit awer - aneschters wéi am Éischte Weltrkich - keen Honger, och wann déi 1940 agefouert Ratioune mat der Zäit méi kleng ginn.[44] Ab dem 1. Oktober 1940 verschlechtert sech de Liewensstandard allerdéngs duerch d'Veruerdnung zur Ugläichung vun de Präisser an de Paien un déi vum Däitsche Räich.[45]

Lues a lues organiséiert sech de Lëtzebuerger Widderstand, mä e bleift bis zum Krichsenn a vill regional, sozial an ideologesch differenzéiert Gruppéierunge gedeelt. Mä de moralesche Widderstand ass sozialpsychologesch vu grousser Bedeitung. E weist sech ënnert anerem op Fluchblieder/Flyeren, Plakater, Graffiti an Ënnergrondzeitungen, bei der Wiel vun engem patrioteschen Numm bei Neigebuerenen, a rout-wäiss-bloe Blummenarrangementer, dem Hisse vum nationale Fändel an der Nuecht op Kierchtierm an dem Sange vu reliéise Lidder mat patrioteschem Hannergrond.[46]

[44] Vgl. ebd., S. 95.
[45] Vgl. ebd., S. 96.
[46] Vgl. ebd., S. 99.

De Widderstandsgruppe geléngt et, déi vum Gustav Simon geplangte Personenstandsaufnahme vum 10. Oktober 1941 zum anti-däitsche Plebiszit ëmzefunktionéieren. Op d'Fro no Nationalitéit, Mammesprooch a Vollekszougehéiregkeet äntwert eng grouss Majoritéit vun der Bevëlkerung dräimol mat „lëtzebuergesch", sou datt d'Scheitere vun der Germaniséierungspolitik visibel gëtt.

De Gauleiter Simon äntwert mat der Aféierung vun der Wehrpflicht fir d'Lëtzebuerger. Dëst féiert zu engem Generalstreik. Den 31. August 1942 leeën d'Lëtzebuerger hir Aarbecht néier. Dës Aktioun gëtt vun der fräier Welt bewonnert. Doropshi ginn allerdéngs Terrormaassname mat enger grousser Verhaftungswell an Deportatioune vun 1138 Lëtzebuerger Familljen duerchgefouert, déi de Widderstandswëllen awer éischter nach stäerken. Deemno desertéieren 3500 vun den 11000 Zwangsrekrutéierten a verstoppe sech am Bësch oder a Privatwunnengen.

D'Verstoppe vun ongeféier 2500 Wehrdienstverweigerer gehéiert zu den Haaptaktivitéite vum Widderstand, wat ouni d'Matwësse vun engem Groussdeel vun der Bevëlkerung net méiglech gewiescht wier. D'Nazie reagéiere mat Razzien, déi zu Doudesstrofe féieren. Dëst beweist eng eemoleg Leeschtung vu Solidaritéit an Opferbereetschaft vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung.[47]

D'Widderstandsaktiounen avancéieren nom Krich séier zum nationale Mythos a si bis haut legendär, mä d'Kollaboratioun vu ville Lëtzebuerger mat den Nazie bleift laang en Tabu a gëtt eréischt haut opgeschafft. Déi eng si „just" Matleefer a beräichere sech u jiddeschem Besëtz, mä et däerf net verstoppt ginn, dass et zu där Zäit och iwwerzeegten Nazien an Denunziante ginn. A wann och e puer Widderstandskämpfer zur Tarnung eng VdB[48]-Memberskaart hunn, dréit d'VdB mat hire Spëtzeltätegekeeten dozou bäi, d'Land ënner NS-Kontroll ze halen. Nom

[47] Vgl. Raths, Aloyse: „Die Resistenz einer Nation." An: *Memorial 1989. La société luxembourgeoise de 1839 à 1989*. Lëtzebuerg: Imprimerie Saint-Paul 1989, S. 156ff.
[48] VdB = Volksdeutsche Bewegung

Mësserfolleg vun der Personenstandsaufnahme, den éischte Razzie géint Widderstandsbeweegungen, d'Aféierung vun der Wehrpflicht an den éischten Nidderlage vun der Wehrmacht, ginn ëmmer méi Memberen hir Kaart of: Si wäre bereet, mat der däitscher Verwaltung ze kollaboréieren, awer si wëllen hir national Identitéit net opginn. An esou waarde si wéi d'Majoritéit vun der Populatioun emol of.[49]

Haut wësse mir, dass d'Administratiounen an der Nokrichszäit schlecht entnazifizéiert gi sinn. De Rapport vum Vincent Artuso weist, wéi vill iwwert Kollaborationismus huet misse verschanzt ginn. *schacko klak* entsteet awer an enger anerer Zäit, wéi de Mythos vun der Resistenz nach als Realitéit duergestallt gëtt.

D'Besetzung vu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich spillt a *schacko klak* eng zentral Roll. Am Protagonist Christian senger Geschicht si gläichzäiteg d'Erënnerungen an d'Erfarunge vun enger ganzer Generatioun versammelt, well de beschriwwenen Zäitraum ëm den Zweete Weltkrich en essentielle Moment an der Entwécklung vun der Lëtzebuerger Identitéit duerstellt. Am Réckbléck kann näämlech festgehal ginn, dass d'Leide während der fënnefjäreger Occupatioun dat patriotescht Bewosstsinn bannent dem Land gestäerkt an d'Unerkennung vu senger politescher Onofhängegkeet a senger territorialer Integritéit baussent dem Grand-Duché gefestegt huet.[50]

De Roman setzt allerdéngs schonn an den 1930er Joren an a beschreift e Liewen, dat vu relativer Aarmut gepräägt ass a gréisstendeels aus Aarbecht besteet, woubäi 12 bis 15 Aarbechtsstonnen normal sinn. Dëst léisst sech virun allem um Beispill vum Grousspapp erkennen, dee just dat aarmt Liewe kennt a fir dee just d'Aarbecht zielt.[51] Un den haitege Luxus an un d'Reesen ass nach net ze denken.[52] Et ass e Bauereliewen[53], dat sech doduerch auszeechent, dass déi verschidde Generatiounen

[49] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 101.
[50] Vgl. Grosbusch, André: „La nation luxembourgeoise à la croisée des chemins". An: *forum Nr. 271,* S. 45.
[51] Vgl. Manderscheid: *schacko klak. Biller aus der Kandheet.* Lëtzebuerg: Editions Phi 1991, S. 12f.
[52] Vgl. ebd., S.9.
[53] Vgl. ebd., S. 10.

zesummeliewen, schaffen[54] a sech ëmenee këmmeren. Den Doud gëtt mat an d'Liewen integréiert an et ass normal, en Doudegen nach e puer Deeg am Haus leien ze hunn.[55] Trotzdeem existéiert e gewëssenen Houfert dem Éislek géintiwwer, dat als réckstänneg ugesi gëtt („wou d'hongerlidder hausen[56]", „d'enn vun der welt"[57]), well et 1939 do nach keng Waasserleitung gëtt.

Wat d'Zukunftsperspektive betrëfft, ass et ëm d'Joerhonnertwenn als Kand scho kloer, wat ee spéider schaffe wäert. Et ass normal, de Beruff vum Papp z'iwwerhuelen. Sou ass et och dem Grousspapp an dem Papp vum Christian ergaangen.[58] Traditioune spillen eng wichteg Roll am Duerfkollektiv[59] an allem Moderne steet d'Duerf skeptesch géintiwwer.[60] Politesch gesinn ass d'Duerf antikommunistesch.[61]

Den Éischte Weltkrich ass nach an de Käpp vun de Lëtzebuerger an am Liewe vum Christian präsent, obwuel hien dee Krich net selwer materlieft huet.[62] D'Leit schwätze voller Houfert vu Verdun.[63] D'100 Joer Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg ginn doheem thematiséiert an als Fräiheet bezeechent, wat weist, dass d'Nationalgefill scho virum Zweete Weltkrich besteet.[64]

D'Gesellschaft a *schacko klak* ass eng kleng, relativ homogen Communautéit, déi sech duerch d'Ausgrenzung vun allem, wat aneschters ass, definéiert. Während de Christian keng Hoer huet, stellt sech och nach eraus, dass säi Brudder zockerkrank ass. Doduerch si si Gezeechenter, an d'Duerfgemeinschaft gëtt hinnen dat och ze spieren.[65] An hirem latzegen Alldag bidde Klaatsch an Traatsch eng flott Ofwiesslung fir d'Duerfbewunner. D'Gesellschaft ameséiert sech beim

[54] Vgl. ebd., S. 12, 61.
[55] Vgl. ebd., S. 42f.
[56] Ebd., S. 107.
[57] Ebd., S. 108.
[58] Vgl. ebd., S. 30.
[59] Vgl. ebd., S. 24.
[60] Vgl. ebd., S. 36.
[61] Vgl. ebd., S. 76.
[62] Vgl. ebd., S. 68.
[63] Vgl. ebd., S. 275.
[64] Vgl. ebd., S. 169f.
[65] Vgl. ebd., S. 235ff.

selbstgerechten Duerfbeschass, wat d'Beispill vum Irma, dat onbestuet e Kand kritt, ënnersträicht[66]. D'Leit ginn esouguer esou wäit, ze behaapten, d'Kand wier vum Meedche sengem eegene Papp:

> *em eck säin irma krut säi meedercheskand. an der stad an der maternité. an no e puer méint ass e jong aus em nopeschduerf opgedaucht beim alen eck doheem an huet zu deem gesot:*
> *- ech sinn de papp vum kand. ech suerge fir et.*
> *gläich drop huet e sech mam irma bestuet. de beschass huet awer ni richteg opgehalen.*
> *- a wou der däiwel huet deen alen eck deen doten nëmmen ausgegruewen? huet et geheescht. a wéi d'këndche méi al gouf:*
> *- 't gläicht deem alen eck wéi duergespaut. kuck et emol an d'gesiicht. an nach méi spéit, wéi et sech erausgestallt huet, datt d'kand net ganz geruet war:*
> *- dat kand ass net fir näischt esou derniewent geroden: innzucht, wat da soss. ech hunn der et jo ëmmer gesot. deem ouni spargel op der gaardenhéicht säi papp a säi grousspapp hunn em eck zwar nees moie gesot, wann en op der strooss laanscht gung, awer ni méi, wéi soss alt emol, mat him gesproocht.*[67]

D'Leit stieche voller Viruerteeler a bidden an deem Fall keng Hëllefsbereetschaft un.[68] D'Kanner huelen un der Gehässegkeet deel an dreiwen de Spott mam schwangeren Irma[69], während déi Erwuessen et ignoréieren. Hatt ass sozial ausgeschloss.[70] An esou fënnt och den Antisemitismus seng Plaz an der Gesellschaft, wat duerch dat folgend Lidd zum Ausdrock kënnt:

> *- eent, zwee, dräi*
> *'t ass e judd kapott*
> *huel e mat de been*
> *a schleef e fort*[71]

Am Réckbléck stellen d'Historiker fest, dass Lëtzebuerg och an de Joerzéngte virun dem däitschen Iwwerfall ni fräi vu juddefeindleche Stréimungen ass. Si erkläre sech de Fait, dass d'Verwaltungskommissioun, verschidde Buergermeeschteren a Schouldirekteren eng Matschold um nationalsozialistesche Vëlkermord droen,

[66] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 71, 87.
[67] Manderscheid: *schacko,* S. 129.
[68] Vgl. ebd., S. 76.
[69] Vgl. ebd., S. 78.
[70] Vgl. ebd., S. 81.
[71] Ebd., S. 81.

andeems se Lëschte vu jiddeschen Awunner a Schüler opstelle loossen, an dass sech verschidde Lëtzebuerger beschlagnaamte jiddesche Besëtz a jiddesch Konscht zouleeën, ouni dës Saachen nom Krich zeréckzeginn, an der nationaler Sich no Identitéit. De Lëtzebuerger hiert Forméiere vun enger nationaler Identitéit berout deemno um Ausgrenzen vun allem, wat aneschters ass, wat eis de Roman *schacko klak* ganz genee esou virun Ae féiert.[72]

Während der Besatzung duerch déi däitsch Truppen weist de Roger Manderscheid, wéi sech dann allerdéngs en Zesummenhalt an der Gesellschaft entwéckelt, an deen och dat onerwënscht Irma mat abezu gëtt. Duerch den Haass op d'Preisen an deenen hir Sympathisante wiisst d'Hëllefsbereetschaft ënnereneen an et geet een de Risiko an, Jongen, déi agezu solle ginn, bei sech ze verstoppen.[73] Dës Wäerter ginn nom Krich allerdéngs nees verluer, wat den Auteur dorunner weist, dass d'Irma sech d'Liewen hëlt.[74]

Och den agangs beschriwwene Widderstand vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung gëtt am Christian sengen Erënnerunge Rechnung gedroen, dëst duerch d'Anekdot vun der Schildkröt, déi zum Symbol vun der klenger Lëtzebuerger Resistenz gëtt, well ausgerechent dëst klengt harmloost Déier d'Gréisst an d'Iwwerleeënheet vun den Däitschen a Fro stellt, andeems et mat engem lëtzebuergesche Fändel um Réck laanscht déi däitsch Zaldote spadséiert an net gesi gëtt.[75]

Insgesamt zeechent *schacko klak* e Bild vun enger verluerener Gesellschaft op der Sich no enger Identitéit, déi den Erzieler eréischt am Erwuessenenalter mat Hëllef vun engem gebiltene Réckbléck, beschreiwe kann. Mat Nostalgie erënnert en u säi réckstännegt Duerf mat almoudeschen Traditiounen a stellt déi klengbiergerlech Moral a Ritualer vun der Lëtzebuerger Ruralgesellschaft duer. D'Besatzung kann als Katalysator vun enger tentativer Evolutioun ugesi ginn, déi allerdéngs scheitert (wéi

[72] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 98.
[73] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 283f.
[74] Vgl. ebd., S. 345.
[75] Vgl. Lippert, Sarah: „Sprache als identitätsbildendes Prinzip in den Romanen *schacko klak*, *de papagei um käschtebam* a *feier a flam* vum Roger Manderscheid". An: *Identitäts(de)konstruktionen. Neue Studien zur Luxemburgistik*, erausgi v. Claude D. Conter a Germaine Goetzinger. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2008, S. 87.

de schliisslechen Doud vum Irma beweist). Op länger Siicht ergëtt sech aus deene Verännerungen awer e ganz kritesche Christian, deen op Lëtzebuergesch schreift, an doduerch ee komplexen Temoignage vu senger identitärer Evolutioun liwwert.

2.1.4. *Perl oder Pica*

An den 1950er erliewen d'Lëtzebuerger e wirtschaftlechen Opschwonk, während politesch gesinn de Kale Krich och nach an de 60er Joren omnipräsent ass. Mëttlerweil ass den Alldag vum *american way of life* gepräägt, sou dass de Besëtz vu Béchsen, enger Wäschmaschinn, engem Frigo, engem Auto, engem Fernseh an natierlech engem Eegenheem (d'Grousseltere wunne net méi bei de Kanner wéi et nach bei *schacko klak* de Fall ass) normal sinn. Esou entwéckelt sech no an no den Individualismus zu Lëtzebuerg.[76]

1955 ginn all déi politesch Gefaangen amnestéiert: Während der Zäit vum Kale Krich huet déi national Eenheet Virrang virun der Vergaangenheetsbewältegung.[77] Trotz dem Ëmschwong huet an der Lëtzebuerger Gesellschaft vun de 60er Joren, an deene *Perl oder Pica* spillt, alles seng Uerdnung a Veränneruge sinn net wëllkomm. Déi Escher Kandheet ass och vun de geopoliteschen an historesche Verhältnisser vun der Nokrichszäit gepräägt. Den Zweete Weltkrich bleift dobäi e sensibelt Thema:

> *„Et gi Leit, déi haassen d'Preisen, déi haassen se nach haut," seet meng Mamm (...) „Firwat?" - „Wéinst dem Krich, wat eng domm!" Wann dat Wuert bis fällt, ass et séier eriwwer mam Gespréich. Méi gëtt een dann net gewuer. Krich ass wéi d'Opklärung. Dat steet néirens um Programm. Weder an der Schoul, nach doheem.*[78]

[76] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 110.
[77] Vgl. ebd., S. 104.
[78] Hoscheit: *Perl oder Pica.* Esch/Uelzecht: Editions Schortgen 2009, S. 136f.

D'Leit beméie sech ze vergiessen, dass et am Zweete Weltkrich Kollaborateure goufen; dofir mussen se awer domadder eens ginn, dass hir Welt ideologesch gespléckt ass. Souguer am Katechismus, wou de Kanner hir essentiell Froen ignoréiert ginn[79], gëtt vum Ënnerscheed tëschent de gudden Amerikaner an de béise Russe geschwat, vun der Wiel tëschent Cola a Sinalco, Wort an Tageblatt, Parhaus a Maison du peuple, déi sou selbstverständlech wéi de Choix tëschent Himmel an Häll sollt sinn. D'Gesellschaft ass deemno tëscht Mangel a Konsumgesellschaft, Konservatismus a Liberalismus souwéi Kommunismus a Kapitalismus gespléckt.

D'Industrialisatioun am Ufank vum 20. Joerhonnert mécht aus dem Land eent vun deene räichsten an Europa. Bis an d'1970er Joren era séchert de Stol de Lëtzebuerger e Liewensniveau, deen d'Noperen nëmme beneide kënnen.

Als Kand vun de 60er befënnt sech den Norbi duerch seng Erzéiung tëscht dem Lëtzebuerger Erzpatriarchat an der neier Konsumgesellschaft, déi de Kanner aus der Mëttelschicht an de 60er eng nei Form vu Kandheet bitt. Genee vun do stamen déi vill Tensiounen, déi a *Perl oder Pica* ze spiere sinn.

De Roman konstruéiert eng Bühn, op där d'Kierch, d'Famill, d'Schoul, d'Spaassgesellschaft an de Wonsch no Fräiheet sech affrontéieren. Et spiert een de moraleschen Drock vun dësen dräi Elementer, wéi se vum Norbi wouergeholl a verënnerlecht ginn. Et ass eng Bühn, op där vill verschidde Mauere stinn, hannert deene Gewalt lauert, awer och eng gewëssen Aart vu Gebuergenheet méiglech ass. Den äerzkonservative Milieu, an deem den Norbi lieft, hënnert hien zum Beispill net dru matzekréien, dass sech ronderëm hien nei Saachen dinn, sief et déi nei Konsumgesellschaft (dem Noper säin Auto, Kamellen, Maryland-Zigaretten), de Picknick als Fräizäitbeschäftegung oder de Wëllen no sexueller Fräiheet (symboliséiert duerch der Schwëster hire Knuutschfleck). De Kader, an deem dëse Prozess stattfënnt, gëtt vun der Geographie vum Escher Mikrokosmos gebilt an duerch de Bléck an de Kierper vum Erzieler empfonnt an eriwwerbruecht.

[79] Vgl. ebd., S. 149f.

Perl oder Pica gëtt aus dem Norbi sengem Bléckwénkel erzielt. Interessant ass et ze kucken, wéi den Hoscheit dëse Bléck konstruéiert. Den Auteur dramatiséiert dësen duerch d'Leitmotiv vun den Aen. Do wier fir d'éischt de moralesche Bléck ze nennen, wéi beispillsweis d'Aen an der Zopp, déi den Norbi beschëllegend ukucken, well en eben dës Zopp net iesse wëll („Uewen op der Britt schwamme fetteg Guckelcher. Klenger. Grousser. Si hu mech am A. Si réieren sech net. Aus Angscht oder aus Scholdgefill.[80]), oder och dem Norbi seng eegen Aen, déi net kräische sollen, wann e Streech kritt. Et sinn och dem sadistesche Moniteur seng Aen, an déi e Kand kucke muss, fir sech selwer ze beweisen, dass et net fäert. Da wieren do nach dem Papp seng Aen, déi den Norbi iwwerwaachen, fir ze kucken, ob e sech als Massendénger behëlt, an déi ganz gutt oppassen, wéini d'Duechter d'Reegel huet. A schlussendlech gëtt et och dem Schoulmeeschter Treines säi Bléck, deen d'Knäipmaueren iwwerwaacht[81].

Dës Iwwerwaachungsgesellschaft deit drop hin, dass dem Norbi säi Bléck quasi administréiert gëtt. E gëtt an eng bestëmmte Richtung geriicht. Dee Bléck steet fir Iwwerwaachung, Uerdnung a Schold. Et ass e Bléck, deen op sech selwer geriicht ass an dozou déngt, eng gewësse Weltuerdnung an hir Moral z'assimiléieren.

Nieft dësem moralesche Bléck muss och den transgressive Bléck ernimmt ginn, wéi dem Norbi säin, wann en op senger Schwëster hir Brëscht luusst an e Knuutschfleck entdeckt, oder wéi de Schoulkanner hiren, wa se versichen ze knäipen. An dësem Passage beschreift den Hoscheit eng Choreographie vum Bléck, wéi den Norbi versicht, sengem Bänknoper kloerzemaachen, dass e knäipe soll:

> *Et muss eppes geschéien. De Guy kritt net eriwwer gebiicht. (...) De Guy kann onméiglech mat den Aen eriwwer klammen. Guy! Riicht dech op! Hief de Kapp! Den Treines kuckt grad net. Hie muss en anere Schüler am Viséier hunn. (...) Guy! Lo ass et un dir! Trau dech. Barluck! Ech weess, am Ufank gesäis d'alles verschwomm, du erblécks nëmmen dräi Buschtawen, wéi Waasser d'Tënt verriwwen hätt, du gesäis och nach d'Nuesspëtzt ganz onschaarf, awer wann*

[80] Hoscheit: *Perl,* S. 7.
[81] Vgl. Hoscheit: *Perl,* S. 17.

deng Pupillen sech bis un déi ongewinnte Positioun am Eck vum A gewinnt hunn, da gëtt erëm alles gestache schaarf. (...) Dem Guy säi Falkenauge gesäit op mäi Blat.[82]

Dëst Spill, oder dës Choreographie vu Blécker, déi sech hannert Mauere verstoppen, oder am Géigendeel versichen, geographesch a moralesch Trennungen z'iwwerwannen, féiert de Lieser duerch déi gesellschaftlech Tensiounen, déi d'60er gekennzeechent hunn. Dës Interaktioun tëschent dem moraleschen, inquisitiven oder beschëllegende Bléck mat de Mauere konstruéiert eng gesamt Intrig, bei där Grenzen déi eng Kéier gestallt an déi aner Kéier iwwerschratt ginn. Et ass e passend Bild fir d'Ära vum Kale Krich, mat hire ville Grenzen a mat hirer polariséierter Moral. Et schéngt bal, wéi wann den Drama, dee sech grad op der geopolitescher Bühn ofspillt, sech och am Norbi sengem Escher Mikrokosmos zréckspigele géif.

An deem Sënn ass *Perl oder Pica* net d'Geschicht vun enger schwéierer Kandheet, mä éischter d'Duerstellung vun den Ambiguitéiten, mat deenen e Kand an de 60er opwiisst.

Et kann een d'60er allgemeng als eng Ëmbrochsperiod gesinn, obwuel de Protagonist an enger Welt lieft, an där de Papp an déi patriarchal Gesellschaft him wichteg Choixen ewechhuele wëllen. Dofir steet den Norbi stänneg ënner Drock, a well en d'Gefill huet, sech tëschent Traditioun a Wandel entscheeden ze mussen. D'60er Jore sinn d'Jore vun der Prüderie, mä och vun der Pëll an dem Planning familial. Den Ëmbroch kënnt ab 1966, wéi de Planning familial geschafe gëtt. D'Frae kréie beispillsweis d'Recht, ouni d'Erlaabnis vun hirem Mann e Kont opzemaachen. Zousätzlech gëtt et an de 60er vill kommunisteschen Aktivismus, zemools an de Studentekreeser, wéi beispillsweis d'Studentenzeitung *Wullmaus*, déi, ouni e Blat virun de Mond ze huelen, d'Kierch an d'Regierung kritiséiert.

[82] Hoscheit: *Perl*, S.18f.

All dës Tensioune kritt de Protagonist direkt an indirekt mat a gëtt doduerch zu engem Zäitzeien. Vun deene fënnef Wierker, déi an dëser Aaarbecht behandelt ginn, ass *Perl oder Pica* dat, wat de gesellschaftleche Wandel am stäerksten thematiséiert.

2.1.5. *Amok*

Dat haitegt Lëtzebuerg weist gären e Bild vun engem oppenen (Frontalieren, Méisproochegkeet), modernen (Technologie), räichen (d'Majoritéit lieft a Wuelstand) a soziale Land (Educateuren, Spideeler). Effektiv huet kaum e Land op der Welt esou vill Strukturen, fir Leit mat Problemer ze hëllefen, virzeweisen. Den Tullio Forgiarini zerstéiert allerdéngs dëst Bild mat sengem nihilistesche Wierk *Amok*. Eise Protagonist, dee sech rassistesch an homophob gëtt, leeft duerch all eenzel Etapp vum soziale System, woubäi en déi sozial Servicer veruecht, wat säin Héichpunkt doranner fënnt, datt e seng Educatrice doutschléit.

De Jugendlechen ass komplett op sech selwer gestallt, wat op säi Familljendrama (kee Papp, d'Mamm kuckt net no him), déi feelend Cellule familiale (kee familiären Entourage, keng Gebuergenheet) souwéi d'Trauma vu senger Kandheet (als Klengkand gouf hien deeglaang elenggelooss) zeréckzeféieren ass. Trotz engem héijen Entwécklungsniveau ass d'Gesellschaft net amstand, dëse Mëssstänn entgéintzekommen. An deem Sënn wierkt *Amok* bal wéi eng Etüd vun der schwaarzer Séil vun eiser Gesellschaft. Tatsächlech werft d'Wierk déi folgend Fro op: Firwat léisst eng Gesellschaft, déi sou perfekt ass, esou eng Tragedie zou?

En Deel vun der Äntwert läit an der Gesellschaft, déi de Forgiarini beschreift. Dës zeechent sech duerch Egoismus an duerch d'Distanz tëscht de Leit an hir Ignoranz hire Matmënsche géintiwwer aus:

> *Mee et héiert eis keen. Och d'Sandra (seng Mamm) net. (...) Maach der keng Gedanken, hatt pinscht net wéinst denger. Wéinst denger reecht hatt sech seelen op. Ganz seelen. Just ganz*

heiansdo. Ganz heiansdo gëtt et alt emol sentimental. Meeschtens dann, wann et eng am Gesiicht huet. Neen, hatt pinscht wéinst dem Steve (hire Frënd).[83]

Hei léisst sech däitlech erkennen, dass de Schutz, d'Betreiung an d'Begleedung vun den Elteren, deen d'Kanner an *Der Verräter, Fenn Kaß, schacko klak* a *Perl oder Pica,* also an de Generatioune virdrun erliewen, bei *Amok* net méi existéiert. An esou bleift och de Respekt virun den Elteren (de Protagonist nennt seng Mamm „Sandra" oder „hatt" a schummt sech fir si) souwéi virun Erwuessenen am Allgemengen aus.

Während déi Lëtzebuerger Gesellschaft sech souguer an de 60er Joren nach net duerch Wuelstand ausgezeechent huet, ass dëst bei *Amok* awer de Fall. D'Konsumgesellschaft, déi sech bei *Perl oder Pica* schonn undeit, huet sech elo komplett entwéckelt. D'Jugend bei *Perl oder Pica* muss sech an der Mëttelschicht konstruéieren a schéngt am 21. Joerhonnert am extreme Verhalen an an der Noléissegkeet kulminéiert ze sinn. Während an de 60er Joren d'Gesellschaft nach norméiert war an eng gewëssen Identitéit duerchsetze wollt, schéngen dës Wäerter elo verluer ze sinn. Den Norbi aus *Perl oder Pica* ass e Protagonist vum Wandel; bei *Amok* zerstéiert dogéint den Narrateur d'Selbstgefällegkeet vum modernen, oppene Lëtzebuerg. Déi am Roman duergestallte Mëssstänn sinn awer just Eenzelfäll. De Roman schockéiert, well d'Wäerter vun der Gesellschaft keng Roll méi spillen. Wann de Forgiarini zum Beispill d'Schoul beschreift, sou ass et net déi autoritär, brutal Schoul vu *Perl oder Pica,* mä eng modern guttwëlleg Schoul, an där d'Léierpersonal op dem Kand seng Bedürfnisser ageet. Dëst hëlleft dem Protagonist awer net, deen an enger Welt ouni stabil Wäerter opwiisst, an esou ass et ganz normal, datt eise Protagonist en iPhone huet, obwuel seng Mamm am Chômage ass[84]. Trotz dësem Beweis vu Wuelstand befënnt hie sech am ënneschten Deel vun enger sozialer Schéier, déi wäit auserneegeet. Zum Deel léisst sech säi Frust doduerch erklären, dass en d'Diskrepanz tëscht de soziale Stänn däitlech spiert, wéi zum Beispill am Kontrast mat de Schüler aus der Europaschoul:

[83] Forgiarini: *Amok.* Eng Lëtzebuerger Liebeschronik. Lëtzebuerg: Editions Guy Binsfeld 2011, S. 13.
[84] Vgl. ebd., S. 12.

Du si der an den Utopolis gefuer. Do war bal kee Schwäin. Just e puer esou Mëssgebuerten aus de Europaschoul. Déi hu mëttwochs mëttes fräi. Esouguer ee mat enger Liederjackett vun Dolce&Gabbana. Enger echter, huet d'Shirley gemengt. Ob hatt se wéilt, hunn ech hatt gefrot. Esou eng ähnlech? Nee, genee déi do! Du bass mëll! Firwat? Et ass jo just e Pissert. An seng Kollegen och. An 't ass hinne souwisou schäissegal. Déi hu esou vill Fric ...[85]

Den Auteur bréngt et faërdeg, dem Lieser seng Unhaltspunkter weider a Fro ze stellen, andeems en hien op Plaze mathëlt, déi den duerchschnëttleche Lëtzebuerger aus fräie Stécker ni besiche géif, wéi Schraasseg, de Conseil de discipline an der Schoul, déi verschidden Disziplinmoossnamen, d'Sozialwunnengen zu Köln oder de Squat zu Mutfert[86], well se sech um Rand vun der Gesellschaft befannen. Zousätzlech konfrontéiert de Forgiarini eis mat Leit, déi net upassungsfäeg sinn, wéi d'Mamm, déi Alkoholikerin ass, wéi den Addis an d'Shirley, dat schonn duerch verschidde psychiatresch Servicer[87] gelaf ass.

Déi am Roman duergestallte Gesellschaft ass soumat eng vun der Muechtlosegkeet. Den Erzieler gëtt ouni Zweiwel vum System opgehuewen an e kritt Léisungen ugebueden. Säi Problem ass allerdéngs: Hie gleeft net un eng Verbesserung an e ka sech net ausdrécken, wat da bei him erëm Gewalt ausléist. De Forgiarini dramatiséiert d'Gewalt, déi am Häerz vun eiser Gesellschaft lauert. Duerch den Narrateur an deem säin Alter Ego, dem Johnny Chicago, schaaft hien déi däischter Säit vun eiser Gesellschaft a bréngt dem Lieser se méi no.

Am Roman sti sech den Zentrum an de Rand vun der Gesellschaft géintiwwer. De Protagonist ass gläichzäiteg op béide Plazen. Wann e sech an der Schoul befënnt a vum Sozialsystem betreit gëtt, steet en am Zentrum. Trotzdeem schleidert e sech ëmmer erëm un de Rand, sief et an der Schoul an d'Auszäit oder an der Fräizäit an de Squat. An dëser Erzielung vu Selbstzerstéierung erkennt de Lieser, dass sech matzen ënnert eis Leit vum Rand vun der Gesellschaft befannen; si also och am Zentrum vun der Gesellschaft ze fanne sinn. An de Forgiarini demonstréiert a

[85] Ebd., S. 40.
[86] Vgl. ebd., S. 52.
[87] Vgl. ebd., S. 23.

sengem Roman, wéi d'Gesellschaft et fäerdegbréngt, ewechzekucken an d'Anomalië souwéi d'Marginalitéit z'ignoréieren. Sou gëtt beispillsweis op der Kinnekswiss gedealt, am Zuch seet de Kontrolleur näischt, obwuel e ganz genee weess, dass déi Jugendlech an der Schoul misste sinn. Dass den Erzieler dräi Méint op Köln verschwënnt, huet keng Konsequenzen, an d'Proffe mierken et net, wann hir Schüler se beléien an de Geck mat hinne maachen. Soumat fënnt dat Asoziaalt matzen an der Stad, tëscht de Banken, de Frontalieren an de räiche Kanner vun der Europaelite statt.

Am Géigesaz zum Hoscheit senger Gesellschaft huet dem Forgiarini seng all Maueren a Grenzen tëschent de Länner, den Ideologien an de Sozialschichte ofgerass. Mä duerch dem Erzieler säi Bléck gesi mir, wéi sech trotzdeem déi schwaarz Séil vun der haiteger Gesellschaft matzen ënnert eis befënnt. Mir erliewen och d'Efforten, déi ënnerholl ginn, fir deem entgéintzewierken, sief et d'Auszäit an der Schoul, d'Gespréicher mat Educatricen a Proffen oder soss Autoritéiten, wéi der Police oder dem Geriicht. De Protagonist hëlt allerdéngs keng vun deene Léisungen, déi him proposéiert ginn, un. An esou stinn déi edukativ Servicer him zimlech perplex géintiwwer.

De Roman dramatiséiert de Rapport tëschent Nihilismus respektiv Perspektivlosegkeet an der Gesellschaft vu Wuelstand an Demokratie, deen e bis dato onpräzedenten Niveau erreecht huet. De Lieser, als Spectateur vun deem Drama, gëtt mat där Rotlosegkeet konfrontéiert, déi Psychologen, Educateuren a Proffen aus dem Alldag kennen. Et ass e Spektakel vu Muechtlosegkeet (Erzieler) a Rotlosegkeet (Enseignanten, Pädagogen, Educateuren).

Wéi sech den Narrateur an d'Shirley schliisslech am Phantasialand befannen, muss ee sech als Lieser zwangsleefeg d'Fro stellen, wie méi krank ass - de Protagonist oder eis Gesellschaft. D'Leit, jo souguer d'Polizisten, stinn dauernd bei de Jugendlechen, awer keen ënnerhëlt eppes. Hei kënnt et zum totale Verloscht vum Realitéitsprinzip, wat en Zeeche vun der Postmodern (am Sënn vun der Afrostellung vun der Aart a Weis, wéi mir d'Realitéit wouerhuelen) ass. Déi komplett

Aussiichtslosegkeet gëtt nach duerch eng individualistesch Gesellschaft verstäerkt. Dëst sinn déi perfekt Viraussetzungen, déi dozou féieren, dass eng Persoun Amok leeft.

Alles an allem ka behaapt ginn, dass dëst net e Roman vum gesellschaftleche Wandel ass, mä eng Erzielung, déi de Bléckpunkt vum Lieser op déi modern Lëtzebuerger Gesellschaft verännere wëll.

2.1.6. Tëschefazit

Opfalend bei dëser Duerstellung ass, dass et méi iwwert de geschichtlechen Hannergrond bei *Der Verräter* ze soe gëtt, well et en historesche Roman ass. Wéi leet sech awer all eenzelnen Auteur un, fir dass säi Personnage en Zeie vun enger bestëmmter Epoch gëtt? Dëst bedeit, datt et an all Text Niewesaach gëtt, wat den exakten historeschen Hannergrond duerstellt. Wat wichteg fir den Auteur ass, ass, wéi de Protagonist zu deene geschichtleche Verhältnisser steet.

De Matthäus Conter ass de Produit vum Kampf tëscht de verschiddenen historesche Kräften an de Fenn Kaß ass hiren Zeien a versicht, sech dem „Zeitgeist“ unzepassen. A *schacko klak* probéiert en erwuessene Mann mat 30 Joer Réckbléck ze verstoen, wat a senger Kandheet geschitt ass, an dëst festzehalen. Bei *Perl oder Pica* hu mer d’Geschicht vun engem jonke Mënsch, dee wéi bei *Der Verräter* d’Widderspréch vu senger Zäit materlieft an och e Member vun där neier Gesellschaft wëll ginn. A bei *Amok* gëtt d’Muechtlosegkeet demonstréiert, well de Protagonist net weess, wat mat him geschitt, an esou ohnmächteg duerch eng Gesellschaft leeft, déi en net méi versteet.

An deene meeschte Wierker (*Der Verräter, schacko klak, Perl oder Pica*) hunn d’Auteuren an engem gewëssene Réckbléck d’Gesellschaft gewisen, wéi se deemools war, an déi Tendenzen erausgepickt, déi d’Gesellschaft dohibruecht hunn, dass se

esou ass, wéi mer se haut kennen. *Amok* ass awer e Roman, deen zäitgenëssesch ass, an deementspriechend weist den Auteur keng Richtung an d'Zukunft, mä hien demonstréiert all déi wonn Punkte vun der Gesellschaft, déi mer net verstinn.

2.2. Migratioun

2.2.1. *Der Verräter*

An der Novell *Der Verräter* gëtt Lëtzebuerg net als Immigratiounsland, mä als Emigratiounsland duergestallt. D'Liewe vun der Populatioun ass engersäits duerch Recht an Uerdnung, anerersäits duerch Elend an Aarmut gekennzeechent. Aus dësem Grond zitt et vill Lëtzebuerger Auswanderer an Amerika oder Brasilien, wou se allerdéngs oft ugeschmiert an ausgebeut ginn a sou mat nach manner erëm heemkommen: „Jahr für Jahr kamen Brasilienfahrer zurück, die in der Neuen Welt auch noch ihr Letztes verloren hatten (...)"[88].

Dëst entsprécht tatsächlech der historescher Realitéit. Virum Opschwong vun der Stolindustrie an der Mëtt vum 19. Joerhonnert ass Lëtzebuerg en aarmt, ländlech gepräägtent Land. D'Lëtzebuerger wanderen aus wirtschaftleche Grënn aus: Während d'Populatioun klëmmt, ginn déi landwirtschaftlech Parzellen ëmmer méi kleng an d'Wäiliese si moer. Zousätzlech ginn duerch den Opschwong vun der Groussindustrie am traditionellen Handwierk Plaze verluer. An der Hoffnung op e bessert Liewen an engem anere Land verloossen tëscht 1841 an 1891 ongeféier 72.000 Lëtzebuerger d'Land, woubäi d'Gesamtbevëlkerung am Joer 1891 bei ongeféier 212.800 Awunner läit. Déi meescht maache sech op de Wee a Richtung USA, Brasilien an Argentinien. Anerer ginn a Frankräich, fir do als Handwierker

[88] Hein: *Der Verräter,* S. 28.

oder, wéi am Fall vu ville jonke Meedercher, als Déngschtmod oder Gouvernante ze schaffen.[89]

D'Haaptgrënn fir d'Emigratioun sinn also finanzieller a wirtschaftlecher Natur. Vum Impakt op d'Kultur oder d'Identitéit vun de Lëtzebuerger ass hei nach net rieds. Dëst ass eng Zäit, an där d'Nationalgefill oder d'Verbonnenheet zur Heemecht nach net esou staark sinn, an deementspriechend kann ee sech als Lieser virstellen, dass dem Migrant seng Hoffnung op e bessert Liewen, d'Gefill iwwertrëfft, en hätt säin Heemechtsland verluer. Dës Absence vun engem Heemechtsgefill hieft d'Singularitéit vum Matthias sengem Heemechtsgefill ervir. Am Géigesaz zu den Auswanderer entwéckelt hien eng Verbonnenheet zu sengem Land, déi e Lëtzebuerger vun 1838 net hätt novollzéie kënnen.

2.2.2. *Fenn Kaß*

Am Ufank vum 20. Joerhonnert hëlt d'Zuel vun den Auswanderer an d'USA (Baueren), a Frankräich (Handwierker, Déngschtmeed), Belsch an an d'Däitscht Räich of. Dëst läit um Opschwong vun der Stolindustrie, déi massiv nei Aarbechtsplaze schaaft a schliisslech zu enger Immigratiounswell féiere wäert. Dëst ass an der ländlecher Géigend vu Wiesung a Brebach, an där de Roman sech ofspillt, net ze spieren, an esou ass vu Migratioun an der Handlung net rieds. Mat enger Ausnam: De Putty Heinen muss am Laf vun der Handlung an Amerika auswanderen - dëst allerdéngs net aus wirtschaftleche Grënn, mä vill méi fir dem Lëtzebuerger Geriicht z'entkommen.

Sou wéi am Roman *Der Verräter* gëtt d'Migratioun just als eng Hannergrondserscheinung ernimmt. Kann et sinn, dass dee Phenomen esou banal war, dass de Batty Weber net driwwer schreift? Oder bedeit dat, dass ëm

[89] Vgl. http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/population/emigration-immigration/index.html, leschten Zougréff de 24.10.18.

d'Joerhonnertwenn de kulturellen an identitäre Wandel vun de Migratiounen zu Lëtzebuerg nach staark ënnerschat gëtt? Dëst hänkt vläicht domat zesummen, dass d'Migratioun an der Zäit vum Batty Weber nach net déiselwecht Konnotatioun vu Multikulturalismus an ekonomeschem Succès wéi an der zweeter Hallschent vum 20. Joerhonnert huet.

Am Roman ass déi bedeitendst Manifestatioun vun enger Migratioun dem Fenn Kaß säin Openthalt zu München, wou en Ingenieurwëssenschafte studéiert, dëst mam Zil, duerch säi Wëssen senge Matmënschen hiert Liewen ze verbesseren. Dës Auswanderung kann een am Zesummenhang mat der Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg vun Däitschland verstoen. Geneesou wéi d'Lëtzebuerger Wirtschaft vum däitsche Kapital an vum däitsche Maart ofhänkt, hänken de Progrès an d'Kultur vum grousse Nopeschland of. A kengem Moment stellt de Fenn Kaß säin Openthalt a Fro oder thematiséiert en identitäre Wandel.

Sécherlech ass et keen Zoufall, dass de Batty Weber säi Roman op Däitsch schreift. Zu senger Zäit ass et nach d'Sprooch vun der ëffentlecher Schrëft an et stellt och d'Verspriechen duer, dass d'Buch enger däitscher Audienz begéine kann. Zu deem Zäitpunkt ass d'Migratioun an d'Nopeschland keen Ulass fir eng kulturell Selbstbestëmmung. Dëst kënnt réischt mat *schacko klak.*

2.2.3. *schacko klak*

Am 20. Joerhonnert hu mer nach eng relativ homogen Gesellschaft zu Lëtzebuerg. Virum Éischte Weltkrich si 85% vun der Bevëlkerung Lëtzebuerger. D'Auslänner, gréisstendeels däitscher Ofstamung, hu wéinst der Ähnlechkeet vun deenen zwou Sprooche kaum Problemer sech z'integréieren, während d'Italiener aus der Gesellschaft ausgeschloss ginn. Tëschent 1910 an 1960 wiisst d'Natioun vun

260.000 op 314.890 Awunner. Genee wéi de Wuesstem klëmmt och d'Immigratioun (1910: 15,3%, 1930: 18,6%).[90]

D'Integratioun vu Lëtzebuerg an den Däitschen Zollveräin féiert no der industrieller Revolutioun zu engem Transfer vu Kapital, Gidder, Knowhow a Mënschen, well beispillsweis däitsch Investisseuren an hire Firmaen zu Lëtzebuerg däitsch Ingenieuren a Fachaarbechter astellen, well d'Lëtzebuerger net iwwert datselwecht Fachwësse verfügen. Esou kënnt et, dass virum Éischte Weltkrich iwwert d'Halschent a bis den Zweete Weltkrich ëmmer nach méi wéi 40% vun den Auslänner däitsch sinn. An den 1920er Joren (nëmmen 10 Joer no der Veröffentlechung vu *Fenn Kaß)* kënne vill italienesch Antifaschisten zu Lëtzebuerg Aarbecht an Zouflucht fannen, ouni de Flüchtlingsstatus ufroen ze mussen. Déi Lëtzebuerger Regierung verschäärft allerdéngs ab 1940 hir Gesetzer, sou dass et ab deem Zäitpunkt vill méi schwéier ass, déi Lëtzebuerger Nationalitéit souwéi eng Openthaltsgenehmegung ze kréien.[91]

Vun dëser Migratioun ass beim Manderscheid senger Erzielung net rieds, well hei eng ganz aner Problematik am Zentrum steet: Lëtzebuerg ass vun Nazi-Däitschland besat a muss ëm seng Identitéit a säi Weiderbestoe kämpfen. Anescht awer wéi a *Fenn Kaß* oder *Der Verräter* entsteet hei eng dialektesch Ausernanersetzung tëschent Migratioun, Identitéit an Nationalitéit. De Manderscheid ass soumat den éischten vun den Auteuren, déi hei behandelt ginn, deen d'Migratioun mat engem nationalen Identitéitswandel a Verbindung setzt, an zwar als de Katalysator vun enger kultureller a linguistescher Selbstbestëmmung.

Déi eenzeg Migratioun, déi sech wéi e roude Fuedem duerch d'Wierk zitt, ass déi vum Erzieler, engem Lëtzebuerger, deen an Däitschland wunnt, an deen enger Kandheetsfrëndin Bréiwer iwwert seng Kandheetserënnerunge schéckt. Vill gëtt een net iwwert seng haiteg Situatioun gewuer. Trotzdeem entsteet e bestëmmtent

[90] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 118f.
[91] Vgl. ebd.

Bild vun engem Lëtzebuerger, deen decidéiert huet, säi Land ze verloossen an am Ausland ze wunnen. Duerch déi narrativ Stëmm, déi duerch epistolär Anekdoten eng Lëtzebuerger Kandheet erzielt, gëtt de Lieser awer nëmmen indirekt mat enger intellektueller Migratioun konfrontéiert. Doduerch, dass se wäit vun deem Land, iwwert dat se zielt, ewech ass, entsteet eng breetgefächert Froestellung.

Hei gëtt d'Migratioun net méi als e wirtschaftleche Phänomen duergestallt, mee als e kulturelle Choix. Obwuel net vill iwwert den Erzieler bekannt ass, deite verschidden Elementer, wéi zum Beispill säi Stil a seng literaresch Haltung, dorop hin, dass et sech ëm e Geléierten handelt. Et kéint een dorauser schléissen, dass hien zu deene Lëtzebuerger gehéiert, déi deemools d'Ausland als eng Quell vu Wëssen a kulturellen Opportunitéite gesinn hunn, sief et fir ze studéieren oder ze schaffen. Als éischt deit dem Erzieler seng Obsessioun fir d'Singularitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch, déi aus laangwieregen Opzielunge vun deels veraalte Wierder besteet, wéi wann en eng Taxonomie vun enger vergaangener Sprooch schafe wéilt, dorop hin. Dobäi kënnt nach d'Suergfalt, mat där hie sech op Erzielungen berifft, déi hien an deemolegen Zeitunge fonnt huet.

Déi taxonomesch Approche zum Erzielen deit net nëmmen op e studéierten Erzieler hin, mä och op e regelrechte Wëllen, e Stéck vun der Heemecht festzehalen. Interessant ass hei déi dräifach Distanzéierung zu der Heemecht. Wéi gesot, entsprécht *schacko klak* enger kritescher oder analytescher Approche zur Heemecht, déi epistolaresch verschafft gëtt. Dobäi kënnt nach, dass den Erzieler sech net geographesch an där Heemecht befënnt, mä an deem Land, dat dëst fréier emol besat huet. Dass den Auteur trotz sengem Oppenthalt an Däitschland op lëtzebuergesch schreift (an dobäi d'Kapitalisatioun vun den Nomen ignoréiert), ass nawell eng staark Ironie, well jo am zweeten Deel vum Roman beschriwwe gëtt, wéi d'Nazibesatzer hir Sprooch zu Lëtzebuerg imposéiere wëllen.

A *schacko klak* entsprécht d'Migratioun also enger geographescher an temporaler Distanzéierung, déi et dem Auteur erméiglecht, eng kulturell an identitär Ausernanersetzung duerzestellen. Kann et sinn, dass den Erzieler grad duerch

d'Distanz zu Lëtzebuerg mierkt, wéi ënnerschiddlech säin Heemechtsland a säin Oppenthaltsland sinn? Soumat géing en dann eng Demarche weiderféieren a legitiméieren, déi hie schonn als Kand ugefaangen huet, wéi e sech mat den Ënnerscheeder tëschent der däitscher an der lëtzebuergescher Sprooch befaasst huet. D'Distanz, déi duerch d'Migratioun entstanen ass, ass hei als e Katalysator vun enger Identitéitssich unzegesinn.

Nieft der akademescher a geographescher gëtt et och nach eng zäitlech Distanzéierung. Den Auteur vun de Bréiwer ass sech näämlech bewosst, dass en iwwert ee verschollent Land schreift, wat mëttlerweil net méi senge Kandheetserënnerungen entsprécht. Dëst gëtt kloer, wéi hie beschreift, wéi säi Kandheetsduerf nom Zweete Weltkrich verbaut ginn ass. Wou Alzéng a senger Kandheet nach vu Bëscher a Wisen ëmréngt ass, erschéngt et an de 70er ëmmer méi wéi e Viruert vun der Stad. Och hei ass d'Migratioun e wichtege Kontext an deem d'Identitéit thematiséiert gëtt. Et schéngt wéi wann a *schacko klak* d'Migratioun eng Distanz erméiglecht, déi d'Zäit vun der Narratioun (d'70er) an déi narréiert Zäit (d'Joren ëm den Zweete Weltkrich) radikal auserneenhëlt. De chronologeschen Ecart léisst dem Lieser d'Méiglechkeet, de Werdegang vum „Plakkapp" anzeschätzen. Donieft bitt en och dem Lieser en Unhaltspunkt, fir déi geographesch a sozial Ännerungen nozevollzéien, déi innerhalb vun den „trente glorieuses" stattfonnt hunn.

Dës wiesentlech Ännerunge ginn am Roman net direkt an onmëttelbar beschriwwen, sou wéi de Batty Weber zum Beispill d'Modernitéit beschriwwen huet. Se ginn éischter ugedeit. Se bestinn aus indirekte Referenzen, zu deenen zu gudder Lescht dem Auteur seng literaresch Stëmm gehéiert. A *schacko klak* existéiert dës Stëmm als Ausdrock vun enger deels naiver, deels inquisitiver Kannerperspektiv, awer och als Outil vun engem kriteschen Auteur, dee sech mat Heemecht, Heemechtsgefill an Identitéit befaasst. D'Bréiwer, déi den Auteur schreift, droen déi zwou Stëmme mat sech, oft esouguer simultan, als eng Form Intertext, an deem d'Stëmm vum irdesche Plakkapp a vum ausgewanderten Auteur

matenee verschmëlzen. Dës diachronesch Stëmm ass net nëmmen eng Opnam vu Kandheetserënnerungen; si entsprécht och gläichzäiteg engem Wonsch, e gewëssene Werdegang an e gewëssent Identitéitsgefill festzehalen. Si entspréngt engem Bedürfnis, sech duerch d'Migratiounssituatioune par rapport zu sengen Originnen ze positionnéieren.

Wa *schacko klak* e Meilenstein an der Lëtzebuerger Literatur duerstellt, läit dëst net just drun, dass et ee vun deenen éischte Romaner ass, deen op Lëtzebuergesch geschriwwe gouf. E Grond ass de Fait, dass den Auteur d'Fro vun der Identitéit a vum Selbstbild rhetoresch duerch d'Form vum Bréifroman duerstellt. Duerch d'Distanz, déi dem Erzieler seng Bréiwer ausléisen, ënnersträicht d'Wierk identitär Froen, wéi zum Beispill den Ënnerscheed tëschent dem modernen an dem agrare Lëtzebuerg souwéi dem Grand-Duché an dem däitschen Noper. Dës Froe ginn net duerch eng objektiv Duerstellung gestallt, mä duerch en ambivalente Bléck, deen eréischt vun der Migratioun gepräägt ass.

Dësen ambivalente Bléck - de Bléck vun engem jonke Protagonist an dee vu sengem eeleren Alter Ego, dee sech zum Auteur entwéckelt huet - fënnt een och a *Perl oder Pica*, wéi wann dem Manderscheid seng Kontributioun zur Lëtzebuerger Sprooch et aneren Auteuren erméiglecht hätt, sech méi intensiv mat der Identitéitssich ze befaassen.

2.2.4. *Perl oder Pica*

Och a *Perl oder Pica* spillt d'Thematik vun der Migratioun eng Roll bei der Identitéitssich. Obwuel se hei relativ peripher ass, benotzt de Jhemp Hoscheit se ganz kloer fir ze weisen, wéi de Rapport zum Awanderer d'Selbstbild, also d'Identitéit, definéiert respektiv agrenzt.

Perl oder Pica fënnt zu enger Zäit statt, an där Lëtzebuerg scho laang keen Auswandererland méi ass, mä en Zil fir en etlech Awanderer. Trotzdeem muss een de Phänomen vun de Migratioune relativiséieren. Am Norbi senge 60er gëtt et nach kee Schengener Ofkommes an d'Circulatioun vun de Persounen duerch Europa hänkt nach vu strenge Konditounen of. Obschonn nom Zweete Weltkrich de Bedarf un auslännescher Main d'oeuvre ganz héich ass, praktizéiert d'Regierung eng restriktiv Awanderungspolitik a schléisst sech de Moossnamen zugonschte vun der Beweegungsfräiheet nëmme lues a lues un. Virun allem an der Baubranche, déi wéinst dem Wirtschaftswuesstem blitt, fanne vill Italiener eng Aarbecht, während déi héich Léin d'Stolindustrie elo och fir Lëtzebuerger attraktiv mécht an Auslänner do méi sielen agestallt ginn. Ab den 1950er boomt d'Wirtschaft an Norditalien, sou dass déi italienesch Immigratioun zu Lëtzebuerg noléisst. Doropshi liberaliséiert d'Regierung hir Gesetzer erëm, andeems si et den Awanderer méi einfach mécht, hir Famill op Lëtzebuerg nokommen ze loossen, et gi Migrantewunnheemer a Betribswunnenge gebaut an de Sozialdéngscht fir d'Immigrante gëtt opgebaut, wouvun am Endeffekt awer virun allem déi portugisesch Migrante profitéieren, déi an esou Masse kommen, dass sech weder de Wunnengsmaart nach de Schoulsystem bis haut dorun upasse konnten. Vun 1960 bis Ufank vum 20. Joerhonnert wiisst d'Land vun 314.890 op 460.000 Awunner. Dëse Wuesstem läit eleng un der Immigratioun, well d'Zuel vun de Lëtzebuerger tëscht 270.000 an 280.000 Awunner stagnéiert.[92]

D'Immigratioun ass bei *Perl oder Pica* spierbar. Virun allem Italiener hunn de Wee op Lëtzbuerg fonnt, ginn awer als bëlleg Hëllefskraaft ausgebeut an ausgegrenzt. Fir déi méi schlecht bezuelten Aarbecht an de Minnen, an den Hüttewierker an an der Constructiounsbranche ginn italienesch Wanderaarbechter agestallt, déi dacks ouni Famill kommen an op der Sich no besseren Aarbechtbedéngungen de Betrib, sief et zu Lëtzebuerg, an der Lorraine oder am Saarland, oft wiesselen. Vill italienesch Entrepreneure loosse sech hei och dauerhaft néier, grënne Baufirmaen oder bidde

[92] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 119.

vun hire Landsleit nogefrote Produiten (gréisstendeels Deegwueren) an Déngschtleeschtungen un. An den Industriestied am Süde vum Land entsti reegelrecht italienesch Quartieren. Allerdéngs daucht am Roman just een Italiener op, dee bei den Norbi Timbere kafe kënnt a just Italienesch schwätzt.[93]

Et erstaunt, dass déi massiv italienesch Präsenz, déi sou dacks zu Lëtzebuerg ervirgestrach gëtt (zum Beispill duerch déi etlech Manfestatioune vum Centre de Documentation des Migrations zu Diddeleng), nëmme peripher a *Perl oder Pica* ernimmt gëtt. Dëst schéngen d'Szenaristen vun der Filmadaptatioun och empfonnt ze hunn, sou dass de Film méi grëndlech op een italienesche Personnage ageet an et dobäi net fäerdegbréngt, verschidde Klischeeën iwwert déi sougenannten „Bootschaen“ ze vermeiden.

Trotzdeem soll een net aus den Ae verléieren, dass e Literaturwierk keng präzis Bestandsopnam vun der zäitgenëssescher Gesellschaft ka sinn. Dass déi italienesch Migratioun a *Perl oder Pica* nëmme peripher ernimmt gëtt, weist héchstens drop hin, dass se nëmmen eng peripher Preoccupatioun vun den eenheemesche Lëtzebuerger war. An awer scheit den Hoscheit net dovun zréck, e klengen Abléck an den deemolege Rassismus vis-à-vis vun den Italiener ze werfen. Wéi et drëms geet, sech vis-à-vis vum Auslänner ze positionnéieren, héiert den Norbi dësen Ausdrock: „Léiwer e Preis wéi e Bootscha“[94]. Hei ginn d'Italiener an déi Däitsch duerch Spëtznimm erofgesat. Dës Klassifikatioun, déi de Wäert tëschent engem Däitschen an engem Italiener opsetzt, entsprécht enger Demarche, déi et an deenen anere Wierker op dës Manéier net gëtt.

Am Géigesaz zum Fenn Kaß gesinn dem Norbi seng Zäitgenossen Däitschland net als e méiglechen Zoufluchtsuert, wou een eng besser Bildung kritt. A *Perl oder Pica* ginn déi Däitsch vun der Lëtzebuerger Populatioun erniddregt, well se systematesch mat

[93] Vgl. Hoscheit: *Perl oder Pica,* S. 171f.
[94] Ebd., S. 125.

der fréierer Nazibesatzung a Verbindung gesat ginn. Mä wa se mat der italienescher Bevëlkerung verglach ginn, schénge se trotzdeem nach dat méi klengt Iwwel ze sinn.

Soumadder fënnt hei eng identitär Demarche statt, duerch déi d'Leit aus dem Norbi sengem Ëmfeld sech vis-à-vis vum Migrant positionnéieren. D'Ausgrenzung vum Auslänner fënnt sech net nëmmen an der „krasser" Sprooch erëm, mä och an der Ausgrenzung vun hirer physescher Präsenz. Sou gi mer net gewuer, wéi den Däitschen oder den Italiener empfënnt, wann e vernannt gëtt, obwuel d'Tatsaach, dass den Italiener Bréiwer schreift, suggeréiert, dass e wuel eppes ze zielen huet. Dës verbal an physesch Ausgrenzung vun enger Partie Awunner zu Lëtzebuerg ka wuel als e wonne Punkt vu *Perl oder Pica* verstane ginn. Gläichzäiteg ass dat awer eng kredibel Approche zu der deemoleger Mentalitéit, an enger Gesellschaft, déi stänneg nei Grenze sicht, sief et politesch, reliéis oder carrément geographesch.

Dëst ass d'Gesellschaft, déi am Zweete Weltkrich d'Lëtzebuerger Sprooch als e Symbol vun Onofhängegkeet benotzt huet. Et ass och eng Gesellschaft, an där de Wuelstand dozou bäidreet, en neie Sozialmodell ze schafen, an deem d'Migratioun ufänkt, eng nei Roll ze spillen. Déi rar, awer trotzdeem reegelméisseg Allusiounen op „Bootscha" oder „Preis" weise vläicht op e Versuch vun der deemoleger Bevëlkerung hin, sech selwer ze definéieren, andeems si sech vun aneren Natiounen ofgrenzt.

Perl oder Pica ass och e Roman iwwert d'Identitéitssich. Bei *schacko klak* gëtt Identitéit spezifesch mat Heemecht a Migratioun verbonnen, fir d'Figur vum Lëtzebuerger Auteur ze schafen. D'Rees verkierpert den identitäre Wandel vum Kand zum erwuessenen Auteur an erméiglecht et och, de soziale Wandel z'erkennen. A *Perl oder Pica* gëtt Identitéit mat engem méi breede Spektrum vu Politik , Sexualitéit a Relioun a Verbindung gesat. Migratioun spillt hei just eng kleng Roll. Trotzdeem erkennt een eng Tendenz zur Intoleranz.

Wéi a *schacko klak* ass d'Migratioun ee vun de ville Pretexter, duerch déi sech d'Identitéitssich materialiséiert. Bei *Perl oder Pica* ass d'Attitude zur Migratioun net

méi déi vun enger Beräicherung, mä eng onflexibel. A *schacko klak* zéckt den Erzieler nach tëschent dem Rassismus vis-à-vis vum Preis an enger Faszinatioun fir Däitschland als kulturellt Zil, wat eng sophistikéiert an nuancéiert Identitéitssich uspornt. A *Perl oder Pica* gëtt den Auslänner dogéint just ofwäertend als Feindbild duergestallt.

Genee dëse Prinzip ënnerläit dem rassistesche Leitmotiv an *Amok.* Och hei ass de Rassismus ee Mëttel, fir d'Selbstbild ze stäerken. Et ass awer och e Mëttel, fir net ze vill an d'Introspektioun eranzegoen. Wat de Jhemp Hoscheit nëmmen ugedeit huet, entwéckelt sech beim Forgiarini zu enger totaler Identitéitskris mat migratoreschem Hannergrond.

2.2.5. *Amok*

Den Aarbechtsmaart huet sech am 21. Joerhonnert grenziwwerschreidend op d'Groussregioun ausgeweit. Zënter de Balkankricher vergréissert sech d'Unzuel u politesche Flüchtlingen am Land, während déi traditionell Immigranten aus Italien a Portugal bal als integréiert ugesi ginn.[95] D'Immigratioun an de Phänomen vun de Frontaliere sinn déi direkt Konsequenz vum extraordinären ekonomesche Wuesstem vu Lëtzebuerg. D'Zuel vun den Auslänner zu Lëtzebuerg läit am Ufank vum 21. Joerhonnert bei op d'mannst 40%. Ongeféier 130.000 Frontaliere fueren all Moien iwwer d'Grenze vum Land. An esou ass d'Land vun der Aarbecht vun den Auslänner ofhängeg, well d'Lëtzebuerger just 31,7%, d'Auslänner 27% an d'Frontalieren 41,3% vun der aktiver Populatioun representéieren.[96]

Dozou kënnt nach, dass de Schengener Accord vun 1985 d'Grenzen an Europa opgemaach huet an d'Bierger onbehënnert duerch d'Unioun reese kënnen, wat och zum Lëtzebuerger Wirtschaftswonner bäigedroen huet. Iwwerhaapt beméit sech de

[95] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 120f.
[96] Vgl. Trausch, Gilbert: „D'un concept de la nation à un autre". An: *forum Nr. 271,* S. 24.

Grand-Duché ëmmer, als Co-Signataire vum Traité de Rome, als Musterschüler vun der europäescher Integratioun dozestoen.

Den Tullio Forgiarini dréit där Situatioun Rechnung, andeems en als Kader fir *Amok* genee dës ongehënnert, kosmopolitesch Gesellschaft vum haitege Lëtzebuerg duerstellt. Den Erzieler beweegt sech duerch Stroossen a Plazen, wou verschidde Sprooche geschwat ginn, wou d'Finanzplaz eng gebilten Aarbechtskraaft ugezunn huet a wou international Schoulen d'Kanner vun der expatriéierter Elite versuergen. Dëst ass eng oppe Gesellschaft - am Géigesaz zu där a *Perl oder Pica* oder *schacko klak.* Während den Norbi sech net ongehënnert duerch d'Stroosse beweegen däerf, well e soss laanscht déi onkeusch Affiche vum Kino trëppele géing, geet den Erzieler vun *Amok* duerch all méiglech Terrainen, sief et de sterile Conseil de classe, de multikulturelle Kader vun der Kinnekswiss, eng Brak an Däitschland, dat gemittlecht Appartement vun enger Educatrice, e Squat am Zentrum vum Land oder eng touristesch Destinatioun am Hunsrück. D'Méiglechkeeten, déi sech him bidden, sinn onzieleg. Op geographeschem wéi op sozialem Niveau huet en de Choix, sech dohin ze beweegen, wuer e wëll, ganz am Geescht vun der europäescher Beweegungsfräiheet.

Et ass interessant ze bemierken, dass d'Migratioun hei als parallel Erscheinung zum sozialen Opstig gewise gëtt. Bal kéint et schéngen, wéi wann den Erzieler vun *Amok* dei onzieleg Méiglechkeete vun der geographescher a sozialer Beweglechkeet kristalliséiere géif, déi duerch déi liberal, europäesch Politik erméiglecht goufen.

Den Erzieler vun *Amok* huet allerdéngs eng negativ Haltung vis-à-vis vun der Gesellschaft, déi hien net ze verstoe schéngt. Amplaz seng Chancen z'ergräifen oder sech iwwert seng Mobilitéit ze freeën, fält hien a veraalten, stereotyp Haltungen. A sengen Ae mussen d'Jugoslawe als Sënnebock duerhalen[97], d'Fransouse sinn all Bankemployéen[98], d'Portugise stellen d'Personal[99] an d'Kanner aus der

[97] Vgl. Forgiarini: *Amok,* S. 64.
[98] Vgl. ebd., S. 39.
[99] Vgl. ebd., S. 11.

Europaschoul si verwinnt a kënne sech alles leeschten. Den Erzieler mierkt net, wéi vill Opportunitéiten de Lëtzebuerger Sozialsystem, deen hien duerch de Mord un der Educatrice symbolesch zerstéiert, ze bidden huet. Rassismus a Klischeeë bilden dem weltfriemen Erzieler seng Perspektiv op de Lëtzebuerger Kosmopolitanismus.

Heimadder deit den Tullio Forgiarini op d'Schwächte vum Lëtzebuerger Multikulturalismus hin. Oft beweist sech, dass den Erzieler net versteet, dass déi kulturell Villfältegkeet grad eng Niewenerscheinung vun enger oppener Gesellschaft ass. Wëll de Forgiarini domadder weisen, dass en Deel vun der Lëtzebuerger Gesellschaft déi massiv ekonomesch a kulturell Verännerungen nach net verkraaft huet? Wat sécher ass, ass, dass dem Erzieler seng eegen Identitéitskris sech a senger rassistescher Haltung erëmspigelt.

2.2.6. Tëschfazit

Obwuel d'Migratioun (souwuel d'Emigratioun wéi och d'Immigratioun) eng wichteg Roll an der Lëtzebuergescher Geschicht a beim gesellschaftleche Wandel spillt, schwätzen d'Autere dës kaum an deenen ausgewielte Wierker un. D'Migratioun gehéiert domat net zu de Schwéierpunkte vun de Wierker. Déi Momenter, an deene se ugeschnidde gëtt, ass et op eng tangentiell Aart a Weis, als eng Niewewierkung vun der wirtschaftlecher, sozialer oder kultureller Situatioun vun de Lëtzebuerger, an dëst dann éischter am Hannergrond wéi als Haaptthema. Ausserdeem spillt Emigratioun bei den hei ënnersichte Wierker bal esou eng wichteg Roll wéi Immigratioun. Domadder ënnerscheeden sech d'Wierker entscheedend vun den ëffentlechen Discoursen aus dem 21. Joerhonnert, déi Lëtzebuerg als en Immigratiounsland duerstellen, an deem d'Wirtschaftswonner dausende vun auslänneschen Aarbechter ugezunn huet. Wéi op de leschte Säite gewise gouf, kann dëst net ignoréiert ginn.

2.3. D'Erzéiung an d'Bildung

2.3.1. *Der Verräter*

Déi an der Novell gezeechent Populatioun ass entweder Wënzer oder Doléiner. Et gëtt eng vast Klassegesellschaft, während de Gros vun de Leit iwwert eng geréng Bildung verfüügt, wat sech beispillsweis un hirem feelerhafte Franséisch („Vif la Belsch!"[100]) weist. Duerch d'Duerfenkt ass keng fräi Entfalung méiglech. Allerdéngs erkennen déi „kleng Leit" de Virdeel vu Bildung a wëllen och léieren an hire Kanner e sozialen Opstig erméiglechen.[101] Dëst stellt e Wandel an der Lëtzebuerger Kultur duer, deen am Roman *Fenn Kaß,* deen am Uschloss behandelt gëtt, vollends zum Ausdrock kënnt.

Dem Protagonist Matthäus Conter säin Ëmgang mat sengem Bouf, dem Vinzenz, ass virsuerglech a vu Léift gepräägt. Beim Roman handelt et sech allerdéngs ëm en historesche Roman, deem säin Zil et net ass, d'Kannererzéiung authentesch duerzestellen. Dem Held seng moralesch Integritéit däerf dobäi net duerch e schlecht oder ongedëllegt Behuele géintiwwer senge Matmënschen a Fro gestallt ginn. Déi nächst Romaner zeechnen do e méi realistescht Bild.

2.3.2. *Fenn Kaß*

Mat der allgemenger Schoulflicht vun 1912 gëtt de Schoulbesuch fir all d'Kanner op siwe Joer gesetzlech erweidert a fir all d'Primärschüler gratis. Esou gëtt zu Lëtzebuerg fir d'éischt Kéier e getrennte kannergrechte Liewensberäich geschaf, wouzou och speziell Sportsaktivitéiten, Fester, Bicher a Spiller fir Kanner gehéieren.[102]

---

[100] Hein: *Der Verräter,* S.22.
[101] Vgl. ebd., S. 143.
[102] Vgl. Schneider, Klaus: „Proletarierkinder. Kinderschutz im Spiegel der industriellen Entwicklung des 19. Jahrhunderts". An: *forum Nr. 271*, S. 12.

Déi sozialpolitesch Entwécklung vu Lëtzebuerg hänkt enk mat der Industrialiséierung am 19. Joerhonnert zesummen. Während Verzicht an haart Aarbecht den Alldag vun de Kanner aus dem Proletariat präägt, ginn zu dëser Zäit d'Kanner aus der Uewerschicht net siele vu Bedéngschteten ëmsuergt. Vun enger Dagesmamm geniert an erzunn a vun engem Privatenseignant ënnerriicht, kënne sech déi méi räich Kanner behitt entwéckelen. Am Géigesaz dozou bleiwen d'Klengkanner vun der Ënnerschicht sech selwer an hiren eelere Geschwëster iwwerlooss, während d'Eltere schaffen. Just an de Groussfamilljestrukture vun de Baueren oder vun den Handwierker kucken d'Elteren oder d'Grousselteren no de Kanner[103], wat och am Roman z'erkennen ass, an deem d'Eltere ganz besuergt ëm d'Zukunft vun hire Bouwe sinn an nëmmen dat Bescht fir si wëllen. De Beruff mat de beschten Opstiigschancen ass dobäi dee vum Paschtouer. Wie gutt léiert, egal wat fir enger Ofstamung en ass, huet d'Méiglechkeet, dem Handwierks- a Bauereliwen z'entkommen an eng geeschtlech Karriär anzeschloen.

Eent vun den Haapttheme vum Roman ass soumat den Zwang, Paschtouer ze ginn, deem d'Jongen ënnerleien, soubal d'Famill dëst decidéiert huet. Well d'Famill muss bereet sinn, vill Misär op sech ze huelen, fir dass de Bouf Geeschtleche ka ginn. Dëst gëllt net just fir d'Elteren, mä och fir d'Geschwëster. Déi meescht Jongen erfëllen deemno och den Elteren hiren Dram, mä et kënnt och vir, datt e Bouf un deem elterleche Wonsch zerbrécht, well en dem Drock net standhale kann oder de Beruff iwwerhaapt guer net ausübe wëll, wat de Batty Weber um Fall Putty Heinen demonstréiert.

De Putty leent de geeschtleche Beruff of (woubäi him virun allem déi sexuell Abstinenz ze schafe mécht), awer hie bréngt et net iwwert d'Häerz, sengen Elteren dëst ze gestoen. Hie füügt sech, wat awer schliisslech zur Katastroph féiert. Enges Daags kënnt et zu engem Skandal, an deen hien involvéiert ass, an hie muss flüchten, fir net verhaft ze ginn. Doduerch kann een dovun ausgoen, dass et sech ëm e Fall vu

[103] Vgl. ebd., S. 10.

Pädophilie handelt, wat am Roman awer net ausgeschwat gëtt.[104] Soumat ass de Putty d'Sënnbild fir d'Zerbriechen un den Zwäng vum Beruff als Paschtouer.

De Roman erzielt, wéi de jonke Fenn Kaß am Konvikt an d'Schoul geet. Wat hei iwwerrascht, ass d'Tatsaach, dass d'Jongen do zwar streng gehale sinn, se allerdéngs zu kengem Zäitpunkt mat Hëllef vu kierperlecher Züchtegung zum Follege bruecht ginn. Mat der Zäit gëtt esouguer dem Direkter vum Konvikt säi mëlle Kär dem Lieser ëmmer méi däitlech demonstréiert. Et erstaunt, dass de Betty Weber, nieft all senger Kritik un der Kierch, d'Streech bei der Erzéiung net ernimmt. Zu Lëtzebuerg feelt et u Recherche an dësem Domaine an esou kënne mer just Conclusiounen aus deem zéien, wat eis duerch Erzielungen iwwerliwwert ass.

2.3.3. *schacko klak*

A *schacko klak* erlieft de Lieser, wéi streng d'Erzéiung am 20. Joerhonnert ka sinn an dass et normal ass, d'Kanner duerch Schléi ze bestrofen, wat e Grond ass, firwat de Christian, de Protagonist vum Roman, bei aller Léift och Angscht viru Papp a Grousspapp huet.[105] Mä och d'Nonnen an der Schoul schloen d'Kanner bei der Erzéiung[106] an dreeën hinne mam Feegfeier. Bei hiren Erzéiungsmoossname fënnt allerdéngs eng Korruptioun vun de Wierder statt; et si Wierder ouni Sënn, déi d'Nonne gebrauchen:

> *- hei gëtt paréiert, mäi léiwe jéngi. dat wier geroden, wa jiddereen, deem et hei net gefält, nees kënnt heemgoen. ech suergen duerfir, datt et der schonn hei gefält, ma der näischt ze dinn. mir hu scho méi wéi ee kleng kritt. an nach ganz anerer wéi dech. kuck mol, datt s de fliichten op d'hauf kriss, iers de heibanne wëlls dee staarke mann spillen.*[107]

[104] Vgl. Weber: *Fenn Kaß*, S. 290.
[105] Vgl. Manderscheid: *schacko*, S. 21f.
[106] Vgl. ebd., S. 83.
[107] Ebd., S. 84.

Doriwwer eraus ass dem Jong seng Kandheet vu verschiddene Verbueter, Tabuen a Geheimnisser markéiert, déi hie belaaschten an déi hien a sengem Doheem lëfte wëll.[108] D'Stuff beispillsweis ass esou e verbuedene Raum. De Christian däerf do net eragoen; do ginn et just Streech, wat deem Ganzen eppes Festleches, Offizielles an Extraes gëtt.[109] D'Geheimnisser, d'Tabuen an d'Rätsel an der Famill ginn am Roman duerch Raim a Miwwel symboliséiert.[110] A senger Sich no Äntwerte stellt de Jong déi bestoend Reegelen a Fro.[111] Op seng Froen erhält hie weder eng kloer Äntwert nach eng Erklärung. Hie gëtt meeschtens mat engem „Dat verstees de, wann s de méi al bass" vertréischt. Soumat sinn d'Elteren zwar ëm hir Kanner besuergt a wëllen, dass se anstänneg Erwuesse ginn, awer se huele se net fir Eescht. Nëmmen en erwuessene Mënsch huet e Recht op all d'Informatiounen, e Kand dogéint gëtt als ze onräif a seng Meenung als ze onwichteg empfonnt.

2.3.4. *Perl oder Pica*

Ëm d'Erzéiung vun de Kanner suergen a këmmere sech an de 60er Jore béid Elterendeeler – dëst weist eis *Perl oder Pica.* Et ass den Eltere wichteg, e frommt a sittlecht Kand z'erzéien, dat sech behuele kann a sech an der Schoul gutt drugëtt. Fir dëst ëmzesetzen, gräift dem Norbi säi Papp op Schléi zeréck, grad ewéi och de Schoulmeeschter. Dass dëst allerdéngs lues awer sécher net méi an der Gesellschaft akzeptéiert gëtt, weist d'Tatsaach, dass d'Streech heemlech a verstoppt ausgedeelt ginn. Am nächste Kapitel (2.4.4) wäert méi genee op dës an aner Zorte vu Gewalt am Roman agaange ginn.

Ee prägnanten Ënnerscheed zum Roman *schacko klak*, dee sech 20 Joer virum Norbi senger Zäit ofspillt, ass eng latent Afrostellung vun den Autoritéitsfiguren. A *Perl*

[108] Vgl. ebd., S. 41.
[109] Vgl. ebd., S. 22.
[110] Vgl. ebd., S. 17, 87.
[111] Vgl. ebd., S. 121.

oder Pica kommen déi dräi Piliere vum Kand senger Erzéiung schlecht ewech. Den Norbi stellt dem Papp seng brutal Erzéiungsmethoden a Fro, insgeheim wënscht e sech, sech um Schoulmeeschter rächen ze kënnen, a seng provokativ Froen iwwert déi deemoleg Weltuerdnung bréngen de Katechet aus der Faassung. Duerch dem Norbi seng onbefaangen Iwwerleeunge verzeechent de Jhemp Hoscheit e Paradigmewiessel, dee vill Kanner aus de 60er novollzéie kënnen a bei deem déi traditionell, rigid Autoritéitsfiguren a Fro gestallt ginn.

Dëse Prozess kënnt net aus heiterem Himmel; den Hoscheit zeechent eng Jugend, déi vu villen anti-autoritäre Stréimunge gepräägt gëtt. Zum Beispill weist en, wéi d'Gesellschaft vum Divertissement déi al moralesch Strukturen ugräift. Dëst gëtt vum Kino a senge verféieresche Filmer, déi den Norbi esou gär wéilt kucke goen, verkierpert. Interessant ass an deem Zesummenhang, dass grad *Mutiny on the Bounty* erwäänt gëtt, e Film, deen d'Resistenz géint d'Autoritéit thematiséiert.

Dass den autoritäre Papp trotz senge moralesche Prinzipien awer nach akzeptéiert, Kinosaffichen an d'Fënster vu sengem Buttek ze hänken, oder de Fait, dass de Kino just vis-à-vis vum Nonnenheem ass, ass Deel vum Hoscheit senger Zeenografie. Domat weist en, dass déi traditionell edukativ Strukturen näischt géint déi nei, liberal Uerdnung maache kënnen, duerch déi de Wee fir de Mee 68 ugedeit gëtt.

Dem Norbi seng Dreem vu Fräiheet a Vollmuecht iwwert déi Erwuessen, déi e péngegen, kënnen an deem Sënn als proleptesch Allusioun op deen zukünftege Fräiheetswonsch gedeit ginn, deen den Hoscheit als Student, Babyboomer, Schréftsteller a Pädagog erlieft huet.

A *Perl oder Pica* gëtt d'Erzéiung net nëmmen unhand vun engem individuellen Erzéiungsschicksal behandelt. Am Norbi spigele sech d'Wënsch vun enger ganzer Generatioun, déi sech 40 Joer drop zu enger liberaler, oppener a kosmopolitescher Gesellschaft opgebaut huet.

2.3.5. *Amok*

Déi grad ernimmte Gesellschaft ass déi, déi de sozialen Hannergrond vun *Amok* duerstellt. Lëtzebuerg huet sech dee Moment zu engem moralesch tolerante Land entwéckelt, an deem déi Jugendlech sech an enger Hällewull vu Choixen orientéiere mussen. Wat beim Roman *Amok* opfält, ass de Fait, datt et dem Protagonist un enger kloerer Linn, déi hie verstoe kann, feelt. Doheem gëtt guer net no him gekuckt an et existéiere keng Regelen. An der Schoul existéiere se schonn, mä déi Jonk erkenne séier, dass sech esouguer d'Proffe selwer net drun halen, beispillsweis wa se do fëmmen, wou et eigentlech verbueden ass, och wa se am Fong versichen, sech douce, verständnesvoll, frëndlech an net autoritär ze ginn.[112] Soumat ginn déi am Roman portraitéiert erwuesse Leit ganz negativ duergestallt. De Protagonist beobacht seng Matmënschen also ganz genee a mat engem kritesche Bléck, woubäi säi gutt Beobachtungstalent him hëlleft.

Deemno feelt et an dëser moderner a scheinbar opgekläerter Gesellschaft mat all senge soziale Strukturen un Uerdnung, och ausserhalb vun der Schoul a vun doheem, wéi den Alkoholverkaf u Mannerjäreger[113] beweist. Et schéngt, wéi wann d'Konsumgier déi an de 60er Joren nach esou héichgehale Korrektheet ersat hätt. Soumat stellt de Forgiarini d'Fro vun den Grenze vun der Autoritéit.

2.3.6. Tëschefazit

Während de Wonsch no Bildung am Roman *Der Verräter* schonn ugedeit gëtt, weist eis de Roman *Fenn Kaß,* wéi wichteg et den Handwierker ëm 1900 ass, dass hir Kanner eng besser Bildung genéissen an e méi héije soziale Status erreeche kënnen. Dëst Zil souwéi d'Erzéie vum Kand zum gerueten Erwuessene setzen d'Elteren deels mat aller Häert dat ganzt Joerhonnert iwwert duerch, wéi eis et och bei *schacko klak*

[112] Vgl. Forgiarini: *Amok,* S. 10.
[113] Vgl. ebd., S. 46.

a *Perl oder Pica* demonstréiert gëtt. Souwuel d'Famill wéi och déi Jonk mussen haart dofir kämpfen, fir eppes am Liewen z'erreechen. Haut dogéint stinn de Kanner a Jugendlechen all d'Dieren op a si ënnerleien oft net méi deem Zwang, wéi déi Generatioune virun hinnen. Anescht wéi d'Bouwen a *Fenn Kaß* huet de Protagonist aus *Amok* de fräie Choix, wat fir e Beruff e spéider aschloe wëll. Letztendlech verweigert sech dëse Personnage awer der Gesellschaft, sou dass ee sech d'Fro stelle kann: Ass et gutt fir hien, dass hien esou vill Méiglechkeeten huet? Kann et och ze vill Choix ginn?

2.4. D'Gewalt an der Gesellschaft

2.4.1. *Der Verräter*

D'Gewalt an der Gesellschaft fënnt statt, fir e Gesellschaftsbild ze zerstéieren an en neit opzebauen. Dëst léisst sech kloer bei *Der Verräter* erkennen, wou d'Gewalt vum Vollek ausgeet. Well sech déi hollännesch Regierung net fir d'Aarmut vun de Lëtzebuerger interesséiert an d'Bevëlkerung net un dës Regierung erukënnt, léisst se hire Frust un de Beamten aus, déi fir den hollännesche Regime schaffen. An esou gëtt de Protagonist vum Roman, de Matthäus Conter, ëmmer erëm Affer vun Iwwergrëff, säin Haus gëtt esouguer ofgefakelt, sou dass en no an no alles verléiert, wat him um Häerz läit.

2.4.2. *Fenn Kaß*

De Kanner ginn zu Brebach virun allem d'Follegen, de schoulesche Fläiss an de Respekt virum Paschtouer unerzunn, falls néideg och mat Streech. Et gëtt Gewalt ausgeüübt, fir d'Kanner an déi Jugendlech an d'Gesellschaft anzefügen, fir dass se

sech der Gesellschaft upassen an net erausstiechen. Mä virun allem d'Schülerzäit am Konvikt symboliséiert den Zwang am Roman. Do sollen d'Bouwen nom Wëlle vum Direkter geformt ginn an et bleift keng Plaz fir Individualitéit. Fir de Fenn stellt dës Schoul en onnatierleche Massendrill (ouni dass kierperlech Gewalt ausgeüübt gëtt) duer, an där all Fräiheet agëenkt gëtt an een näischt fir d'Liewe léiert.[114]

2.4.3. *schacko klak*

D'Episod vum Schluechte vun engem Schwäin stellt déi ritualiséiert Gewalt vun der Gesellschaft aus dem fréien 20. Joerhonnert duer. Hei gëtt d'Gesellschaft an hir Hierarchie gewisen. Dëst Ritual weist d'Gewalt als Ausdrock vun Uerdnung a Prestige. D'Männer wetzen d'Messeren an d'Fraen huelen Eemeren.[115] Hei erlieft de Metzlergesell säi grousse Moment. De klenge Christian kann dës Zeen allerdéngs net gutt erdroen a flücht doropshin an de Bësch, dee fir hien d'Plaz duerstellt, wou hie seng Fantasie ausliewe kann an de Schrëftsteller sech als Individuum erkennt. Am Bësch erlieft de Christian Fräiheet an eng aner Realitéit. Gläichzäiteg üübt de Manderscheid mat dëser Episod Kritik un der Gesellschaft, déi barbaresch virgeet. Dëst weist hien, andeems hien dat gräisslecht Schluechten der Fräiheet am Bësch an der Verbonnenheet mat der Natur géintiwwerstellt.

E weidert Ritual, dat mat Gewalt a Verbindung steet, weist eis den Auteur unhand vun de Schléi, déi de Chistian erleide muss. De Papp schléit säi Jong näämlech net einfach esou, wann deen eng gestëpst huet, hie mécht e feierlecht Evenement doraus. Hie geet mam Christian an d'Salle à manger, an déi de Bouf nëmme goen däerf, wann d'Famill Chrëschtdag oder Ouschteren do zesummen ësst. Nëmmen an dëse festleche Raum geet de Papp mam Jong, fir him Streech ze ginn, fir deem ganzen en offizielle Kader ze ginn.

[114] Vgl. Weber: *Fenn Kaß*, S. 155f.
[115] Vgl. Manderscheid: *schacko*, S. 105.

En drëtten Aspekt vu Gewalt, deen am Roman opdaucht, ass déi vum nationalsozialistesche Besatzer. Obwuel de Christian ni Zeie vun dëser Gewalt gëtt, kritt en awer mat, dass Leit bestrooft an ëmbruecht ginn, wa se géint d'Virschrëfte verstoussen.

2.4.4. *Perl oder Pica*

Obwuel physesch Gewalt géint Schüler zënter 1845 verbueden ass, fanne mer och an de 1960er nach Schoulpersonal, dat et als seng Aufgab ugesäit, oft och mat der Ënnerstëtzung vun den Elteren, d'Kanner kierperlech „züchtegen" ze mussen.[116] Dës Mëssstänn weist eis de Jhemp Hoscheit um Norbi sengem Schoulmeeschter an aus der Erzielung eraus erschléisst sech net, wéi d'Eltere vun de Kanner deem géintiwwer stinn. Just bei deem Jong, deen am meeschten ënnert dem Schoulmeeschter ze leiden huet, kënnt et herno esou wäit, dass d'Famill plënnert, well se sech net ze hëllefe weess a sech net géint d'Autoritéit vum Schoulmeeschter behaapte kann. De Schoulmeeschter schéngt och wéineg Matgefill fir d'Leed vu senge Schüler ze hunn, wann hie se op saddistesch Aart a Weis leide léisst.

An de 60er Joren fënnt och nach ëmmer ritualiséiert Gewalt statt, fir sécher ze goen, dass d'Kanner den Norme vun der Gesellschaft entspriechen. Allerdéngs geschitt dës Gewalt net an der Ëffentlechkeet, well Kanner ewell als Individuen ugesi ginn, déi e Recht op eng onbeschwéiert Kandheet hunn, sou dass Gewalt géint Kanner an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi liberal gëtt, ëmmer manner gär gesi gëtt. An esou versicht de Papp de Fait, dass e säi Bouf schléit, virun den Noperen ze verstoppen, andeems en dem Norbi verbitt ze jäizen, wann en him Streech gëtt.[117]

Am Escher Mikrokosmos, an deem den Norbi opwiisst, gëtt d'Moral nach vun der Kierch, der Schoul an der patriarchalescher Famill verwalt. D'Gewalt gëtt vun den

[116] Vgl. Soisson, Robert: „Les comportements violents chez certains enfants et jeunes". An: *forum Nr. 245, S. 41.*
[117] Vgl. Hoscheit: *Perl*, S. 9.

erwuessene Männer monopoliséiert, fir d'Kanner z'erzéien, sief et um Dësch, an der Schoul oder an der Fräizäitkolonie. Si gëtt an de Kierper gestanzt an huet e staarken Afloss op de Bléck, deen d'Leit op hiert Ëmfeld werfen. Schold an Iwwerwaachung bilden dem Norbi säin Alldag. Wat net am moralesche Kader vu Kierch, Famill a Schoul steet, gëtt vertuscht a verstoppt. Déi schläichend Gewalt a *Perl oder Pica* steet am Déngscht vun der Moral a vun der Erzéiung. Si stigmatiséiert de Kierper duerch Schréipen a schreift dem Norbi d'Moral op de Leif. Wéi den Norbi eng mam Fareschwanz kritt, stellt den Hoscheit duer, wéi d'Gewalt an der Erzéiung benotzt an administréiert gëtt. E weist awer och, wéi se vum Norbi verschafft a verënnerlecht gëtt. Well mat der Zäit léiert den Norbi mat der Gewalt ze liewen. Hie verënnerlecht se, och wann en duerch säi Kolleg, de Josy, mierkt, dass et och aneschters geet. Sou léiert en net ze jäizen, wann e geschloe gëtt. Hie gëtt mam Schoulmeeschter eens, andeems e sech mat der Fantasiewelt vun de Jugenderzielungen tréischt: Dem Treines säi sadistescht Diktat dréint de Norbi a senge Gedanke sou, dass de Schoulmeeschter als „Homme blanc tout puissant“ erschéngt - eng Metapher fir dat deemolegt Patriarchat.

Obwuel dës Gewalt vum Norbi als Selbstverständlechkeet opgeholl an duergestallt gëtt, mierkt een, dass eppes net klappt, besonnesch wann de Papp am Mëttelpunkt vun der Dot steet: Et ass och eng Schimmt, eppes, dat verstoppt gëtt. Duerch den Noper, de Josy, mierkt den Norbi, dass aner Pappen och ouni ze schloen eens ginn. Ausserdeem muss den Norbi seng Wonne verstoppen, fir dass dem Papp seng Hybris net ëffentlech gëtt. Mä dat ass och eng Selbstverständlechkeet, déi den Norbi net drun hënnert, e puer gutt Momenter mat sengem Papp ze verbréngen.

Interessanterweis zielt den Hoscheit a *Perl oder Pica* och, wéi de Kierper zu enger Zort Kampfterrain gëtt. Den Auteur setzt bewosst e Kontrast an - tëschent dem Norbi senge Schréipen an dem Josette sengem Knuutschfleck. D'Schréipe sti fir de Wonsch no Uerdnung a Muecht. De Knuutschfleck steet fir Léift a sexuell Fräiheet. Allebéid musse verheemlecht ginn, well se an der Gesellschaft net akzeptéiert sinn. Se stellen och Exzesser oder Transgressiounen duer, déi verstoppt musse ginn. Dem

Hoscheit säi Verdéngscht ass et, keng schwaarz-wäiss Molerei ze bedreiwen, mä unhand vum Ëmgang mat de Kanner hire Kierperen ze weisen, wéi eng gewësse Virstellung vun Anstand a vu Moral d'Leit dozou bréngt, entweder extrem Gester ze maachen a se ze vertuschen oder déi eege Begieren a Wënsch ze verstoppen.

2.4.5. *Amok*

A sengem Roman analyséiert den Tullio Forgiarini Sujete wéi Gewalt an déi gesellschaftlech Negligenz de Problemer vun de Jonke géintiwwer. De Roman erzielt d'Geschicht vun engem Jugendlechen, dee Léift, Gléck, sozial Unerkennung a seng Plaz an der Gesellschaft sicht. An dësem Roman fënnt Gewalt statt, fir der Gesellschaft z'entkommen, am Géigesaz zu deem, wat an deenen anere Romaner gewise gëtt.

Dëst ass och eng aner Zäit. *Amok* spillt an enger Gesellschaft, déi sech friddlech, oppen a barrièrefräi gëtt. Et ass eng Gesellschaft, an där d'Educateure an d'Léierpersonal Strategien zur gewaltfräier Kommunikatioun an zur Sträitschlichtung léieren. Vum Léierpersonal geet also (aneschters wéi an all deenen anere beschwate Romaner) keng Gewalt aus. D'Gesellschaft insgesamt erschéngt als vill méi zoulässeg an antiautoritär. An *Amok* gëtt dat dem Erzieler zum Verhängnis. D'Gewalt gëtt hei net méi mat enger erzéierescher Intentioun ausgeüübt wéi dëst a *Perl oder Pica* an a *schacko klak* de Fall war. Et ass eng sënnlos an asozial Gewalt.

Doheem feelt et dem Ech-Erzieler komplett un engem feste Kader. Seng Eltere si getrennt an et besteet kee Kontakt zum Papp. D'Mamm stellt weder e Virbild nach eng Autoritéitspersoun[118] duer a kuckt och net no hirem Bouf. Kritt en Opmierksamkeet, dann a Form vun haislecher Gewalt.[119] Déi defizitär Mamm ass onfäeg, hiert eegent Liewen ze reegelen a kann esou och keng Ënnerstëtzung fir

[118] Vgl. Forgiarini: *Amok,* S. 32, 35.
[119] Vgl. ebd., S. 106.

hiert Kand[120] duerstellen. Vun der Mamm ass keng Educatioun z'erwaarden: Et gi keng Bicher doheem[121], dofir gëlle Computerspiller[122] als gëeegenten Zäitverdreif a Fast food als adequat Ernärung fir de Bouf.[123] D'Behuele vun der Mamm ass esou negativ, datt de Protagonist se net verdréit, sech fir si schummt[124] a sech oft wënscht, si wier net do:

> *Ni sees du Mamm. Oder Mamma. Du sees dach och nëmme Sandra! Oder blöd Sau (...) Spéitstens no zéng Woche fänkt hatt un, all sengen Type fuerchtbar op de Sak ze goen ... Zickeg, hysteresch, jalous ...Zéng Woche sinn am Fong vill, wann ee bedenkt, wat d'Sandra fir eng domm Kou ass (...) Du wéils, si wär dout. Oder wéinstens net méi do ...*[125]

Dëser Mamm-Kand-Relatioun entspréngt dem Jugendleche säi Gefill, net gewollt ze sinn a sech op kee verloossen ze kënnen. Aus dësem defizitäre Kader resultéiert dem Protagonist seng Respektlosegkeet virun Autoritéiten.[126]

An tatsächlech ginn an der Moyenne pro Joer eleng am Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) 300 Kanner als Affer vun haislecher Gewalt gemellt. An esou heescht et beim Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand: E Kand, dat doheem net respektéiert gëtt, wäert och ni léieren, seng Kollegen ze respektéieren. Als Erwuessenen huet esou e Kand d'Tendenz, datselwecht Behuele wéi seng Eltere weiderzeféieren.[127]

En aneren Aspekt vun der Gewalt ass dee vun der sozialer Isolatioun. De Protagonist befënnt sech an esou enger Isolatioun, him feelt et un enger Perspektiv an doduerch huet hie scho virum Asetze vun der eigentlecher Geschicht eng Verhalensstéierung an en Hang zu sënnloser Gewalt entwéckelt, wat sech am Laf vun der Romanhandlung nach verstäerkt. Den Auteur féiert de Lieser op eng Entdeckungsrees vun alldeegleche Realitéiten, déi an de Medien an am ëffentlechen

[120] Vgl. ebd., S. 11.
[121] Vgl. ebd., S. 41.
[122] Vgl. ebd., S. 22
[123] Vgl. ebd., S. 19.
[124] Vgl. ebd., S. 12, 46.
[125] Ebd., S. 14.
[126] Vgl. ebd., S. 12.
[127] Vgl. Rodesch-Hengesch, Marie-Anne: „Halte à la violence familiale". An: *forum Nr. 284,* S. 45.

Alldag oft ignoréiert ginn. De Protagonist versicht ouni Erfolleg, enger Realitéit, déi hien net geréiert kritt, z'entkommen. Déi vun him konstruéiert Dramwelt vermëttelt dobäi déi ganz Tragik vu sengem Bestriewen.

Et schéngt, wéi wann den Auteur déi negatiivsten Aspekter vun eiser haiteger Gesellschaft erausgefiltert hätt, fir dës a sengem Roman ze verschaffen a se soumat senger Lieserschaft opzeweisen. De Forgiarini werft e Bléck op déi schwaarz Séil vun eiser Gesellschaft, déi mir duerch Technologie, Individualismus an de Réckzuch an eis eege Fantasie produzéieren. Hie weist ëmmer drop hin, dass asoziaalt Behuelen matzen an der Gesellschaft stattfënnt: sief et am Zentrum vun der Stad, op der Kinnekswiss, an der Schoul oder am Spidol. Eis Gesellschaft ass machtlos dogéint, well se dat net gesi wëll.

Dofir ass d'Gewalt am Roman omnipräsent. Si fënnt am Klassesall statt, wann d'Shirley beispillsweis dem Tamara den Zierkel an d'Bee rammt, awer och um eegene Kierper, wann den Erzieler sech seng Wonnen um Réck, wou d'Shirley d'Zigarett ausgedréckt huet, ëmmer erëm opkraazt. D'Gewalt fënnt deemno matzen an der Gesellschaft, virun den Ae vun den Autoritéitspersounen, näämlech an der Schoul, statt, wou dat anti-soziaalt Behuelen latent ass.

Et existéiere keng fiabel Chifferen, déi eng Augmentatioun vun der Gewalt tëscht eise Schüler indiquéiere kéinten. Déi europäesch Etüd „Violence in schools"[128] huet bewisen, datt sech d'Zuel vu Gewaltdoten an der Schoul a kengem europäesche Land erhéicht huet. Weder d'Police- oder d'Assurancëstatistiken nach seriö wëssenschaftlech Etüde kënnen dës Conclusioun widderleeën. Zousätzlech erweist sech d'Ausmooss vun der Gewalt an de Lëtzebuerger Schoulen am Verglach mat den Nopeschlänner als éischter net esou ausgepräägt.

Wat déi psychesch Gewalt betrëfft, stellt sech d'Situatioun anescht duer. Hei beleeën d'Etüden insgesamt, dass verbal Ugrëff fir vill Schüler eng alldeeglech Erfarung

[128] Vgl. Steffgen, Georges: „Gewalt - ein Problem an Luxemburger Schulen?" An: *forum Nr. 245,* S. 25f.

duerstellen. Bezunn op dës Form vu Gewalt schéngt d'Ausmooss zu Lëtzebuerg vergläichbar héich oder nach méi héich wéi an deenen aneren europäesche Länner ze sinn. Fir eng wëssenschaftlech Beuerteelung vun der Fro, ob déi jeeweileg Gewaltformen an de Lëtzebuerger Schoulen an de leschte Jore bäi- oder ofgeholl hunn, feelen zur Zäit allerdéngs déi néideg empiresch Fuerschungen.[129]

D'Gewalt géint Enseignanten huet oft tragesch Konsequenzen, déi bis zum Mord féiere kënnen, wat mer och bei *Amok* erliewen. Mä Gewalt géint d'Léierpersonal ass an Europa ganz rar a gëtt vun der Press, wa se virkomme sollt, opgebauscht.[130]

Et ass awer eng Tatsaach, dass ee vu véier Schüler haut ugëtt, vu Gewalt an der Schoul betraff ze sinn. Nieft der Gewalt stellt d'Schoul fir vill Jugendlecher awer och d'Plaz vum perséinlechen a sozialen Echec duer.[131] Oft suergt d'Dysfonctionnement vun der Kommunikatioun fir e Klima, dat d'Entwécklung vu Gewalt favoriséiert.[132] Genee dat illustréiert den Tullio Forgiarini unhand vun deem krasse Kontrast tëschent dem Wuelwëlle vun den Enseignanten an der schwaarzer Séil vum Erzieler.

Den Auteur analyséiert a sengem Roman och d'Verhältnis tëscht Gewalt a Gesellschaft. Den Zesummebroch vun der Kommunikatioun fënnt duerch Isolatioun an Individualismus statt a resultéiert am Réckzuch an d'Fantasie. Et besteet ëmmer manner e soziale Lien tëscht de Leit. Net just d'Kanner kréien d'Méiglechkeet sech z'isoléieren, och bei den Erwuessenen ass et eng Realitéit. Sou wunnt och d'Educatrice, d'Nathalie, genee sou eleng an isoléiert wéi den Erzieler. Dobäi fënnt vill Ofgrenzung tëscht de Leit duerch d'Handye statt. D'Proffen isoléiere sech vun de Schüler an esou kucken déi Erwuesse léiwer ewech, well et méi bequem ass. A genee dat kritiséiert de Forgiarini. Hie wëll seng Lieser dozou bréngen, déi Saachen ze gesinn, déi se soss ignoréieren an net kucke wëllen.

---

[129] Vgl. ebd.
[130] Vgl. Soisson: „Les comportements violents", *S. 41.*
[131] Vgl. Ewen, Norbert: „Le débat des valeurs n'aura pas lieu?" An: *forum Nr. 245,* S. 38f.
[132] Vgl. Khabirpour, Fari: „L'école et ses services d'aide face à l'émergence du phénomène de la violance." An: *forum Nr. 245,* S. 42f.

De latente Réckzuch an d'Realitéit, deen den Ofstuerz vum Erzieler uspornt, gëtt schlussendlech vum Phantasialand verkierpert. Den Erliefnespark steet zu gudder Lescht als Metapher fir eis Gesellschaft: Mir liewen all an enger Fantasie. Sou entscheede mir eis, d'Gewalt an eiser Gesellschaft net ze gesinn. Den Narrateur lieft déi Gewalt fir eis aus, déi mir zouloossen, andeems mir ewechkucken. Hie mécht dat, wat mir net däerfen. Dass de Jong esou wéi mir all dovun dreemt, an d'Phantasialand ze goen, weist drop hin, dass en eisen Alter Ego ass. Hien ass en Deel vun eis. Hie wëll datselwecht hu wéi déi aner Leit. Beim Nathalie doheem gewënnt d'Fantasie schliisslech d'Iwwerhand. Mat hire Rotschléi a mat hire Versich, den Erzieler op déi richteg Bunn ze setzen, stellt d'Educatrice e Realitéitsprinzip duer, deen zerstéiert gi muss. Also hëlt den Erzieler d'Decisioun, säin eegene Misär z'ignoréieren an d'Nathalie z'erschloen, fir an d'Phantasialand goen ze kënnen an do säin Dram, e Mënsch fir sech ze hunn, ze liewen.

2.4.6. Tëschfazit

Gewalt gouf et zu Lëtzebuerg zu all Joerzéngt, allerdéngs hu sech hir Form, hiert Zil souwéi och déi Persounen, déi se ausüben, an deene leschten 200 Joer verännert. Déi bei *Der Verräter* duergestallte Gewalt ass reng politesch motivéiert a verdäitlecht de Frust vu enger Gesellschaft, déi ënnert dem hollännesche Regime leide muss. An deene folgende Romaner geet d'Gewalt virun allem vun den Erzéier aus an ass duerch hire Wonsch no Uerdnung a Moral, awer och Muecht motivéiert. Gréisstendeels gëtt se verstoppt a virun allem vu Männer ausgeüübt. Am zäitgenëssesche Roman *Amok* huet sech dëst geännert. Och d'Fraen, wéi d'Mamm oder d'Shirley, übe Gewalt aus, grad an deene Momenter, an deene se sech net ze hëllefe wëssen an iwwerfuerdert sinn. An der Schoul sinn et net méi déi Erwuessen, déi d'Kanner quälen, dëst iwwerhuelen déi Jugendlech elo selwer, andeems si sech géigesäiteg fäerdeg maachen. Natierlech hunn d'Leit schonn ëmmer de Geck matenee gemaach, wat d'Beispill vum Christian a *schacko klak*, deem säi Plakkapp

verspott gëtt, demonstréiert, awer bei *Amok* kulminéiert dëst a physescher Gewalt. Grad den Erzieler vun dësem Roman notzt verbal a kierperlech Gewalt, fir der Gesellschaft, an där hie seng Plaz net fënnt, z'entkommen.

Betruecht een d'Romaner chronologesch, mierkt een, dass d'Ausübe vun der Gewalt am Laf vun der Insititutioun op den Individuum iwwergeet. Wou d'Auteuren am 19. an am 20. Joerhonnert nach gréisstendeels weisen an eventuell kritiséieren, wéi d'Gewalt vun ëffentlechen Institutioune monopoliséiert a ritualiséiert gëtt, fir d'Gesellschaft zesummenzehalen, sou gesäit een, dass se sech an den Ae vun zäitgenësseschen Auteuren op eng ëmmer méi heimtückeg Aart a Weis am Familljekreess, ënnert de Kanner oder an heemleche Sozialkreesser ausbreet. A wat se méi vun den Institutioune bekämpft gëtt, wat se sech méi heemlech a méi schro ënnert de Leit ausbreet.

2.5. D'Roll vun de Geschlechter

2.5.1. *Der Verräter*

D'19. Joerhonnert, d'Zäit, an där de Roman *Der Verräter* spillt, ass ganz kloer vum d'Patriarchat gekennzeechent, sou datt Sexismus net a Fro gestallt gëtt an déif am Wuertschatz verankert ass („Weibermucken"[133]).

Doriwwer eraus gëllt fir déi ganz Famill dat, wat de Papp entscheet, sou datt d'Kanner oft ënnert den Usiichte vun den Elteren ze leiden hunn, wéi dem Conter säi Bouf, de Vinzenz, deen an der Schoul vun deenen anere Kanner wéinst den Iwwerzeegunge vu sengem Papp gedirängelt a geschloe gëtt.[134] An esouguer de

[133] Hein: *Der Verräter,* S.13.
[134] Vgl. ebd., S. 63.

Schoulmeeschter weigert sech schliisslech, de Vinzenz wéinst der politescher Meenung vu sengem Papp z'ënnerriichten.[135] Allerdéngs dréit de Papp dobäi och eleng déi ganz Verantwortung fir d'Famill.[136]

Wat déi historesch Fakte betrëfft, ass et interessant ze gesinn, dass 1857 laut enger Ëmfro néng Prozent vun de Männer an awer een Drëttel vun de Fraen bei hirer Hochzäit net an der Lag sinn, hiren Hochzäitsakt z'ënnerschreiwen. Déi eenzeg weiblech Ausnam, wat d'Bildung betrëfft, stelle Léierinnen duer: Schonn am *Ancien Régime* sinn an der Primärschoul nieft de Schoulmeeschteren och d'Léierinnen als Unterrechtspersonal unerkannt.[137] Sou sinn d'Léierinnen am 19. Joerhonnert net nëmme Pionéierinnen an der intellektueller Fraenaarbecht, mä opgrond vun hirer Ausbildung och éischter an der Lag, emanzipatoresch Fuerderungen z'artikuléieren. Sou lancéiert 1837 den neien *Unterstützungsverein der Luxemburger Lehrerinnen* eng Petitioun, an där hir niddereg Pensioune kritiséiert ginn. Donieft klëmmt d'Zuel vun de Léierinnen: 1842 ginn et an de Lëtzebuerger Primärschoulen nieft 387 Schoulmeeschteren nëmmen 18 Léierinnen; 1868 dogéint scho 438 Schoulmeeschteren an 170 Léierinnen. Dës Steigerung ergëtt sech aus der Schafung vu ville Meederchersklassen; mä och gemëschte Klassen däerfe vu Léierinnen ënnerriicht ginn. Frae kënnen och Schouldirektesch ginn, wat bei bal der Halschent vun de Schoulen de Fall ass. Vun den éischte Weiderbildunge profitéieren och Fraen.

D'Revolutioun vun 1848 huet fir d'Lëtzebuerger Fraen nohalteg Konsequenzen. Och wa si an der neier Verfaassung vun 1848 net emol ernimmt ginn, hält den Artikel 12 fest: „Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi."[138] Dësen Artikel, deen d'Gläichheet vun de Geschlechter implizéiert, ass an den annerhallef Joerhonnerten bis zum Gläichheetsprinzip tëschent Mann a Fra am Joer 2006 déi heemlech Riichtschnouer, un där sech rechtlech Moossname fir oder géint d'Frae moosse mussen.

---

[135] Vgl. ebd., S.110.
[136] Vgl. ebd., S. 54.
[137] Vgl. Wagener, Renée: „Bye bye, Siegfried. Der lange Abschied der Luxemburger Frauen vom Patriarchat." An: *Not the girl you're looking for. Melusina rediscovered,* erausgi v. CID-Femmes. Lëtzebuerg: Editions Schortgen 2010, S. 213.
[138] http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-recueil-constitution-20161020-fr-pdf.pdf; leschten Zougréff 3.4.2019.

Allerdéngs steet deem entgéint nach de *Code civil* vun 1804, deen d'Mannerwäertegkeet - virun allem vun der bestuetener Fra - verankert. Während der Franséischer Revolutioun sinn der Fra scho politesch Rechter ofgeschwat ginn: No der Revolutioun festgehalen Neierunge wéi d'Gläichheet vun der Koppel a vun de Kanner, d'Recht op Scheedung souwéi d'Aschränkung vun der Muecht vum Papp ginn erëm réckgängeg gemaach. De Code schreift zousätzlech d'Onmëndegkeet vun der bestuetener Fra fest: Si däerf net eleng viru Geriicht goen, iwwert hiert Verméigen oder hiren Aarbechtsloun bestëmmen, iwwert Erzéiungsfroe matschwätzen oder d'Scheedung wéint Ontreiheet vun hirem Mann areechen. Während politescht Matsproochrecht fir den allergréissten Deel vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung am 19. Joerhonnert souwisou eng Utopie bleift, verhält et sech anescht mat de biergerleche Rechter. Si hu konkret Konsequenze fir d'Organisatioun vum Alldag, andeems se tëscht de männleche Bierger Gläichheet schafen an an der Famill déi hierarchesch Rechtsstrukture verfestegen.[139]

2.5.2. *Fenn Kaß*

Eréischt an den éischte Joerzéngte vum 20. Joerhonnert gëtt déi weiblech Stëmm zu Lëtzebuerg lues a lues méi haart. Och wann et scho verschidde Frae gëtt, déi sech der Positioun vun hirem Geschlecht an der Gesellschaft bewosst sinn, wéi beispillsweis d'Aline Mayrisch de Saint-Hubert, kënnt dës Stëmm – wéi dat zu Lëtzebuerg Traditioun huet – aus dem Ausland. Den 9. Dezember 1905 hält d'Dr Käthe Schirmacher, eng däitsch Feministin, eng Konferenz am Athénée. D'Cofondatrice vum *Bund der fortschrittlichen Frauenvereine* a vum *Weltbund für das Frauenstimmrecht* hélt hei kloer Positioun a schwätzt dovun, wat d'Fra vun engem weibleche Standpunkt aus misst sinn. Dësen „Acte de libération intellectuel", wéi d'*Lëtzebuerger Zeitung* d'Evenement nennt, bréngt verschidde Fraen dozou, hir

[139] Vgl. ebd., S. 214.

Aktiounen ze konkretiséieren. An esou kënnt et schonn de 14. Januar 1906 zur éischter Assemblée générale vum *Verein für die Interesse der Frau*, vun deem d'Aline Mayrisch déi éischt Presidentin gëtt. Den 11. Juni 1911 setzt de Staat e legale Kader fir den Enseignement secondaire fir Meedercher. Allerdéngs geschitt dëst méi ënnert dem Drock vun de Fraevereiner, wéi dass wierklech e Wëllen do gewiescht wier, fir d'Gläichheet vun de Geschlechter z'etabléieren. Och wann d'Frae sech elo iwwert eng besser Bildung freeë kënnen, sou ass dës awer dofir geduecht, de patriarchale Charakter vun der Gesellschaft am Ufank vum 20. Joerhonnert ze stäerken.[140] De Grand-Duché ass awer och eent vun deenen éischte Länner, dat 1919 de Fraen d'Wahlrecht accordéiert.

An esou ass d'Joerhonnertwenn vum 19. an d'20. Joerhonnert trotz de Bestriewunge vu verschiddenen intellektuelle lëtzebuergesche Fraen (grad um Land) nach ëmmer ganz kloer duerch d'Patriarchat zu Lëtzebuerg gekennzeechent an et ass deementspriechend wéineg verwonnerlech, datt et och am Fenn Kaß sengem Fall de Papp ass, deen decidéiert, datt säi Bouf Paschtouer soll ginn. D'Mamm dogéint dréit eng fir déi deemoleg Zäit ganz modern Astellung, et misst een dem Kand selwer d'Beruffswiel iwwerloossen. Natierlech gëtt hir Usiicht vum „Familienoberhaupt" ignoréiert:

> *Fenn hörte die Bettstelle laut und energisch krachen und wußte nun, daß Vater Kaß sich herumgedreht und sein letztes Wort gesprochen hatte. Die Mutter wagte noch einige schüchterne Versuche, ihre Gedanken über die Zukunft ihres Einzigen an den Mann zu bringen. Als darauf nichts als ein kräftiges Schnarchen erfolgte, wurde sie still."*[141]

Dem Fenn Kaß seng Mamm, och wa se an hirer konventioneller Roll ganz opgeet a keng emzipatoresch Tendenzen z'erkenne gëtt, ass déi eenzeg positiv Fraefigur am Roman. Si ass gebilt an huet grad wéi hire Jong viru kengem Angscht. D'Wuel vun hirem Jong ass hir dat Wichtegst, woubäi se awer net, wéi déi aner Elteren, mat

[140] Wagner, David: „Essor et déclin des mouvements feminists au Luxembourg", an: *forum 253,* S. 24.
[141] Weber: *Fenn Kaß,* S. 43.

hirem Kand ugëtt.[142] Si ënnerstëtzt hie bei allem, wat hie mécht, a bestäerkt hien a sengem Charakter.

Déi aner Fraen am Roman - mat der Ausnam vum Marjänni - komme just um Rand vir. Si gehéieren der Bourgeoisie un, sinn Nonnen, einfach Duerffraen oder d'Mammen oder d'Schwëstere vum Fenn Kaß senge Schoulkomeroden. Dës Frae ginn als geeschteg mannerbemëttelt, béisaarteg an traatschsüchteg duergestallt. Si si vun hiren Instinkter bestëmmt, dobäi awer de Männer géintiwwer ganz ënnerwierfeg a bewonneren hir studéiert Bouwen respektiv Bridder. Virun allem d'Joffer Brendel, d'Schwëster an d'Haushälterin vum Paschtouer vu Brebach, weess mat hirer béisaarteger Aart d'Leit ze treffen. Brebach ass voller Duerfintrigen, „bei denen in der Regel unbefriedigte Weiblichkeit die ausrottbare Tatkraft abgibt: Weiber, die ihren Tatendrang und ihre abgestandene Liebesbedürftigkeit durch das Sicherheitsventil eines so orgiastisch wie systematisch betriebenen Klatsches ausströmen lassen, und Männer, die ihnen dabei helfen"[143].

Nieft dem Fenn Kaß senger Mamm stellt dem Protagonist seng Kandheetsfrëndin, d'Marjänni, de wichtegste weibleche Personnage vum Roman duer. Hatt ass dem Schoulmeeschter Braun säi Meedchen a gëtt och am Ufank ganz positiv duergestallt, sou dass et dem Fenn gutt gefält. Als Kanner spille si vill mateneen[144] an et schéngt, wéi wann déi zwee firenee bestëmmt wieren. Dat gëtt dem Fenn virun allem bewosst, wéi sech seng éischt sexuell Gedanke bemierkbar maachen.[145]

D'Marjänni, dat als Kand selbstbewosst ass, ka geeschteg labber mat Jongen mathalen. Dëst stellt hatt beispillsweis ënnert Beweis, wéi hatt vun de Schwieregkeeten, déi ee beim Opnamexamen an d'Léierinnen-Normalschoul erwaarden, erzielt.[146] Als Fofzéngjäregt gëtt säin Intellekt allerdéngs scho méi negativ duergestallt. Sou soll säi Wësse just iwwerflächlech sinn an hatt

[142] Vgl. ebd., S. 60ff.
[143] Ebd., S. 215.
[144] Vgl. ebd., S. 25f.
[145] Vgl. ebd., S. 104.
[146] Vgl. ebd., S. 40.

d'Grammatikreegelen an d'Rechnen zwar beherrschen, awer nëmme soulaang kee besonnescht Kombinatiounstalent erfuerdert ass. Hatt versteet beispillsweis d'Erklärunge vun sengem Papp zu de Stären net, déi souguer deen net ganz intelligente Putty direkt verënnerlecht. Hatt wëll d'Explikatiounen opgeschriwwen hunn, fir datt et se léiere kann: „Ihr Wissen war sauber, wie gebügelt, in den verschiedenen Fächern aufgestapelt."[147] Während de Fenn am Konvikt ass, studéiert awer och d'Marjänni weider. Hatt soll näämlech deeselwechte Wee wéi säi Papp aschloen a Léierin ginn. Vläicht läit et um Fenn senger Wiel, Paschtouer ze ginn, datt och hatt d'Decisioun hëlt, op en traditionellt Familljeliewen ze verzichten, well sech zu där Zäit Léierinnen net bestueden däerfen, ouni hire Beruff opzeginn. Soumat ass d'Marjänni déi eenzeg Fra am Roman, déi méi héich Etüden ustrieft.

Wat d'Marjänni awer méi al gëtt, wat den Auteur et ëmmer méi negativ duerstellt, wat dramaturgesch och néideg ass, fir dass de Fenn Kaß net Gefor leeft, wéint enger Fra de geeschtleche Beruff opzeginn.[148] Wéi d'Marjänni bis Léierin ass, fillt hattt sech schrecklech eleng a verlooss an et hält dem Drock, dee vu Paschtouer a Buergermeeschter ausgeüübt gëtt, net stand. D'Marjänni stellt hei keen Eenzelfall duer, well d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen effektiv ënnert de strenge Konsequenzen vum Schoulgesetz vun 1843 ze leiden haten. Dem Gesetz no hunn d'Enseignanten zwou moralesch Féierungszensure gebraucht, eng vun der weltlecher an eng vun der geeschtlecher Obregkeet vun der Gemeng, also vum Buergermeeschter a vum Paschtouer, deen dat reliéist a moralescht Verhale vum Léierpersonal iwwerwaacht a bewäert huet. Dës entwürdegend Erwaardung, den Obregkeete follegen a gefalen ze mussen, war den Enseignantë séier en Dar am An; dës Ofhängegkeet gouf awer eréischt mam Schoulgesetz vun 1912 erëm ofgeschaf.[149] A sengem Elengsi besicht d'Marjänni säin eenzege Kolleg am Duerf, de

[147] Ebd., S. 133.
[148] Vgl. Weitzel-Pleger, Michelle: *„Fenn Kaß" von Batty Weber. Die Erlösung in der industriellen Produktion: ein Versuch über liberale Bewusstseinsstrukturen in einem Luxemburger Roman der Jahrhundertwende.* Lëtzebuerg: 1985, S. 66.
[149] Vgl. d'Introduktioun vum Germaine Goetzinger zum Nik Welter sengem *Lene Frank*. Lëtzebuerg: 1990, S. 28ff.

Fritz Lampert, an et kënnt, wéi et komme muss: D'Marjänni gëtt schwanger a bestit de Fritz.[150]

Wéi de Fenn d'Marjänni schliisslech als bestuete Fra zu Brebach erëmgesäit, fillt hatt wuel nach, dass hatt eigentlech zu him gehéiert hätt, awer de Protagonist erlieft hatt als ganz verännerte Mënsch. Hatt huet sech zu enger „Hausmutter" mat „willfährige(n) Gehorcherinnenaugen" entwéckelt, „die nach den Wünschen eines Gebieters spähten, nicht immer froh, manchmal mißmutig, aber immer untertan. Es waren die Augen eines Wesens, das in sich allein keine Erfüllung findet, das Ergänzung sucht und sich da gehorsam einlebt, wo sein Schicksal es am Strande absetzt. Sie war mit ihrem ganzen Wollen und Denken dem Wollen und Denken ihres Mannes magdlich untergeben"[151]. De räichen Alkoholiker Fritz Lampert huet schonn op seng Fra ofgefierft an esou ass aus dem léiwe Marjänni eng iwwerflächlech räich Mëllersfra ginn, déi nëmmen un Äusserlechkeeten, wéi um Schmuck vun hirer verstuerwener Schwéiermamm, interesséiert ass.[152] De Fenn reagéiert mat Bestierzung, Eekel, Trauer a Matleed op dës Verännerungen:

> *Ein Gefühl physischen Ekels war in ihm gegen den Lebensausschnitt, dessen Zeuge er gewesen war. Irgend etwas göttlich Reines meinte er beschmutzt und zertreten gesehen zu haben, und am trostlosesten schien es ihm, dass die, die er in solche Tiefen gestoßen sah, nicht mehr mit der starken Sehnsucht, die erlösen kann, ans Licht zu streben vermochte.*[153]

Als Lieser wonnert ee sech, dass am liberale Batty Weber sengem Roman esou vill Fraefeindlechkeet, e komplett réckstännege Patriarchalismus an eng decidéiert Ofleenung vu Sexualitéit ze fannen ass. Dëst gëtt och vum Fenn senge Virbiller, dem Wöllem an dem Pichert, déi allen zwee als notoresch Fraenhaasser bezeechent kënne ginn, weider beluecht. Et kann een also duerchaus behaapten, datt de Batty Weber säi Wierk „mit frauenfeindlichen Stellvertretern fast inflationär durchsetzt hat"[154]. Mä anerersäits entsprécht dem Auteur seng Duerstellung och der Mentalitéit

[150] Vgl. Weber: *Fenn Kaß,* S. 175ff.
[151] Weber: *Fenn Kaß,* S. 201.
[152] Vgl. ebd., S. 282.
[153] Ebd., S. 203.
[154] Weitzel-Pleger, Michelle a Victor: „Die bürgerliche Familie in Batty Webers Romanen." An: *LL Nr. 46 vum 15.11.1985*, S. 8f.

ëm 1900. D'Frae ginn als emotional Wiesen ugesinn, déi eleng op Basis vun hire Gefiller an Instinkter handelen, ouni zu rationellem Denke fäeg ze sinn.[155] Dofir kann d'Liewe vun der Fra nëmmen ofhängeg vum Mann stattfannen a si ass net an der Lag, sech op eppes Aneres wéi d'Famill an d'Hausfraenaarbecht ze konzentréieren. Souguer wann de Batty Weber sou Theorien net ënnerstëtzt, sou si se dach awer am Roman *Fenn Kaß* ze spieren, wou déi duergestallte Fraefiguren dëse Klischeeën entspriechen.[156]

D'Fro, déi sech elo natierlech stellt, ass déi, op dëst Fraebild och der deemoleger Wierklechkeet entsprécht. D'Stellung vun der bestuetener Fra ass vun hirer zivilrechtlecher a materieller Ofhängegkeet gepräägt. Virum Éischte Weltkrich si virun allem d'Fraen um Land sécherlech a kenger beneidenswäerter Positioun. D'Liewen um Land ass ganz haart fir d'Fraen. Déi verschidden hauswirtschaftlech Tätegkeete si villsäiteg an aarbechtsopwenneg. Meeschtens sinn d'Familljen Eegeversuerger, sou datt fir d'Fraen nieft dem Stot och aner Tätegkeete wéi baken, bitzen, am Gaart schaffen, etc. dobäi kommen. Donieft hëllefen déi meescht Fraen och beim Véifidderen a -sträichen, um Feld a bei der Veraarbechtung vu Botter a Kéis. Fräizäit bleift net vill iwwreg an Oflenkung an Ënnerhalung ginn et souwisou net vill um Duerf. Och verloossen d'Frae kaum hiert Duerf, woufir déi alljäerlech Pilgerfaart an d'Oktav eng wëllkomm Ofwiesslung ass. D'Liewe vun de Bauersfrae kann also duerchaus als eng haart liewenslänglech Laascht bezeechent ginn.[157]

Chancen, dësem Liewen z'entkommen, ginn et kaum. Well fir déi meescht Meedercher nëmmen e Bestietnis als Zukunftsperspektiv a Fro kënnt, hält d'Ausbildung virun 1912 no sechs Joer op; si ass also äusserst defizitär.[158] Eréischt d'Schoulgesetz vun 1912 erhéicht d'Schoulflicht op siwe Joer a setzt zwee Joer

[155] Vgl. „Impressionismus, Symbolismus und Jugendstil", hrsg. v. Ulrich Karthaus. An: *Die deutsche Literatur in Text und Darstellung. Bd. 13,* S. 41ff.
[156] Vgl. Weber: „Nachwort", S. 394ff.
[157] Vgl. Kutten, Colette: „Frauen auf dem Land. ‚Nur das Wirken der Frau hält den Mann auf der Scholle.'" An: *Wenn nur wir Frauen auch das Wort ergreifen.* Lëtzebuerg: 1997, S. 178ff.
[158] Vgl. ebd., S. 177f.

obligatoresch Fortbildungsschoul fest.[159] Déi vereenzelt Meedercher, déi hir Studien nach no der Primärschoul fortsetzen, besichen entweder fir een oder zwee Joer e Pensionat[160] oder ginn - wéi d'Marjänni - Léierin. De Beruff vun der Léierin ass, wéi gesot, déi eenzeg Méiglechkeet fir e Meedchen, weiderféierend Studien zu Lëtzebuerg ze bedreiwen. Eréischt 1909, no schwieregen Ausenanersetzungen an Ufechtunge virun allem vu kierchlecher Säit, gëtt den éischte Meedercherslycée mat Hëllef vun enger privater Initiativ gegrënnt. Frae wéi d'Jeanne Düren, d'Anne Befort an d'Marie Speyer, déi virum Éischte Weltkrich studéiert hunn, stellen déi absolut Ausnam zu Lëtzebuerg duer.[161]

2.5.3. *schacko klak*

D'Patriarchat gëtt och an dësem Roman net a Fro gestallt, an esou ass et de Papp, deen doheem d'Soen huet. Esouguer de Bopa ënnerläit dëser Autoritéit.[162] D'Roll vun der Mamm besteet doranner, dem Papp eng Hëllef ze sinn.[163] De Christian stellt dëst a Fro (Firwat hëlt d'Fra den Numm vum Mann un? Firwat heeschen d'Kanner wéi hire Papp?), mä hien ass deen Eenzegen, dee sech esou Gedanke mécht an esou kritt hien - wéi ëmmer - och keng Äntwert.

Historesch gesinn fuerderen 1947 d'*Femmes socialistes* nom Stëllstand vun de feministesche Bestriewungen duerch den Zweeten Weltkrich eng vollstänneg Gläichstellung vu Männer a Fraen an der Aarbechtswelt souwéi eng gläichwäerteg Pai. Doriwwer eraus kritiséiere si déi ëmmer erëm willkürlech Entloossunge vu

[159] Vgl. Trausch: *Le Luxembourg*, S. 101.
[160] Vgl. Weber, Josiane: „L'éducation et l'instruction des jeunes filles de la bourgeoisie luxembourgeoise dans la 2e moitié du 19e siècle." An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen.* Lëtzebuerg: 1997, S. 10ff.
[161] Vgl. Goetzinger, Germaine: „Marie Speyer. Eine Karriere im Spannungsfeld von Germanistik und Pädagogik." An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen.* Lëtzebuerg: 1997, S. 46.
[162] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 22, 62, 86.
[163] Vgl. ebd., S. 25.

weiblechen Employéeën soubal dës bestuet ginn.[164] Trotzdeem sinn d'Verännerungen an den nächste Joerzéngten nëmme schläichend spierbar, kommen awer no an no och zu Lëtzebuerg un, wéi eis den nächste Roman weist.

2.5.4. *Perl oder Pica*

D'Gesellschaft vu *Perl oder Pica* ass déi vum Patriarchat, an där den iwwermächtege Papp d'Soen huet, während d'Mamm sech eraushält. Den Norbi huet grousse Respekt viru sengem Papp, bewonnert säi berufflecht Geschéck a wënscht sech Opmierksamkeet vun him, well tëscht deenen zwee eng gewëssen Distanz besteet, déi sielen iwwerwonne gëtt:

> *Lo wär de Moment do fir mäi Papp ze froen. A fir him meng Hëllef unzebidden, eis Hëllef. So mer mol, Papp, wann et der näischt ausmécht, wien ass dee P? Sou einfach wéi Bonjour. Du kanns eleng Buschtawen op Käerze pechen, awer bei engem Buschtaf gëss d'eleng net eens. Ech bréngen et net iwwert mech. Ech weess net, wat et ass, dat mech zréckhält. Komesch, datt hien näischt seet. Oder geet him och lo eppes duerch de Kapp? Mee wat? Ass et iwwerhaapt e Virnumm oder wat? Mäi Kapp bréngt dee Saz fäerdeg, awer meng Stëmm mécht net mat.*[165]

De Papp symboliséiert mat all senge Widdersprréch, sengem mysteriéise Behuelen an onëmstéissleche Wäerter déi Lëtzebuerger Gesellschaft, déi klengkaréiert ass a voller Viruerteeler stécht, sief et der Nationalitéit („Léiwer e Preis wéi e Bootscha"[166]) oder dem Beruff an der Hierkonft géintiwwer, wat och un der Figur vum Schoulmeeschter Treines demonstréiert gëtt:

> *Dem Treines säi Bléck geeschtert erëm duerch d'Klass. Deen nächsten. E kroopt sech de Pol. Professeschjong. Schonn deen zweeten, dee mer sécher duerch hunn, denkt en sech. Professeschjonge kréie keng Défaillance. Déi sinn duerch an duerch tränéiert. An der Schoul. An doheem. (...) Beim Aloyse gëtt den Treines d'Hoffnung op. (...) Den Treines keimt. Hätt de Firm net besser Fussballsträner ze ginn? An de Bouni Steemetzer? (...) Ech weess net, wat deem seng*

[164] Vgl. Wagener: „Bye bye, Siegfried", S. 230.
[165] Hoscheit: *Perl*, S. 211.
[166] Ebd., S. 125.

Eltre schaffen. Den Treines weess et. E schreift en op d'Lëscht. Mat zwou Schwësteren an zwee Bridder, huet den Théo keng Chance. Dat hält sengen Elteren hire Portemonni net aus.[167]

Trotzdeem léisst sech déi schrëttweis Emanzipatioun och am Roman spieren, beispillsweis wann d'Mamm sech dem Papp widdersetzt, fir dat unzedoen, wat si wëll. Och dem Norbi senger Schwëster geléngt et, sech lues a lues z'emanzipéieren an trotz dem Papp senger Kontroll, jo Iwwerwaachung, e Frënd ze hunn.

D'60er Jore sinn och tatsächlech d'Zäit, an där d'Roll vun der Fra zu Lëtzebuerg nei betruecht an iwwerduecht gëtt. 1963 kritiséiert de chrëstlech-soziale Familljeminister Emile Schaus am Virwuert vun der Broschür vun der *Action familiale et populaire,* „wie rückständig unsere Familiengesetzgebung noch ist, und wie wenig Rechte unsere Ehefrauen und Mütter in Luxemburg genießen". Zousätzlech gëtt an der Broschür festgestallt, dass d'Rechtsonfäegkeet vun der Fra e veraaltent Prinzip wier. Wéi kënnt et allerdéngs zu dëser neier Siicht säitens de Konservativen? Engersäits gesi sech d'Parteie mat neien, jonke Wielerinne konfrontéiert, vun deenen der ëmmer méi e Schoulofschloss gemaach hunn an e qualifizéierte Beruff ausübe wëllen. Anerersäits erméiglecht d'Antibabypëll de Fraen eng effizient Familljeplanung. Ëmmer méi jonk Lëtzebuerger Frae stellen dat traditionellt Geschlechtervehältnis a Fro. Si wëllen net méi wéi hir Mammen an net nom Hausfraemodell vun de 50er Jore liewen, mä sech an hirer Aarbecht verwierklechen. Och erkennen d'Fraen ëmmer méi, dass hir Rechter zu Lëtzebuerg staark beschnidde sinn, wat beispillsweis d'Scheedungsrecht, d'Léin, d'Verhütung, déi nach ëmmer en Tabu duerstellt, souwéi d'Schwangerschaftsënnerbriechung, déi strofbar ass, betrëfft.[168]

Opfälleg ass och d'Entsteeung vun neie politesche Fraeveräiner: Direkt nom Krich entsteet 1945 d'*Union des femmes,* 1954 déi *Chrëstlech-sozial Fraen,* 1969 bilde sech d'*Femmes libérales* an e bësse méi spéit d'*LCR-Fraen*: en Zeechen, dass d'Fraen d'Parteien entdecken - an d'Parteien d'Fraen. Nieft de parteipolitesche

[167] Ebd., S. 262f.
[168] Vgl. Wagener: "Bye bye, Siegfried", S. 230f.

Vereenegunge fanne sech 1962 d'*Femmes juristes* zesummen an déi 1923 gegrënnte *Fédération luxembourgeoise des femmes universitaires* erlieft en neien Opschwonk.[169]

Drock maachen och d'Politikerinnen. 1965 ass d'Sozialistin Astrid Lulling déi éischt Fra am Parlament säit der Marguerite Thomas-Clements 1931. An hirer Untrëttsried mécht sech d'Astrid Lulling zur Stellvertriederin vun de Fraenorganisatiounen, fir „(...) déi berechtegt Fuerderung vun de Lëtzebuerger Fraen (...) enger gudder Léisung entgéint ze féieren"[170]. 1967 gëtt d'Madeleine Frieden-Kinnen (1915-1999) als éischt Fra Regierungsmember; si gëtt CSV-Staatssekretärin fir Familljen-, Jugend- an Unterrechtspolitik. Och si appelléiert un d'Parlament „pour que les femmes mariées aient enfin un statut - je ne dirai pas digne d'elles, mais digne de ceux qui sont leurs partenaires et qui - grâce à leur écrasante majorité dans tout ce qui est pouvoir public - ont à peu près seuls en mains les instruments qui permettent de changer ce statut (...)."[171]

Ab 1965 ass déi al Uerdnung definitiv a Fro gestallt. Nodeems déi sozialistesch Fraktioun op Basis vun den Aarbechte vun der *Commission des femmes juristes luxembourgeoises* e Gesetzesentworf fir d'Reform vum Status vun der bestuetener Koppel virgeluecht huet, muss d'Regierung handelen. Hire Virschlag zur Reform vum Bestietnis vun 1963 huet d'Virmuechtstellung vum Mann net a Fro gestallt, mä 1969 entsteet dann en neien Text, deen d'Gläichstellung elo akzeptéiert.[172]

Wéi *Perl oder Pica* duerstellt, ass den Afloss vun der 68er-Beweegung zu Lëtzebuerg schonn ze spieren, wann och net an esou engem staarken Ausmooss wéi an den Nopeschlänner.[173]

[169] Vgl. ebd., S. 231.
[170] *CCR*, 20.10.1965, S. 3022f.
[171] *CCR*, 9.3.1967, S. 2117.
[172] Vgl. Wagener: "Bye bye, Siegfried", S. 232.
[173] Vgl. Kmec, Sonja: *Das Gespenst des Feminismus. Frauenbewegung in Luxemburg.* Marburg: Jonas Verlag 2012, S. 18.

2.5.5. *Amok*

De 16. Juni 2006 gëtt am Lëtzebuerger Parlament folgend Verfaassungsännerung ugeholl: „Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs. L'État veille à promouvoir activement l'éliminiation des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes."[174] Esou strieft och de Staat elo no Gläichheet tëscht de Geschlechter.

Trotzdeem liewe mer ëmmer nach mat den Nowéie vum patriarchale System: D'Statistiken doriwwer, dass Fraen op politeschen a wirtschaftleche Muechtplazen ënnerrepresentéiert sinn, d'Paien, déi sech nach ënnerscheeden, den iwwerproportionalen Taux vu Fraen um ënneschten Enn vun der sozialer Leeder (wéi d'Beispill vun der Mamm an dësem Roman weist), den héijen Undeel vu Fraen, déi finanziell ofhängeg sinn (sief et vum Partner oder vum Staat) an déi ëmmer nach bestoend Gewalt géint Fraen sinn däitlech Indicateuren dofir.[175] Dëse leschte Punkt erliewe mir och ganz kloer am Roman *Amok,* wou d'Meedercher sech vun de Jongen erëmkommandéieren a vernenne loossen, ouni dëst a Fro ze stellen oder sech ze wieren:

> *Op der Gare huel der nach zwou Puten mat. Esou nennt de Jacques se. D'Chanel an d'Melissa. (...) Seul à l'arrière avec trois putes. (...) D'Meedercher laachen. (...) D'Puten hu mer alles ewechgefëmmt!, sees du. (...) Ta gueule, connasse!, seet den Denilson. Och fir ze laachen. D'Shirley laacht emol op alle Fall. Mee hatt paakt d'Wick net méi un. Am d'Melissa an d'Chanel och net méi. (...) Les putes au Puff!, huet den Denilson geruff. An all Mënsch huet gelaach.*[176]

War et allerdéngs fréier liicht, kollektiv Diskriminéierunge vu Fraen ze benennen an duerch gemeinsam Reflektioune kollektiv Léisungen ze fannen, sou ginn haut vun de Frae selwer Ongläichheets- an Ofhängegkeetssituatiounen als indivuell Phänomener erlieft oder guer net méi wouergeholl. Am Privatberäich erliewen ëmmer manner Fraen hire männleche Partner als Patriarch; si riichte sech zesumme mat hinnen e Familljesystem an, dee fir déi zwee Geschlechter, virun allem awer fir d'Fraen,

[174] *CCR*, 16.3.2006; S. 314ff.
[175] Vgl. Wagener: „Bye bye, Siegfried", S. 235.
[176] Forgiarini: *Amok,* S. 52f.

negativ Konsequenzen kann hunn. Amplaz dass d'Eltere kollektiv Aarbechtsverkierzung oder Kannerbetreiungsstrukturen afuerderen, gëtt säit den 90er Joren d'Hausfraemodell vum Modell vun der Hallefdaagsmamm ofgeléist.[177]

Ëmmer nach ginn d'Geschlechterverhältnisser an traditionell an net traditionell Formen ënnerdeelt, woubäi als Trennlinn virun allem d'Beruffstätegkeet vun de Fraen erugezu gëtt. Aus dëser dualistescher Optik ergëtt sech déi albekannte Rolleverdeelung „Mann – baussen" a „Fra – bannen". D'Fra ass zoustänneg a verantwortlech fir de Stot, d'Kannererzéiung an d'Fleeg. De Mann gëtt als den Ernährer vun der Famill ugesinn. Och si Fraen a Männer zu Lëtzebuerg, grad wéi och an aneren europäesche Länner, weder an alle Beruffer vertrueden nach si Fraen a Spëtzepositiounen zur Selbstverständlechkeet ginn. [178]

2.5.6. Tëschefazit

An de Romaner ass insgesamt spierbar, wéi déif d'Patriarchat an der Lëtzebuerger Gesellschaft verwuerzelt ass an esouguer an der haiteger Zäit, an där Mann a Fra um Pabeier gläichberechtegt sinn, dëst Rollendenken nach an de Käpp vun de Leit verankert ass a vun de Romanfiguren net a Fro gestallt gëtt. Kee vun dëse Romaner ass och nëmmen am Usaz e feministescht Wierk, wat wuel doru läit, dass d'Auteure Männer sinn oder dass se sech domadder zefriddestellen, e realistescht Bild vun der Zäit, an där d'Geschicht spillt, ze zeechnen. Beim Batty Weber geet dëst allerdéngs esouwäit, dass e sech a Klischeeë verléiert.

[177] Vgl. Wagener: „Bye bye, Siegfried", S. 235.
[178] Vgl. Baltes-Löhr, Christel: „Immer wieder Gender", an: *forum 253*, S. 28f.

2.6. Den Ëmgang mat der Sexualitéit

2.6.1. *Der Verräter*

An dësem Wierk gëtt d'Sexualitéit net thematiséiert. Wéi dem Matthäus Conter seng Fra hiert zweet Kand erwaart, erziele se hirem éischte Bouf, dem Vizenz, si géifen him en neit Geschwësterche kafe goen. Dëst weist, dass en éierlechen an oppenen Ëmgang mat Sexualitéit zu där Zäit en Tabu ass a Kanner net opgekläert ginn.

2.6.2. *Fenn Kaß*

D'Sexualitéit gëtt um Enn vum 19. Joerhonnert a virun allem am Konvikt, wou sech d'Jongen an der Pubertéit befannen, als Tabu an als de grousse Feind ugesinn. Dëst fënnt säin Héichpunkt am absurde Verbuet, Meedercher, déi ee kennt, ze gréissen, wann een hinne begéint.[179] An esou huet de Fenn och bei senge Gedanken u seng Jugendfrëndin Marjänni e schlecht Gewëssen. Duerch säi staarke Charakter geléngt et him awer, dës ëmmer erëm z'ënnerdrécken:

> *Sobald Fenn in seinen Gedanken so weit war, meinte er, jeder müße ihm ansehen, daß er gerade an ein so dummes Mädel dachte. Er schämte sich, drückte die Fäuste fester an die Schläfen und biß die Zähne grimmig aufeinander, und wie mit Hammerschlägen trieb er sich die Regeln und Vokabeln in den Kopf hinein.*[180]

Am Konvikt gëtt de Jonge bäibruecht, datt erotesch Gedanken eng Sënn sinn an zum Verfaule féieren. Dem Fenn säi Kolleg Putty Heinen huet staark dorënner ze leiden a kräischt a biet vill an der Kapell, fir seng Séil ze rengegen. An awer hëlleft dëst him net, déi „heimtückesch" Gedanke lasszeginn.[181] Dëst Ënnerdrécke vu sengem natierlechen Trib wäert hien och nach no senger Zäit am Konvikt begleeden a bei him schliisslech zu enger Katastroph féieren (Vgl. S. 56).

[179] Weber: *Fenn Kaß*, S. 137ff.
[180] Ebd., S. 92.
[181] Vgl. ebd., S. 101f.

2.6.3. *schacko klak*

D'Sexualitéit stellt fir d'Kanner an dësem Roman e grousst Rätsel duer.[182] Si ginn net opgekläert a sollen och mat näischt Sexuellem a Beréierung kommen. Sou wëll beispillsweis de Papp de Christian erausschécken, wann deem seng Tatta hire Puppelchen niert, awer d'Tatta seet, e kéint bleiwen. De Bouf erkennt, dass effektiv näischt dobäi ass an et natierlech ass:

> *wéi en zréck an d'stuff kumm, sollt en e schlag kréien: do sutz der jo net d'tatta kett, d'fra vu senger mamm hirem brudder an d'mamm vu senge rechte koséngen a kusinnen, virun der standauer op engem stull, (...) eng grouss, ronn, mielwäiss broscht heibaussen, wéi e loftballeg esou déck, an dorunner huet de pierre, säi jéngste koséng, véier wochen al, gesuckelt a mat de lëpse getriwwelt. wéi deem mam mielwäisse kappballeg säi papp dee mam mielwäisse kappballeg wollt aus der stuff joen, huet d'tatta gesot:*
>
> *- firwat wëlls de de jong dann erausschécken? looss en dach nokucken. meng kanner kucke jo och no. eppes méi schéines huet e nach net gesinn.*
>
> *(...) wéi hie sech déi saach mol mat der rou a ganz genä ugekuckt huet, huet deen, deen, endlech, kee berri méi ophat, geduecht, seng tatta a säi grouspapp hätten nawell recht.*[183]

Wat Masturbatioun betrëfft, kann en allerdéngs net zu dëser Conclusioun kommen, well en agetriichtert kritt, dëst géif eng grouss Sënn duerstellen, wat dee klenge Christian, nieft all sengen aneren Ängschten, nach zousätzlech quäält. Masturbatioun a Voyeurismus verbënnt de Protagonist mat Eekel a Loscht a virun allem mat Scholdgefiller.[184] Eréischt den erwuessenen Erzieler weess, datt dodrun näischt schlecht ass.[185]

[182] Vgl. Manderscheid: *Schacko,* S. 23.
[183] Ebd., S. 112.
[184] Vgl. ebd., S. 213f.
[185] Vgl. ebd., S. 151.

2.6.4. *Perl oder Pica*

Och an de 60er Jore vum leschte Joerhonnert schéngt dësen Tabu nach net manner ginn ze sinn. Den Norbi reimt sech, dank sengem Virwëtz, senger Intelligenz a senger Fantasie villes selwer zesummen, awer fir seng sexuell Opklärung ginn et keng Virbiller; déi erlieft en ausserhalb vun der Gesellschaft, duerch en Aussesäiter, op enger ëffentlecher Toilette.

Trotzdeem hëlt den Norbi dat eescht, wat d'Kierch a säi Papp him un d'Häerz leeën. D'Ironie vum Wierk läit doran, dass en déi Moral wuertwiertlech ophëlt. Wéi en zum Beispill gesäit, dass seng Schwëster e Knuutschfleck huet, entsteet en drolegt intellektuellt Experiment:

> *„Wenn Jungen freiwillig - wéi stoung do? - durch Berührung der Geschlechtsorgane…" Soll dat och fir Meedercher gëllen? Beréiert d'Josette och seng Geschlechtsorganer fräiwëlleg? Hat et dofir ee Fleck am Hals? Kritt ee Flecken un de Kierper wann een …? Mee wann d'Josette e Freier huet, da brauch et sech net selwer ze befriddegen.*[186]

Dës Zeen weist, dass den Norbi zwar rudimentär opgekläert ass, och wann en net alles vu Léift versteet, mä dass säi Wësse staark vun der kathoulescher Moral beaflosst gëtt. Dobäi kréie seng Konklusiounen, déi op den éischte Bléck zimlech rational erschéngen (zwee Leit déi zesumme sinn, befriddege sech gemeinsam), eng irrational, beängschtegend Dimensioun, an där Masturbatioun esou tabu ass, dass ee se mol net a Gedanken nennen däerf a souguer riskéiert, Stigmata dovun ewechzedroen. A senge Virstellunge gëtt d'Schwëster näämlech wuertwiertlech befleckt.

[186] Hoscheit: *Perl oder Pica,* S. 92.

2.6.5. *Amok*

Am Roman *Amok* schéngt d'Sexualitéit e komplett oppent Thema ouni Tabu ze sinn, de Zougang zu Pornografie ass de Jugendlech fräi an trotzdeem hu si heemlech Angscht virdrun.[187] Während an deenen anere Romaner d'Elteren de Schlëssel zu dësem Geheimnis hunn, déngt hei d'Vulgaritéit dozou, de ganze Mysterium vum Sex ze vertuschen oder ze verharmlosen an och déi eege Gefiller ze verstoppen:

> *Well du kucks da souwisou nëmmen hir Brëscht, déi sech um Kantinsdësch breet maachen. Megafett megagäil Titten, wéi s de ëmmer sees. A wéi ëmmer gëss de rout am Gesiicht. A wéi ëmmer kriss de e Steiwen.*[188]

An esou gëtt all Fra iwwerdriwwe sexualiséiert[189], während sech déi Jonk nach ëmmer u veraalt patriarchal Strukturen halen. D'Jongen decidéieren, wat gemaach gëtt, d'Meedercher follegen a loosse sech als „Houer"[190] bezeechnen.

Mä och an der haiteger Gesellschaft existéieren nach sexuell Tabuen, genee wéi an de Joerhonnerte virdrun, déi allerdéngs am Roman net ugeschwat ginn, well se fir d'Geschicht vun *Amok* net relevant sinn. Zu dëse gesellschaftlechen Tabu-Theme gehéiere virun allem homosexuell (wann och ewell manner), intersexuell an transsexuell Mënsche souwéi Transvestiten. Alles, wat déi heterosexuell Rumm sprengt, schéngt ëmmer nach bedrohlech ze sinn, wat een un der an *Amok* gär gebrauchter Beleidegung „Schwuchtel" erkenne kann. D'Méiglechkeet, dass gläichgeschlechtlech Koppelen sech elo och zu Lëtzebuerg bestuede kënnen, ass zwar e Schrëtt a Richtung Enttabuiséierung vu gläichgeschlechtleche Bezéiungen, woubäi et ëmmer nach onverständlech bleift, firwat gläichgeschlechtlech Koppelen nëmme schwéierlech Kanner adoptéieren däerfen. Ofweichunge vun der Norm a vum aktuellen Discours ginn ëmmer nach verstoppt oder diskriminéiert.[191]

---

[187] Vgl. Forgiarini: *Amok,* S. S. 22, 42.
[188] Ebd., S. 9.
[189] Vgl. ebd., S. 71.
[190] Ebd., S. 53.
[191] Vgl. Baltes-Löhr, Christel: „Immer wieder Gender", an: *forum 253*, S. 28.

2.6.6. Tëschefazit

Wéi d'Romaner eis weisen, huet Sexualitéit an deene leschten 200 Joer e grousst Mysterium fir déi Jonk duergestallt. Si goufen net opgekläert an hir sexuell Neigunge goufen als Sënn duergestallt, wourënner se ferm ze leiden haten. Haut schéngt dësen Tabu net méi ze bestoen, déi Jonk sinn opgekläert an hir Sexualitéit gëtt net als negativ ugesinn. Si kënne fräi driwwer schwätzen an an hirem Ëmfeld ginn et genuch Leit, déi hinne bei Froe Riet an Äntwert stoe kënnen. Allerdéngs weist eis de Roman *Amok,* dass dëse Liberalismus näischt um Mysterium, dat alles Sexuelles ëmgëtt, ännert. Amplaz wéi an deene Romaner virdrun sech heemlech seng Froen ze stellen a sech héchstens mam beschte Kolleg auszetauschen, versichen déi Jonk an *Amok* hir Souveränitéit duerch Vulgaritéiten zum Ausdrock ze bréngen, woubäi se grad esou onsécher wéi déi Generatioune virun hinne sinn.

2.7. D'Stellung vun der Relioun

2.7.1. *Der Verräter*

Dat haitegt Chrëschtentum ënnerscheet sech a villem vun de fréiere Generatiounen. Déi während dem Mëttelalter an dem Ancien Régime zu Lëtzebuerg dominéierend kathoulesch Reliéisitéit bestëmmt déi gesamt Agrargesellschaft a spillt esou och am 19. Joerhonnert eng wichteg Roll. D'Leit si fromm a wende sech bei Problemer un d'Kierch.[192] De Paschtouer fungéiert ënnert anerem als Beroder fir d'Leit an déi, dorënner och de Matthäus Conter, gleewe fest un dem Paschtouer seng Wäisheet. Si hu Respekt virum Geléierten an der Relioun. Allerdéngs gëtt am Roman séier kloer, dass bei richtege Problemer, wéi dem Conter senger Hëllefslosegkeet an déiwer

[192] Vgl. Hein: *Der Verräter,* S. 54.

Identitéitskris, vun der Kierch keng Hëllef z'erwaarden ass. Och de Paschtouer denkt just u säi Virdeel a wëll sech dofir politesch net festleeën. Net nëmme vu sengem Ëmfeld, mä och vun der Kierch fillt sech de Conter eleng gelooss. Den Nikolaus Hein üübt hei oppe Reliounskritik:

> *In jeder andern Sache hätte ihm der gute Herr Schindler mit seiner Kunst des Ausgleichens und Vertuschens an die Hand gehen können, aber nicht in einer Frage, die die Schärfe einer Entscheidung forderte. (...) Der Pfarrer nestelte an seinem steifen Kragen, es würgte ihn etwas an der Kehle, dann aber meinte er kopfschüttelnd: „Mein lieber Matthäus, du siehst die Sache zu schwarz. So schlimm sind die Ürdinger nicht, und übrigens sorgen ja Gottseidank noch die Regierungstreuen bei uns für Ordnung und Sicherheit. (...) Das Recht von heute ist das Unrecht von gestern, das sich gefestigt hat. Wer siegt, bekommt auf die Dauer immer recht. (...) Und wenn du mich fragst, woran du erkennen kannst, ob das, was du tust, recht oder unrecht ist, so sage ich dir nur: Schau in dein Herz und folge deinem Gewissen! Mehr kann ich dir nicht sagen. Geh nur in Frieden, Gott wird für uns alle sorgen!" Matthäus dachte im Gehen: Auch einer, der seine zwei Eisen im Feuer halten will.*[193]

Trotzdeem verléiert de Matthäus Conter net säi Glawen un d'Gerechtegkeet an un d'Ënnerstëtzung vu Gott.[194]

Am Roman gëtt eis en Ableck an déi deemoleg Wäerter vermëttelt. D'Bestietnis gëtt als Gemeinschaft vun Zesummenhalt a Vertrauen duergestallt. Duerch d'Ënnerstëtzung vun enger Persoun, déi ee gär huet, gewënnt een u Courage.[195]

Eng Fro, déi sech wéi e roude Fuedem duerch de Roman zitt, ass dem Matthäus Conter seng: Wat ass Recht?[196] Weder vum Paschtouer nach vu soss engem Mënsch erhält de Protagonist dorobber eng befriddegend Äntwert, sou datt e sech op säin eegent Rechtsgefill verloosse muss, dat Ongléck iwwert e bréngt.

Den Nikolaus Hein zeechent eng Gesellschaft, déi just op den eegene Profit aus ass, egal ob Politiker, Klerus oder déi „kleng" Leit. An esou gëtt de Matthäus Conter vu

[193] Ebd., S. 56ff.
[194] Vgl. ebd., S. 99.
[195] Vgl. ebd., S. 62.
[196] Vgl. ebd., S. 58.

senge Frënn[197] a senge Virgesetzten, wéi him d'Belsch de Prozess maache wëllen, komplett am Stach gelooss. Hie kritt weder Hëllef nach Äntwerten oder echt Matgefill, just eidel Verspriechen:

> *Herr Sternbach hatte leider nur ein paar Augenblicke Zeit. (...) Er hörte die Klagen des unruhig auf seinem Stuhl hin und her rückenden Matthäus an, unterbrach ihn mit einer neuerlichen Beileidserklärung für den Tod seiner Frau, einen Brief und einen Kranz hatte er ja damals abgeben lassen, und meinte dann, es sei rein zum Verzweifeln mit der Langsamkeit der Haager Regierungsbüreaus, die noch immer seine Eingabe nicht beantwortet hätten, aber drinnen mit Herrn von Goedeke wolle er jetzt noch einmal sprechen und ganz energisch darauf drängen. Ja, und was das Geld betreffe, wenn es darauf ankomme, so könne er ihm bei einem befreundeten Bankier ein Darlehen zu günstigen Bedingungen vermitteln. (...) Ach ja, ja so, gewiß, die Sache kommt auch in Ordnung, sobald die Beziehungen wieder normal sind. (...) Ein paar Jahre Festung könnten für dich abfallen. Und dann... Nein, noch ein bißchen Geduld, Matthäus, alles kommt wieder ins Lot."*[198]

Och Matleed fir Heescherten ass net gär gesinn, well do, wou dës stierwen, muss d'Gemeng fir d'Begriefnis opkommen. Dat wëll deemno all Buergermeeschter onbedingt vermeiden.[199] Klaatsch an Traatsch sinn dogéint gär gesinn a gi mat grousser Freed bedriwwen.[200]

2.7.2. *Fenn Kaß*

Ëm d'Joerhonnertwenn vum 19. an d'20. Joerhonnert ass d'Majoritéit vum Vollek ganz gleeweg an hält sech un déi kierchlech Virschrëften.[201] Esou befënnt sech d'Kierch an enger bedeitender Muechtpositioun a kann dës Muecht iwwert de reliéise Beräich eraus verbreeden, sief et am soziale Beräich oder am ëffentleche Liewen. Virun allem geet et der Kierch drëm, déi ländlech Géigende virun der sech staark ausbreedender Industrialiséierung ze schützen.

---

[197] Vgl. ebd., S. 116.
[198] Ebd., S. 140ff.
[199] Vgl. ebd., S. 120.
[200] Vgl. ebd., S. 121.
[201] Vgl. Trausch: *Le Luxembourg*, S. 100.

Fir dass sech dës Muechtstellung net ännert, revendiquéiert d'Kierch hiren Afloss virun allem bei der Kannererzéiung. An esou gëtt 1827 d'Konvikt, dat de Fenn Kaß besicht, gegrënnt, fir och déi Jugendlech akkurat formen ze kënnen. Mä och no der Schoulzäit soll déi reliéis Formatioun weidergoen, woufir chrëschtlech Veräiner gegrënnt ginn. D'Beicht ass doriwwer eraus e wierksamt Mëttel, fir déi eenzel Gleeweg ënner Kontroll ze halen. Och eng grouss ugeluechte Campagne ëm d'Veréierung vum Maria, der Mutter Gottes, ëm déi duerch verschidde Marienerscheinungen, wéi beispillsweis déi zu Lourdes, e ganz neie Kult entstanen ass, kann d'Bevëlkerung zu nach méi Frëmmegkeet beweegen a se an hirem Glawe bestäerken, sou dass d'Oktav nei belieft ka ginn.[202]

Och aus der Politik wëll d'Kierch sech net eraushalen. Si bezitt ganz oppe Stellung zu alle politesche Froe an d'Paschtéier priedege vum Altor erof, wie gewielt soll ginn a wien net. Och ginn et vill Paschtéier, déi Deputéiert sinn, wat natierlech zu enger weiderer Politiséierung vun de Geeschtleche féiert.[203]

Och a *Fenn Kaß* gëtt dem Lieser virun allem un der Figur vum Paschtouer Brendel vu Brebach demonstréiert, wéi déi kathoulesch Kierch dorobber eraus ass, hir Muecht op méiglechst ville Gebitter duerchzesetzen. Bei sengem Bestriewen, d'Baueren zu fromme Mënschen z'erzéien, grënnt de Geeschtlechen e sëlleche chrëschtlech Veräiner, sou dass d'Awunner vu Brebach all Dag engem anere Veräin („Verein des Heiligen Herzens Jesu", „des Heiligen Herzens Mariä", „des Kindlein Jesu für Loskaufung von armen Heidenkindern" asw.[204]) bäiwunne kënnen. Esou kënnen d'Baueren ënnert Kontroll gehale ginn, während all liberal gesënnter Persoun mat Exkommunikatioun gedréit gëtt. Och ass de Brendel schockéiert, wéi de Fenn Kaß him seng Zweiwel um Wonner vu Lourdes matdeelt. De Klerikalismus verlaangt vun de Mënschen eng absolut Ënneruerdnung; si mussen dat gleewen an ausféieren, wat

[202] Vgl. Weitzel, Victor: „Batty Weber und die Deutschen". An: *Literatur an der Grenze*. Saarbrécken: 1992, S. 94.
De Victor Weitzel ass der Meenung, dass d'Pilgerfahrten zur Léiffrächen zu Lëtzebuerg sech de facto a Massendemonstratioune géint d'Muecht vun de liberale Familljeclanen entwéckelt hunn.
[203] Vgl. ebd., S. 96ff.
[204] Vgl. ebd., S. 204.

de Paschtouer hinne virgëtt, ouni selbstänneg a selbstbestëmmt ze denken. An deem Sënn erkläert och den Abbé Rommelfangen: „Es ist für unser Volk sittliche Pflicht, der politischen Weisheit der Kirchengewalt Folge zu leisten.“[205] Fräi Meenungsäusserung a fräit Handele si beim Klerus net gär gesinn an et kann een do just als Matleefer, als séilesch gebéckte Mënsch bestoen, wat fir de Fenn Kaß natierlech nimools a Fro kéim.[206]

Wéi schonn erwäänt, bekämpft de Paschtouer Brendel vehement d'Iddie vum Fenn Kaß, d'Landwirtschaft vum Duerf ze moderniséieren. An tatsächlech verspäert sech d'Kierch am Ufank vum 20. Joerhonnert komplett enger Industrialiséierung. Dëst läit dorun, dass Industrialiséierung fir si Fortschrëtt an Opklärung bedeit, wat d'Kierch béides net wëll. Si huet Angscht, dass d'Baueren net méi wéi gedëlleg Schof dat ausféieren, wat déi Geeschtlech vun hinne verlaangen. Soulaang d'Bevëlkerung wéineg gebilt ass an haart ëm d'Iwwerliewe kämpfe muss, kann d'Kierch hiren Afloss onproblematesch ausüben.[207]

Schonn am Ufank vum 20. Joerhonnert plädéieren déi Liberal, zu deenen och de Batty Weber zielt, fir eng Trennung vu Kierch a Staat, well fir si de Glawen eng Privatsaach duerstellt. Der Kierch géing et de Liberalen no just drëms, d'Bevëlkerung ofhängeg an oneegestänneg ze halen, fir se esou besser fir déi eegen Ziler aspanen ze kënnen. Wéi den onkritesche Glawen an d'Bornéiertheet féiere kann, weist den Auteur um Personnage vum fromme Louis Binz, deen de Fenn Kaß am Konvikt kenneléiert. Dëse Bouf verbréngt seng Fräizäit just mat Andachten an huet als Virbild den hellegen Aloysius vu Gonzaga, dee laut Legend et net emol gewot huet, seng Mamm unzekucken - aus Angscht virun der fleeschlecher Loscht.[208]

[205] Ebd., S. 307.
[206] Vgl. Weber: „Nachwort“, S. 309f.
[207] Vgl. Wehenkel-Frisch, Janine: *Der arme Teufel. Sozialdemokratische Zeitung. Monographie d'un journal socialiste luxembourgeois (1903-1929)*. Lëtzebuerg: 1978, S. 86ff.
[208] Vgl. Weber: *Fenn Kaß,* S. 106.

Am meeschten awer kritiséiert den Auteur d'Hypokrisie vun de Geeschtlechen, déi sech selwer net un d'Reegele vun der Kierch hale kënnen, sou dass verschidde Paschtéier un den Zwäng vun der Kierch zugronn ginn. Dobäi ass et wuel am schwéiersten, d'Gebot vum Zölibat anzehalen, wourun och dem Fenn Kaß säi Jugendkolleg, de Putty Heinen, scheitert. Am Konvikt gëtt dem Putty bewosst, wat et bedeit, wann hien „das Kleid der Entsagung, (...) die schwarze, geschlechtslose Soutane"[209] droe muss. Hie wiert sech e puer Mol dogéint, virun allem zum Zäitpunkt, wéi hien an de Fenn an d'Seminär kommen a fir d'éischt Kéier hir Soutane uprobéieren. Do kënnt et zum Ausbroch vum Putty, dee sech wéi e Krëppel fillt an d'Gefill huet, lieweg agemauert ze ginn. An awer bréngt et de Putty net fäerdeg, sengem Papp ze soen, dass en net Paschtouer gi wëll an dass e fräi wëll sinn.[210] Dësen Zwang féiert spéider als Paschtouer zu sengem Vergoen u Kanner:

> *Versuchung, Einsamkeit, keine Ablenkung, Tag für Tag die Gelegenheit zur sträflichen Sünde, endlich das Straucheln, der Fall, das vermeintliche Geheimnis und eines Morgens der Skandal, der im hellen Tage schwillt und im Dorf, im Land sein hämisches und empörtes Echo weckt.*[211]

Och haut sinn nach esou Fäll, wéi dem Putty säin, bestänneg an de Medien. 1867 ass en ähnleche Fall vum Pierre Frieden, engem Deche vu Réimech, dee wéinst Kannerschännung veruerteelt gëtt, bekannt.[212] Him geléngt awer d'Flucht an Amerika, wou en zu New York a méi spéit zu Baltimore Pare leet[213]. De Fenn Kaß gëtt jo och dem Putty de Rot, an Amerika ze flüchten an do weider als Paschtouer ze schaffen.[214]

Awer net just d'Enthalsamkeet, och d'Gebot vun der Aarmut kann de Klerus am Roman net anhalen. Während de Paschtouer Brendel vu Brebach als raffgiereg a „von robustem Erwerbssinn" beezechent gëtt, dee virun allem d'Bestriewen huet, „auf den Haufen zu schaffen", fëllt de Paschtouer Schlunz säi Portmonni nach

---

[209] Ebd., S. 102.
[210] Vgl. ebd., S. 159ff.
[211] Vgl. ebd., *S. 290.* A *Fenn Kaß* gëtt zwar néierens ausgeschwat, datt de Putty Heinen sech u Kanner vergaangen huet, mä well e flüchte muss, well e soss am Prisong lande géif, kann ee wuel dovun ausgoen, datt et sech bei sengem Vergoen ëm Pädophilie handele muss. E Verhältnis mat enger erwuessener Fra oder engem erwuessene Mann hätt hien net an de Prisong bruecht.
[212] Weber, Batty: *Über sich selbst. Autobiographisches.* Lëtzebuerg: 1977, S. 57.
[213] Vgl. Rodange, Michel: *Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Komplett Editioun mat historeschen a politeschen Explikatioune vum Romain Hilgert.* Lëtzebuerg: 1987, S. 79f.
[214] Vgl. Weber: *Fenn Kaß,* S. 292.

zousätzlech mat Molkerei, Schwäin-, Hénger- a Beienzuucht. Och ginn déi Geeschtlech als genosssüchteg Männer duergestallt, déi haaptsächlech un hirem leifleche Wuel interesséiert sinn.[215]

Och weist dëse Roman genee wéi *Der Verräter*, dass ee bei Suerge keen Trouscht beim Paschtouer fënnt, dee säi Verspriechen ze hëllefen net hält:

> *Herr Reinig ließ sich von Fenn die Sache auseinanderlegen, nickte still vor sich hin und sagte, er werde sehen, was zu tun sei. Aber hinterher tat er gar nichts und dachte: der Fenn ist ein Goldkerl, der frißt sich durch.*[216]

2.7.3. *schacko klak*

D'Relevanz vun der Relioun, hir Roll a Plaz am Alldag ass am gesamte Roman ze spieren, sief et duerch d'Biede virum Iessen, d'Wichtegkeet vun der Beicht oder d'Autoritéit an d'Muecht vum Paschtouer. Familljen, déi et woen, net un der Mass deelzehuelen, gi vum Paschtouer schlecht gemaach an doduerch och vun der Gesellschaft ausgeschloss a gemidden.[217] D'Gesellschaft zeechent sech soumat duerch e blannt Follege vis-à-vis vun der Kierch aus. D'Duerf an d'Gesellschaft funktionéieren aus Konformismus. Alles an der Gesellschaft besteet aus Inclusioun-Exklusioun: Wie sech un d'Reegele vun der Gesellschaft an der Kierch hält, gehéiert dozou. Wie mat enger vun de Reegele brécht, gëtt ausgeschloss, sou wéi et beim Irma de Fall ass. Hatt bleift och nach am Doud ausgeschloss a gëtt net kierchlech bäigesat.[218]

Mä och de Christian huet ënnert der Kierch ze leiden: De Glawen u Gott an un den Däiwel belaaschten de Jong.[219] An esou vergläicht hien d'Kierch mam Hexenhaischen aus *Hänsel und Gretel* - vu bausse gesäit et schéin aus, awer wann ee

[215] Vgl. Weber: „Nachwort", S. 382ff.
[216] Weber: *Fenn Kaß*, S. 100.
[217] Vgl. Manderscheid: *schacko*, S. 14, 62.
[218] Vgl. ebd., S. 352.
[219] Vgl. ebd., S. 58.

bis dran ass, grujelt ee sech.[220] De Christian huet näämlech effektiv Angscht virun der Kierch[221], wou en e schlecht Gewësse wéinst senge Sënne verbonne mat Sexualitéit gemaach kritt an Angscht virun der Hell huet:

> *ich habe unkeusches gedachtbegehrtgetan? alleinodermitanderen? vläicht wuessen ech net méi, vläicht fault de kapp mer op de schëlleren, vläicht hunn ech keng hoer op der schuel, well ech an engem stéck um pinsel rappen?*[222]

Duerch seng Scholdgefiller fänkt de Bouf, obwuel e schonn dräimol den Dag biet, un, sech selwer ze gäisselen, sou wéi en dat am Reliounsunterrecht erzielt krut, fir seng Schold nogelooss ze kréien a säi schlecht Gewëssen z'erliichteren.[223] De Papp seet, dat wier Quatsch, an dréit him, dat op kee Fall nach emol ze maachen. Wiem soll de Jong elo awer gleewen a follegen? Béid - d'Kierch an de Papp - stellen eng Autoritéit duer, un där net gezweiwelt däerf ginn. Mä weder de Papp nach de Paschtouer versichen dem Leed vum Jong op de Gronn ze goen, wahrscheinlech well et deemools nach net üüblech war, iwwer Gefiller ze schwätzen.[224]

Schliisslech verléiert de Christian de Respekt virum Paschtouer (an domat och zum Deel virun der Kierch), wéi en erkennt, dass dee sech selwer net un d'Gebot vun der Nächsteléift hält. De Geeschtleche kënnt näämlech bei si an den Atelier:

> *(...) fir mengem papp nozeleeën, dem eisebunner schmitt sengem meedchen, deem seng famill jo net an d'kierch gung, an dat un engem schwier am kapp gestuerwe war, ëm gottesbiddeswëlle keng doudelued ze liwweren. (...) fir mech, genä wéi fir d'leit all, war de paschtouer den härgott vum duerf. vun deem moment un (...) war et domat aus. a mengen ae war de paschtouer zwar ëmmer nach den här aus em härenhaus, eng persoun voller rätselen, net mann, net fra, a sengem schwaarze rack bis op de buedem, de pascha vum duerf (...), awer net méi dee klengen härgott, deen een net beréieren, deem een ni entgéint trieden, deem een ni de bass huet däerfen halen.*[225]

[220] Vgl. ebd., S. 117.
[221] Vgl. ebd., S. 122.
[222] Ebd., S. 125.
[223] Vgl. ebd., S. 161.
[224] Vgl. ebd.
[225] Ebd., S. 45f.

De Roger Manderscheid bedreift soumat a sengem Roman duerchgoend Reliounskritik aus haiteger Siicht, andeems en d'Mëssstänn, déi d'Kierch deemools ausgeléist huet, duerstellt.

Historesch gesi probéieren déi Däitsch am besatene Lëtzebuerg grouss Verännerungen, wat d'Kierch betrëfft, anzeféieren. Esou gëtt déi staatlech Finanzéierung vun der Kierch ofgeschaf an déi kathoulesch Veräiner ginn opgeléist, während d'Verméige vun der Kierch agezu gëtt an ëffentlech reliéis Feiere verbuede ginn. Schliisslech ginn och déi kathoulesch Schoulen zougemaach an de Reliounsunterrecht ofgeschaf. Esou soll de Kierchenaustrëtt gefërdert ginn, wat awer ouni Erfolleg bleift - am Géigendeel. D'Festhalen un hirem Glawe gëtt fir d'Lëtzebuerger en Zeeche vu Widderstand géint den Nationalsozialismus.[226]

2.7.4. *Perl oder Pica*

Dat Zweet Vatikanescht Konzil leet vun 1962 bis 65 eng Erneierung vun der kathoulescher Kierch am Sënn vun enger Ëffnung op déi profan Welt an d'Weeër. De Schwund vun der traditioneller reliéiser Praxis ass domat net opzehalen.[227] Dës Veränneruge kann de Lieser bei *Perl oder Pica* ewell spieren. Déi lëtzebuergesch Gesellschaft ass zwar nach staark vun der Kierch, déi Muecht iwwert d'Leit huet an als Guide bei der Erzéiung fungéiert[228], gepräägt. Mä et ass och eng Gesellschaft, an där de Paschtouer aus dem Priedegtstull de Leit diktéiert, wat se liese sollen (*Wort* a *Gong* amplaz vun *Tageblatt* an *Hörzu*), während d'Nonne vis-à-vis vun engem Kino, deen erotesch Filmer weist, wunnen. Et wier iwwerdriwwen ze behaapten, dass déi sexuell Fräiheet zu deem Zäitpunkt schonn zu Lëtzebuerg ukomm wier, mä et schéngt kloer ze sinn, dass de Klerus op dësem Plang esou lues am Gaang ass, un Afloss ze verléieren. Wéi den Norbi och bemierkt, däerfen d'Kanner net laanscht de

[226] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 97.
[227] Vgl. ebd., S. 110.
[228] Vgl. Hoscheit: *Perl,* S. 182.

Kino trëppelen, mä dofir mussen d'Nonnen all Dag ewechkucken, wa se moies vis-à-vis vum Kino d'Rolllueden eropzéien.

Am Roman gëtt déi Lëtzebuerger Kierch méi wéi eng Kéier op d'Schëpp geholl, besonnesch wat hiert Verhältnis zum Geld ugeet. Bei allem Respekt gesäit den Norbi d'Kierch näämlech als eng Akommesquell, well hien als Massendénger reegelméisseg Täschegeld verdéngt. Seng Aktivitéit begrënnt hien esou:

> *Och bei Begriefnisser gëtt et Drénkgeld. De Cyril an ech stierzen eis ëmmer op d'Begriefnisser. 'Des einen Freud', des andern Leid'. Ech an de Cyril si benzeg op Begriefnisser.*[229]

Den Norbi huet aus enger frommer Aktivitéit ee klengt Geschäft gemaach, bei deem hie sech souguer mat de Kollegen de Marché deelt, fir dass net ze vill Konkurrenz entsteet. Sou entwéckelt sech eng Parallelmoral, déi déi kierchlech Léier vu Generositéit negativ beliicht. Dës Episod kéint een als Jux ophuelen, géif de Roman net op eng subtil Aart a Weis d'Moral generaliséieren a souguer mat Sexualitéit dramatiséieren.

Am Géigesaz zum Norbi behëlt sech den Här Welscheid privat an ëffentlech wéi en extrem frommen a gleewege Mënsch, deen am Chouer séngt a reegelméisseg eng Käerz an d'Kierch ufänke geet. Déi eenzeg Sënn, där hie sech bewosst ass, ass déi, säi Bouf ze schloen, wann dësen eng gestiicht huet. Sou muss dat och virun den Nopere verheemlecht ginn. Dem Papp säi Personnage benotzt de Jhemp Hoscheit awer, fir eng gréisser Kritik un d'Kierch ze riichten. D'Haaptintrig, dass den Norbi erausfanne wëll, wat de *P.* bedeit, kéim net zustan, wann de Papp net esou fromm wier. D'Geheimnis vum *P*. stellt net nëmmen e Familljegeheimnis duer, mä och eng Vernetzung vu verheemlechte Verhältnisser tëschent Kierch, Sexualitéit a Gewënn, déi am Laf vun der Erzielung ëmmer méi offensichtlech ginn.

Dass de Papp opschreift, wéini seng Duechter d'Period huet, hänkt kloer mat der Angscht, dass et e Meedercherskand op d'Welt brénge kéint, zesummen. An der aler Weltuerdnung, där hien ugehéiert, wier dëst natierlech eng Quell vu Schimmt a

[229] Ebd., S. 25.

Beschass, wéi de Roger Manderscheid dat a *schacko klak* um Beispill vum Irma weist, dat vum ganzen Duerf verstouss gëtt, soulaang säi Kand kee legale Papp huet. Och an de 60er suergt eng ongewollte Schwangerschaft nach fir allerhand Beschass, woufir sech da bestuet muss ginn. Obwuel et dem Papp seng gréissten Angscht duerstellt, dass dat sengem Meedche geschéie kéint, hält hie sech beim Traatschen awer net zeréck:

> *„Wësst Der, datt Gillens hirt Meedchen sech bestuede muss." Si (d'Zellingesch, eng Cliente) zeechent mat der Hand e klenge Bäichelchen virun hirem Bauch. - „Dir mengt dem Pir säint. D'Astrid! Ou?" seet mäi Papp. - „Jo, dat! Stellt iech mol vir, 't ass schwanger!" - „Abeeee jo!" mécht mäi Papp. „Deen aarme Pir!" (...) - „Stellt iech dat mol vir! Eng Sënn -" (...) „- an eng Schan!" seet mäi Papp. - „An eng Schan", widderhëlt déi al Zellingesch. „Ma... ma Dir sot et!" - „Stellt Iech dat mol vir!" Et ass net dat éischt, dat sech huet misse bestueden. Aus Gespréicher weess ech, datt et dat Allerschlëmmst ass, wat enger Koppel ka passéieren. Nieft der Scheedung.*[230]

Méiglecherweis huet de Papp déi kierchlech Moral a säi gudde Ruff am Kapp, wann en all Mount de *P.* a säin Agenda schreift. Interessanterweis benotzt hien deeselwechten Agenda, fir d'Depensen, d'Recetten an d'Sonndesaffer opzelëschten. Am 4. Kapitel, wéi den Norbi vu sengem Papp deem seng Geschäfter erkläert kritt an domadder de *P.* entdeckt, sti Geschäft, Sexualitéit an de reliéise Kult op deemselwechten textuellen Niveau, näämlech am Papp sengem Agenda vun 1962. Wat de Jhemp Hoscheit domat ausdrécke wëll, ass op fir Interpretatiounen. Eng Saach ass sécher - déi dräi Saache si fir de Papp gläich wichteg an héchstwahrscheinlech onbewosst vernetzt.

Am selwechte Kapitel erwäänt den Hoscheit fir d'éischt dem Papp seng Aktivitéit, sou, wéi se op der Etikett steet: „Ujène Welscheid. Librairie. Papeterie. Articles religieux."[231] Als Geschäftsmann mécht de Papp e groussen Ëmsaz duerch d'Kierch. E stellt fest, dass d'Recettë fir Chrëschtdag, mä och während der Kommiounszäit, eropginn. Ausserdeem steet säi Geschäft praktesch vis-à-vis vun der Escher

[230] Ebd., S. 236.
[231] Ebd., S. 31.

Juppekierch (wat och historesch mam Hoscheit senger Papeterie de Fall war). Geographesch, textuell a moralesch steet de Papp also an enger grousser Proximitéit zu der Kierch. Wirtschaftlech ass en op d'Kierch ugewisen. Esou kann ee sech och virstellen, wat fir Konsequenzen eng ongewollte Schwangerschaft op seng Reputatioun a säi Geschäft hätten.

Kann een elo aus dëse Feststellunge schléissen, dass de Jhemp Hoscheit eng derb Kritik un der Vernetzung vun Ekonomie a Kierch üübt? Op d'mannst d'Motivatiounen hannert der Frëmmegkeet stellt d'Buch a Fro. D'Frëmmegkeet, d'Moral, de Gewënn an d'Sexualitéit stinn an enkem Verhältnis, wou dat eent vun deem aneren ofhänkt.

2.7.5. *Amok*

Wéi op deene leschte Säite beschriwwe gouf, reechen déi kathoulesch Wuerzelen déif an d'Geschicht an an d'Kollektivbewosstsinn vum Lëtzebuerger Vollek eran a sinn trotz der Säkulariséierung an de gesellschaftleche Veränneringen an de leschte Joerzéngte villfach erhale bliwwe. Allerdéngs si se am Kontext vun der progressiver Entchrëschtlechung vum privaten a gesellschaftleche Liewen zeréckgaangen. Vum Glawen, iwwert d'Gläichgültegkeet bis zur oppener Oppositioun ginn et am moderne Lëtzebuerg vill Bezéiungsmuster. Laanscht eng Positionéierung dem Katholizismus géintiwwer kënnt een als Lëtzebuerger sielen. Dëst och duerch déi enk Bezéiung vun der stäerkster Lëtzebuerger Partei, der CSV, an der meeschtgeliesener Zeitung vu Lëtzebuerg, dem *Lëtzebuerger Wort.*

Während de regelméissege Kierchebesuch an de leschte Joerzéngte massiv nogelooss huet, bestëmmt de Katholizismus awer ëmmer nach de staatleche Feierdagskalenner, d'Traditiounen an och verschidden Aspekter vun der Liewenskultur. Besonnesch stabill bleift zu Lëtzebuerg d'Zuel vun deenen, déi

chrëschtlech Ritualer a verschiddene Liewensetappen (Gebuert, Hochzäit, Begriefnis) an Usproch huelen.[232] Nieft deene grousse Reliounsgemeinschaften existéieren an eisem Land vill minoritär Glawensgemeinschaften (wéi d'Zeugen Jehovas), wat Ausdrock vum moderne Pluralismus an der haiteger Gesellschaft ass.

D'Debatt ëm d'Trennung vu Kierch a Staat ass 2011 nees brandaktuell, wéi de 7. Juni 2011 an der Chamber eng Neidefinéierung vun de Bezéiungen tëschent Staat a Glawensgemeinschafte gefuerdert gëtt, déi vum Wäerteunterrecht iwwert déi staatlech Konventioune bis zum Te Deum um Nationalfeierdag reechen. D'Parlamentarier wënsche sech vun der Regierung och eng Reform vun der „législation datant du 30 décembre 1809 sur les fabriques d'églises".[233]

Ëmsou méi erstaunlech ass de Fait, dass d'Thema Relioun an *Amok* keng Roll spillt. Déi reliéis Wäerter, déi déi westlech Welt gepräägt hunn, schénge verluer ze sinn. Tatsächlech ginn och ewell 33% vun de Lëtzebuerger un, kenger Glawensgemeinschaft unzegehéieren.[234] Anerersäits kéint d'Ausloosse vum reliéisen Thema awer och bedeiten, dass et am Joer 2011 engem Lëtzebuerger Autor als total irrelevant erschéngt; e weidert Zeeche vun der rasanter Laïziséierung vun der Gesellschaft.

2.7.6. Tëschefazit

Déi besprache Romaner weisen, wat fir eng staark Autoritéitsroll déi kathoulesch Kierch nach iwwert d'1960er eraus zu Lëtzebuerg genoss huet. Déi kathoulesch Moral gouf de Kanner ënner Undroung vu gräissleche Konsequenzen (wéi beispillweis en éiwegt Liewen an der Hell) unerzunn a keen huet sech getraut, d'Autoritéit vum Paschtouer a Fro ze stellen a sech dogéint opzeleenen. Ëmsou méi iwwerrascht de Fait, dass d'Relioun nëmme 50 Joer méi spéit hir Muecht agebéisst

[232] Vgl. Trausch: *Le Luxembourg*, S. 136.
[233] Vgl. Pauly, Michel; Schmit, Laurent: „Bleibt die Kirche im Ford?", an: *forum 325,* S. 14.
[234] Vgl. Trausch: *Le Luxembourg*, S. 135.

huet an am Liewe vu ville Leit guer keng Roll méi spillt, wéi de Roman *Amok* eis virun Ae féiert. Déi Jonk ginn net méi ugehalen, enger kathoulescher Ethik ze follegen, bei *Amok* feelt dat moralescht Handelen bei der Jugend esouguer komplett. A kengem Roman gëtt e moderaten Ëmgang mam reliéise Glawen duergestallt. Entweder stellt d'Kierch déi iewegst Autoritéit, virun där d'Bevëlkerung ziddert, duer oder si spillt guer keng Roll méi.

3. D’Sich no der eegener Identitéit

3.1. *Der Verräter*

Dem Nikolaus Hein säi Wierk reit sech eendeiteg an d'Beméiunge vun enger Generatioun an, déi d'Urspréng an d'Wiese vun der nationaler Identitéit ergrënnt. Soumat ass d'Haaptuleies vum Wierk, den Ursprong an d'Wiese vum Lëtzebuergertum z'ergrënnen.

D'Erzielung charakteriséiert sech direkt duerch hire kuriéisen Ufank:

> *Als der Gemeindebot Matthäus Conter in einer windigfeuchten Märznacht des Jahres 1831 vor dem Spritzenhause seines luxemburgischen Moseldorfes das Plakat mit dem Manifest des neuen königlich-holländischen Gouverneurs Bernhard von Sachsen-Weimar an die Bevölkerung Luxemburgs aus seiner Amtstasche hervorzog, um es mit ein paar raschen Bürstenstrichen an die Mauer zu kleben, hatte er plötzlich die Empfindung, als tupfe ihn jemand leise aber eindringlich auf den schon emporgestreckten Arm.*[235]

Dësen éischte Saz, deen in medias res an d'Aktioun eraféiert, faasst d'Haaptzich vum Roman zesummen. Inhaltlech gëtt den historesch-politesche Kontext duerch d'Detailer um Plakat gesat an de Conter als klenge Mann virgefouert. Souguer ouni historescht Virwësse ka sech de Lieser duerch déi onheemlech an donkel Atmosphär de politesche Konflikt, deen d'Personnagen an der Erzielung an zwee Campe spléckt, zesummereimen: De Gemengebuet ass nuets ënnerwee, muss säin Optrag[236] heemlech erfëllen an huet Angscht, gesinn ze ginn, wat engersäits déi ongemittlech meteorologesch Konditiounen an anerersäits d'Dimensioun vum Onheemlechen an Iwwernatierlechen nach weider ënnersträichen. Och um Niveau vun der Erzielperspektiv faasst dësen éischte Saz d'Haaptcharakteristike vum Hein senger Technik zesummen. Den auktorialen Erzielerbericht deelt dem Lieser an der éischter Sazhallschent an enger zimlech knapper Form déi wichtegst Informatiounen iwwert d'Plaz, den Zäitpunkt an déi historesch-politesch Bedeitung vun den Evenementer mat. D'Nullfokaliséierung stellt de Protagonist engersäits a senger berufflecher Roll als Gemengebuet vir an anerersäits awer och a senger

[235] Hein: *Der Verräter*, S. 9.

[236] De Begréff „Amtstasche" (Hein: *Der Verräter,* S. 9) weist drop hin, dass de Conter net fräiwëlleg ënnerwee ass, mä am Déngscht ass.

politescher Positionéierung, näämlech als hollandtreie Bierger. A wéi engem Mooss et sech heibäi tatsächlech ëm eng decidéiert a bewosst Stellungnam handelt, gëtt spéitstens an deem Moment a Fro gestallt, an deem de Conter sech Gedanken iwwert seng nächtlech Aufgabe mécht:

> *Oder war es nicht eine heillose Umkehrung aller Ordnung der Welt, daß er, der amtlich bestellte Gemeindebote Matthäus Conter, wie ein Verbrecher sich nächtlicherweile die Hacken ablaufen mußte, um die Verordnungen der rechtmäßigen Staatsgewalt unters Volk zu bringen?*[237]

Während de Conter um inhaltlechen Niveau zum Spillball vun de Mächtegen aus sengem Heemechtsduerf gëtt an déi international Spannunge sech a sengem Schicksal erëmspigelen, brécht och um Erzielniveau dat Äusserlecht an dem Conter säin Ënnerlecht eran. Genee dës Tendenz, déi am Laf vun der Handlung ëmmer méi schaarf erausgeschafft gëtt, weist sech schonn am éischte Saz. D'Fokaliséierung réckelt hei ëmmer méi no un den Haaptpersonnage erun, bis se an der zweeter Sazhallschent mat der Beschreiwung vum Conter senge Gefiller („hatte er plötzlich die Empfindung"[238]) zu enger eendeiteger interner Fokaliséierung mat auktorialer Erzielhaltung gëtt. Dëst Nieftenee vu verschiddenen Erzielhaltungen entwéckelt sech zu engem Aneneegräifen, dat fir déi ganz Novell kennzeechnend ass.

Mam Brand vum Conter sengem Haus kënnt et zum Wendepunkt an der Erzielung.[239] Dës Zeen weist, wéi Baussen- a Bannewelt openeen awierken a sech op de Protagonist auswierken, a soll wéinst hirem Beispillcharakter hei méi genee analyséiert ginn. Kuerz éier dem Conter seng Famill d'Feierklack héiert, kënnt schonn duerch d'Interpunktioun am Saz virdrun Dynamik an d'Zeen an d'Verb-Ellips dréit zum Spannungsopbau bäi: „Nichts war mehr als das Jetzt, als das Johlen und Getöse im Abend draußen, ein neu anschwellendes, wildes Geschrei, und nun – – – und da – – –"[240]. An deem Moment, an deem d'Familljemembere realiséieren, dass

---

[237] Hein: *Der Verräter,* S. 12.
[238] Ebd., S. 9.
[239] Vgl. ebd., S. 98; Derenthal-Kohll, Michèle: *Der Verräter - eine klassische Luxemburger Novelle.* Iechternach: Editions Phi 1993, S. 91ff.
[240] Hein: *Der Verräter,* S. 97f.

hiert Haus brennt, si si all duerch déiselwecht Reaktiounen an engem leidende Kollektiv matenee verbonnen. Engersäits hieft d'Nullfokaliséierung, déi kee vun de Personnagë besonnesch an de Bléckwénkel hëlt, dës Gruppebildung ervir,[241] an anerersäits ginn d'Figuren an der Form vun enger gemeinsamer erlieftener Ried[242] zu engem Kollektiv zesummegefaasst. Dëst Niefteneen vun auktorialer (am éischte Saz vum Abschnitt) an aktorialer resp. personaler Erzielhaltung fir de Rescht vum Paragraph dréckt um Niveau vun der Erzieltechnik aus, dass d'Baussewelt, d.h. de Fait, dass hiert Haus brennt, an d'Bannewelt, hir duerch d'erliefte Ried duergestallten éischt Reaktiounen a Gefiller, abrécht. An deene folgenden dräi Abschnitter, an deenen de Fokus op d'Persoun vum Matthäus geriicht gëtt, gëtt des Weideren däitlech, dass net nëmmen dës zwou Welte sech géintiwwerstinn, mä sech och de Kollektiv opléist an deem Eenzelne géintiwwersteet. En Hin an Hier tëscht auktorialem Bericht[243], erlieftener Ried[244], direkter Ried tëscht dem Matthäus a sengem Bouf a Gedankebericht[245] stellt um formalen Niveau duer, wéi de Protagonist versicht, an der Baussewelt bei sengem Bouf a senger Fra präsent ze bleiwen a gläichzäiteg ëmmer nees vu sengen Emotiounen iwwerwältegt gëtt:

> Matthäus erschauerte. Krallte sich nicht eine dunkle, schwere Hand um sein Herz, die Hand, die damals in der Nacht warnend seinen Arm berührte? War dieses hier Zusammenbruch und Ende?[246]

Wéi beim éischten Zesummentreffe mat deem Irrationalen ass och hei de Bléckwénkel dee vun enger interner Fokaliséierung, dee beschreift, wat sech am Ënnere vum Personnage deet. De wichtegen Ënnerscheed zum Ufankspassage läit awer doranner, dass dem Matthäus seng Perceptioun vun där donkeler, schwéierer Hand déi Kéier méi bewosst ass, wat un deene rhetoresche Froen erkennbar ass. Während d'Hand deemools nach als e warnend Zeeche gedeit gouf, huet se sech elo zur Liewensbedrohung entwéckelt.

---

[241] „Wie von einem Schlag bataübt, prallten sie zurück, starr vor Entsetzen." (Ebd., S. 98.)
[242] „Alles verloren, alles, alles! Die Welt ging unter. Waren alle höllischen Geister losgelassen?" (ebd.)
[243] „(...) war die Stube erfüllt mit dem Jammern der beiden Alten und dem Angstgeschrei des Knaben." (ebd.)
[244] „Lebte sie noch? (...) Ach, wozu denn auch? Zu retten war nichts mehr." (ebd.)
[245] „Der Bube hat recht, dachte er." (ebd.)
[246] Ebd.

Dass de Protagonist keen Afloss op de Laf vun den Evenementer huet a sengem Schicksal hëlleflos ausgeliwwert ass, gëtt duerch dat onheemlecht an iwwernatierlecht Element gräifbar, dat direkt am éischte Saz Agang an d'Erzielung fënnt. D'Symbol vun der onsiichtbarer Hand[247] ass net nëmmen e Leitmotiv, mä et bilt de Kader vun der Erzielung. Strukturell gesi setzt den Hein dëst an den decisive Momenter vun der Handlung an, fir den Opbau vu senger Novell ervirzehiewen.[248] Als konstitutiv Strukturelementer bereeden déi eenzel Versazdeeler vum Motiv eent op dat anert vir, „alles besitzt den Verweischarakter des Unheilvollen"[249] an an deem Sënn kënnt dat tragescht Enn net iwwerraschend. Méi wéi eng Kéier ass et dem Matthäus Conter, wéi wann eng onsiichtbar Hand hie pake géif, e Gefill, dat ëmmer dann optaucht, wa vum Protagonist a bedreelechen an existenziellen Extremsituatioune verlaangt gëtt, Positioun ze bezéien. Nieft dem zitéierten Ufankspassage sinn dat aschneidend Etappen am Conter sengem Liewen, d.h. wéi säin Haus brennt,[250] seng Fra Anna stierft,[251] hien an der Stad a senge politesche Virstellungen an Hoffnunge komplett desillusionéiert gëtt[252] oder hien dës Hand zum Schluss vun der Erzielung eng leschte Kéier als déi Kraaft spiert, déi hien op lëtzebuergesche Buedem zitt, éier e selwer stierft.[253] De Conter interpretéiert et eemol als Warnung, eemol als existenziell Bedrohung an eemol als rettend Kraaft. Bei dësem Symbol handelt et sech duerchaus ëm d'Hand vum Schicksal, déi de Conter net méi lassléisst.[254] Doriwwer eraus steet d'Symbol awer och fir dem Protagonist säin Ënnerbewosstsinn, fir déi onbewosst Kräft, déi hien an dësen Extremsituatiounen (ofgesi vun där leschter) um Liewen halen an dozou beweege weiderzemaachen. Gläichzäiteg bedeit d'Notioun vum Onbewossten awer och, dass

[247] „(...) als tupfe ihn jemand leise aber eindringlich auf den schon emporgestreckten Arm" (Ebd., S. 9).
[248] Vgl. Derenthal-Kohll: *Der Verräter*, S. 95.
[249] Groben: „Nachwort", S. 290.
[250] Vgl. Hein: *Der Verräter,* S. 98.
[251] Vgl. ebd., S. 133.
[252] Vgl. ebd., S. 146.
[253] Vgl. ebd., S. 155f.
[254] Vgl. Derenthal-Kohll : *Der Verräter,* S. 69.

de Conter no an no alles dat verléiert, wat fir hie seng Heemecht ausmécht, an doduerch schrëttweis entwuerzelt gëtt. Déi onsiichtbar Hand mécht sech ëmmer an deene Momenter bemierkbar, an deenen de gesellschaftleche Wandel sech en Deel weider vollzitt an nees e Stéck Heemecht verluer geet, a provozéiert bezeechnenderweis gläichzäiteg en intensiivt Gefill vun der enker Verbonnenheet mat der Heemecht.

De Roman hält am Joer 1839 op, während am Jubiläumsjoer 1939 de Roman fäerdeggestallt gëtt, wat en ënneren, kausalen Zesummenhang duerstellt. Déi verwurrelt Urspréng vun der Lëtzebuerger Eegestännegkeet ginn exemplaresch un engem Eenzelschicksal duergestallt. Well d'Entsteeung vu Lëtzebuerg ass keng Selbstverständlechkeet. Ëm een Hoer ginn d'Lëtzebuerger Belsch, well dat nationaalt Bewosstsinn nach komplett feelt.

En Deel vu Lëtzebuerg ass zu deem Zäitpunkt schonn un Däitschland annektéiert ginn. D'Bewunner vun där Regioun ginn als „Mußpreußen" bezeechent, mä si sinn net onglécklech iwwert dës Annexioun, well et hinne vill besser geet wéi den Noperen dëssäit der Musel:

> *Der Knecht, (...), ein Mußpreuße, vor 15 Jahren noch Luxemburger, und er lag Matthäus mit seinem Geprahle so in den Ohren, daß dieser ihm aus bloßem Ärger kein Wort gelten ließ. Wie es den Bauern drüben jetzt so gut gehe, erzählte der andere, da wisse man nichts von Mahl- und Schlachtsteuer, und das Saatgut liefere der Staat in Mißjahren auf Kredit, (...) Jedes zweite Wort, das er sagte, war: „Bei uns drüben..." (...) Ja, drüben wisse man, was Lebensart sei und Betrieb... Zu einem großen Land gehören, das sei doch auch was wert... Er redete in einem fort, bis es Matthäus zu bunt wurde. (...) Seine Augen erspähten bald an einem fernen Waldrande die Dächer des kleinen Weilers, wo seine Schwester vor fast zwanzig Jahren in ein ansehnliches Bauerngut eingeheiratet hatte. Als Luxemburgerin geboren und getauft, würde sie als Deutsche sterben, wie sie alle drüben. So leicht verschoben sich die Grenzen. Aber dass auch die Herzen mitgingen, das war für Matthäus ein niederdrückender Gedanke. (...) Noch ganz nahe vor ihm, da, wo sich der neblige Streifen wallend hinzog, war das Tal der Mosel, jetzt eine trennende Grenze, ein Einschnitt, der ein lebendiges Stück Heimat von seinem Körper abtrennte. Aber drüben bedauerte man tatsächlich die Trennung nicht mehr, man fühlte sich heute schon so wohl in der neuen Lebensgemeinschaft, daß man in der eigenen Zukunftsgewißheit fast mitleidig von dem alten „Ländchen" sprach. Und man wünschte ihm nichts Besseres als daß es*

endlich auch heimfinde in den großen Verband der deutschen Völker. Matthäus schien es merkwürdig, daß man drüben schon nach fünfzehn Jahren so ganz anders dachte und fühlte. Er vermochte sich nicht Rechenschaft darüber zu geben, warum diese Angleichungen sich so rasch vollzogen. O ja, warum redete man von Volk und Vaterland, wenn doch alles nur die Fühler ausstreckte nach wirklichem oder vermeintlichem Nutzen? Gab es darüber hinaus nichts, nichts? Heimat, Vaterland - ach, auf diesem armen Boden verrückten sie alle zwanzig Jahre die Grenzpfähle. Wie sollte da über den Nutzen des Tages hinaus ein lebendiges Gefühl, ein Zug des Herzens Macht gewinnen? Es gab ja noch Leute hier, die in ihrer Jugend Österreicher gewesen waren, dann Franzosen und zuletzt Untertanen des Königs von Holland. Und jetzt fühlten sie sich als Belgier und wollten belgisch werden![255]

De Conter stéiert net de Wuelstand vun der neier däitscher Bevëlkerung, hien ass net jalous. Hie verspiert allerdéngs schonn e staarkt, fir déi deemoleg Zäit ontypescht, Heemechtsgefill, hien trauert ëm dat verluerent Stéck Land a versteet net, firwat aner Leit säin Nationalgefill net deelen a sech esou séier upasse kënnen. De Protagonist ass soumat senger Zäit wäit viraus. Hien empfënnt schonn e staarkt Nationalgefill, dat en allerdéngs net definéiere kann, well dëst zu deem Zäitpunkt ënnert de Lëtzebuerger nach net existéiert.

Den Héichpunkt vum Matthäus Conter sengem Heemechtsgefill bilt déi sougenannte Kräizegungszeen.[256] De Gemengebuet soll an der Nuecht den Amnestieerlass ophänke goen. En ass houfreg op seng Missioun: „Matthäus war aufrichtig erfreut, Träger einer so guten Botschaft zu sein“[257] a mécht sech „(l)eichten Fußes“[258] op de Wee. Un engem Punkt vun der Erzielung, un deem et net méi z'iwwersinn ass, dass sech de Wand geschwënn dréine wäert an d'Situatioun ze kippen dréit, kléngt esou eng positiv Stëmmung an den Ouere vun engem opmierksame Lieser wéi eng Virwarnung. Et ass dem Matthäus zwar net ze verdenken, dass e sech no laangen haarden Zäiten endlech nees erliichtert fillt, mä dës méi entspaante Stëmmung bréngt awer och mat sech, dass e manner virsiichteg an opmierksam ass wéi wann e vun der Angscht verfollegt géif. A Gedanke verluer heescht et vum Conter: „Aber

[255] Hein: *Der Verräter,* S.34ff.
[256] Vgl. Groben „Nachwort“, S. 240; Vgl. Hein: *Der Verräter, S. 52.*
[257] Hein: *Der Verräter,* S. 50.
[258] Ebd.

jetzt war ja wohl die Wende da“[259]. Dësen zweedeitege Saz dréckt engersäits seng Hoffnung op eng positiv Entwécklung vun den Ëmstänn aus[260], mä am dramateschen Opbau vun der Erzielung bedeit en eng Wendung hin zum trageschen Enn.

Kuerz drop gëtt en onerwaart vun e puer Männer iwwerfall. No der Kläpperei kënnt et zu där bedeitender Zeen, an där de Matthäus dräimol hannerenee gefrot gëtt, ob en en Hollänner, e Belsch oder e Preis wier, an en dräimol d’Fro mat Nee beäntwert:

> *„Was bist du denn, du Lump?“ Da richtete er, fast besinnungslos, die verquollenen Augen ins Dunkel, er wandte den Kopf wie suchend nach allen Seiten, aber die Blicke kamen leer zurück in sein trauriges Herz. Was er darin fühlte, wie ließ es sich sagen, so sagen, daß sie nicht noch lauter auflachten als soeben? Nein, er wagte es nicht. Aber seine Hände wühlten sich krampfhaft in den Boden, als griffen sie wie die eines Versinkenden nach einem letzten Halt, und nun hielten die Finger eine Handvoll Erde umklammert, ach, er hätte sie gern ans Herz gedrückt und sie den Angreifern vor die Augen gehalten und gesagt: Das ist es, weswegen ich heraufgekommen bin und weswegen ihr mich schlaget![261]*

Dem Conter säi Bekenntnis zum Lëtzebuergertum erschéngt him onausspriechlech a souguer regelrecht lächerlech. Duerch d’Form vun der erlieftener Ried kritt de Lieser en Abléck an dem Conter seng Gedanken. Et ass net nëmmen esou, dass hie sech net traut, dës Gedanken haart auszeschwätzen[262], mä virun allem geet et hei ëm ee Gefill[263], fir dat e keng Wierder fënnt a vun deem e weess, dass et net verstane gëtt. Ervirzehiewen ass, dass de Matthäus an dësem entscheedende Moment näischt seet an ab dësem Zäitpunkt no an no ëmmer méi verstommt, wat nom Doud vu senger Fra an enger absoluter Onfäegkeet sech auszedrécke resultéiert. De Protagonist beschäftegt sech vill mam Konzept vun der Heemecht a beweist grad a schwieregen Zäite seng enk Verbonnenheet mat sengem Doheem an allem, wat him léif ass. Et ass allerdéngs „das diffuse Heimatgefühl“[264], dat méi komplex ass a wäit

[259] Ebd., S. 51.
[260] Vgl. ebd., S. 51: „Hoffnungsfroh schritt er durch die Dunkelheit vorwärts.“
[261] Hein: *Der Verräter*, S. 52.
[262] „Nein, er wagte es nicht.“ (ebd.)
[263] „(...) sein trauriges *Herz*. Was er darin *fühlte*“. (ebd.)
[264] Derenthal-Kohll: *Der Verräter,* S. 73.

iwwert déi gräifbar Elementer erausgeet an dat de Conter vun deenen anere Personnagen ënnerscheet.

Den Interpretatiounsusaz vum Fernand Hoffmann an och vum Michèle Derenthal-Kohll, dass de Matthäus, wann och nach onbewosst, u Lëtzebuerg als eegestänneg Natioun gleeft oder usazweis en Onofhängegkeetsbewosstsinn entwéckelt, soll hei net komplett verworf, mä awer ugezweiwelt an hannerfrot ginn.[265]

> *Matthäus Conter ist intuitiv zu einer Einsicht gekommen, die damals nur sehr wenigen aufdämmert. Er fühlt, daß es neben der Wahl zwischen Holland und Belgien für die Luxemburger noch eine dritte Möglichkeit gibt, nämlich die, Luxemburger zu sein.*[266]

Den Hoffmann argumentéiert weider, dass de Conter d'Wuert „Vaterland" zwar nach net ausschwätze kann, mä dass en dat Neit, dat op seng Heemecht duerkënnt, awer scho fillt an en opgrond vun dësem Neie gezwonge gëtt, deem Alen trei ze bleiwen.[267]

> *Er fühlt sich nicht als Verräter. Und er ist auch kein Verräter, sondern ein verfrühter treuer Patriot. Er hat erkannt, daß das, was wir Heimat nennen, nicht heute dieses und morgen etwas anderes sein kann. Er ahnt, daß es hinter wechselnden Fahnen, jenseits aller persönlichen und materiellen Interessen, etwas Unwandelbares gibt, das uns trägt: eben diese Heimat.*[268]

De Matthäus Conter huet allerdéngs kee Wuert fir säin Heemechtsgefill, stellt awer ëmmer erëm d'Fro, wat „Heemecht" iwwerhaapt ass, wat dat bedeit. Doduerch, datt de Grenzverlaf andauernd ännert, ass et fir hien net méiglech, dee Begrëff un engem fixen Territoire festzemaachen. Fir hien ass d'Heemecht d'Muselgéigend, an där hie lieft an opgewuess ass.

Offiziell gehéiert Lëtzebuerg allerdéngs nach zu Holland. Als Hollänner gesäit awer de Groussdeel vun der Bevëlkerung keng Perspektiv an dofir setzt se all hir

---

[265] Vgl. Hoffmann, Fernand: „Das Erwachen, Aufblühen und Erstarken des luxemburgischen Nationalgefühls in der luxemburgischen Literatur." An: *Nos cahiers. Lëtzebuerger Zäitschréft fir Kultur. Lëtzebuerg 5 (1984)*, S. 168.; Vgl. Derenthal-Kohll: *Verräter,* S. 76.

[266] Hoffmann: *Erwachen,* S. 168.

[267] Vgl. ebd.

[268] Ebd.

Hoffnungen an d'Belsch. Doduerch ass d'Vollek och ënnertenee gespléckt tëscht deenen, déi Holland trei ergi sinn, an deenen, déi sech gär der Belsch ugeschloss hätten. Dëst féiert zu Spannungen a Mësstrauen ënnerhalb vum Lëtzebuerger Vollek, wat de Matthäus Conter um eegene Leif erliewe muss:

> *Matthäus merkte sogleich, daß sich nun auch die Feindschaft seiner Dorfgenossen offen gegen ihn entlud. Finstere Blicke, höhnische Anspielungen und ein stetes Gezischel hinter ihm her sagten ihm genug. (...) Bereits am nächsten Tag mußte auch der Bürgermeister es erleben, daß die Widerspenstigkeit offen aufflackerte. Ohne Gruß, ja mit herausfordernden Mienen standen sie trotzig an den Türen und am Weg, als er in der Kutsche nach Killingen hinauffuhr. (...) Als er an einer schwatzenden Gruppe vorbeifuhr, an deren hämischen Gesichtern er merkte, daß er aufs Korn genommen wurde, hörte er hinter dem Wagen her den Ruf: „Vive la Belge!"*[269]

Vill Lëtzebuerger ginn zu Revolutionären, déi sech déi franséisch Revolutioun zum Virbild maachen, während d'Obregkeet se net eescht hélt a sech selwer verherrlecht:

> *Noch eine Weile klangen die abgebrochenen Laute des französischen Revolutionsliedes durch die sinkende Dämmerung... „Aux armes, citoyens! Formez vos bataillons! Marchons... marchons...!" (...) Matthäus (...) war missgestimmt, verbittert und fühlte auf einmal eine bleierne Müdigkeit, die ihn niederzog. Noch immer sah er den Bürgermeister, wie er stolz und höhnisch auf der Treppe stand und über das „Armeleutepack" unten triumphierte. Es verschlug ihm die Sprache. War es nicht herzlos und empörend, diesen Unglücklichen so zu begegnen, auch wenn sie im Unrecht waren? Ja, was würde wohl werden, wenn sie wiederkamen? Der Bürgermeister setzte in seiner Selbstherrlichkeit alles aufs Spiel.*[270]

De Brand vum Conterhaus gëllt, wéi schonn ernimmt, als Wendepunkt vun der Erzielung, well dem Protagonist mat sengem Haus en Deel vu senger Heemecht geholl gëtt. Dësen Entwuerzelungsprozess fänkt mam Conter sengem Ausschloss aus der Duerfcommunautéit un, well hien

> *(...) aufgrund seines tiefen Glaubens an die Rechtmäßigkeit seines Tuns von den Dorfbewohnern mehr und mehr ausgegrenzt wird und ihm so sein Zugehörigkeitsgefühl zur Dorfgemeinschaft, sein inneres Heimatgefühl, genommen wird.*[271]

[269] Ebd., S.44f.
[270] Ebd., S. 74.
[271] Ebd., S. 91.

Vun Ufank u gëtt effektiv däitlech, dass fir de Matthäus Conter d'Heemecht net iergendwellech politesch an abstrakt Konstruktiounen ëm eng Natioun ass an hien dofir keen Nationalgefill am eigentleche Sënn huet, mä dass hien e ganz konkreten a gräifbaren Heemechtsbegréff vertrëtt, dee sech aus verschiddene Komponenten zesummesetzt. Nieft enger enker Verbonnenheet mat sengem Heemechtsduerf an der Duerfgemeinschaft, sinn et an éischter Linn d'Léift zu senger Fra an zu senger Famill, d'Natur an d'Miseler Landschaften souwéi d'Gebuergenheet an d'Sécherheetsgefill, dat him säin Haus a Besëtz ginn, déi dem Matthäus Conter säin Heemechtsbegréff ausmaachen. Dem Conter säi Schicksal besteet doranner, dass hien dës Elementer, déi him säi Liewe bedeiten, a verschiddenen Etappen eent nom anere verléiert. Déi „däischter Hand" ass bei hirem éischten Optrëtt d'Zeeche vum Verloscht vun der Duerfgemeinschaft, duerno begleet se de Brand vun Haus a Besëtz. Duerch säin Exil gëtt de Matthäus an engem weidere Schrëtt vun der Natur getrennt a kann d'Heemechtslandschaft just nach vu wäitem, d.h. vun där anerer Säit vun der Musel aus, betruechten, mä ass net méi mat hir verbonnen. Schlussendlech stinn den Doud vu senger Fra an de Verloscht vu senge leschten Hoffnungen an déi politesch Acteuren als Héichpunkt vum Conter sengem Entwuerzelungsprozess.

Der Natur kënnt am Hein sengem Wierk net nëmmen eng wichteg Roll am Hibléck op déi sëllech Landschaftsduerstellungen an hir Stëmmungsbiller zou[272], mä d'Natur ass och dat Element, dat fir de Matthäus de Lien tëscht him a senger Heemecht hierstellt an duerch dat hien et fäerdegbréngt, seng Identitéit usazweis auszedrécken. Dat enkt Naturerliefnis, dat während der Nuecht, an där hien d'Affichen ophänke geet, beschriwwe gëtt, dréckt seng Verbonnenheet mat der Natur am Allgemengen a mat der Heemechtsäerd am Speziellen aus:

> *Es war ihm, als sei er all diesen Dingen noch nie so nahe gewesen. Aus Boden, Baum und Wasser hauchte es ihn an wie Atem ihres geisterhaft stummen Lebens. Ja, er fühlte ihr Leben und ihre*

[272] Vgl. ebd., S. 68ff.

geheim drängenden Kräfte, und wie jedes Lebendige eine Gemeinschaft hervorzaubert, so fühlte er sich in stiller Verbundenheit mit diesen großen Dingen geborgen.[273]

Dës Naturerfarung, déi staark un d'Ufankspassagë vum Georg Büchner sengem *Lenz* erënnert[274], markéiert déi intern Fokaliséierung duerch den Ausdrock „Es war ihm"[275]. Wichteg bei sengen Empfannungen ass, dass de Conter vu Gemeinschaft, Verbonnenheet a Gebuergenheet schwätzt. Genee dës dräi Komponente sinn déi grondleeënd Konstituenten, déi d'Heemecht fir hien ausmaachen.

Obwuel de Conter sech dat laang net agestoe wëll a seng Ängschte viru senger Fra ze verstoppe sicht, ass et leschten Enns d'Anna, dat hiert Aussesäiterschicksal am Duerf feststellt:

Wie sie so mit Matthäus dahinschritt, (…) kam es ihr auf dem schmalen Berggäßchen jäh zu Sinn, wie weit sie beide nun doch schon von den andern abseits und fort gingen, und wie wenig Leute es gab, von denen sie Rat und Hilfe erwarten könnten.[276]

De Matthäus muss erkennen, dass hien an engem Duerf, an deem just nach e Grapp voll Leit Orangisten an de Rescht Unhänger vun der Belscher Revolutioun sinn, effektiv zum Opfer an zur Projektiounsfläch vun deenen aneren hirem Haass gëtt. Aus dësem Bewosstsinn eraus betruecht en um Wee fir an d'Stad d'Natur ëm sech a stellt bal verzweifelt fest, dass och „ein belebender Hauch, ein Pulsschlag, der durch alles ginge und alles, die Heimat und die Herzen, in lebendige Beziehung brächte"[277] hei feelt. D'Vermësse vun esou engem sënnstëftenden Zesummegehéieregkeetsgefill, dat doriwwer eraus jo och d'Grondviraussetzung fir d'Bildung vun enger Natioun ass, bedeit fir de Conter deen éischte Schrëtt um Wee a säin Ongléck. D'Diskrepanz tëscht dem Kollektiv an deem Eenzelnen, hei duerch de Matthäus a seng kleng Famill representéiert, gëtt um Niveau vun der Erzielperspektiv duerch déi intern Fokaliséierung ënnerstrach, déi an deene Passagen, an deene sech de Conter Gedanken iwwert seng Heemecht mécht, dëse Personnage gesënnert an de

[273] Ebd., S. 14.
[274] Vgl. Büchner, Georg: *Lenz*. Stuttgart: Reclam Verlag 1998, S. 5.
[275] Ebd.
[276] Vgl. Hein: *Der Verräter,* S. 27.
[277] Ebd., S. 37.

Bléckwénkel hëlt an op dës Manéier vun deenen aneren ofschneit. Et ass des Weideren opfälleg, dass d'Duerfgemeinschaft am ganze Buch ëmmer just als Kollektiv duergestallt gëtt an déi eenzel Duerfawunner zu kengem Moment individuell Zich kréien. Dësen Ëmstand bëndelt se nach méi staark zu engem gesiichtslose Ganzen zesummen, deem de Matthäus, d'Anna an de Vinzenz mat hirem Eenzelschicksal diametral géintiwwerstinn. Spéiderhin, nodeems de Conter sech komplett aus der Duerfcommunautéit ausgeschloss fillt an iwwerall mësstrauesch Blécker op sech zitt, besënnt e sech zréck op den Heemechtsbuedem, deen als eenzege bestänneg ass: „Die Erde war ohne Falsch, der Boden war treu"[278].

De Matthäus vertrëtt déiselwecht traditionalistesch Astellung wéi seng Schwéierelteren, fir déi feststeet: „auch sie und ihr ‚Alter' wollten als das sterben, was sie waren"[279]. Wéi fest de Conter u säin Heemechtsduerf gebonnen ass, trëtt däitlech ervir, wéi hie sech d'Situatioun vu senger Schwëster virstellt, déi an eng däitsch Famill abestuet gouf:

> *Als Luxemburgerin geboren und getauft, würde sie als Deutsche sterben, wie sie alle drüben. So leicht verschoben sich die Grenzen. Aber daß auch die Herzen mitgingen, das war für Matthäus ein niederdrückender Gedanke.*[280]

Et ass opfälleg, dass dëst eng vun deenen eenzege Kéieren ass, an deenen de Begrëff „Lëtzebuerger(in)" entscheedend fält. Am Allgemenge gëtt dëst net nëmmen evitéiert, mä et stellt sech eraus, dass dem Conter seng Iwwerleeungen zu „Volk und Vaterland"[281] méi wéi diffus sinn a op kee Fall ëm eng konkret Natioun, näämlech Lëtzebuerg, kreesen. De Conter gëtt zu deem Personnage, deen d'Schicksal vum Lëtzebuerger Land verkierpert. Sou, wéi en an der éischter Nuecht seng eege Situatioun aschätzt: „Er war da in eine Sache hineingekommen, er wußte selbst nicht wie"[282], sou denkt en och iwwer seng Heemechtsäerd: „Heimat, Vaterland –

[278] Ebd., S. 82.
[279] Ebd., S. 30.
[280] Ebd., S. 35.
[281] Ebd., S. 36.
[282] Ebd., S. 15.

ach, auf diesem armen Boden verrückten sie alle zwanzig Jahre die Grenzpfähle"[283]. Och wann hien a sengem ganzen Handelen Holland trei bleift, fillt e sech awer ni als Hollänner, just als Kand vun engem bestëmmte Fleckchen Äerd. Sou, wéi de Conter zum Spillball vu politeschen Acteure gëtt, gëtt och de Buedem ënnert senge Féiss tëscht verschiddene politeschen Interessien hin- an hiergerappt.

E weidert a waméiglech wichtegst Element, dat dem Matthäus säin Heemechtsbegréff präägt, ass d'Léift zu senger Famill a ganz besonnesch zu senger Fra Anna. D'Michèle Derenthal-Kohll verweist op den ideale Charakter vun dësem Stot an där nach relativ jonker Léift[284]. An deenen Textpassagen, an deenen de Lieser net vill iwwert de Conter gewuer gëtt, well dee guer näischt seet a just vun engem extradiegetesch-heterodiegeteschen Erzieler vu bausse beschriwwe gëtt, ouni dass een en Abléck a säin Ënnerst kritt, ass et d'Anna, aus deem senger Perspektiv erzielt gëtt an dat dem Matthäus seng Gefiller an ënnerlech Verfaassung erëmspigelt. Op dës Manéier sinn d'Anna an de Matthäus zwee Personnagen, déi sech ergänzen, soudass dem Lieser méi e globale Bléck vermëttelt gëtt. Grad am éischte Kapitel ass et, ofgesi vun der Zeen mat deem Onheemlechen, manner duerch de Protagonist selwer, duerch deen de Lieser déi bedreelech Atmosphär an déi tatsächlech Gefor ze spiere kritt, wéi éischter duerch dem Anna seng Angscht ëm säi Mann. D'Verhältnis tëscht deenen zwee Partner gëtt deemno an éischter Linn aus dem Anna senger Perspektiv beliicht. Am Ufank, wéi déi zwee sech hirer Situatioun nach net ganz bewosst sinn, versiche se alle béid nach, hir Ängschte virun deem aneren ze verstoppen, fir en net onnéideg an Onrou ze versetzen.[285] Während de Matthäus dat ënnert dem Deckmantel vun der männlecher Daperkeet a sengem Beschützerinstinkt verstoppe wëll, ass et d'Anna, dat fillt an ausdréckt, „daß etwas Fremdes, Trennendes zwischen ihnen war, über das sie nicht zu ihm hinfand"[286]. Géintiwwer de Bedrohunge vu bausse wuesse si ëmmer méi no uneneen a sinn openaner ugewisen; seng Famill gëtt fir de Conter méi wéi jeemools zum

[283] Ebd., S. 36.
[284] Vgl. Derenthal-Kohll: *Der Verräter*, S. 96.
[285] Vgl. Hein: *Der Verräter,* S. 32, S. 41, 42.
[286] Ebd., S. 32.

Zoufluchtsuert, deen him Gebuergenheet schenkt, wou en Trouscht fënnt a wou e sech virun den Iwwergrëff vun deenen anere sécher fillt:

> *Matthäus hatte es schon oft verwundert erlebt, daß es immer, wenn er an Heimat dachte, ihr (Annas) Bild war, das ihm vor Augen trat. Und auch heute machte sie ihm die Heimat doppelt lieb. Er fühlte sich so geborgen bei ihr.*[287]

Et sinn déi Mënschen, déi hie gär huet a mat deenen de Conter sech verbonne fillt, déi d'Heemecht fir hie bedeiten. Wéi bei den Naturbeschreiwungen ass et och hei dat grad schonn ugeschwatent Gefill vu Gebuergenheet, dat am Mëttelpunkt steet. An deem Sënn ass de Saz „– – wenn einer von uns stirbt!" [288] als béis Virahnung ze liesen, deen d'Famill komplett zerrappt an deenen, déi iwwreg bleiwen, all Liewenssënn ewechhëlt. Nodeems de Conter scho vill méi laang wéi urspréinglech erwaart am däitschen Exil sëtzt, stierft d'Anna un de Folge vun enger Feelgebuert:

> *In dieser Nacht sah Matthäus alle Abgründe des Lebens vor sich aufgerißen. Wie ein Raubvogel in jähem, stürzendem Flug herabstößt, so war das Schicksal gekommen. (...) Nichts blieb ihm mehr, Heimat, Haus und Besitz hatte er verloren, und nun sein Letztes, Bestes!*[289]

Fir d'éischt gëtt d'Schicksal nach am Verglach mat engem „Raubvogel" gräifbar, mä duerno gëtt aus dëser Muecht, där de Mënsch ausgeliwwert ass, Scholdgefiller a Selbstvirwërf, déi de Matthäus Conter ze zerräissen dreeën. Während dem Protagonist säin Entwuerzelungsprozess an deenen trageschen Etappe virdrun doduerch fir de Lieser novollzéibar gouf, dass seng Gefiller a säin Handelen duerch eng personal Erzielhaltung ervirgehuewe goufen, verstommt de Matthäus dës Kéier ëmmer méi. Seng Péng wierkt duerch den auktorialen Erzielerbericht wéi Apathie. Net nëmmen den Erzieler entfernt sech vum Personnage, mä souguer de Conter selwer schéngt sech vu sech selwer ze distanzéieren. Géint all Erwaardung kënnt et awer net zu enger kompletter Resignatioun vum Protagonist.

> *Drunten versank in den Abendnebeln die Heimat, und sie barg nun noch Kostbareres in ihrem Schoß, wegen dessen allein es sich schon lohnte, um ihre Wiedergewinnung zu kämpfen, denn wo Gräber sind, dort erst wird Heimat.*[290]

---

[287] Ebd., S. 77.
[288] Ebd., S. 64.
[289] Ebd., S. 127ff.

Duerch de Verloscht vum Conter sengem Haaptlien zu senger Heemecht kritt dës Heemecht eng aner Bedeitung, andeems se zu där Plaz gëtt, déi Erënnerunge festhält. Den Doud gëtt an deem Sënn positiv ëmgedeit, well déi Verstuerwen eent mat der Natur ginn an d'Griewer déi nächst Generatiounen op déi Manéier un eng fest definéierbar Plaz bannen. Aus dëse Gedanken zitt de Conter seng lescht positiv Energie, déi en dozou bréngt, mat leschter Kraaft fir en Zréckkommen op den Heemechtsbuedem ze kämpfen.

D'Protagoniste vun deene verschiddene Romaner sinn Eenzelfäll, déi hir Realitéit kritesch betruechten an hannerfroen a sech der Norm net upassen. De Protagonist Matthäus Conter beispillsweis ass Gemengebuet. Hien ass bescheiden, intelligent a verwaltungstrei an trotzdeem oder grad doduerch gëtt en am Laf vum Roman zum Ausgestoussenen duerch den Haass vun der Bevëlkerung op Holland an duerch déi Belsch Revolutioun. De Matthäus Conter gleeft fest a stur u seng Beamteflichte souwéi u Recht an Uerdnung.

Fir de Protagonist kënnt am Laf vun der Handlung e Punkt, un deem hie selwer net méi weess, wat richteg a wat falsch ass. Hie befënnt sech am Zwispalt tëschent senge Wënsch an deene vu senge Matmënschen. A senger Prinzipientreiheet mécht hien dat, wat vu senge Virgesetzte vun him verlaangt gëtt. Awer mat der Zäit gëtt hien doduerch zum Ausgestoussenen a senger Gesellschaft an esou stellt hie sech ëmmer erëm d'Fro, firwat hien aneschters fillt wéi all seng Matmënschen an ob hien net vläicht falsch läit.

> *Matthäus Conter war keiner von denen, die sich das Leben leicht machen. (...) Er hatte bisher fest geglaubt, auf dem rechten Wege zu sein, den ganzen Winter hatte er darüber nachgegrübelt, was er zu tun habe, aber vielleicht war er doch irregegangen, weil er mit seinem schwachen Verstande die Dinge wohl nicht richtig beurteilen konnte. Er war ja nun völlig abseits von den andern in ein beängstigendes Alleinsein geraten. Das war seltsam, denn er hielt sich nicht für klüger oder besser als die andern; ob sie auch, wie er, jeden Tag Gott um die richtige Ansicht anflehten, das wußte er nicht. Er hatte so gut wie sie unter der Unbill der*

[290] Ebd., S. 134.

Zeit gelitten und über die Plackereien der Beamten manch heftiges Wort geäußert; nur in die Umtriebe der Revolutionäre hatte er sich nicht hinreißen lassen, weil sich seinem innersten Gefühl dieses Vorgehen als ein Unrecht erwies. (...) War es nicht doch unverzeihlicher Starrsinn, sich und sie ins Unglück zu stürzen, bloß weil er es als höheres Gebot ansah, an der bestehenden Ordnung festzuhalten? Die Treue oder der Nutzen - was stand höher? Er hatte sich seit einiger Zeit schon allen Ernstes gefragt, ob er nicht vielleicht krank, ob nicht sein Geist getrübt sei, da er nicht mehr denken konnte wie die andern. Ging er nicht schon wie ein Irrsinniger, halb verachtet und halb bemitleidet, zwischen ihnen herum?[291]

Besonnesch dem Conter seng Zäit am Exil weist, wéi sech säi Verhältnis zu der Heemecht verschäerft, hie säi Verlaangere bal net méi aushält a seng Heemecht him awer gläichzäiteg ëmmer méi friem gëtt.[292]

Nom Doud vu senger Fra an dem Verloscht vu senger leschter Hoffnung, wéi de Lieser eng komplett Resignatioun erwaarde kéint, sammelt de Matthäus all seng lescht Kräften a setzt alles drun - leschten Enns och säi Liewen - fir nees zréck op säin Heemechtsbuedem kommen ze kënnen. Seng uschléissend Enttäuschung an der Stad[293] ass dowéinst esou grouss, well en erkenne muss, dass hien a senger absolut treier Haltung ee vun deenen eenzegen ass, deem et wierklech ëm den Heemechtsbuedem geet an deen, obwuel en aus der Communautéit ausgeschloss gëtt, seng Famill ënnert der Situatioun leit an him Gewalt ugedoe gëtt[294], a senger Positioun standhaft bleift.

An der Stad muss e komplett desillusionéiert feststellen, dass et deene Mächtege just ëm Gewënn an aner Interessie geet, an dass säin eegent Schicksal fir déi politesch Acteuren en onwichtegen Detail duerstellt. Och wann de Conter, objektiv gekuckt, duerch seng trei Haltung dem Buergermeeschter géintiwwer, op der Säit

[291] Ebd., S. 54f.
[292] „Er stand auf fremdem Acker, er aß geliehenes Brot, er atmete Luft, die von Westen kam, von der verlorenen Heimat her, und sie stärkte ihn nicht, sie machte ihn krank und müde." (Hein: *Der Verräter,* S. 105.)
[293] „Ein Tauschobjekt – mehr war das Land nicht für sie." (Ebd., S. 145f.)
[294] „(...) weswegen ihr mich schlaget" (Ebd., S. 52.)

vun den Orangiste steet, gëtt awer am Laf vun der Handlung kloer, dass hie sech vum Sternbach distanzéiert.[295]

Trotzdeem wëll de Conter weiderhi vermeiden, datt Lëtzebuerg belsch gëtt. A wann e mat dëser Usiicht falsch leie sollt, dierf senger Meenung no just e Lëtzebuerger Geriicht iwwert hie riichten:

> *„Nie! Nie! Nie richtet mich ein belgischer Richter", sagte er trotzig. „Meine Richter sind in Luxemburg. (...)." „Ja, das Recht - - ! Seltsam, zu denken, dass du einst belgisch sein könntest! Ja, ja, aber wer kann wissen? Dann werden deine Kinder und Kindeskinder die Achseln zucken über den verrückten Ahnen, dem die Buben nachliefen und nach dem Kopf zeigten. Und nach hundert Jahren, wenn sie den Jahrestag der Wiedervereinigung mit Belgien feiern, o, es wird ein großes Fest im ganzen Lande sein, Freudenfeuer werden auf den Bergen flammen, und die Minister werden Reden halten und begeistert darauf hinweisen, welch wunderbare Fügung Gottes es war, daß das Volk damals so gesunden Menschenverstand bewies, um belgisch werden zu wollen. Aber man wird auch an die Verräter erinnern, die den heiligen Willen des Volkes verachteten und klüger zu sein meinten; während die andern vor der Muttergottes auf den Knien lagen, damit Gott der belgischen Revolution den Sieg verleihe, hätten sie der Sache Hollands gedient und holländische Plakate ausgetragen. Und so ein Verräter, siehst du, Vinzenz, bin ich! Dann mögen sich deine Enkel den alten Halunken, der ihr Ahne war, nicht zu sehr zu Herzen nehmen! Aber kein Arloner Revolutionsgericht wird ihn gerichtet haben!"*[296]

Och nodeems verschidden Duerfbewunner dem Conter säin Haus ofgefakelt hunn, behält hien de Wonsch, senger Heemecht ze déngen, och, wann hie sech vun hir verstouss a mëssverstane fillt. De Verrot, deen him ugekräit gëtt, ass Treiheet géintiwwer Lëtzebuerg. Hie wëll d'Onofhängegkeet vum Land.[297]

A sengem Trotz gleeft de Matthäus Conter nach ëmmer fest un d'Gerechtegkeet[298] a bleift trotz senger Zukunftsangscht[299] stur[300]. No an no verléiert en alles - seng Heemecht, säin Haus, säi Besëtz, seng Fra. Gedriwwe vu Selbstvirwërf, Trauer, Isolatioun an Hoffnung op Erléisung rappelt de Conter sech héich an zerfléisst net a

[295] Vgl. z.B. Hein: *Der Verräter,* S. 75, no der éischter Brasilierepisod, dem Conter seng Iwwerleeungen zum Buergermeeschter senger Haltung den Aylbacher géintiwwer.
[296] Ebd., S. 83f.
[297] Vgl. ebd., S. 109.
[298] Vgl. ebd., S. 99.
[299] Ebd., S. 124.
[300] Ebd., S. 112.

Selbstmatleed. Hie wëll weiderhin op säi Recht pochen. Schliisslech muss hien awer säin Iertum erkennen:

> *Einen letzten Halt hatte er bis jetzt gehabt: Den Glauben an das gute Recht seiner Sache. Wenn dieser verloren ging, brach alles zusammen. Konnte das eine gute, reine Sache sein, für die jene Profitmacher kämpften? Kämpften? Sie wußten sich mit ihrer Person in Sicherheit, es ging ihnen gut hinter den Mauern der Stadt, sie brauchten sich nur um die fetten Pfründen zu reißen, die eigens für sie geschaffen wurden. Und der König? War das ein König, dem dieses Volk nur ein Tauschobjekt war? Matthäus mußte stehen bleiben, so lähmten ihn diese Gedanken. Denn wenn es so war, dann hatte ja das Volk recht, dieses arme, verbitterte, verhetzte Volk, und er selbst hatte sich für ein Wahngebilde geopfert, für ein Nichts.*[301]

Awer de Conter ass bereet, zu senger Verantwortung ze stoen[302], a beschäftegt sech mat der Fro vu Flicht a Schold. Soll en zréck an d'Heemecht, déi en unzitt an an där en awer der Veruechtung vun den Duerfbewunner ausgesat ass, oder an d'Friemt goen? Hien akzeptéiert seng Roll als Verräter, ass voller Haass a Veruechtung a verléiert säi Glawen.[303] Schliisslech erfëllt sech dem Conter säi Wonsch an hie geet zréck a seng Heemecht, fir do ze stierwen.[304]

Dat Ganzt hëlt an där Hisiicht eng tragesch Dimensioun un, well de Conter keen aktive Kämpfer ass an op kee Fall géint anerer virgeet, mä duerch seng Buedemgebonnenheet tëscht déi verschidde Campe geréit.[305] Vun engem Nationalist kann am Ufank vun den 1830er Joren nach net geschwat ginn, well Lëtzebuerg als Natioun zu deem Zäitpunkt nach guer net existéiert. Dreift een dem Conter seng grondsätzlech Astellung, dass hien als dat stierwe wëll, wat en ass[306], an d'Extreemt, kann een interpretéieren, dass de Protagonist schlussendlech u senger treier Haltung zu senger Heemechtsäerd zu Gronn geet, well Lëtzebuerg, dee Buedem, un deem en esou hänkt, onofhängeg gëtt an domat och net dat bleift, wat et zum Conter senger Zäit war.

---

[301] Ebd., S. 147.
[302] Ebd., S. 148.
[303] Vgl. ebd., S. 150.
[304] Ebd., S. 157.
[305] De Fait, dass en iwwerhaapt an d'Exil goe muss, resultéiert och doraus, dass en an enger existentieller Extremsituatioun op ee Mann geschoss huet an, am Kontext vun der Zeen, onschëlleg schëlleg gëtt. (Vgl. Ebd.„ S. 97.)
[306] Vgl. de Schwéierelteren hire Grondsaz: „auch sie und ihr ‚Alter' wollten als das sterben, was sie waren." (Ebd., S. 30.)

Sécherlech deit och zum Schluss vun der Novell alles drop hin, dass *Der Verräter* wuel als Hommage un d'„Luxemburgertum"[307] konzipéiert gouf. Et läit duerchaus no, an de Personnage vum Matthäus Conter éischt Usätz vun engem Onofhängegkeetsbewosstsinn eran z'interpretéieren. Trotz allem erschéngt mir dat ze wäit gegraff. D'Funktioun vun der bildhafter Schicksalshand besteet näämlech net nëmmen doranner, dat iwwernatierlecht Element an d'Erzielung anzeféieren, mä och doranner, dem Protagonist säin Onbewosstsinn zum Ausdrock ze bréngen. D'Symbol vun der „däischterer Hand" bilt an dësem Zesummenhang de Schlussaccord a mécht d'Rumm vun der Erzielung zou. Dës Kéier trëtt se allerdéngs weder als warnend nach als potentiell geféierlech Muecht op, mä als rettend Kraaft, déi de Conter, kuerz éier en un engem Häerzinfarkt stierft, aus der Musel op lëtzebuergesche Buedem zitt: „Man sah in das Gesicht des Toten. Es war friedlich, von einem innern Lächeln erhellt".[308] E leschte Wonsch gouf him domat erfëllt, soudass e säin ënnere Fridde fënnt an nees mat senger Heemechtsäerd vereent ass. Méi héich gegraffen Ambitiounen hat de Conter kaum, soudass och net vun enger konkreter Identitéitsbildung geschwat ka ginn. Dem Nikolaus Hein säi Wierk reit sech eendeiteg an d'Beméiunge vun enger Generatioun an, déi d'Urspréng an d'Wiese vun der nationaler Identitéit ergrënnen. Soumat ass et d'Haaptuleies vum Wierk, den Ursprong an d'Wiese vum Lëtzebuergertum z'ergrënnen.

3.2. *Fenn Kaß*

De Fenn Kaß, deem säi Wee zum Geeschtlechen a schliisslech d'Opginn vun dësem Beruff zugonschte vun der Technik am Roman erzielt gëtt, duerchleeft am Handlungsverlaf keng charakterlech Veränderung. Hien ass als Kand schonn esou wéi e spéider als Erwuessenen erschéngt. Ewell als Bouf ass hie charakterlech

[307] Hoffmann: *Erwachen,* S. 168.
[308] Hein: *Der Verräter,* S. 157.

fäerdeg geformt an erlieft keng psychesch Entwécklung. Aus deem Grond kann ee bei dësem Wierk och net vun engem Entwécklungs- a scho guer net vun engem Bildungsroman schwätzen. Dem Fenn säin Zwispalt fënnt sech vill méi a senger berufflecher Tätegkeet erëm. Sou schwankt hien tëscht dem Wonsch Paschtouer ze ginn a senger technescher Vokatioun.

Eise Protagonist gëtt schonn als Bouf als sensibelen an eeschte Mënsch duergestallt. Als Kand erlieft hie seng schéinst Momenter an der Kierch, wou och e gewëssenen Idealismus dem Beruff als Geeschtleche géintiwwer säin Ursprong fënnt. Doduerch, datt hie senge Prinzipien a Wäertvirstellungen ëmmer trei bleift, geléngt et dem Fenn Kaß, mat sech selwer am Réngen ze sinn:

> *Fenn Kaß ging an diesem Abend zu Bett mit einem großen, sichern Gefühl der Beruhigung. Er war sich in seinem Knabeninstinkt bewusst: Du bist in der richtigen Bahn, du hast zu Menschen und Dingen das Verhältnis gewonnen, das dir Lebensbedingung ist, du hast dich durchgesetzt.*[309]

De Protagonist zeechent sech vu klengem un duerch seng staark Perséinlechkeet aus, déi sech vun der Mass ofhieft. Hie fillt sech an all Situatioun iwwerleeën. Souguer als jonke Schüler huet e beim Antrieden an d'Konvikt keng Angscht. Wat hie vu senge Kollegen ënnerscheet, ass d'Tatsaach, datt hien, wéi gesot, mat sech selwer komplett am Réngen an dobäi fromm ass, deelweis trotzeg a stur souwéi komplett ouni Angscht virun Obregkeeten agéiert:

> *Für die Kameraden war Fenn Kaß mit dem Nimbus des Charakters umkleidet. Nichts imponierte ihnen so, als wenn es von jemand hieß, er sei ein Charakter, denn sie standen in dem Alter, wo in den Knaben das Seelenmetall sich zu härten beginnen muß, soll daraus der Stahl werden, der dem Leben auf Stich und Hieb standhält. Und darum empfanden sie instinktiv den Wert dessen, der schon jetzt auf Stich und Hieb so stählernen Klang zurückgab.*[310]

[309] Weber, Batty: *Fenn Kaß*, S. 88.
[310] Ebd., S. 60.

Den Direkter vum Konvikt mécht keen Androck op hien, während déi aner Jonge vun Angscht wéi geläämt sinn.[311] De jonke Fenn setzt sech géint de Kleyer duerch, sou datt dëse Respekt virun him kritt:

> *Der Junge spürte, wie ihn die Mutter mit der Spitze des Regenschirms ermunternd anstieß und unterdrückte eine unwillige Gegenbewegung. „Du bist wohl mit dem linken Fuß zuerst aufgestanden?", meinte Herr Kleyer noch immer wohlwollend, trotzdem Fenn unter seinen Blicken durchaus nicht schmelzen wollte. (...) Sein Ausdruck war lauter Offenheit und Gleichmut, kein Zug in seinem braunen, magern Gesicht, der nicht das schönste innere Gleichgewicht verriet. Höchstens, daß sie in seinen lieben braunen Augen hätte lesen können: Mutter, hier ist es langweilig; mach, daß wir hinauskommen.*[312] (...) *Und dabei drückte er* (der Direktor) *Fritzens Kopf zärtlich gegen seinen Magen und fasste Putty liebkosend unter's Kinn. Als er aber mit derselben väterlichen zutraulichen Gebärde nach Fenn Kaß griff, bog dieser den Kopf zur Seite.*[313]

An et geléngt dem Bouf, dat opgesatent Behuele vun den Erwuessenen direkt ze duerchkucken:

> *Er hat gemeint, ich merke nicht, wie ihm nur daran gelegen war, daß er vor den Jungens mich unterkriegt. Nachher war er gut zu mir. (...) Mein Bruder Esel ist ganz besonders starrnackig, hat er gesagt, aber er will mir dabei helfen; ich habe wohl gemerkt, er hatte es darauf angelegt, daß ich gerührt würde. Aber ich habe mir das Lachen verbeißen müßen.*[314]

De Fenn Kaß ass en Idealist, deem säi Wonsch et insgeheim ass, Maschinnebau ze studéieren. Säi Flichtbewosstsinn, virun allem sengem Papp géintiwwer, bréngt en awer dozou, e Liewen als Geeschtlechen unzestriewen: „Und Fenn sprach von der Zeit, wo er Kaplan wäre, und die Mutter, wenn sie allein geblieben wäre, zu sich nehmen würde."[315] Et wier awer falsch ze behaapten, de Fenn Kaß géif géint säi Wëllen an de Beruff vum Geeschtlechen erageroden. Sécherlech gëtt hien indirekt ënner Drock gesat, virun allem vu sengem Papp, mä zu kengem Zäitpunkt wiert hie sech dogéint. Am Géigendeel. Hie kritt e puer Mol d'Geleeënheet, ouni grouss Problemer en anere Wee anzeschloen, wéi zum Beispill, wéi säi Papp stierft a seng

[311] Vgl. ebd., S. 60.
[312] Ebd., S. 61f.
[313] Ebd., S. 65.
[314] Ebd., S. 87f.
[315] Ebd., S. 51.

Mamm him ubitt, de Beruff vum Paschtouer falen ze loossen[316], oder wéi den Theo Schütz him virschléit, mat him ze kommen, fir Ingenieur ze ginn.[317] Mä de Fenn léisst dës Geleeënheete versträichen, ouni drop ze reagéieren. Hien hält, wéi hie seet, u sengem Liewensplang fest: „Was ich werde, werde ich aus freien Stücken“[318].

Als Jugendleche kritt de Fenn schonn de Ruff als Fräidenker[319], wat vun de Geeschtleche guer net gär gesi gëtt. Hie ka sech net fir dat Amt, dat fir hie virgesinn ass, begeeschteren, mä hie weess, wat hie sengen Eltere schëlleg ass.[320] Hien hält nach ëmmer u sengem Beruffswonsch fest, net just aus Flichtbewosstsinn, mä och aus engem naiven Idealismus eraus:

> *Ich gehe nicht in den Beruf hinein, um nur überhaupt unterzukommen, sondern weil ich überzeugt bin, daß einer an dieser Stelle unendlich viel Gutes wirken kann. Gerade für das Materielle. (...) Ich will zu den Leuten hinausgehen mit einem Schatz von Wissen, damit ich ihnen helfen kann, sich das Leben leichter zu machen. Wir sind ja nicht da, um uns wie Blei an sie zu hängen mit Predigten und Ermahnungen, wir sollen sie lehren, wie man ein guter Kerl sein kann und lustig dabei von morgens bis abends. Pass auf, Theo, in meiner Pfarrei sollen sie noch einmal tanzen, und ich stelle ihnen die Musik dazu![321]*

Trotzdeem erkennt hie schonn d’Zwäng, déi vu senger Beruffswiel ausginn:

> *Und dann, siehst du, dann möchte ich auch den Lebenstraum meiner Mutter erfüllen. (...) Einem Vater tut man dergleichen nicht zulieb. Man wittert Zwang und geht dagegen an. Aber von der Mutter ist es kein Druck, kein Zwingenwollen, nur ein sehnsüchtiges Wünschen - da fühlt man sich als den Schenker und tut sich was drauf zugut.[322]*

De Fenn Kaß ka seng wëssenschaftlech Orientéierung awer ni lassloossen, sou datt en d’Schëpfungsgeschicht esouguer kritiséiert, wat fir e Geeschtlechen onvirstellbar ass.[323] Hie wëll de Beruff virun allem aus enger naiver Virstellung vu senger Gemeng eraus ausüben:

---

[316] Vgl. ebd., 145f.
[317] Vgl. ebd., S. 111
[318] Ebd., S. 146.
[319] Vgl. ebd., S. 108.
[320] Vgl. ebd., S. 110.
[321] Ebd., S. 111f.
[322] Ebd., S. 114f.
[323] Vgl. ebd., S. 134ff.

> *Dazu habe ich Talent; zum einfachen Dorfpastor. Ich verstehe die Leute, und ich hoffe, sie werden mich verstehen. Ich brauche viele um mich herum, denen ich Gutes erweisen kann und die auf mein Wort hören. Ich verstehe es so, weißt du, Mutter, dass das ganze Dorf meine Familie sein soll. (...) Sie sollen mich lieb haben, Mutter, und ich will sie mit Liebe zu mir zwingen (...).*[324] *(...) Die innige Gestalterfreude des Starken war in Fenn, wie er einsam über die staubweiße Landstraße wanderte, das Bewusstsein, daß er viele würde glücklich machen können, wenn sie an ihn glaubten. Und sie würden an ihn glauben, sie würden an ihn glauben.*[325]

Wéi de Fenn zu Brebach Kaploun gëtt a mat de Leit vum Duerf a Kontakt trëtt, deelt en d'Leit direkt a staark an a schwaach Charakteren an. Dëst weist seng Arroganz an angeblech Iwwerleeënheet. Hie bezeechent déi Schwaach als Liichtgebakener, déi en net fir voll hélt:

> *Die Zuchtwahl hat sie längst aus den Reihen der eigentlich Besitzenden verbannt... Je nach der Blutmischung geht ihr Geschlecht zugrunde oder arbeitet sich langsam, durch zwei, drei Generationen - langsamer als in den Kreisen, wo der Besitz leichtflüßiger ist - bis in die Front der Vollgültigen hinauf.*[326]

De Fenn Kaß gesäit sech als dee Gesonden; dat Krankt gehéiert an de Beräich vun der Hysterie, der Mystik, jo souguer vläicht der Kierch. Géint de Mystiker Louis Binz empfënnt de Fenn „den instinktiven Ekel des gesunden Menschen"[327]. De Fenn ass „die Kraftnatur", déi dem Liewen „frisch-fromm-fröhlich mit geballter Faust gegenüber stand"[328]. Sou empfënnt hie sech op ee Mol och als Ausgestoussenen a sengem Duerf, well e Geeschtleche wëll ginn. Hien ass „aus dem Kreis der Vollmenschen verbannt, ein freiwilliger Krüppel"[329]. Och de Schluss weist, datt de Fenn Kaß d'Leit an zwou Kategorien andeelt, an zwar an déi, déi Befeeler ginn, an an déi, déi follegen.[330]

---

[324] Ebd., S. 146f.
[325] Ebd., S. 156.
[326] Ebd., S. 184.
[327] Ebd., S. 107.
[328] Ebd., S. 108.
[329] Ebd., S. 123.
[330] Vgl. Weber: „Nachwort", S. 326f.

De jonke Kaploun gesäit et als seng wichtegst Bestëmmung, d'Leit zu méi Technik ze verhëllefen, well hien doranner dat zukünftegt Heel vun de Mënsche gesäit. Technik bedeit fir hien eng Verbesserung vum Liewen, wéi hien de jonke Brebacher demonstréiert:

> *Fenn stellte seinen Zuhörern, die ihn nur teilweise verstanden, eindringlich vor, wie sie sich hier draußen unverzeihlich das Leben schwer machten. (...) Warum, zum Beispiel, verhielten sie sich gegen Ackerbaumaschinen noch so ablehnend? Warum hatten sie keine Wasserleitung und mußten eine Menge Zeit damit verbringen, daß sie ihr Vieh zur Schwemme trieben, oder aus dem Brunnen Wasser herzutragen? Warum hatten sie kein elektrisches Licht und hantierten jahraus jahrein mit ihren feuergefährlichen, trüben Ölfunseln in Stall und Scheune?*[331]

De Fenn Kaß bezeechent dës Verbesserungen virun der Duerfjugend als „Kulturwohltaten"[332]. Seng Sturheet féiert allerdéngs ëmmer erëm zu engem provokante Behuelen, mat deem hie sech net just Kollege mécht. Seng Beruffswiel ass fir de Romanheld en Opfer, awer hie wënscht sech virun allem, seng Gemeng mat Léift zu sech ze zwéngen a Guddes ze maachen.[333] D'Verb „zwéngen" weist, datt de Fenn ëmmer säi Wëllen a seng Virstellungen duerchsetze wëll, sou wéi et och bei sengem Wonsch no Fortschrëtt de Fall ass. Do steet him allerdéngs de Paschtouer am Wee, deen natierlech d'Autoritéit vum Duerf duerstellt, sou datt sech d'Duerfbewunner no him riichten.[334] An esou kënnt et schliisslech zum Sträit tëscht dem Kaploun Fenn Kaß an dem Paschtouer Brendel, well déi zwee ënnerschiddlech Opfaassunge vun hiren Aufgaben hunn. De Paschtouer leet Wäert drop, déi néideg Distanz zur Par ze halen, wat guer net der Opfaassung vum jonke Kaploun entsprécht. Ausserdeem huet de Brendel eng Ofneigung géint dat Modernt an d'Wëssenschaft.[335] Well jidderee säi Wëllen a seng Virstellungen duerchsetze wëll, gëtt d'Verhältnis tëscht deenen zwee Geeschtleche mat der Zäit ëmmer méi onfrëndlech, bis dass de Paschtouer schliisslech eng Priedegt géint de Fenn Kaß mat allerlee Ënnerstellungen an der Mass virdréit:

---

[331] Ebd., S. 187.
[332] Ebd., S. 190.
[333] Vgl. ebd., S.178.
[334] Vgl. ebd., S. 186ff.
[335] Vgl. ebd., S. 192ff.

Es sind die unruhigen, verbohrten Köpfe, für die die Glaubenstreue besonders schwer ist, es sind die unlenkbaren Charaktere, die sich nie an den priesterlichen Gehorsam gewöhnen, Temperamente, die sich vielleicht insgeheim auch gegen die priesterliche Keuschheit aufbäumen, Seelen endlich, die niemals oder in höchst unvollkommener Weise den dem Priestertum nötigen religiösen Geist, Geschmack an göttlichen Dingen und Seeleneifer sich aneignen. Beten wir, geliebte Christen, daß unsere Pfarrei immerdar vor solchen falschen Seelenhirten bewahrt bleibe, beten wir, dass der Geist der Frömmigkeit und Gottesfurcht, dass der Geist Marias niemals verdrängt werde durch die irdischen, himmelabgewandten Sorgen einer Martha oder gar eines Judas Ischariot in Priestergestalt.[336]

Obwuel et méi einfach wier, dem Brendel nozeginn an esou ze vermeiden, datt déi ganz Par géint hien opgehetzt gëtt, léisst sech de Fenn Kaß awer net vu senge Pläng ofhalen:

Ich bin nach wie vor entschlossen, euch die Geheimnisse der Natur aufzuhellen, die ihr verstehen könnt und, soviel an mir liegt, werktätig zu eurem zeitlichen Wohlergehen beizutragen. (...) Nicht die Wahrheit ist verderblich, sondern die Lüge. (...) Wenn ich euch helfe, eure Kräfte nach Möglichkeit anzuspannen und auszunützen, so habe ich bei der Ausführung von Naturgesetzen geholfen, die von Gott geschaffen sind. Am klarsten lernt ihr den Schöpfer erkennen in der Gesetzmäßigkeit, mit der alle Kräfte des Weltalls ineinander wirken. Am aufrichtigsten verehrt man den Meister, in dessen Werk man sich selber als ein Teil des Ganzen fühlt und betätigt. Lernen und arbeiten sind das gottgefälligste Gebet, ihr Lohn und ihr Segen sind von Gott gewollt.[337]

Well de Fenn awer ëmmer erëm op Géigewier trëfft, ännert sech seng Astellung zum Beruff an hie gëtt ëmmer méi onzefridden:

(...) das Schwerste daran ist mir, dass mich meine Tätigkeit nicht ausfüllt. (...) Die Verhältnisse sind mir in allem zu klein, und ich spüre zudem, sie sind mir feindlich. Ich denke immer: was ich hier im höchsten Falle wirken kann, ist das wirklich wert, dass ich dafür auf die volle Entfaltung meiner Kräfte verzichte? (...) Das Schwerste ist mir, daß ich oft denke, ich muß, was mich angeht, der vollen Erfüllung entsagen.[338]

Hien erkennt, datt him e Liewen als Geeschtlechen op Dauer net duergoe kann, well en an där Funktioun net esou vill verännere kann, wéi e sech dat virgestallt huet.

[336] Ebd., S. 209f.
[337] Ebd., S. 212.
[338] Ebd., S. 226.

Hien, den Techniker, de Wëssenschaftsorientéierten, fillt sech ënnert den almoudesche Baueren ënnerfuerdert, jo, hien empfënnt hiert bescheident an onkultivéiert Wiesen esouguer als Zoumuddung.[339] Schliisslech huet de Fenn Kaß mat enger totaler Desillusionéierung vu sengem Beruff ze kämpfen:

> *Es sei doch nicht denkbar, daß alle, die sich zusammen mit ihm durch ihre Studienjahre hindurch vollgesogen hatten mit den idealsten Vorstellungen von der Erhabenheit des Priesteramtes, jetzt ihre ganze Tatkraft und Arbeitsfreudigkeit in ödem politischen Klatsch verzettelten. Aber so weit er um sich blickte, er sah keinen seiner geistlichen Altersgenossen, der nicht den Beflissenen spielte (...) Dies überhitzte unaufrichtige Wesen widerte Fenn Kaß dermaßen an (...).*[340]

Säin Ideal ass et näämlech, stänneg ze denken, datt d'Liewen nach ëmmer eppes Besseres vun engem verlaangt. Jidderee soll striewen, dat Héchst ze leeschten, wat fir hie méiglech ass.[341] Dëst versicht hien och am Beruff vum Kaploun, an deem en allerdéngs ëmmer erëm Steen an de Wee geluecht kritt. Och gëtt him bewosst, datt et a sengem Beruff net drëms geet, Gott ze déngen, mä Mënschen, déi ëm d'Herrschaft vun der Welt réngen.[342]

Virun allem seng Mamm ass et, déi dem Fenn bewosst mécht, datt e säin Zil, Guddes ze leeschten an dofir Léift vu senge Matmënschen z'erhalen, ni erreeche wäert an datt et néideg fir hien ass, sech fräi ze maachen.[343] Schliisslech ass de Fenn bereet, de Beruff als Geeschtlechen ouni schlecht Gewëssen hannert sech ze loossen:

> *Daß ich bisher im Leben immer tat, was ich tun zu müßen glaubte, einerlei ob es mich leicht oder schwer ankam, wirst du mir ebenfalls zugeben. Und mein Tun und Lassen richtete sich einzig und allein danach, ob ich das erfüllte, was ich als meine Bestimmung erkannte, nicht danach, ob es mir augenblicklich ein Genuß war oder eine Fron. Ich glaubte eine zeitlang, so viel Gutes und Schönes und Nützliches wirken zu können, daß es mich mit Genugtuung erfüllen würde. Darin wurde ich enttäuscht durch die Dinge und durch die Menschen enttäuscht. Und darum gab ich es auf. (...) Ich trete ungestraft aus dem Priesterstande aus, weil ich nie hineingehört habe. (...) Aber ich habe nie in mir das gespürt, was man religiöses Empfinden*

[339] Vgl. ebd., S. 247.
[340] Ebd., S. 252.
[341] Vgl. ebd., S. 259.
[342] Vgl. ebd., S. 262.
[343] Vgl. ebd., S. 265f.

nennt. Meine Ethik und Moral waren immer ohne religiöse Färbung und Grundlage. (...) Ich habe die Kulissen der Religion beständig von der ungemalten Seite gesehen. Darum war ich immun gegen das Psychologische des Berufs, das, was euch allen im Blut sitzt, was recht eigentlich das unauslöschliche Merkmal der Priesterweihe ist. Das werdet ihr nicht los, das ist eine Umbiegung eures ganzen innern und äußern Wesens, die sich nie zurecht richten lässt. Und davon weiß ich mich frei. In diesem Sinne habe ich wohl nie die Berufung zum Priesterstand gehabt, und darum durfte ich ihm den Rücken kehren, ohne eine Schuld hinter mir zu lassen, ohne Schlinge am Fuß. Wer das von sich nicht sagen kann und trotzdem das geistliche Kleid auszieht, der geht durchs Leben mit einem unheilbaren Zwiespalt.[344]

Mä och nodeems de Fenn Kaß d'Soutane ausgedoen huet, ass et säin eenzegt Zil, de Bauere vu Brebach Elektrizitéit a Waasserleitungen ze bréngen, och géint hiren ausdréckleche Wëllen. Hien hëlt dobäi gär d'Revolt vun der Duerfjugend a Kaf, wat schliisslech zum Doud vu sengem eelste Kolleg, dem Wöllem, féiert. Souguer wéi dem Wöllem seng Läich am Haus vun der Famill Kaß läit, waart de Fenn net op den Dokter, mä geet direkt an d'Turbinnenhaus, fir nozekucken, ob bei der Revolt näischt un d'Maschinne komm ass.[345] Dëst weist, datt hien der Technik méi nosteet wéi de Mënschen a soumat e Liewen als Ingenieur fir hie predestinéiert ass, während d'Ausübe vum geeschtleche Beruff ëmmer eppes Onnatierleches fir hie gewiescht wier.

D'Haaptmotiv vum Batty Weber sengem Roman ass deemno de Problem vun der berufflecher Distanzéierung vu kathoulesche Paschtéier. De Fenn Kaß trëtt als jonke Geeschtleche wéinst negativen Erfarungen aus dem reliéise Stand aus. Hien ass allerdéngs net un de Flichte vum Zölibat an och net un de Fuerderunge vum Glawen zerbrach. Kaploun ze sinn huet hie just ni duerchdrongen. Esou däerf hien ongestrooft an ouni Konsequenzen de Beruff vum Geeschtleche verloossen, well en ni an dëse gehéiert huet. De Fenn Kaß erkämpft sech d'Recht, dat ze sinn, wat hie wëll: e fräi schafende Mënsch. Säi Gléck - dat heescht fir hien, d'Fäegkeet, d'Liewen ze meeschteren a mat senger beschter Kraaft dat Gréisst ze schafen - kann hie just an der Groussstad fannen.

[344] Ebd., S. 293f.
[345] Ebd., S. 313ff.

An anere Romaner vum 19. Joerhonnert, déi vun austriedene Geeschtlechen handelen, ass dëst oft mam Broch vum Käichheetsgelöbnis verbonnen. D'kathoulesch Kierch fuerdert d'Zölibat, engersäits fir de Paschtouer viru weltleche Suergen ze schützen a säin Déngschtwëllen ze steigeren an anerersäits aus der Iddi vun enger jongfralecher Kierch eraus. De Geeschtleche bréngt sech Christus als Affer duer, sou dass e Verstouss géint d'Zölibat e Vergoen u Gott bedeit. Mä de Batty Weber léisst säin Held net un der Verféierung duerch d'Frae scheiteren. Obwuel de Fenn Kaß vu senger Kandheetsfrëndin, dem Marjänni, ugezunn ass, trotzt hien der Verlockung: hie gëtt als de „Leidenschaftslose" beschriwwen.

Den Held zerbrécht deemno net un de Flichte vum Zölibat an och net un enger Glawenskris. Den Auteur weist eis domat, datt et och nach aner Ursaache kënne ginn, firwat e jonke Mann de geeschtleche Beruff opgëtt, an dass dës Ursaachen enk mat Lëtzebuerg verwuerzelt sinn.

Dem Fenn Kaß geléngt et, sech z'emanzipéieren, glécklech ze ginn, säi Wee ze fannen, och wann et net bequem ass. Souguer wann e sech Feinde mécht, geet hien ëmmer dee Wee, deen him richteg a moralesch erschéngt. Seng Kandheetskollegen, de Putty an d'Marjänni, scheiteren dogéint.

3.3. *schacko klak*

D'Entfalung vum Christian senger Perséinlechkeet ass ontrennbar mat der Erfarung vum Zweete Weltkrich verbonnen a spigelt soumat d'Entwécklung vun enger Lëtzebuerger Identitéit am Kontext vum Zweete Weltkrich erëm. De Roman stellt awer kee Portrait vun enger ganzer Generatioun op, mä beschreift en Deel vum Entwécklungswee vun engem Eenzelen an enger bestëmmter historescher Period, déi fir d'Nationalbewosstsinn vun de Lëtzebuerger vu grousser Wichtegkeet ass. De

Roman freet nom Verbleif vum Individuum am Kontext vu groussen historeschen Evenementer.[346]

Déi „eegen“ Welt gehéiert sécherlech zu den zentralen Themen am Manderscheid sengem Wierk:

> *Wer über den Schriftsteller Roger Manderscheid und sein Werk schreibt, kommt nicht daran vorbei, auch seinem Heimatland Luxemburg und der dortigen literarischen Szene wenigstens am Rande Beachtung zu schenken. Zumal beides, das Land und die dortige kulturelle und kulturpolitische Situation, konstante Bestandteile der Manderscheidschen Publikationen sind und als durchgängige Thematik leitmotivisch immer wieder in den Vordergrund treten.*[347]

Den Auteur erzielt vu Lëtzebuerg, senge verschiddenen Uertschaften, senger Gesellschaft, senger Geschicht a schaaft esou bei senger lëtzebuergescher Lieserschaft Vertrautheet; d'Referenz op dat Eegent gëtt zum identitéitsstëftenden Element tëschent Auteur/Erzieler a Lieser. D'Beschreiwunge vun de Lokalitéite déngen als Rumm fir déi jeeweileg „Momentopnam“. An der Erzielung gëtt och däitlech, dass Uertschafte begrenzt sinn a Grenzen als Aschränkungen empfonnt ginn. Déi lëtzebuergesch Uertschafte sti fir dat Klengt a Begrenzt.[348]

A genee dës Enkt belaascht de klenge Christian. Schonn als Kand fillt hie sech vum Duerf[349] agëengt an en huet Angscht, vun em verschlongen ze ginn. Et belaascht hien, ëmmer deeselwechten Trott matzemaachen. Dofir flücht hien a seng Fantasiewelt a probéiert nei onkonventionell Saachen aus, wéi op enger Kou ze reiden.[350] Och stellt hie sech a seng Famill an Aufsätz besser duer, wéi se sinn. Hien ass en Aarbechterjong am Kolléisch[351] a schummt sech, dass säi Papp Doudeluede mécht.[352] Hie wënscht sech méi vum Liewen, wéi dat, wat seng Elteren hunn; hie

---

[346] Vgl. Lippert,: „Sprache”, S. 75.
[347] Hausemer, Georges: „Roger Manderscheid“. An: *Kritisches Lexikon zur deutschsprachigen Gegenwartsliteratur: KLG. Band 7.* Erausgi v. Heinz Ludwig Arnold, Lëtzebuerg: 1985, S. 2.
[348] Vgl. Honnef-Becker, Irmgard: „Die Suche nach Identität bei Roger Manderscheid“. In: *Über Grenzen - Literaturen in Luxemburg.* Erausgi v. Irmgard Honnef-Becker a Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 194.
[349] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 130.
[350] Vgl. ebd., S. 62.
[351] Vgl. ebd., S. 37, 48.
[352] Vgl. ebd., S. 268.

wëll aus deem Liewen ausbriechen an dem Land entkommen.[353] Virun allem d'Klengkaréiertheet vum Duerf, vun der Provënz, huet wahrscheinlech dozou geféiert, dass den Erzieler als Erwuessenen an d'Groussstad an Däitschland plënnert.[354]

D'Elterenhaus ass dem Protagonist seng Welt. Do hält hie sech am meeschten op, well en do fir sech ka sinn an net ze fäerte brauch, dass de Geck mat him gemaach gëtt.[355] Schonn als Fënnefjäregen huet de Christian Angscht, d'Elterenhaus ze verloossen an an d'Schoul ze goen.[356]

Duerch d'Feele vun Hoer féiert de Jong e Liewe voller Komplexer[357], hie mierkt, datt hien aneschters ass[358], an hie fillt sech ëmmer wéi en Aussesäiter.[359] D'Erklärung, firwat de Jong e Plakkapp huet, bleift aus. Et ass wahrscheinlech engersäits e Symbol fir d'Aneschtsinn, fir dat Onkonventionellt a sengem Charakter, anerersäits awer och en Hëllefsmëttel, fir ze weisen, wéi Stigmatiséierung an der Gesellschaft funktionéiert a wat fir Auswierkungen dëst op e Kand huet. Obwuel de Christian sech senger Identitéit als „Glatzkapp" bewosst ass, gëtt dës Identitéit vun deenen Aneren net unerkannt. Si maachen de Geck mat him an zerklappen hien. De leschte Schrëtt vun der Identitéitssich, näämlech d'Unerkenne vun der eegener Identitéit duerch déi Aner, geschitt a *schacko klak* net. An esou geet dem jonke Christian seng Identitéitssich och nom Enn vum Roman nach weider.[360]

De Jong huet keng onbeschwéiert Kandheet, mä ass direkt vu Suergen, Zwäng an der Angscht, et kéim alles op en Enn, geplot.[361] Säi melancholesche Charakter ass vun enger ugebuerener Empfindlechkeet an Iwwerängschtlechkeet[362] souwéi enger

[353] Vgl. ebd., S. 169.
[354] Vgl. ebd., S. 50.
[355] Vgl. ebd., S. 45.
[356] Vgl. ebd., S. 79.
[357] Vgl. ebd., S. 59.
[358] Vgl. ebd., S. 197.
[359] Vgl. ebd., S. 142.
[360] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 89.
[361] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 139f.
[362] Vgl. ebd., S. 309.

déifgräifender Melancholie gepräägt, där hiren Ursprong rätselhaft bleift.[363] De Protagonist gëtt ausserdeem stänneg vun Ängschten a vum Gefill vu Verloossenheet gequäält.[364] Hien huet, mat Ausnam vum Julliett, deem en als Erwuessene Bréiwer schreift, keng Kollegen, mat deenen e spille kéint.[365] Bei senger Sich no Spillkomerode gëtt hie vun deenen anere Kanner schikanéiert[366], sou datt e schliisslech selwer eng schlecht Meenung vu sech huet:

> *en huet mat engem geschnëtzelte bengel an engem mauslach gestëppelt, huet sech net méi kënnen ausstoen: sech net, d'duerf net, d'welt net. hie war jo, wierklech, net gutt, net brav, net fromm, net fläisseg, net keusch, wat e wuert, e wosst emol net, wat dat bedeit huet, deemools, net hardi, net demüteg, wat e brockeli, net zouverléisseg, net bescheiden, hien ass sech knaschteg virkomm, dréckeg, sténkeg, liddereg, unkeusch, falsch, hannerëm, dréif wéi maschtepull, nidderträchteg, feig ongehuwwelt, frech a brutal, gëff du gutt un, agebilt a grausam, schlecht duerch an duerch, duerchdriwwen an domm, sou sutz en do. krank vun elauter elengsinn.*[367]

Scho mat 11 Joer stellt de Christian sech essentiell Froen, wéi: Wat soll dat alles? Wat sinn ech?[368], an hie beschäftegt sech mat der Fro no senger Identitéit:

> *wann DEE (de Grousspapp) ging stierwen, ging ech och e stéck stierwen, duecht dee mat den oueren. wat sinn ech awerhaapt? wie sinn ech da schonn? sinn ech awerhaapt eppes fir mech eleng? ech sinn e stéck grousspapp, e stéck brudder, schwëster, tatta, e stéck jull, e stéck duerf, e stéck schoulmeeschter, e stéck paschtouer, e grousst stéck bësch, nach méi e grousst stéck himmel, e stéck sonn, wollek, niwwel, wann een oder eppes vun deene stierft, stierwen ech mat.*[369]

Ëmmer erëm sicht de Christian de Wee an d'Natur, déi Rou a Fridde fir hie symboliséiert.[370] Hei kann hie sech a seng Fantasiewelt zréckzéien, fir dem Alldag z'entkommen.[371] De Bësch steet als Metapher fir d'Isolatioun vum Duerf, ass awer och eng Zort Zoufluchtsuert, eng Méiglechkeet, fir aus dem Duerf erauszekommen.

---

[363] Vgl. ebd., S. 63.
[364] Vgl. ebd., S. 109.
[365] Vgl. ebd., S. 165.
[366] Vgl. ebd., S. 286.
[367] Ebd., S. 219.
[368] Vgl. ebd., S. 295.
[369] Ebd., S. 311.
[370] Vgl. ebd., S. 90.
[371] Vgl. ebd., S. 97ff.

Hei fënnt e literaresche Kredo statt - Dram, Fantasie an Erlieftes sinn net z'ënnerscheeden:

> *hat ech et erlieft oder gedräämt? oder gedräämt an du mat der wierklechkeet verwiesselt? ass en dram da keng wierklechkeet? oder verwiesselen ech dat elo hei, zu berlin, beim schreiwen, mat der wierklechkeet? wat ass dat da schonn? d'wierklechkeet? fënnt een se an der zeitong? am fernseh? op der strooss? oder net och am dram? an dat, wat eriwwer ass, vergaangen? ass dat net och e stéck wierklechkeet?*[372]

Hei erlieft de Lieser den Ursprong vu senger Entwécklung zum Schrëftsteller. Et sinn Dreem an de Wëllen no enger anerer Realitéit. Esou entwéckelt sech dem Christian seng Schrëftstelleridentitéit, wéi et beim Manderscheid wahrscheinlech och de Fall war.[373]

Wéi de Bouf mam Schluechte konfrontéiert gëtt, entzitt e sech och der Realitéit. D'Schluechte steet heibäi fir dat soziaalt Konditionnement, woubäi d'Schwäi fir d'Gesellschaft an de Bësch, an deen de Christian gär flücht, fir d'Fantasie steet. D'Fro, déi de Manderscheid hei opwërft, ass déi folgend: Kann een der Gesellschaft entkommen?[374]

An esou ass de jonke Christian och zum Schluss vum Roman nach op der Sich no senger Identitéit. Dobäi geet et dem Manderscheid net ëm realistescht, milieugetreit oder psychologescht Erzielen. Seng Figur ass en Aussesäiter, onugepasst a schwaach. Si gëtt allerdéngs net als Affer duergestallt, mä als typiséierten Antiheld. Dat zeechent sech virun allem duerch dem Christian seng besonnesch Eegenaart, seng Glatz, aus. Hie fillt sech friem an der Welt, hie gouf an eng friem, onpassend Ëmwelt eragebuer.[375]

Well den erwuessene Christian vum jonke Christian erzielt, kënnt et zu enger Géintiwwerstellung vum alen a jonken Erzieler-Ech. Sou gëtt de Protagonist net nëmmen a sengen eenzelen Entwécklungsstadie skizzéiert, mä souguer mat senger

[372] Ebd., S. 101.
[373] Vgl. ebd., S. 102f.
[374] Vgl. ebd., S. 104ff.
[375] Vgl. Honnef-Becker: „Die Suche", S. 184.

eegener, verännerter Identitéit konfrontéiert. An der Erënnerung vermësche sech Wourecht a Wonsch an d'Vergaangenheet gëtt esou manipuléiert, dass se sech mam géigewäertege Selbstbild vun der Ech-Identitéit deckt. Sou bleift d'Vergéigewäertegung vum Vergaangene subjektiv an ass net zu 100% fiabel.[376]

3.4. *Perl oder Pica*

Als Initiatiounsroman thematiséiert *Perl oder Pica* d'Emanzipatioun vum Protagonist an den Agank an d'Erwuessenewelt. Am Roman gëtt dëst am Zesummenhang mat der Gesellschaft thematiséiert, där hir Schäinhellegkeet, Ongerechtegkeet a Verlugenheet de Bouf erkenne muss. E kruziaalt Element vun dëser Emanzipatioun ass, dass dem Norbi säi Parcours aus kontradiktoresche Kräfte besteet, duerch déi hie sech duerchschloe muss. Dem Bouf säi Virbild ass ganz kloer säi Papp, de Geschäftsmann. Och den Norbi verdéngt Suen, dëst als Massendénger, a kennt deemno de Wäert vum Geld. Dobäi muss hien awer mat der Kontradiktioun liewen, dass en engersäits vill vu sengem Papp léiert an och flott Erliefnisser mat him verbënnt, anerersäits awer och deelweis terroriséiert gëtt. D'Tatsaach, datt de Bouf mat 12 nach an d'Bett pisst, hänkt mat Sécherheet heimat zesummen.

E weidert Virbild stellt dem Norbi säi Kolleg, de praktesch erwuessene Fred, duer, e ganz ambigue Personnage, deen en opkläert an en zum Kompliz vun engem Déifstall mécht. Sou kann den Norbi en och net méi verroden, wéi de Fred bei him an der Papeterie klaut, obwuel de Bouf ganz genee weess, datt dat net richteg ass. Soumat gëtt hie grad esou korrupt a schäinhelleg wéi déi Erwuessen.

A senger kandlecher Naivitéit versteet den Norbi nach vill vun den Erwuessenen hiren Handlungen, déi e beobacht, net an esou gesäit hie villes duerch de Prisma vun

[376] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 73.

de Kandheetserzielungen, déi hien ëmmer liest. Hie romantiséiert esou d'Realitéit an huet nach keen aneren Outil, fir d'Realitéit ze verstoen.

Typesch fir de klasseschen Initiatiounsroman ass de Prozess, dass sech de Protagonist souwuel vu senge Rollebiller wéi och vu sengem naive Bléck lassmaache muss. Wéi den Norbi endlech weess, wat de *P* bedeit, ass d'Geheimnis vum frieme Mann, deen de Papp verfollegt, och gelëft. Et gëtt ugedeit, dass déi sexuell Opklärung vum Norbi och eng Form vu gesellschaftlecher Opklärung mat sech bréngt. Dës Verännerungen an der Gesellschaft weise sech och am Behuele vun der Mamm, wéi se sech e Maillot keeft, vum deem de Papp seet, et géif „ee vu Metz bis op Paräis"[377] gesinn, wat déi fortschrëttlech Mamm, déi mat der méi larger Moud matgeet, awer guer net stéiert. Si widdersetzt sech souguer dem Uerder vum Papp, dëst Kleedungssteck hannescht an de Buttek ze droen. Soumat duerchleeft och d'Mamm en Emanzipatiounsprozess, andeems se hire Wëllen duerchsetzt an hirem Mann, dem Familljepatriarch, net „follegt".

Esou fënnt déi eigentlech Emanzipatioun op engem gesellschaftlechen Niveau statt. Den Norbi huet nach vill z'erliewen, éier e mierkt, a wat fir enger Gesellschaft hie lieft. Iwwerdeems bitt säin naiven, mä opmierksame Bléck eng formidabel Vue op d'Choixen, déi e Jugendlechen aus de 60er viru sech huet, fir seng Plaz an der Gesellschaft ze fannen.

Grad well dem Norbi säi Bléck esou vill vun der Realitéit registréiert, ass e relativ op fir nei Erfarungen. Dëst, verbonne mat sengem skeptesche Bléck op déi grouss Widderspréch vu senger Zäit, stellt eng grouss Ressource fir seng spéider Emanzipatioun duer. Kann een dovunner ausgoen, dass den Hoscheit den Norbi ass, deen duerch de Roman endlech den Duerchbléck huet? Den Norbi enregistréiert d'Welt ronderëm sech ouni a priori. Den Hoscheit organiséiert se a Form vun engem Roman, an deem den Norbi um Schnëttpunkt tëschent zwou Welte steet. Der Welt vu sengem Papp an der Welt, déi hie schafe wäert. De Jong stellt Froen, déi

[377] Hoscheit: *Perl oder Pica,* S. 248.

Lëtzebuerg bis an d'2010er Era beschäftegen: d'Roll vun der Kierch, d'Roll vum kierchlechen Obskurantismus an der sexueller Opklärung, déi mam Planning familial duerch d'70er an d'80er eng wichteg Roll gespillt huet, d'Moderniséierung vum Land, an de Besoin, déi komplex Geschicht vun der Lëtzebuerger Kollaboratioun ze klären. Soumat ass *Perl oder Pica* net nëmmen e perséinlechen Emanzipatiounsroman, et ass och e soziale Roman, deen de Besoin un Emanzipatioun vun enger ganzer Gesellschaft thematiséiert.

Wuel gewënnt den Norbi Erkenntnisser, mä e weist och dem Lieser, wéi ee Verhältnisser a Fro stelle kann, andeems hien einfach nokuckt an Oppositioune[378] konstatéiert an um eegene Leif erlieft. De Protagonist fënnt awer net ëmmer de riichte Wee duerch d'Kontradiktioune vu senger Zäit, an d'Groussginn besteet och doranner, dass en zum Deel d'Feigheeten an d'Geheimnisser verënnerlecht, mat deenen hie konfrontéiert gëtt. Wuel gëtt en e Stéck méi grouss, wann e sech mat Schimmt bewosst gëtt, dass en e grousse Feeler gemaach huet, wéi en duecht, e Gielemännchen z'enttarnen. Um Enn vun der Erzielung ass den Norbi wuel manner naiv an domadder méi erwuesse ginn. Trotzdeem wäert en awer net méi iwwert d'Gielemännecher an d'Lëtzebuerger Kollaborationniste léieren, well dës Themen an der deemoleger Gesellschaft einfach Tabu bleiwen. Aus deem Grond kann ee behaapten, dass den Norbi seng Sich no Äntwerten net vollstänneg vollzéie wäert.

Eng definitiv, stark identitéitsopbauend Erkenntnis gëtt et fir den Norbi net, mä säi Wee zum Erwuessesinn ass charakteriséiert vu klengen Epiphanien, déi dem Lieser d'Evolutioun vun der Gesellschaft méi no bréngen. Duerch den héich individuelle Bléck vun engem 12-järegen erkennt een de gesellschaftleche Wandel, Tabuen an emanzipatoresch Schrëtt, déi Lëtzebuerg zustanebruecht huet. A *Perl oder Pica* kann een domadder d'Identitéitssich an enger Zäit vu gesellschaftlechem Wandel engem staarken, literaresche Medium fir Sozialkritik gläichstellen.

[378] d'Oppositioun Noper (Konsum) a Papp (spueren), d'Oppositioun Obskurantismus an Opklärung, d'Oppositioun Kargheet a Moderniséierung, d'Oppositioun Geheimnistuerei a Skandal vum Gielemännchen, d'Oppositioun *Tageblatt* a *Wort*, d'Doppelmoral

3.5. *Amok*

De Protagonist vun *Amok,* deem säin Numm mir net kennen (wuel fir seng Belanglosegkeet am Universum vum Lieser z'ënnersträichen), ass nëmmen zwee bis dräi Joer méi al wéi den Norbi aus *Perl oder Pica* an esouguer méi jonk wéi deem seng Schwëster. Seng Vergaangenheet léisst sech mat der behitter Kandheet vun de Geschwëster allerdéngs net vergläichen an esou huet hie seng kandlech Naivitéit scho laang missen hannert sech loossen.

An d'Schoul geet hien ongär, well e se langweileg fënnt an och net als Moyen gesäit, fir aus senger Perspektivlosegkeet a gesellschaftlecher Isolatioun erauszefannen. Säin Alldag ass vun Angscht an Onéierlechkeet, dem Spille mat de Reegele souwéi Isolatioun gepräägt:

> *(...) Maachen, wéi wann s du hatt (seng Mamm) net géifs kennen. Hatt wollt dat esou. Du och. Mee elo hoffs de trotzdeem, datt hatt kënnt. Fir de Conseil... (...) Du weess, wéi et geet? Et ass jo net däin éischte Conseil. (...) Maach wéi ëmmer, du weess jo, wat se gär hätten. Am Conseil ass keng Plaz fir Eierlechkeet. Am Conseil gëllt just eppes: Zéi de Schwanz bäi, de Kapp an a léi esou vill an esou gutt s de kanns. Du däerfs och kräischen. Virun allem, wann se vun Dräibuer schwätzen. Si kënne souwisou bal näischt maachen. Du hues eréischt fofzeng Joer. Si mussen dech souwsiou erëmhuelen. Däin iPhone vibréiert. Deng Mamm. Si ass a Verspéidung. Mee si kënnt. Seet si. A si schéckt der en :-p. En :-p fir mat an de Conseil! Deng Mamm ass eng domm Kou. Kourommeldomm! Si kann net dofir. Wierklech net. Mee du och net. Du bass just en Accident. Dat huet si dir selwer gesot. An net nëmmen eng Kéier. Si zielt et och, wann aner Leit dobäi sinn. An da laacht se. Wéinst esou enger Toz brauchs de dech wierklech net ze schummen. Mee du schumms dech trotzdeem... (...) Du stéchs der d'Kopfhörer an a gees der een op d'Toilett wichsen.*[379]

De Jugendleche probéiert, eng Fassad oprecht z'erhalen[380], während e seng wierklech Ängschten net uschwätze kann an onfäeg ass, seng Gefiller auszedrécken[381]. Déi feelend a gestéiert Kommunikatioun vu sengem Elterenhaus resultéiert bei him an enger Onfäegkeet sech auszedrécken[382], déi hien déi ganz

[379] Forgiarini: *Amok.* , S. 11.
[380] Vgl. ebd., S. 50f.
[381] Vgl. ebd., S. 109.
[382] Vgl. ebd., S. 14.

Handlung vum Roman iwwer net iwwerwonne kritt, sou dass hien och ni verstane ka ginn. Säi Wonsch no Léift a Konstanz[383] kann hien doduerch just duerch Rebellioun, Homophobie[384], Gewalt[385] a Kriminalitéit, wéi Klauen[386], Abroch[387] a Vandalismus[388], ausdrécken.

Insgeheim sehnt de Protagonist sech no engem Papp, no engem Elterendeel, dee fir hien do ass a fir deen e sech net ze schumme brauch:

> *Bei iech ruffe just Aaschlächer un... Heiansdo stells de der vir, et wär de Papp. Däi Papp. Net dee vu Köln. Een aneren. Dee richtegen. Stells der vir, du géifs seng Stëmm direkt erkennen. Stells der vir, et wär keen Aaschlach.*[389]
>
> *Heiansdo stellen ech mer awer och vir, d'Nathalie (d'Educatrice vun der Schoul) wär meng Mamm. Oder wéinstens meng grouss Schwëster... An dann..., dann ass et anescht..., et wär och alles anescht ginn, wann...*[390]

De Jugendleche wënscht sech just e bëssen Zouneigung an Normalitéit, Léift an e Mënsch, dee bei him bleift, well hien net d'Gefill huet, gewollt ze sinn oder dass sech ee Mënsch fir hien interesséiert.[391] Doduerch, dass de Lieser ni den Numm vum Romanheld gewuer gëtt an och keen anere Personnage e seet, gëtt dës Irrelevanz nach verstäerkt. Nieft de konstanten Enttäuschungen[392], déi en erdroe muss, gëtt en och nach verbal abuséiert[393], sou datt et him komplett u Selbstwäertgefill feelt[394]. Säin eenzege Frënd ass en imaginären[395], an opgrond vum Wonsch, seng Aussesäiterroll z'iwwerwannen a Kollegen ze fannen, ënnerwërft hie sech dem

[383] Vgl. ebd., S. 19.
[384] Vgl. ebd., S. 37.
[385] Vgl. ebd., S. 22 a 46.
[386] Vgl. ebd., S. 30.
[387] Vgl. ebd., S. 53.
[388] Vgl. ebd., S. 54.
[389] Ebd., S. 32.
[390] Ebd., S. 91.
[391] Vgl. ebd., S. 32, 35, 59, 62, 78, 88.
[392] Vgl. ebd., S. 35.90
[393] Ebd., S. 36: „Gehirkrëppel".
[394] Vgl. ebd., S. 30, 39.
[395] Vgl. ebd., S. 46, 59.

Gruppenzwang.[396] A sengem Drang no Veränderung[397] an a senger Sich no engem Sënn[398] gräift de Jugendlechen op Alkohol[399] an Drogen[400] zréck.

Am Laf vun der Geschicht léisst sech eng Transformatioun vum Kierper erkennen. Am Ufank ass de Protagonist beméit, sech selbstbeherrscht ze ginn, awer zu Mutfert kënnt et zur Zerstéierung an hie verléiert komplett d'Kontroll iwwert säi Kierper. Hei gëtt hie regelrecht drop virbereet, Amok ze lafen.[401] Hie steigert säi Mangel u Selbsterkenntnis, andeems en d'Spigele futti schléit, fir sech net mussen z'erkennen, sou datt et zu enger Aleniatioun vun der eegener Persoun kënnt. Dëst kulminéiert am komplette Kontrollverloscht an hie läit a sengen eegene Kierperflëssegkeeten.

Lescht genanntent ass fir de Jong keen onbekanntent Phänomen. D'Episod als Zweejäregen zu Köln bei sengem Papp ass d'Erklärung fir dem Narrateur säin Trauma. Do ass hien einfach ignoréiert ginn an huet geléiert, agespaart ze sinn a wuertwiertlech „Schäiss ze bauen", wat hien deemools tatsächlech mat sengen Exkrementer gemaach huet. Hie wenzelt sech - bildlech geschwat - zënterhier an deenen a kënnt net méi draus eraus.

Réischt d'Léift zum Shirley ännert seng Roll. Hien iwwerhëlt d'Kontroll[402], hie këmmert sech ëm hatt[403], ass besuergt[404] an huet elo e Mënsch, deem en no ka sinn[405]:

> *Ech drécken d'Shirley ganz fest. An hatt mech och. Hatt huet d'Aen zou. Ech och. Dofir kann ech et jo net gesinn. Ob hatt d'Aen zouhuet oder net. Mee ech si sécher. Mir hunn allen zwee d'Aen zou an drécken eis ganz fest. A ronderëm eis nëmme Loft. Gutt waarm Loft. (...) A soss näischt. A soss keen.*[406]

[396] Vgl. ebd., S. 73.
[397] Vgl. ebd., S. 46, 69.
[398] Vgl. ebd., S. 50f.
[399] Vgl. ebd., S. 22, 46, 59.
[400] Vgl. ebd., S. 19, 50f., 55.
[401] Vgl. ebd., S. 53.
[402] Vgl. ebd., S. 81.
[403] Vgl. ebd., S. 84.
[404] Vgl. ebd., S. 88.
[405] Vgl. ebd., S. 83.
[406] Ebd., S. 119.

Mam éischte Kuss erlieft den Erzieler d'Gewalt vun de Gefiller. Hie weess net wouhi mat dësen an amplaz se ze genéissen, explodéiert hien. Dëst entléit sech a senger Sprooch, déi Veruechtung ausdréckt a sech dem soziale Konformismus widdersetzt („Pute", „Salope"). Mä d'Realitéit ass, dass de Protagonist eppes Pures, Renges wëll. Dofir wëll en net, dass d'Shirley sech donieft behëlt:

> *D'Fraleit maachen nach ëmmer iergendee Schäiss. All Mënsch fënnt et Schäiss. Du op alle Fall. Esouguer den Denilson huet keng Loscht méi op dee Schäiss. An ech och net! Si soen zwar, si wäre Puten, mee guer näischt! Dat ass egal wat, wat déi do opféieren. Fir ze katzen ass et! D'Shirley och! Fir ze katzen! Keng Pute. Guer näischt. Eng kleng domm Tussi! Mol net... E klengt dommt Meedchen ass hatt... a soss guer näischt. (...) Du press d'Lëpsen ganz fest zesummen. Mee d'Shirley brauch se just mat der Spëtzt vu senger Zong ze beréieren, schonns ginn se auserneen. (...) Du explodéiers.*[407]

Beim Protagonist fënnt eng Emanzipatioun statt an hien hëlt mat Freed d'Identitéit vun engem Beschützer un, an där hie sech wuelfillt: „Déi al Fabrik, dat war meng Iddi. Vun elo u maache mer, wat ech soen."[408]

Trotzdeem verbessert sech seng Situatioun no dëser Emanzipatioun net, si verschlechtert sech aus senger Angscht eraus, d'Shirley ze verléieren. Sou bleift him wéi ëmmer just d'Flucht an d'Fantasie (verkierpert duerch d'Phantasialand) an hien erlieft e komplette Realitéitsverloscht[409], fir sech mat sengen Doten net mussen auserneenzesetzen. Wéi en awer schlussendlech mat der Realitéit konfrontéiert gëtt, verspiert e just Hoffnungslosegkeet[410]. Aus dëser Perspektivlosegkeet eraus faasst hien den Entschloss ze stierwen[411].

Den Johnny Chicago (eigentlech e Personnage aus dem Film „Troublemaker", deen dovun dreemt, an Amerika ze reesen) ass dem Narrateur säin onsiichtbare Kolleg, seng eenzeg Léisung, fir net eleng ze sinn. Spéider gëtt d'Shirley déi zweet Léisung. Ëmmer dann, wann hatt do ass, gëtt den Johnny Chicago net gebraucht. Dësen ass

[407] Ebd., S. 56f.
[408] Ebd., S. 81.
[409] Vgl. ebd., S. 109.
[410] Vgl. ebd., S. 119.
[411] Vgl. ebd., S. 121.

awer och en narrativen Outil vum Auteur, fir de Lieser an de Kapp vum Jong ze versetzen, fir him méi no ze kommen. Well am Géigesaz zum Erzieler huet den Johnny Chicago keng Problemer, seng Gedanke kommunikativ op de Punkt ze bréngen.

Den imaginäre Frënd symboliséiert awer och dem Protagonist säin ënnere Konflikt: Den Johnny Chicago steet fir deen dropgängereschen a couragéierten Deel vun him, dee riichteraus ass a seng Gefiller net ënnerdréckt. Hie kënnt dem Jugendlechen ëmmer zu Hëllef, wann en an enger Noutsituatioun stécht, mä wann e glécklech ass, wéi z.B. wann e mam Shirley zesummen ass, taucht en net op. Wann d'Angscht Iwwerhand hëlt, ass den Johnny erëm do, fir de passive Protagonist ze guidéieren. Zum Schluss iwwerhëlt den Johnny Chicago komplett d'Kontroll.

Kann een deemno den Johnny Chicago als dem Protagonist säin Alter Ego bezeechnen? Ënnert Alter Ego versteet een dat anert „Ech". E kann op dräi Manéiere verstane ginn:

1. Als deen Deel vum Ech, deen net verbaliséiert gëtt an duerch eng aner Manéier zum Virschäi kënnt. E verkierpert d'Onbewosstsinn.
2. Als e Spigelbild vum Ech, d.h. eng Projektioun vum Ech op eng aner Persoun.
3. Als eng aner Persoun, déi d'Ech ergänzt (am Sënn vum Cicero, deen de Begréff gepräägt huet).

Den Johnny Chicago ass eng Projektioun vum Narrateur sengem Ech. En ass am Dialog mat him, wéi ee gudde Frënd. An deem Sënn verkierpert en e bësse vun allen dräi Léisungen, mä ass net kategoresch freudianesch. Den Johnny kann awer och als Vermëttler ugesi ginn. En ass e kulturellen Objet, aus engem Film, deen de Lieser kennt an deen dem Narrateur säi Bewosstsinn verbaliséiert. Den Johnny Chicago ass eng textuell Konstruktioun a soll net enger renger naturalistescher oder psychoanalytescher Interpretatioun ënnerleien. Hien ass eng metanarrativ Konstruktioun. Seng Funktioun ass et z'erklären, wat den Narrateur senge Matmënsche net matdeele kann. An deem Sënn erfëllt den Johnny Chicago eng Funktioun vu „Mise en abyme". En ass e literarescht Mëttel, dat zougläich bannen a

bausse vum Wierk steet an dat duerch de Personnage vum „Troublemaker“ dem Narrateur säi Schicksal zréckspigelt a vermëttelt.

3.6. Tëschefazit

Identitéit entsprécht enger Identitéitssich am Fall vun enger perséinlecher Emanzipatioun, wéi beispillsweis beim Fenn Kaß a sengem Versuch, seng richteg Vokatioun duerch d'Roll vun engem Modernisateur ze fannen, beim Christian a senger Vokatioun zur Fantasie an zum Schrëftstellertum a beim Norbi op sengem Wee zum Erwuesseginn. Eng Identitéitssich ass awer och eppes Destruktives: De Matthäus Conter an den Erzieler vun *Amok* bréngen et net fäerdeg, eng onausgeschwaten Identitéit ze verwierklechen, well dës net am Aklang mam gesellschaftleche Wandel ass. Et mierkt een dohir, dass d'Identitéit un de Wandel gebonnen ass. Wann de Wandel positiv ass, fält d'Identitéitssich relativ positiv aus. Wann en negativ ass, da fält se zimlech katastrophal aus.

All eenzelen Auteur problematiséiert d'Identitéitssich als e Kampf tëschent Konformismus an als Versuch, dat Neit oder dat Onausgeschwatent aus dem gesellschaftleche Wandel ze formuléieren oder z'erliewen. Beim Matthäus Conter ass dëst d’Buedemverbonnenheet, beim Fenn Kaß d’Moderniséierung, bei *schacko klak* déi Lëtzebuerger Spezifizitéit, bei *Perl oder Pica* d’Konsumgesellschaft an d’Tabuen souwéi bei *Amok* déi heemlech Gewalt an der Gesellschaft. Et si gespléckten Identitéiten, déi mer an de Romaner erliewen an déi en Drama bilden, an deem en Deel vum gesellschaftleche Wandel um Leif vum Personnage ofgebilt gëtt, sou dass ee spiert, dass déi auktorial Hand eppes iwwert de gesellschaftleche Wandel aussoe wëll.

4. D’Gattung an d’Sprooch

4.1. *Der Verräter*

Am 19. Joerhonnert nennen d'Lëtzebuerger hir Sprooch „Lëtzebuerger Däitsch" oder bezeechne se wéi den Dicks als „onst Däitsch", wat weist, dass se dat Däitscht als hir Mammesprooch ugesinn.

De Roman ass wéi deemools üüblech (wann net op Franséisch) op Däitsch geschriwwen; allerdéngs loosse sech allerlee Luxemburgismen am Text fannen, wéi „Börsenbaisse" an „Affischen"[412]. Den Auteur huet sech als Lëtzebuerger eegenen Aussoen no als Vermëttler tëscht Däitschland a Frankräich gesinn. Nëmme kuerz geet hien op d'Lëtzebuerger Sprooch an, andeems hie se als „vulgäre Bauernsprache"[413] bezeechent.

D'Gattungsbezeechnung vum Nikolaus Hein sengem *Verräter* ass ëmstridden. Eréischt an der zweeter Oplo huet den Auteur, dee bis zu deem Zäitpunkt keng Positioun zu där Fro bezunn hat, de Begréff *Erzählung* als Ënnertitel dobäigesat.[414] An der Fuerschung gëtt allgemeng méi spezifesch vun enger *Novell* geschwat[415], obwuel den Hein selwer dës Bezeechnung net benotzt huet. Den Term *Novell* ass an där Hisiicht justifiéiert, well sech *Der Verräter* duerch eng eesträngeg Handlung, d'Konzentratioun op eng Haaptfigur an op en zäitlech kloer ofgegrenztent Evenement aus dem Liewen vun dësem Personnage souwéi duerch d'Zouspëtzung vun der Situatioun op e Wendepunkt hi kennzeechent.[416] D'Haaptmierkmoler vun der klassescher Novell ginn also respektéiert an et besteet deemno eng Wiesselbezéiung tëscht der Struktur vum Wierk a sengem Inhalt.

Bis op e puer wéineg Momenter, an deenen unhand vun enger Analeps an d'Vergaangenheet zréckgekuckt gëtt, gëtt an *Der Verräter* chronologesch erzielt, wat et dem Lieser erlaabt, onmëttelbar un der Aktioun bedeelegt ze sinn. Besonnesch an deene Passagen, an deenen aus den Ae vum Matthäus Conter bericht gëtt oder den

[412] Hein: *Verräter*, S. 48f.
[413] Ebd., S. 139.
[414] Vgl. Derenthal-Kohll, Michèle: *Der Verräter - eine klassische Luxemburger Novelle.* Iechternach: Editions Phi 1993, S. 89.
[415] Vgl. Delcourt, Victor: *Luxemburgische Literaturgeschichte.* Lëtzebuerg: Editions Saint-Paul 1992, S. 22.
[416] Vgl. ebd., S. 88ff.

allwëssenden Erzieler e Bléck an dem Protagonist seng Séil wërft, bitt sech dem Lieser eng grouss Identifikatiounsméiglechkeet mam Held. Dëst bedeit awer och, dass de Lieser sech bestänneg um selwechte Wëssensstand wéi de Matthäus Conter befënnt an ni méi wéi de Personnage selwer weess. Den trageschen Ausgank kann ee just duerch eng opmierksam Lektür a virun allem duerch d'Metaphorik vum Iwwernatierlechen, déi vun Ufank u präsent ass, erschléissen.

Ausser dem chronologesche Gang vun der eigentlecher Handlung ëm de Protagonist gëtt den historesch-politesche Kontext mat an d'Geschicht abezunn. Dëst geschitt gréisstendeels aus der Perspektiv vum engem extradiegetesch-heterodiegeteschen Erzieler, dee selwer net un der Geschicht bedeelegt ass an d'Virgäng aus enger aktorialer Positioun eraus duerstellt. Nieft der Positionéierung vun den Haaptvertrieder vun den Ürdinger Orangiste gëllen awer och dem Conter seng Gedanken zur politescher Situatioun als wichteg Temoignagen, well hien als klenge Mann, deem virum Hannergrond vun den internationale politesche Kontroversen Onrecht geschitt, déi ganz Diskussioun aus enger anerer Perspektiv beliicht.[417]

Dem Matthäus a senger Fra Anna hiert Empfanne vun der Situatioun spigelt sech am dramateschen Opbau an am Spannungsbou vun der Erzielung. An deenen éischte Kapitele spëtzt sech d'Situatioun lues a lues zou, wat d'Famill Conter duerch vereenzelt Iwwerfäll op de Matthäus matkritt. Während si awer just vun enger bestänneger a schläichender Angscht gedriwwe ginn, kënne si als hollandtrei Bierger hir Positioun am Duerf nach net richteg bewosst bestëmmen. Um Niveau vun der Erzielperspektiv gëtt unhand vun engem irrationalen Element duergestallt, wéi d'Evenementer aus der Baussewelt op der Famill Conter hir Bannewelt awierken.

[417] Vgl. z.B. Hein: *Der Verräter*, S. 15, S. 36, S. 52, S. 145.

4.2. *Fenn Kaß*

Natierlech war et am Ufank vum 20. Joerhonnert nach ondenkbar, e Roman op Lëtzebuergesch ze verfaassen, an esou wielt de Batty Weber déi däitsch Sprooch als déi aus, an där hie seng Wierker a Gedanke verschrëftlecht. Allerdéngs füügt hien am Roman verschidden „Luxemburgismen" an esouguer e puer Sätz komplett am Lëtzebuerger Dialekt bei der direkter Ried an. Sou geléngt et him, mat e puer Sätz aus der Lëtzebuerger Sprooch, d'Mentalitéit vun den deemolege Leit erëmzeginn. Trotzdeem adresséiert sech de Roman och un seng däitsch Lieserschaft, wann hien Erklärungen zur Lëtzebuerger Sprooch ofgëtt:

> *„In diesen Bezeichnungen hat sich noch die Genitivform erhalten, um die der Luxemburger sich sonst wie um etwas hochdeutsch Vornehmes linkisch herumdrückt. (...) ‚Hast du denn dein Holz schön getesselt?', fragte Fräulein Gretchen in dem breiten Dialekt, der mit seinen weichen, liebevoll gedehnten Zischlauten, den fremdartigen, bald ans Englische, bald ans Oberbayrische anklingenden Diphthongen und einer Beimischung französischer Nasenlaute dem Ausländer so undeutsch und unverständlich klingt."*[418]

4.3. *schacko klak*

1987 hält de Roger Manderscheid seng Kandheetserënnerungen a Bréifform fest. De Protagonist vu sengem Roman ass den erwuessene Christian Knapp, deen haut zu Berlin wunnt, a senger Jugendfrëndin, dem Julliett, Bréiwer schreift a sech doran un Episoden aus senger Kandheet vun den 1930er an dem Ufank vun de 40er Joren erënnert. Hien thematiséiert verschidden Aspekter vum deemolegen Duerfliewen souwéi d'Besatzung duerch déi Däitsch am Zweete Weltkrich. Dobäi ass de Roman

[418] Weber: *Fenn Kaß*, S. 20.

zum Groussdeel aus der Perspektiv vum jonke Christian geschriwwen; nëmmen heiansdo mellt sech den eelere Christian zu Wuert, redresséiert a kommentéiert.[419]

Vun der Form hier ass *schacko klak* e Bréifroman. Dëst ass e wesentlechen Ënnerscheed zu *Fenn Kaß.* Do, wou de Batty Weber op Däitsch schreift a sech op d'Virbild vum Bildungsroman stëtzt, fir dem Protagonist seng Entwécklung ze beschreiwen, benotzt de Roger Manderscheid eng méi flexibel literaresch Form. Duerch d'Gattung vum Bréifroman brauch de Manderscheid net déiselwecht narrativ Kohärenz a Kontinuitéit ze respektéieren wéi de Batty Weber. Am Kontext vum Manderscheid senger identitärer Positionéierung ass dëst net z'ënnerschätzen.

Statt d'Narratioun op eng Progressioun vum Protagonist am Verhältnis zu senger Gesellschaft ze riichten, erlaabt déi episodenhaft Struktur vum Bréifroman et dem Manderscheid, Auszich aus dem Duerfliewen unzebidden, déi sech als kleng Zeenen erweisen an déi eenzel Theme vun der Lëtzebuerger Gesellschaft verschaffen. An der Episod, an där d'Schwäi geschluecht gëtt, kann de Manderscheid souwuel eng al Lëtzebuerger Traditioun mat anthropologescher Präzisioun festhalen souwéi och nach d'Initiatioun vum Protagonist an déi alldeeglech ritualiséiert Gewalt vum Bauereliewe literaresch verschaffen. Ähnlech isoléiert Episode funktionéieren wéi Mikronarratiounen, déi am Laf vum Bréifwiessel e Bild wéi e Mosaik vun der regionaler lëtzebuergescher Gesellschaft vun deemools bilden. Dës Form schéngt besonnesch passend, fir de Konservatismus vun enger klenger Communautéit duerzestellen, déi sech, bis op d'Ausnam vum nationalisteschen Diskurs am Kontext vum Zweete Weltkrich, duerch de Mangel u groussen Narratioune kennzeechent.

Doriwwer eraus erlaabt déi heterogen Form vum Bréifwiessel et och, aner narrativ Supporten a Stellungnamen anzebauen, wéi zum Beispill d'Bréiwer vum Bop aus Frankräich, al Rechnungen oder nach dem Narrateur säin Aufsatz. Sou kënnen degressiv Elementer agebaut ginn, déi e soziologeschen an narratologeschen Interêt opweisen. Dëst ass zum Beispill de Fall beim Fait divers, deen de Manderscheid

[419] Vgl. Lippert: „Sprache“, S. 73.

opdreift an an deem erzielt gëtt, datt e Fierschter e Meedchen ëmbruecht hätt, well hatt schwanger gewiescht wier. Inspiréiert vun engem reellen Zeitungsausschnëtt spigelt dës Episod den Drock, deen d'kathoulesch Moral op d'Duerfbewunner ausüübt. Fir de Lieser ass dëst sécher en historeschen Temoignage vun enger anerer Zäit. Gläichzäiteg stellt den Artikel eng „Mise en abyme“ vun den Evenementer duer, déi während der Kandheet vum Erzieler stattfannen. Och do ass e jonkt onbestuetent Meedche schwanger. Dass dat ganzt Duerf d'Meedchen ausschléisst, steet am direkten Zesummenhang mam Zeitungsartikel a weist drop hin, dass sech d'Moral vu Generatioun zu Generatioun kaum verännert huet.

Als literaresch Gattung dréit de Bréifroman wesentlech zu der identitärer Positionéierung vum Roger Manderscheid bäi. Éischtens kann hien domat en heterogenen Text schafen, an deem d'Identitéit vun der Duerfgesellschaft historesch an anthropologesch verschafft gëtt. Zweetens vermeit et déi episodenhaft Struktur, de Protagonist an eng teleologesch Erzielung vun Emanzipatioun anzespären. Dass de Christian sech entwéckelt a waméiglech emanzipéiert huet, gëtt nëmmen doduerch ugedeit, dass en als Erwuessenen an Däitschland wunnt an trotzdeem seng Bréiwer a senger Lëtzebuerger Mammesprooch schreift. Als Affirmatioun vun der eegener Differenz als Mënsch a Schrëftsteller gëtt et sécher keng méi kloer Botschaft.

Aus deem eraus kéint een de Roman als e Versuch deiten, eng eege literaresch Gattung z'entwéckelen, déi et erméiglecht, d'Lëtzebuerger Sprooch als literaresch Sprooch ze behaapten. Als Variant zum Bildungsroman weist *schacko klak* keng linear, mä eben eng episodenhaft Erzielung op, déi et méiglech mécht, d'Lëtzebuerger Sprooch z'exploréieren: Disgressiounen an Zitater beliichten déi verbal oral Traditioun vun der Sprooch, genee wéi d'Dichotomie tëschent dem Geschriwwenen an dem Mëndlechen. Wuertkataloge maachen aus dem Buch eng Zort Zäitzeie vun de Wierder, déi duerch den Afloss vun anere Sproochen a vun der Modernisatioun verschwonne sinn. Wuertspiller weisen donieft op d'Kreativitéit vum Protagonist hin. Seng Reappropriatioun vun däitschen a franséische Wierder

ass e staarke Geste vu Selbstbestëmmung a Selbstbehaaptung, souwéi eng Behaaptung vun enger eemoleger Lëtzebuerger Kultur.

Dass de Roger Manderscheid et fäerdegbréngt, seng Kandheet op Lëtzebuergesch ze faassen an dobäi d'Kluft tëschent fréier an haut ze moossen an ze beliichten, ass wahrscheinlech säi gréisste Verdéngscht an dréit dozou bäi, dat Lëtzebuergescht als literaresch Sprooch ze behaapten. De Versuch, eng Sprooch déi haaptsächlesch geschwat gëtt, schrëftlech a literaresch ze verschaffen, ass aus verschiddene Grënn net evident. Et kann ee sech virstellen, dass de Manderscheid dobäi Schwieregkeeten huet, vun deene Rechtschreiwung a Grammatik dat klengstent Iwwel sinn. Méi komplex Schwieregkeete bestinn doranner, de richtegen Toun ze treffen an déi richteg literaresch Positioun anzeschloen, fir dass den Text och authentesch wierke kann. Dobäi kënnt nach, dass de Manderscheid sech vun anere sproochlechen oder literaresche Virbiller distanzéiere muss. A *schacko klak* behaapt sech déi Lëtzebuerger Sprooch haaptsächlech géintiwwer dem Muechtusproch vun der däitscher Sprooch. Dëst geschitt duerch d'Form vum Bréifroman, deen et dem Manderscheid erméiglecht, seng Erzielung mat Erfolleg schrëftlech festzehalen an trotzdeem Raum genuch ze hunn, fir hir vernakulär Elementer z'erhalen.

Dem Manderscheid säi Choix, op Lëtzebuergesch ze schreiwen, kann an enger bestëmmter Hisiicht am Kontext vum Zweete Weltkrich a senge Folgen op déi national Identitéit gesi ginn. Well schonn a senger éischter Ried erkläert de Gauleiter Simon: „Das Land Luxemburg ist altes deutsches Siedlungsgebiet. Die Bevölkerung ist deutschstämmig, moselfränkisch." Am Januar 1941 ordonnéiert hien d'Andäitschung vun all den Nimm; lëtzebuergesch a franséisch Bicher ginn aus de Bicherbutteker a Bibliothéike verbannt. D'„Volksdeutsche Bewegung" wëll net just d'Kollaboratioun vun de Lëtzebuerger, mä behaapt ënner der Devis „Heim ins Reich!" och: „Der Luxemburger fühlt deutsch. Er ist Deutscher nach seiner ganzen Wesensart, nach Geschichte, nach Abstammung, Sprache und dem Raum, in den er

hineingeboren ist. Auch seine lebenswichtigen Interessen weisen nach Deutschland. Darum wird und muss er den Weg nach dem Reich aller Deutschen gehen."[420]

Den 10. Oktober 1941 soll eng „Personenstandsaufnahme" zu Lëtzebuerg durchgeféiert ginn. D'Zielkaart enthält nieft den üübleche Froe vun enger Volkszählung dräi ganz verfänglech Froen iwwer Nationalitéit, Mammesprooch a Vollekszougehéieregkeet. Dës Froe maachen d'Lëtzebuerger mësstrauesch. An dësem Moment trëtt elo d'Resistenz zu hirer éischter grousser Aktioun un. All d'Widderstandorganisatiounen iwwerschwemmen d'Land mat Fluchziedelen, an deenen d'Patrioten opgeruff ginn, déi dräi verfänglech Froe mat dräimol „Lëtzebuerger" ze beäntweren, fir déi vum Gauleiter gewollten Annexioun un Däitschland z'evitéieren. All d'Versich vum Nazi-Propagandaapparat, d'Lëtzebuerger anzeschüchteren, bréngen näischt, well 95% vun de Lëtzebuerger tatsächlech mat dräimol „Lëtzebuerger" äntweren - dëst zu engem Moment, an deem et ausgesäit, wéi wann Däitschland de Krich gewanne géif.

D'Festhalen un der Lëtzebuerger Sprooch gëtt deemno als Symbol vum ënnere Widderstand vum Lëtzebuerger géint den Naziregime betruecht. Soumat kann ee behaapten, dass am Kontext vum Zweete Weltkrich dat Lëtzebuergescht gewëssermoossen zum Träger vun enger onofhängeger nationaler lëtzebuergescher Identitéit erhuewe gëtt. Dëst berécksiichtegt och dem Manderscheid säi Sproochechoix; bewosst schreift hien op Lëtzebuergesch an net op Däitsch:

> *Den ersten meiner drei Romane, den schacko klak, den wollte ich auf ganz neue Weise auf Deutsch schreiben, und dann bin ich ungefähr bei S. 200 ins Stocken geraten, und ich habe da ganz zufällig gemerkt, dass man nicht so leichtfertig über eine so sensibele Zeit für Luxemburg in der deutschen Sprache schreiben kann. Auf meine Jugend zurückblickend habe ich gemerkt, dass diese deutsche Sprache mit den militaristischen Inhalten der Nazis auf den Plakaten usw. mich immer erschreckt hat und dass dann die lëtzebuergesche Sprache so etwas wie ein Zufluchtsort war. Es existiert ja eine große Kluft zwischen dem Deutschen und dem Luxemburgischen. Weil ich als Luxemburger jetzt diese luxemburgischen Romane über meine*

[420] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 94.

Kindheit schreibe, dann bin ich sozusagen total in der Sache, weil sich die Sprache dann von selber ergibt.[421]

Dem Auteur ass bewosst, dass eng ontologesch Verbindung tëschent Sprooch a Geschicht, tëschent Wuert a Saach, existéiert: „Rein in deutscher Sprache hätte der Roman sich schwer schreiben lassen. Das wäre ein anderes Buch geworden."[422] Nëmmen op Lëtzebuergesch kann d'Kandheet vun engem Jong zu Lëtzebuerg während dem Zweete Weltkrich adequat beschriwwe ginn, well ausschliisslech duerch déi lëtzebuergesch Haaptsprooch vum Roman déi däitsch Plakater a Veruerdnungen als oppressiv Friemkierper an der lëtzebuergescher Sproochelandschaft offensichtlech gemaach kënne ginn. De Manderscheid selwer vermierkt, dass de Wiessel tëschent dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen en elementaart Strukturmëttel vum Roman duerstellt:

(...) der Roman (wurde) zweisprachig, das heißt der Roman hat eine Voraussetzung: Es gibt in diesem Roman keine Überlegung, die über den Horizont des Kindes hinausgeht. Alles ist beschrieben aus der Perspektive des Kindes, also auf Lëtzebuergesch, und das Deutsche, das bricht dann wie eine Urgewalt dazwischen. Das wurde dann auch zu einer Struktur, um das Schreckliche im Buch darzustellen.[423]

Den Inhalt vum Roman, eng Kandheet während der Besatzungszäit, ass deemno op d'Sproochen - dat Lëtzebuergescht als Zoufluchtsuert, dat Däitscht als Bedrohung - als Ausdrock vum Bouf senger Wierklechkeet ugewisen.[424]

De Roger Manderscheid schreift, wéi gesot, am Ufank vu senger Schrëftstellercarrière net a senger eegener Mammesprooch, mä op Däitsch. Nodeems den Auteur an der Mëtt vun den 1980er Joren dunn dat Lëtzebuergescht als Literatursprooch entdeckt huet, gi seng Romaner zu Bestselleren zu Lëtzebuerg. Den Auteur dréit domat net nëmmen entscheedend zur Steigerung vum Prestige vu

[421] De Roger Manderscheid am Interview mam Kerstin Bastian vum 31. Juli 2001. Aus: Kramer, Johannes: „Tri-literalität in der Literatur in Luxemburg." An: *Über Grenzen. Das Eigene und das Fremde in der Literatur in Luxemburg*, erausgi v. Irmgard Honnef-Becker a Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 33f.
[422] Schmitt, Wolfgang: *Drei mal zwei Autoren. Wolfgang Schmitt im Gespräch mit: Sibylle Knauss, Ludwig Harig, Roger Bichelberger, Denis Quiring, Nico Graf, Roger Manderscheid.* Lebach-Hempel: 1990, S. 107.
[423] De Roger Manderscheid am Interview, S. 35f.
[424] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 76.

senger Mammesprooch bäi, hie beaflosst och staark déi kulturpolitesch Situatioun a sengem Land.[425]

Am Roman begrënnt de Christian - an duerch hie wuel och de Manderscheid - säi Choix op Lëtzebuergesch ze schreiwen domat, datt et him Spaass maache géif, an där Sprooch ze schreiwen, mat där hien opgewuess wier an duerch déi hien d'Welt entdeckt hätt.[426] Allerdéngs stellt e beim Schreiwe fest, dass am Lëtzebuergeschen oft de passende Vocabulaire feelt.[427]

Lëtzebuerger Schrëftsteller, déi op Däitsch schreiwen, verfügen nieft hirer als distanzéiert ageschatener däitscher Literatursprooch iwwer eng eegen, allgemeng geschwate Sprooch, eng vertraute Sprooch. De Roger Manderscheid entdeckt dës eege lëtzebuergesch Sprooch relativ spéit als Literatursprooch, an zwar, wéi hien d'Geschicht vu senger Kandheet erziele wëll an dobäi feststelle muss, dass dëst net op Däitsch méiglech ass. Dëst Schlësselerliefnes vum Auteur bei der Opaarbechtung vun der eegener Vergaangenheet féiert zu enger Zouwendung zum Lëtzebuergeschen als authenteschen Ausdrock vun der „eegener" Identitéit an och zu enger Ofgrenzung géintiwwer dem Däitschen, dat an dësem historesche Kontext als „friem" Sprooch erschéngt. Am Roman gëtt déi däitsch Sprooch agangs ëmmer da gebraucht, wann et feierlech a pathetesch gëtt, wann et ëm technesch Begréffer geet oder wann de politeschen Diskurs referéiert gëtt:

> *Auf Deutsch wird debattiert, analysiert, bürokratisiert, befohlen und verwarnt, bilanziert und registriert. Auf Luxemburgisch werden die einfachen Dinge des Lebens verhandelt, die sogenannte Normalität.*[428]

De Manderscheid scheit sech och net, déi authentesch an doduerch zwangsleefeg och graff Sprooch bei direkter Ried anzesetzen („Gebeesshouer"[429]). Sou kann en

---

[425] Honnef-Becker, Irmgard: „Also, was sind Sie denn jetzt?" Die Suche nach Identität bei Roger Manderscheid. An: *Über Grenzen. Literaturen in Luxemburg*, erausgi v. Irmgard Honnef-Becker & Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 175.
[426] Vgl. Manderscheid: *schacko,* S. 284f.
[427] Vgl. ebd., S. 338.
[428] Rewenig, Guy: „Fremde Sprache, vertrautes Leben. Roger Manderscheids Roman ‚Schacko Klak' erscheint übersetzt in Deutschalnd." An: *Forum fir kritesch Informatioun iwer Politik, Kultur a Relioun 181.* Lëtzebuerg: 1998, S. 41ff.
[429] Manderscheid: *schacko,* S. 340.

eenzelt Wuert am Mammesproochler Associatiounen erwächen an eng Zougehéieregkeet zu enger bestëmmtener Grupp ausdrécken.[430]

De Schreifstil vum Roger Manderscheid gëtt dem Lieser allerdéngs Rätsel op; och hien huet genee wéi de Bouf Geheimnisser z'entschlësselen. Den Auteur probéiert dat Lëtzebuergescht an all senge Méiglechkeeten aus. Bannent dem heterogene Genre vum Bréifroman gi regelrecht Wuertkataloger opgestallt. Esou duerchzéien Oplëschtungen de Roman a regelméissegen Ofstänn. Dat Lëtzebuergescht, dat opgrond vun „linguistische Mannerwäertegkeetskomplexer" oft als ongenügend ugesi gouf, presentéiert elo déi ganz Bandbreet vu sengem Vocabulaire a vu senge Méiglechkeeten. Mä d'Erfuersche vun der Schrëft-Mammesprooch beschränkt sech net nëmmen op de schonn existente lëtzebuergesche Wuertschatz, mä doriwwer eraus op Wuertspiller an nei Kreatiounen.[431] Eleng schonn den Titel ass e Wuertspill mam franséischen „chapeau claque", deen den Erzieler duerch eng Contrepèterie falsch ausschwätzt an zudeem nach express op déi Lëtzebuerger Schreifweis nei interpretéiert.

Och fënnt den Auteur masseg Synonymmer fir Bezeechnunge fir e klenge Jong:

> *(...) an net nëmme fir e „krappschass". och fir e „boxeschësser", fir e „blatzkueder". fir e „biddeseechert", pardon, wéi ech ee war. (...) dee „klengen". dee „jéngsten". den „naschtquakert". de „jéngi", de „jeizi", den „tocksi".*[432]

Well de Manderscheid déi lëtzebuergesch Sproochesituatioun a sengem Roman thematiséiert, kann hien och d'Phänomen vun der Méisproochegkeet, dat d'selwecht wéi d'lëtzebuergesch Mammesprooch als e Critère vun der nationaler lëtzebuergescher Identitéit ze bewäerten ass, net ignoréieren:

> *Notre situation linguistique - et non seulement notre seule langue nationale, le luxembourgeois - est l'une des facettes de notre visage, de notre identité nationale.*[433]

---

[430] Vgl.Lippert: „Sprache", S. 71.
[431] Vgl. ebd. S. 76.
[432] Manderscheid: *schacko,* S.9.
[433] Roth, Lex: „Quelques reflexions sur la langue luxembourgeoise au sein d'une Europe de multilinguisme". An: *Union Européenne An 2000.* Lëtzebuerg: 1988, S. 95.

Dat Lëtzebuergescht gëtt am Roman duerch Passagen a franséischer, däitscher a souguer englescher Sprooch ënnerbrach. Mä dës Ënnerbriechunge sinn noutwenneg, fir en onverfälschtene Portrait vun der hybrider lëtzebuergescher Sproochelandschaft z'erstellen. Dobäi sinn d'Friemsproochen, déi de Roman duerchzéien, sielen d'Sprooche vum Privaten; se si Schrëftsproochen, d'Sprooch vun der Poesie, vun der Administratioun, vum Formellen. Dat Däitscht ass déi formell Sprooch am Roman. Déi besonnesch Bedeitung vun de Friemsproochen am Roman, virun allem vum Däitschen, kommentéiert de Johannes Kramer esou:

> *Das Luxemburgische war und ist die Nähesprache, die Sprache des Vertrauten und auch intimen Umgangs, das Idiom der Sicherheit, das Deutsche war und ist die Distanzsprache, die förmliche Sprache der unangenehmen Situationen (Schule, Beichte), das in unvertrauter Umgebung gegenüber Unbekannten zu verwendende Idiom; und während der Besatzung wurden alle Fremden zu potentiellen Feinden, und nur bei denen, die sich des Luxemburgischen bedienten, wusste man woran man war.*[434]

Grondsätzlech kann dëser Opfaassung zougestëmmt ginn; gläichzäiteg ginn et am Manderscheid sengem Roman awer och verschidden Ofstufunge vum Däitschen. Sou ass dat Däitscht net nëmmen d'Sprooch vun de Besatzer, mä och d'Sprooch vun der Poesie, wéi dem Christian säin Aufsatz iwwert säi Bopa beweist. Deen am Aufsatz beschriwwene Grousspapp ass dem eigentleche Bopa kaum ähnlech; de spéidere Schrëftsteller Christian ästhetiséiert an entwéckelt soumat hei seng éischt literaresch Figur:

> *Charakterbild meines Grossvaters.*
>
> *Mein Grossvater Johann war schlank wie eine Tanne und sehr gross. Um seinen schmalen Kopf flatterten lange, silbergraue Haarsträhnen im Frühlingswind. Als ich klein war, glaubte ich lange Zeit fest daran, dass mein Grossvater als Grossvater auf die Welt gekommen sei, weil er aussah, wie man sich einen Grossvater vorstellt: alt und mager und weisshaarig. Er redete nicht viel, arbeitete um so mehr. Er war von Beruf Schreinermeister und nebenher Künstler. Mit seinen feinen Schnitzelmessern, die zwischen seinen langen Fingern in der Sonne aufblitzten, zauberte er in stundenlanger Zuschneidearbeit aus klobigen Eichenholzstückchen Tiere und menschliche Figuren. (...) Während seiner für mich aufregenden Tätigkeit lächelte er still vor sich hin, in seinen blauen Augen saß der Schalk, die Sonne spiegelte in seiner langen silbrigen*

[434] De Roger Manderscheid am Interview, S. 37.

Haarmähne. Manchmal dachte ich, er sei auch ein Heiliger, eine Bibelgestalt, denn wenn er eine Pause in seiner anstrengenden künstlerischen Beschäftigung einlegte, erhob er sich aus dem Schneidersitz, reckte seinen Rücken, streckte dabei seine Arme hoch in die Luft, nahm, regelmäßig, eine Hand aus der Luft herunter, hielt sie wie ein Schirm über beide Augen und schaute in die Ferne, wie ein Prophet. Sein ellenlanger Bart war breit, stark, silbergrau auch, und wenn Grossvater den Kopf ins Genick legte, um in die Wolken zu schauen, nach dem Wetter, der Zukunft, dem Schicksal, stand der Bart senkrecht von seinem Kinn ab, wie ein mächtiger Axtstiel.[435]

De Bopa ass allerdéngs a Wierklechkeet Woner a Kéibauer. Wéi den Erzieler zougëtt, entsprécht dës Beschreiwung guer net der Realitéit:

de woner jang. mat senge kromme been, senger grompereger nues, - e getschert, fir riteraus ze soen, - sengem kludderege schnurres. mat sengen zerschënnten hänn, senge vum schaffe krommbockelege fangeren. dee groussen déirefrënd. niewent dem kleespere gas, - zwou flamen -, sutz en owenterlaang op engem kichestull, d'kaz ze heemelen; mat deene selwechten hänn. [436]

Mä dës „Ligen" weisen déi speziell Relatioun, déi eng Persoun zu enger friemer Sprooch entwéckele kann. D'Wourecht gëtt manner wichteg, dat richtegt Liewe gëtt net beschriwwen, mä vill méi handelt et sech heibäi ëm eng Faszinatioun fir nei Kläng a Biller, duerch déi den Inhalt gewielt gëtt. Wann eng Persoun, déi eng Friemsprooch léiert, also net an der Lag ass, d'Realitéit an dëser neier Sprooch auszedrécken, flücht se sech a Formuléierungen, déi se gelies oder an der Klass geléiert huet.[437] Déi friem Sprooch schéngt dem Christian seng Imaginatioun unzestachelen; den Aufsatz huet näischt méi mat der Wierklechkeet ze dinn, en ass romantiséierend, poetesch, mä och klischeehaft. Hei gëtt däitlech, dass dat Däitscht eben och d'Sprooch vun der Fiktioun an der Poesie ass, dass duerch déi däitsch Sprooch - déi éischtgeléiert Schrëftsprooch vun de Lëtzebuerger - an der Schoul den éischte Kontakt tëscht Individuum a Literatur hiergestallt gëtt. An dësem Kontext bemierkt d'Marie-Anne Hansen-Pauly:

---

[435] Manderscheid: *schacko*, S. 48f.
[436] Ebd., S. 11f.
[437] Vgl. Hansen-Pauly, Marie-Anne: „The Languages of Literature as a reflection of social Realities and Traditions in Luxembourg". An: *Multilinguale Literatur im 20. Jahrhundert,* erausgi v. Manfred Schmeling, Monika Schmitz-Emans. Würzburg: 2002, S. 156.

> *Truth becomes less important, it is not so much real life as a fascination with new sounds and images that rules the choice of words. For this reason, children or learners, unwilling or unable to express reality in the foreign tongue, resort to those phrases, expressions and collocations that they have read in books or studied in class. For the boy in „schacko klak", German at this stage, (...) is clearly a language of fiction.*[438]

Trotzdeem ass dat Däitscht och d'Sprooch vun de Besatzer. An dësem Zesummenhang gëtt elo däitlech, dass de Manderscheid fir en differenzéiert Denke plädéiert, well virausgesat, dass Sprooch den Ausdrock vun (kollektiver an individueller) Wierklechkeet ass, kënnt et schliisslech ëmmer och drop un, wie sech der Sprooch bedéngt. Déi däitsch Sprooch vum Hitler ass eng aner wéi déi vun engem Thomas Mann. D'Sprooch vun der Poesie huet kee Bezuch zur Sprooch vum Besatzer:

> *Cette tricherie salutaire, cette esquive, ce leurre magnifique, qui permet d'entendre la langue hors-pouvoir, dans la splendeur d'une révolution permanente du langage, je l'appelle pour ma part: littérature.*[439]

Doriwwer eraus erschéngt a *schacko klak* nach eng weider Ofstufung vum Däitschen; sou gëtt et net just d'Schouldäitsch, d'Sprooch vun der Poesie oder d'Däitsch vun den Nazien (op Plakater a Veruerdnungen), mä och dat Däitsch, dat d'Lëtzebuerger ënnerenee fir de schrëftleche Verkéier a Form vu Bréiwer, Postkaarten a Rechnunge benotzen. Well d'Lëtzebuerger hir Mammesprooch an der Schoul net als Schrëftsprooch geléiert a soumat Lëtzebuergesch nëmme geschwat a siele geschriwwen hunn, notzen d'Lëtzebuerger fir hire Schrëftverkéier virun allem déi Sprooch, déi hinne linguistesch gesinn am nooste läit: dat Däitscht. Dobäi ass d'Lëtzebuerger Däitsch duerch staark linguistesch Interferenze gepräägt. Dëst dreift den Auteur op d'Spëtzt, wann de klenge Christian bei der Beicht, déi och op Däitsch stattfënnt, de passenden däitsche Vocabulaire fir „Hënner" sicht:

> *ich habe den, den, den*

---

[438] Ebd.
[439] Barthes, Roland: *Leçon. Leçon inaugurale de la chaire de sémiologie littéraire du Collège de France prononcée le 7 janvier 1977.* Paräis: 1978, S. 16.

ich habe den... einer frau gesehen, angeschaut, betrachtet? gesehen, vläicht? awer angeschaut? op kee fall. ech konnt jo net derfir. betrachtet? scho ganz a guer net. dofir war d'dier vill ze vill séier nees zou.
aasch? dat wuert däerf een net soen.
hënner?
wéi heescht „hënner" op däitsch?
hinner? hanner? honner?
ich habe etwas unanständiges im türspalt gesehen. neen: erblickt. erblickt ass besser. beim milchholen. nur sehr kurz. ein paar sekunden lang. dat geet de paschtouer awerhaapt näischt un?
- ich habe „etwas" erblickt?
- aber was denn, zum donnerwetter?
- einen „hinner".
- was?
- einen „hunner".
- maach virun. dobausse sëtze nach aner leit fir an de beichtstull.
- da so et dach nëmmen.
- d'wuert fängt mat „a" un.
- un engem „a" ass dach näischt schlechtes.
- 't kënnt jo och nach etwas hinten dran.
- da so et elo.
- aaaa.
- lo geet et mir es duer. schwätz oder schäiss buschtowen.[440]

Trotzdeem stellt dëst Lëtzebuerger Däitsch eng Méiglechkeet duer, och nach an der friemer Sprooch déi national Zougehéieregkeet an Identitéit zum Ausdrock ze bréngen, fir sou keen Zweiwel iwwer d'Hierkonft vun deem, deen Däitsch schreift oder schwätzt, opkommen ze loossen.

D'Ofgrenzung vum Däitschen zum Lëtzebuergesche geschitt am Manderscheid sengem Roman och an optescher Form. D'Lëtzebuergescht gëtt de ganze Roman erduerch ausschliisslech kleng geschriwwen, während sech déi däitsch Sprooch

[440] Manderscheid: *schacko*, S. 210.

duerch Grouss- a Klengschreiwung respektiv nëmme Groussschreiwung kennzeechent.

Et gëtt nach e weideren Aspekt, dee fir dem Manderscheid säin Ëmgang mat de Friemsprooche kennzeechnend ass. Den Auteur integréiert d'Friemsproochen net nëmmen an de lëtzebuergesche Grondtoun vum Buch, mä hie vermëttelt och en Androck vum Ëmgang vun de Lëtzebuerger mat de Friemsproochen an deem jeeweils beschriwwenen historesche Kontext. An esou geet den Auteur a senger Duerstellung awer nach méi wäit, wann hien a sengem Roman op beandrockend Aart a Weis beschreift, wéi e klenge Jong d'Onmënschlechkeet vun der (däitscher) Sprooch erlieft, vun der initialer Rätselhaftegkeet vu sou muncher Ofkierzung bis zu der Erfarung, dass Sprooch a grausam Realitéit sech ze decke schéngen:

> *But through war and the German occupation of Luxembourg, he will soon make quite a different experience of this language. What he will hear then and read on public posters is stark reality. When he hears the soldiers' an their commanders' angry voices, quite a different world irrupts into peaceful village life. It is a language of passives, full of orders, threats and incomprehensible words or abbreviations. It is a language that brings destruction and has the power to deny individual identity.*[441]

Während den Ufank vum Roman - mat Ausnam vun Aufsätz, Bréiwer, Postkaarten a Rechnungen - virun allem an der lëtzebuergescher Sprooch gehalen ass, dréngt mat den däitsche Besatzungstruppen och déi däitsch Sprooch „wie eine Urgewalt"[442] an d'Welt vum klenge Christian an. D'Däitsch vun den Nazien, dat sech a Form vun Nimm, Schëlter, Veruerdnungen a Plakater opdrängt, erschéngt dobäi als brutalen Iwwergrëff op déi privat Welt. An dësem Zesummenhang erschéngt déi däitsch Sprooch sou grausam wéi d'Uerteeler, déi se publizéiert. Déi däitsch Wierder, mat deenen de Christian elo op eemol konfrontéiert ass, ergi fir hie kee Sënn:

weehawee
faudeebee
beedeeemm

[441] Hansen-Pauly: „The Languages", S. 156f.
[442] Honnef-Becker, Irmgard: „Die Suche nach Identität bei Roger Manderscheid". In: *Über Grenzen - Literaturen in Luxemburg.* Erausgi v. Irmgard Honnef-Becker, Peter Kühn. Esch/Uelzecht: 2004, S. 181.

ennessdeeapee

okawee

kadeeeff

hajott

essess

essaa

eng gelunge sprooch war dat. an de gespréicher vun deene grousse leit sin esou wierder opgedaucht an hun dee mat de schaarfen ouere schéin duerchernee bruet. eng welt voller sproochrätselen.

BRUTTOREGISTERTONNEN

nach esou e wuertbatti, mat deem en deeglaang duerch d'haus gejhauft as, bei de papp, de grousspapp, bei d'mamm, bei säi brudder.[443]

Dem Christian gëtt kloer, wat sech hannert deenen „neie Wierder" verstoppt, wéi hie virun de roude Plakater steet an d'Nimm vun de Lëtzebuerger Widderstandskämpfer liest, déi vun den däitsche Besatzer erschoss goufen:

BEKANNTMACHUNG

Das Standgericht hat wegen Gefährdung

des deutschen Aufbauwerks in Luxemburg

durch aufrührerischen Streik

und Sabotage im Kriege

folgende Personen zum Tode verurteilt (...)

Die Todesurteile werden heute um 6 Uhr

durch Erschießen vollstreckt.

Luxemburg, den 3. September 1942

Der Vorsitzer des Standgerichts[444]

De Christian ka sech ënner „hajott" a „Bruttoregistertonnen" nach ëmmer näischt Genaues virstellen, begräift awer opgrond vun dësem Plakat, dass dës mat Krich an Nationalsozialismus verbonne Begréffer eng déidlech Auswierkung hunn. An dëser Episod verschafft de Manderscheid seng eege Kandheetserliefnisser, „die bei Manderscheid zu einer hohen Sensibilität für ‚Unworte' in der deutschen Sprache geführt haben, wobei seine Sicht noch heute geprägt zu sein scheint von der

[443] Manderscheid: *schacko,* S. 206.
[444] Ebd., S. 299.

Wahrnehmung des kleinen Jungen aus *schacko klak*“[445]. An der *Mitteilung aus deutschen Landen* entwërft de Manderscheid mëttels Nominaliséierungen a Komposita e verzerrt Amtsdäitsch, dat a sengem Grondtoun onfeelbar un d’Nazi-Plakater erënnert an an deem „die Grausamkeit und Unmenschlichkeit spürbar ist, die der Autor mit einer solchen Sprache verbindet.“[446]

Nach Beendigung
der
Löschwassereinspeisung
sowie der
Vollstreckung
der
Gesamtbestandstötung
treffen sich
alle
Ligendkranken
in der
Nothaltebucht
hinter der
Tierkörperbeseitungsanlage
zum fröhlichen
Ohrlochschiessen.[447]

Et gëtt schliisslech däitlech, dass d’Trauma vun der nationalsozialistescher Besatzungszäit beim Manderscheid eng déif sproocheskeptesch Wonn hannerlooss huet. An der *Mitteilung aus deutschen Landen* imitéiert de Roger Manderscheid eben dës pervertéiert däitsch Sprooch vum Drëtte Räich mat hire grotesken Onwierder, déi hien op de rouden Nazi-Plakater a senger Kandheet esou erféiert hunn.[448]

Et kann een duerchaus behaapten, dass de Manderscheid en zwispältegt Verhältnis zu der däitscher Sprooch besëtzt; engersäits ass hie virun allem en däitschsproochegen Auteur, anerersäits resultéiert aus senge Kandheetserfarungen

[445] Honnef-Becker: „Die Suche“, S. 182.
[446] Ebd.
[447] Manderscheid, Roger: *polaroid - instant texte. ein lesebuch.* Esch/Uelzecht: 2002, S. 16.
[448] Vgl. Lippert: „Sprache“, S. 83.

an der Besatzungszäit eng gewëssen Distanz zu der däitscher Sprooch. An dës Distanz zu der däitscher Sprooch kënnt a *schacko klak* zum Ausdrock. Andeems de Manderscheid d'Nazidäitsch dem Lëtzebuergeschen direkt géintiwwerstellt, fënnt hien e Stilmëttel, dat d'Beschreiwung vun der Besatzungszäit an all hire Facetten op engem sproochlechen Niveau onmëssverständlech spierbar mécht. A *schacko klak* si Saach a Situatioun mat der Sprooch an der Sproochwiel identesch. Et besteet eng ontologesch Verbindung tëscht Sproochwiel an Erzieltem an eréischt an der Géintiwwerstellung tëscht dem Lëtzebuergeschen an dem Däitsche kann d'Besatzungszäit adequat beschriwwe ginn. Dat ontologescht Sproochverständnis vum Manderscheid dréckt sech also och an der Géintiwwerstellung vum Lëtzebuergeschen an dem Däitschen aus:

> *Das Deutsche war während der Besatzung genauso ein Symbol der Unterdrückung wie das Hakenkreuz, die Wehrmachtsinsignien oder die gelblich-braune Uniform der Kollaborateure, der Gielemännercher, die im Roman immer wieder vorkommen.*[449]

An der onmëttelbarer Konfrontatioun vun deenen zwou Sproochen, der Sprooch vun der eenheemescher Bevëlkerung engersäits an der Sprooch vun de Besatzer anerersäits, gëtt gläichzäiteg demonstréiert, dass déi Lëtzebuerger Sprooch e Widderstandsmëttel duerstellt. Sou gëtt moies an der Klass amplaz „Heil Hitler" haart „Dreiliter"[450] gejaut, den Adolf Hitler gëtt vun de Lëtzebuerger aus Jux „den Addi"[451] genannt, den Här Penning beäntwert d'Fro vun e puer „Gielemännercher", wéi da säin Numm wier, souverän mat „nittler"[452] a „beedeeemm" gëtt am Volleksmond kuerzerhand mat „blöd, domm mellechskéi"[453] iwwersat. Dobäi kann net iwwersi ginn: D'Sprooch mécht de Feind lächerlech. Dat geschitt virun allem duerch d'Evitéiere vun der däitscher Sprooch mat Hëllef vu linguistescher Interferenz, déi ironescherweis eben nëmmen duerch déi enk linguistesch Verwandtschaft vun deenen zwou Sproochen duerchféierbar ass:

---

[449] De Roger Manderscheid am Interview, S. 35.
[450] Manderscheid: *schacko*, S. 211.
[451] Ebd., S. 202.
[452] Ebd., S. 282.
[453] Ebd., S. 203.

kuerz drop, ir de jhangeli ugefuer as, as och nach en eeleren här bei de penning a säi jong op d'plattform geklommen, deen och getankt hat an haart fir sech geschwat huet. WIRE MER DACH NEMMEN AN INDIEN, huet e mann gesot a mam daum op dee giele schwaarm gewisen. An dunn as et schéi gin. du häss de missen eppes gesinn, mäi léiwe woner, den häuptling vun deene schassgiele spréngt op, kennt op se duer, jäizt a bläärt dem penning an deem friemen an d'gesiicht:

- was hat er eben gesagt? was habt ihr zusammen geredet?

- de mann huet gedronk, sot de penning, dat gesitt der dach.

- sprechen sie deutsch, wissen sie nicht, wo wir hier sind?

- in luxemburg.

- im grossdeutschen reich.

- der mann hat eine im batz, das sehen sie doch, sot de penning.

- eine glatz? was heisst das?

- er hat sich eine angestrickt.

- wer ist angestrickt?

- der mann hat eine hängen, der mann ist voll wie ein loch.

- ein loch kann gar nicht voll sein, wollen sie mich auf den arm nehmen? was hat der mann eben gesagt?

- weil der mann eine im bein hat, hat er gesagt: wären wir doch in indien. wéi een das eben esou sagt.

- auf der nächsten station kommen sie mit. der fall wird untersucht. wie heissen sie eigentlich?

- ich? sot de penning. nittler.

- wie bitte?

- nittler.

A wéi en durops dem penning säi bouf gefrot huet:

- und du? wie heisst du?

wosst dee net, wat e sollt soen. hien hat „hitler" verstanen a krut et mat der angscht ze din. säi papp wollt d'gielemännercher op den aarm huelen.

- also, wie heisst du, kleiner?

- wie mein vater, sot dee klenge penning.[454]

Dës Zeen demonstréiert, dass sech déi lëtzebuergesch Sprooch, verbonne mat Humor, als ideaalt Medium vum klengen, alldeegleche Widderstand erweist. A *schacko klak* gëtt gewëssermoossen demonstréiert, dass d'Lëtzebuerger déi däitsch

[454] Ebd., S. 281f.

Besatzung zwar erdroen, sech duerch Nazipropaganda a -veruerdnungen awer net „germanisieren“ loossen; ganz am Géigendeel: Duerch déi stänneg Präsenz vum „Aneren“ gëtt d'Bewosstsinn vun de Lëtzebuerger fir d'„Selbst“, fir déi eegen national Identitéit net nëmme gestäerkt, mä an engem gewëssene Mooss eréischt ganzheetlech entwéckelt. En vue vum Topos vun der 400-järeger Besatzungsgeschicht vu Lëtzebuerg am Prozess vun der nationaler Identitéitsbildung[455], dee besonnesch an den 1930er Joren zum feste Bestanddeel vum kulturelle Gedächtnis gehéiert huet, inzeenéiert de Manderscheid d'Géintiwwerstellung vum „Selbst“ a vum „Aneren“ oder d'Ofleenung vum „Aneren“ duerch d'Lëtzebuerger als nennenswäerte Moment an der Entfalung vun der lëtzebuergescher Identitéit:

> *On peut encore - et les Luxembourgeois se sont un peu fait les spécialistes du procédé - se démarquer par un refus d'identité avec les autres, en l'occurence avec les pays voisins.*[456]

De Manderscheid ass sech vollends bewosst, dass sech e Groussdeel vum lëtzebuergesche Widderstand op engem sproochlechen Niveau ofgespillt huet:

> *d'preisen hun sech blameiert, esouguer bei de lëtzebuerger preisen. (...) t'kann een e vollek nët ëmdréien, wéi eng hänsch. datt d'preise geduet hun, mat engem fiederstréch aus de lëtzebuerger preisen ze maachen, huet bewisen, wéi wéineg se vun der lëtzebuerger vergaangenheet wossten oder wësse wollten, och e klengt vollék schwätzt, huet eng sprooch, mécht seng Erfarungen an deër sprooch. eng sprooch, déi op enkem raum wiist, schäärft d'ouer fir dee klengste mësstoun an der friemer héichsprooch. Besonnesch wann zwou sproochen esou no beienee leien. an all „verordnung“ gouf et sätz, déi lächerlech waren, well d'wieder sech anengem stéck an d'broscht gehäit hun. an esou e wuert ass eppes wéi e loftballech, jhust ir e platzt. oder bas de net mat mer d'accord?*
>
> *- komm an die tafel: rüdiger wald. an d'ganz klass huet sech freckt gebirelt.*
>
> *wou kënnt dann eise sënn hir fir witz, satir an ironie? e klengt, politesch onbedeitend vollék, dat a senger geschicht ëmmer vun aneren, dichtegen nopere gequëtscht gouf, an dat, well et esou*

[455] Vgl. Margue, Michel: „Dominations étrangères“. An: *Lieux de mémoire. Usages du passé et construction nationale - Erinnerungsorte in Luxemburg. Umgang mit der Vergangenheit und Konstruktion der Nation.* Erausgi v. Sonja Kmec, Benoît Majerus, Michel Margue, Pit Péporte. Lëtzebuerg: 2007, S. 29ff.

[456] Trausch, Gilbert: „Un créneau étroit entre l'Allemagne et la France. Le Luxembourg à la recherche d'une conscience nationale (1839-1845)“. An: *Europa und das nationale Selbstverständnis. Imagologische Probleme in Literatur, Kunst und Kultur des 19. und 20. Jahrhunderts.* Erausgi v. Hugo Dyserinck a Karl Ulrich Syndram. Bonn: 1988, S. 389.

kleng as, waffen ni hat an dofir ni gebrauche konnt, huet sech misse wiren, wéi et eebe gung: am ënnergrond, dat heescht um wiirtschaftsdësch, op der schaff, mat witze virun allem.[457]

Dem Manderscheid no representéiert d'Verbindung vu Sprooch an Humor en net geréngen Aspekt vum lëtzebuergesche Widderstand. Et stellt ee sech awer d'Fro, wat fir eng Zort Humor déi friem Besatzer an deenen hire Nazi-Jargon der Lächerlechkeet präisgëtt. E Beispill fir den humoristeschen Ëmgang mam Nazi-Jargon ass dem Christian seng Opzielung vun den Ofkierzunge vu verschiddenen Nazi- a Wehrmachtsorganisatioune wéi „beedeeemm" fir BDM, „essaa" fir SA oder „ennessdeeapee" fir NSDAP.[458] Och hei bedreift de Manderscheid erëm „phonetescht Schreiwen". De jonke Christian schreift dës Ofkierzungen an derselwechter Weis néier, wéi e se bei den Erwuessenen héieren huet. Andeems a Groussbuschtawe geschriwwen Ofkierzungen, déi esou wichteg kléngen, wéi normal Wierder a Klengschreiwung ausgeschriwwe ginn, gëtt hinne gewëssermoossen hir Relevanz a soumat och hir beängschtegend Säit geholl. Si ginn als huel Buschtawenuneneereiung demaskéiert an entlarven elo gläichermoossen d'Héichstapelei vun hiren Erfinder a Benotzer. A Verbindung zum Heinrich Böll gëtt dës Aart vun Humor als „Micromegas-Technik" bezeechent, als „aggressiv forcierte Dimensionsverwandlungen, in denen das Kleine groß, das Grosse klein wird"[459].

D'Afale vun den Däitschen a vun hirer Sprooch an déi lëtzebuergesch Gemeinschaft huet net nëmmen Auswierkungen op d'Entwécklung vun der kollektiver lëtzebuergescher Identitéit, mä och en direkten Afloss op déi individuell Bildungsgeschicht vum Christian, well déi, zënter der Besatzung vun den Däitschen, omnipräsent nei däitsch Wierder fir de jonke Christian eng nei, onbekannt Welt, wann och keng schéin, duerstellen:

eng gelunge sprooch war dat. an de gespréicher vun deene grousse leit sin esou wieder opgedaucht an hun dee mat de schaarfen ouere schéin duerchernee bruet. eng welt voller sproochrätselen.[460]

[457] Manderscheid: *schacko*, S. 239f.
[458] Ebd., S. 206.
[459] Friedrichsmeyer, Erhard: *Die satirische Kurzprosa Heinrich Bölls.* Chapel Hill, North Carolina: 1981, S. 37.
[460] Manderscheid: *schacko*, S. 206.

Den Heemechtsuert Itzeg verwandelt sech an „eng welt voller sproochrätselen“. D’Wierder „hajott“, „OBERKOMMANDODERWEHRMACHT“, „ALLIIERT“, „ELLALLAMEIN“, „MUSSOLINI“ oder „FRONT“ a „BRUTTOREGISTERTONNE“ si fir de Protagonist erschreckend a faszinéierend zugläich, well hien hir Bedeitung net kennt. Et schéngt, wéi wann de Christian de Bezuch zu der Welt ausserhalb vu sengem Duerf unhand vun eenzele Wierder hierstellt, just datt hien ebe keng wierklech Virstellung vun der Welt, déi duerch déi friem Wierder beschriwwe gëtt, huet. Gläichzäiteg maachen him déi friem, onheemlech Wierder den Zougank zu enger Welt, déi ausserhalb vu sengem Erfarungshorizont läit, op:

> *- wat ass dat: d’majhinnolinn? hun ech gefrot.*
> *- dorunner baissen d’preise sech d’zänn aus, mäi léiwe jong.*
> *war d’majhinnolinn dann elo en déckegt seel aus pickegem drot, en zonk aus gëftegem marzipan oder en tëlefonsdrot un deem elauter maajhisfläschen hungen, déi de preisen op de kapp ginge falen?*[461]

Ëmmer erëm versicht de Christian, sech déi onbekannte Wierder mat sengen eegene Mëttel virzestellen. Sou ass et net erstaunlech, dass de Bouf d’Wuert „majhinnolinn“ mat der eenzeger Saach verbënnt, déi sech him aus dem Begrëff erschléisst: d’Wierzmëttel Maggi. Well de Christian weess, dass dës Maggi-no-Linn déi Däitsch ophale soll, zitt en d’Conclusioun, dass an der Maginotlinn Maggisfläschen hänken, déi den Däitschen op de Kapp falen. Aus der Siicht vun engem Kand ass dat eng komplett schlësseg Argumentatioun. Op dës Aart a Weis spillt sech de Christian duerch d’Sprooch un d’Welt erun. Och wann hien déi vollstänneg Bedeitung vun de Wierder nach net kennt, fänkt en awer un, d’Konnotatioun vun de Wierder intuitiv z’erfaassen:

> *EVA-KUIERT?: hat dat eppes mam eva senger flucht aus dem paradais ze din? d’wuert huet dem bouf net gefall.*[462]

D’Verbindung tëscht de friemen däitsche Wierder an de Standgeriichtsplakater loossen de Jong erahnen, dass déi meescht Wierder, déi mat de Besatzungssoldaten

[461] Ebd., S. 28f.
[462] Ebd., S. 205.

agefouert goufen, mat Elend, Krich an Doud a Relatioun stinn. Duerch d'Sprooch entdeckt de Christian déi friem feindlech Welt an den Doud. Wéi sech Stalingrad am Christian sengen Oueren a „Stalingrab" verwandelt, gëtt den Eescht vum Sproochen-an Entdeckungsspill visibel. D'Sproochespill ass vun existenzieller Bedeitung, well et der Haaptfigur net nëmmen eng Rapprochement un d'Welt, mä och un dat eegent Ech, un déi eegen Identitéit a Vergänglechkeet bitt.[463]

Duerch d'Sprooch grenzt sech d'Ech vun der Welt of, d'Formuléierung vun der eegener Identitéit mécht de Wee zur Selbsterkenntnis, zur Situéierung vun der individueller Identitéit a Raum an Zäit, op. Fir dass d'Matmënschen déi eegen Identitéit unerkennen, muss d'Individuum dës Identitéit och formuléiere kënnen. Dofir ass och dem Christian senger prägnantster Eegenaart, senger Glatz als dem Symbol vu senger individueller Identitéit, e ganzt „Glatzologie"-Kapitel gewidmet:

> *'t geet em deem klenge säin hiwel, seng boss, seng bomm, seng klatz, seng mansar, seng kopp, säi plaffong, säin deckel, seng spëtz, säi gipfel, seng kalbass, seng tromm.*[464]

Doriwwer eraus huet de Manderscheid e ganze Wuertkatalog mat Bezeechnunge fir de Christian selwer opgesat: deen ouni warrel an ouni buscht, dee mat der glater kopp, dee mam blénkegen apelkapp, deen ouni flom op der héicht, de Plakkapp, de Plaki, de Blénkert, dee mat der Glatz, deen Alen, de Plakert, dee mam schweessnaassen Hiwwel op der Akaul, de mam ronne Känki, dee mam Berri, den Ourejumbo, deen, dee kee Kamp brauch, Ourenhari.

> *wéint den oueren hat ech spottnimm, wéi:*
> *- ourebatti*
> *- elefantemänni*
> *- mauliesel*
> *wéint dem plakkapp an den oueren zesummen hu se mech:*
> *- äppelklatz mat scheiklappen, geruff, oder graff:*
> *- aasch mat oueren, entschëlleg mech, oder*
> *- aasch mat schellen.*[465]

[463] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 88.
[464] Manderscheid: *schacko*, S. 94.
[465] Ebd., S. 59.

Dem Christian säin ëffentlecht Bekenntnis zur eegener Identitéit äussert sech also ënnert der Form vun dëser Katalogiséierung vu sämtleche Wierder a Metapheren, déi seng Glatz als Symbol vu senger Individualitéit beschreiwe kënnen. Während am Ufank d'Sprooch d'Kontroll iwwert dem Bouf seng Virstellung besëtzt, emanzipéiert hie sech am Laf vu sengem Liewen, fir herno als eeleren Erzieler aus raimlecher an zäitlecher Distanz seng eege Geschicht an Erfarungen an enger literaresch kontrolléierter Sprooch zum Ausdrock ze bréngen. Dem Christian seng Entwécklungsgeschicht gëtt also a senger Bezéiung zur Sprooch ersiichtlech.[466]

An dësem Fokus op déi literaresch Sprooch verstoppt sech och déi politesch Dimensioun vum Roman - e Plädoyer fir den Antimilitarismus. Well den Numm „Christian"/„Chrëscht" direkt op d'Begrëfflechkeete vu Matleed an Nächsteléift als wichtegst Aspekter vun der chrëschtlecher Relioun verweist, ass am Numm vum Protagonist d'Ofleenung vu Krich a Militarismus schonn immanent. An och am Titel vum Roman *schacko klak* deit sech dem Manderscheid seng Ofleenung géint all Aart vu militäreschem Wierke schonn un: *schacko* kënnt vun „Tschako", dem ungaresche Soldatenhelm, a *klak* verweist op de Chapeau claque, en Zylinder, deen een zesummeklappe kann. Verbënnt een elo déi zwee Elementer „Tschako" a „Klak", sou kritt een op d'mannst d'Virstellung vun engem Zaldotenhelm, deen een zesummeklappe kann, oder, wéi de Ludwig Harig et beschreift: „ein schier unauslotbares Kunstwort mit Signalwirkung des Antimilitärischen"[467]. De Plädoyer vum Antimilitäresche geet also vun der Sprooch selwer aus, an esou fanne mir a *schacko klak* dem Roland Barthes seng Thees vun der Literatur als dee vun ideologeschem Sproochmëssbrauch getrennten Uert erëm.[468]

[466] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 89.
[467] Harig, Ludwig: „Das Loch in der Trommel. Ein Vorwort von Ludwig Harig". An: Roger Manderscheid: *Tschako Klack.* Blieskastel: 1997, S. 19.
[468] Vgl. Lippert: „Sprache", S. 91.

4.4. *Perl oder Pica*

Wéi de Roger Manderscheid gräift och de Jhemp Hoscheit op eng episodenhaft Struktur zréck, fir souwuel eng Narratioun opzebauen wéi och e gewëssent Bild vun der Gesellschaft ze molen. Am Géigesaz zum Manderscheid ënnerleien d'Episoden awer enger Gesamterzielung, an där et drëms geet, erauszefannen, wat dee mysteriéise Buchstaf *P* bedeit, deen de Papp a reegelméissegen Ofstänn a säi Kontebuch opschreift.

Unhand vun Anekdoten aus dem Norbi sengem Alldag erzielt de Roman, wéi den Escher Bouf d'Erwuessenewelt an hir Widderspréch entdeckt, wéi hie mat der deemoleger polariséierter Welt vum Kale Krich eens gëtt a wéi säi Liewe vu Schoul a Kierch gepräägt gëtt. All dës Anekdote sinn an eenzel Kapitelen agedeelt, déi méi oder wéineger onofhängeg vuneneen do stoe kéinten.

Doriwwer eraus gëtt et awer en narrative Kader, deen a Form vu verschiddenen, vuneneen ofhängegen, roude Fiedem duerch déi eenzel Kapitele fiert an dem Buch eng narrativ Kohärenz gëtt. Et ass och dësen narrative Kader, deen d'Wierk an d'Gattung vum Kandheetsroman oder Initiatiounsroman gehéiere léisst an an deem Sënn zu Lëtzebuerg d'Traditioun, déi *schacko klak* ugefaangen huet, weiderféiert.

Perl oder Pica ass eng Erzielung an der drëtter Persoun, an där et een Ënnerscheed tëschent der Stëmm, déi erzielt, an dem Bléck vum Narrateur gëtt. Duerch den onschëllege Bléck vum Norbi kritt de Lieser dem Bouf seng Erliefniswelt souwéi seng Reflexiounen dozou mat.

Well d'Stëmm awer net dem Norbi seng ass, ass et erlaabt a souguer plausibel, dovunner auszegoen, dass d'Stëmm deelweis och de Jhemp Hoscheit ass, dee mam Réckbléck iwwer d'Entwécklung vum Land dem Norbi seng Andréck selektionéiert an als Kontradiktiounen organiséiert. Sou sinn d'Evenementer vu *Perl oder Pica* zweemol mediatiséiert. Deelweis kréie mer dem Norbi seng Erliefniswelt vun de 60er mat, mä deelweis entspriechen dës de Preoccupatioune vun enger

Babyboomer-Generatioun, déi Enn de 90er mat Nostalgie, Humor an enger Grëtz Kritik dem soziale Wandel kritesch géintiwwer steet.

Den Haaptfuedem handelt vum Buschtaf *P*, deen dem Norbi säi Papp reegelméisseg mat rouder Tënt a säi Kalenner nieft d'Konten opschreift. E gudden Deel vun der Haaptnarratioun besteet deemno aus dem Norbi sengem Versuch erauszefannen, wat dee *P* bedeit a wien deen Onbekannten ass. Zum Schluss vum Roman gëtt den Norbi (an dobäi och de Lieser) endlech gewuer, dass de *P* fir *Period* steet an den Onbekannte senger Schwëster hire Freier ass. De Papp huet näischt aneschters gemaach, wéi ze kontrolléieren, ob säi Meedchen net schwanger gëtt. Virdrun awer huet den Norbi sech allerhand Raibergeschichten doriwwer ausgeduecht, dorënner déi, dass de Papp vläicht op der Sich no Lëtzebuerger Krichsverbriecher wier. Den Norbi beonrouegt bal de ganze Quartier, wéi en duerch een anonymme Bréif versicht, deen Onbekannten als fréiere Gielemännchen z'entlarven.

Duerch dës Geschicht vu Verheemlechung, Pruderie a Geheimniskréimerei produzéiert de Jhemp Hoscheit eng humoristesch an ironesch Versioun vum sougenannte Familljeroman, an deem d'Kanner hir Identitéit op der Famill hire Geheimnisser opbauen. An deem Sënn ass *Perl oder Pica* eng Variant vum sougenannten Initiatiounsroman, deen den Iwwergang vun der Kandheet an d'Erwuessesinn erzielt.

D'Opdecke vum Geheimnis zitt näämlech d'Konsequenz mat sech, datt den Norbi iwwert eng Partie Saachen opgekläert gëtt. Et ass als éischt en Deel vu senger sexueller a gesellschaftlecher Opklärung, well en déi sozial Konsequenze vum sexuellen Trib an enger Gesellschaft matkritt, an där et d'Pëll nach net gëtt an déi nach staark vun der kathoulescher Moral gepräägt gëtt.

Als zweet ass et och Deel vun enger Zort Epiphanie, duerch déi de Protagonist zougi muss, dass e sech eng Fabula ageriet huet, déi näischt mat den eigentlechen, klengkaréierte Verhältnisser vu sengem Liewen ze dinn hunn. Do, wou den Norbi sech eng Abenteuergeschicht virgestallt huet, an där säi Papp den Held ass, weist

d'Erzielung just drop hin, dass de Papp als gudde Katholik an aus sozialem Anstand säi Meedchen iwwerwaacht.

Den Iwwergang vun der Kandheet an d'Erwuessesinn besteet also dodran, dass de Protagonist léiert, duerch d'Geheimnisser vun den Erwuessenen, déi méi breet moralesch Enjeue vun der Gesellschaft anzeschätzen. Dofir muss en och léieren, mat den Illusioune vun der Kandheet eens ze ginn, déi vu Kino an Abenteuerromaner gefiddert ginn.

Perl oder Pica ass eng Minifresque iwwer Lëtzebuerg an de 60er Joren, gesinn aus den Ae vun engem virwëtzegen a fantasievolle Kand. De Roman beschreift, wéi den Norbi d'Erwuessewelt gesäit a wéi e mat hire Widderspréch eens gëtt. Dëst ass d'Zäit vum Kale Krich, eng Zäit och, an där d'Kierch zu Lëtzebuerg nach e groussen Afloss hat an am Katechismus iwwer d'Amerikaner an d'Russe geschwat gëtt. Amerika oder Russland - dat ass eng vun de villen Entscheedungen, déi am Norbi senger Welt solle getraff ginn. Aner Entscheedunge betreffe Sinalco oder Cola, Wort oder Tageblatt.

Wéi dem Roger Manderscheid säi *schacko klak* ass *Perl oder Pica* e Kandheetsroman, an deem den Autor sämtlech Initiatiounsritualer beschreift, duerch déi de fantasievolle Protagonist d'Brutalitéit an d'Geheimnisser vun der Erwuessewelt entdeckt an assimiléiert. A grad wéi *schacko klak* besteet *Perl oder Pica* aus Zeenen, déi aus dem Bléckwénkel vum jonke Protagonist erzielt ginn. Den Ënnerscheed ass awer, dass *schacko klak* d'Kandheetserzielungen op eng multipel Aart a Weis duerstellt. Se sinn zugläich Temoignagen, mä och Bréiwer, déi vum Protagonist am eeleren Alter geschriwwe ginn. *schacko klak* bréngt also eng Iwwerleeung eran, duerch déi d'Vergaangenheet mat der Géigewaart konfrontéiert soll ginn. Am Géigesaz dozou ass *Perl oder Pica* vill méi direkt an thematiséiert keng Nostalgie oder Melancholie.

Als zweet Virbild fir dem Jhemp Hoscheit säi Roman kéim och *La gloire de mon père* vum Michel Pagnol a Fro, an deem och feuilletonaarteg d'Kandheet vum Auteur

erzielt gëtt. Opfälleg sinn d'Ähnlechkeeten tëschent deenen zwee Protagonisten an hire Päpp. Béid Kanner bewonneren hir autoritär a moralesch rigid Päpp a stellen sech Geschichte vir, an deene si hirem Papp bei enger Heldendot bäistinn. Béid Romaner beschreiwen och d'Entdeckung vun der moralescher Zweedeitegkeet vun den Erwuessenen. Do, wou den Norbi net versteet, wéi säi Papp, ee fromme Katholik, et fäerdegbréngt, ze léien a säin eegent Kand ze schloen, muss de Marcel domadder eens ginn, dass säi Papp, en iwwerzeegte Laizist, a Präsenz vu sengem kathoulesche Schwoer Waasser a säi Wäi schëtt. Ausserdeem gëtt en Zeien dovun, wéi de Papp, dee Bescheidenheet als moralesche Prinzip héichhält, sech no enger gelongener Juegd iwwerall bretzt.

E Roman ass keng soziologesch Etüd. Wat huet de Roman da mat der Gesellschaft ze dinn? De Roman ass eng Antenn, e fillt sech an d'Gesellschaft eran a gräift Themen, déi se beschäftegen, op. Dëst bedeit also, dass de Roman kee Spigelbild vun der Gesellschaft duerstellt, zemools net am Sënn vun enger objektiver eent zu eent Korrespondenz tëschent der Welt, déi de Roman etabléiert, an der Welt, un där e sech referéiert. Et bedeit awer och net, dass de Roman vun enger bestëmmter Epoch lassgerappt ass. Et bedeit, dass de Roman selektiv virgeet. E gräift nëmme bestëmmten Themen op. Dëst mécht en en plus op eng arbiträr Aart a Weis a bleift gläichgülteg, ob dës Theme reell oder fiktiv sinn. Do, wou de Soziolog versicht, een ausgeglachene Sënn fir Realitéit a Fiktioun ze schafen, kann de Schrëftsteller et sech erlaben, Fiktiounen a Mythen opzegräifen an déi op déiselwecht Aart a Weis wéi Realitéiten ze traitéieren. An deem Sënn kéint ee mengen, dass dem Roman par rapport zu der Soziologie e gewëssene Realitéitssënn feelt. Am Fall vu Romaner wéi *Perl oder Pica*, déi staark an enger bestëmmter Epoch verankert sinn, wier et effektiv einfach gewiescht ze denken, dass de Jhemp Hoscheit eis e Bild vun de Lëtzebuerger 60er zeechent. Dëst wier awer falsch an et géif een de Räichtum vu sengem Stil a vu senger Approche verpassen. E Roman bitt ënnerschiddlech Unhaltspunkten a Perspektiven un, vun deenen ausgoend een d'Gesellschaft betruechte kann. Dëst gëllt och fir *Perl oder Pica*.

Obwuel sech d'Geschicht vu *Perl oder Pica* an de 60er ofspillt, ass d'Buch an de 90er geschriwwe ginn. Et stëmmt, dass de Roman Themen aus de 60er opgräift, an et stëmmt, dass e sech mat de Mythen, Wäerter, Identitéite vum Mëttelstandslëtzebuerger vun deemools beschäftegt. Et soll een awer net vergiessen, dass den Hoscheit dëst aus haiteger Siicht mécht, mat haitege Wäerter a Preoccupatiounen. Ech denken, dass dëst d'Lecture méi spannend maache kann. Doduerch, dass den Hoscheit d'60er, d'70er, d'80er an d'90er Joren erlieft huet, muss hie sécherlech déi Perspektiven all a säi Roman afléisse loossen. Sou ass nach bis an d'2010er eran d'Fro vum Verhältnis tëschent Kierch a Staat eng brenzeleg Debatt bliwwen. Wat d'Gielemännercher an d'Lëtzebuerger Kollaboratioun ubelaangt, ass dës Realitéit eréischt an der zweeter Generatioun nom Zweete Weltkrich méi explizit thematiséiert ginn. Déi rezent Aarbecht vum Vincent Artuso iwwert d'Roll vum Staat an der Juddeverfolgung weist, dass et gedauert huet, bis d'Thema vun dëser komplexer historescher Realitéit objektiv opgeschafft konnt ginn. Am Norbi senger Zäit wäert dëst keen ëffentlecht Thema gewiescht sinn. Am Géigesaz dozou hunn 1963 d'Festivitéite fir d'dausend Joer vun der Stad Lëtzebuerg stattfonnt. Dëst gëtt allerdéngs am Roman guer net erwäänt, obwuel dat d'Populatioun deemools mat Sécherheet beschäftegt huet. Dëst stellt d'Selektivitéit vum Auteur ënner Beweis.

Perl oder Pica ass also net nëmmen eng Kandheetserzielung; et ass och, wéi schonn ugedeit, eng Minifresque iwwer Lëtzebuerg an de 60er Joren, déi den deemolege Bléck, mat Theme verbënnt, déi haut nach aktuell sinn. Dës Theme sinn d'Verhältnisser tëschent Kierch, Moral, Ekonomie a Sexualitéit an och de latente Konflikt tëschent Generatiounen, mat am Hannergrond dem Kale Krich an der Moderniséierung vun der Lëtzebuerger Gesellschaft. Obwuel *Perl oder Pica* e Jugendroman ass, bréngt d'Erzielung ganz oft déi just genannten Elementer an de Mëttelpunkt. D'Verhältnis tëschent dem Norbi an den Erwuessenen zum Beispill stellt net nëmmen d'Relatioun tëschent Jugend an Autoritéit duer, mä och e gewësse Generatiounewiessel, dee sech a Form vu skeptesche Froen ausdréckt. Wéi den Norbi mierkt, dass den Nopeschjong net vun deem sengem Papp geschloe gëtt an

dass d'Nopeschfamill dobäi och nach de Weekend mam Auto fortfiert, stellt de Jhemp Hoscheit näischt aneres duer wéi den dialektale Kontrast tëschent enger almoudescher patriarchaler Uerdnung an dem Ëmbroch an déi liberal Konsumgesellschaft. Esou stellt *Perl oder Pica* gesellschaftlech Problematiken an de Mëttelpunkt vum Wierk.

Loosse mer kuerz zréck op de Verglach tëschent der soziologescher Etüd an dem Roman kommen. Eng soziologesch Etüd beschäftegt sech mat Fakten, ee Roman ass vis-à-vis vu Fakten a Fiktioun gläichgülteg. Eng soziologesch Etüd fleegt eng objektiv, eendeiteg Sprooch; dem Roman seng Sprooch ass weder eendeiteg nach zweedeiteg, si ass villfälteg. Et ass ee Medium, deen duebel, dräifach, véierfach signifiéiert:

1. E stellt Evenementer duer (Lëtzebuerg an de 60er).
2. E stellt d'Perspektiv vun engem Protagonist duer (e klenge Bouf, deen erwuesse gëtt, e Papp, deen Antikommunist ass, etc.)
3. E stellt d'Stëmm vun engem Protagonist duer („Bootscha“).
4. E positionéiert sech an engem gesellschaftleche Kontinuum a stellt domadder och d'Preoccupatioune vun enger (oder méi) gewëssener(n) Epoch(en) duer (d'60er bis d'90er).

A *Perl oder Pica* ass dës Villfältegkeet unzetreffen. Jo, dëst Wierk schwätzt vun de 60er a sou munch ee Lëtzebuerger ka sech domadder identifizéieren. Mä e schwätzt och vun eiser haiteger Epoch. De Roman gräift och Themen op, déi haut aktuell sinn, wéi z.B. d'Roll vun der Relioun an eiser Gesellschaft (cf. déi onendlech Geschicht vun der Trennung tëscht Kierch a Staat) oder déi paternalistesch Gesellschaft vun de 60er an déi progressiv Gläichberechtegung vun de Fraen (2017 schaffe 67% vun de Fraen tëscht 20 a 64 Joer; bei de Männer sinn et 75%)[469].

Dokumentéiert *Perl oder Pica* de Wandel? Den Haaptpersonnage empfënnt d'Widderspréch aus enger Zäit. Stellt en awer och de Wandel duer, den zukünftegen

[469] https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/regards/2019/PDF-02-2019.pdf, leschten Zougréff den 23.4.2019.

Identitéitswiessel? Sécher huet de Jhemp Hoscheit dee Wandel materlieft, soss wier en net amstand, aus enger haiteger Perspektiv vun der deemoleger Zäit ze schreiwen. D'Villfalt vun der Literatur besteet doran, dass si et duerch Fiktioun an Inventioun fäerdegbréngt, Perspektiven, Wäerter, Sproochen, Visiounen a Stëmmen zesummenzebréngen an déi mateneen oder géinteneen ofzespillen, a genee dat erlieft de Lieser bei *Perl oder Pica*.

4.5. *Amok*

Zënter de 60er ass, wat d'Stellung vum Lëtzebuergesche betrëfft, vill geschitt. 1984 kann déi sproochpuristesch Beweegung „Aktioun Lëtzebuerg" déi gesetzlech Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch duerchsetzen. Ab 2001 ass doriwwer eraus d'Beherrsche vum Lëtzebuergesche Viraussetzung, fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Am Joer 2008 gëtt dës Reegelung nach verschäerft, mä och déi duebel Nationalitéit gëtt méiglech. Elo ka scho mat Sécherheet gesot ginn, dass sech och an Zukunft kaum eppes um alldeegleche Sproochepluralismus an un der Méisproochegkeet hei zu Lëtzebuerg ännere wäert.[470]

Am Roman *Amok* kritt de Lieser allerdéngs eng Sprooch gebueden, déi sech um Niveau Null befënnt. D'Sprooch ass regelrecht zerstéiert. D'Mamm verschéckt Messagë voller Häerzercher a Smileyen, d'Tamara féiert per Messenger eng Hetzcampagne géint d'Shirley[471] an allgemeng hunn déi Jugendlech, natierlech virun allem de Protagonist, Problemer, sech auszedrécken:

> *Du hues hatt gekuckt mat denge grousse Kallefsaen. (...) Du has Tréinen an den Aen. Vu Wéi op alle Fall. A vläicht vu soss nach eppes. Du hues näischt gesot. Du wousst net wat. (...) Du bass esou e Läppchen![472]*

[470] Vgl. Pauly: *Geschichte Luxemburgs*, S. 121.
[471] Vgl. Forgiarini: *Amok,* S. 28.
[472] Vgl. ebd., S. 24.

Den Auteur passt de Lëtzebuerger Sproocheregister der Sprooch vun deenen duergestallte Personnagen un, déi oft vulgär a graff („megagäil“, „Houer“) ass. De Protagonist gëtt sech och keng Méi, en anere Sproocheregister anzeleeën, wann hie mat Autoritéite schwätzt. Dëst weist, datt hien d'Vertrauen an de Respekt virun den Erwuessene verluer huet a wahrscheinlech och kenger anerer Sprooch mächteg ass.

Dem Erzieler seng Kommunikatioun mat senger Mamm fënnt, wann iwwerhaapt, iwwert den iPhone statt, während doheem keng Gespréicher mat him geféiert ginn an him och keng Bicher zur Verfügung stinn, déi him den néidege Vocabulaire liwwere kéinten.[473] Och mat den naiven Educateure ka keng fruchtbar Kommunikatioun stattfannen, well se de Protagonist net verstinn. De Jong steet a kengem Verhältnis zur Gesellschaft; just duerch d'Police an d'Geriicht gëtt hie mat der Realitéit konfrontéiert, mä hie versteet hir Sprooch net.

D'Dialoger si kuerz a knapp, d'Beschreiwunge si realistesch an d'Dramsequenze gi mat Beduecht placéiert. Domat ass *Amok* souwuel an der Form wéi och am Inhalt kloer en zäitgenëssesche Roman.

D'Multikulturalitéit vum Land fënnt och hire Wee an d'Lëtzebuerger Sprooch. Duerch déi integréiert portugisesch Kanner kënnen déi lëtzebuergesch Kanner och deelweis Portugisesch.[474] Awer virun allem déi englesch Sprooch gëllt duerch d'Beaflossung vun den amerikanesche Filmer an der amerikanescher Musek als „cool“[475]. Als „oncool“ gëllt dogéint den Norde vum Land, deen ëmmer nach als zréckbliwwen an hannerweltlerech[476] wouergeholl gëtt, während de Minett „cool“[477] ass.

Well d'Sprooch an d'Kommunikatioun zesummegebrach sinn, gi Rumeuren an d'Welt gesat, amplaz dass et sech an d'Gesiicht gesot gëtt, oder et gëtt sech direkt

[473] Vgl. ebd., S. 41.
[474] Vgl. ebd., S. 52.
[475] Vgl. ebd., S. 50.
[476] Vgl. ebd., S. 46.
[477] Vgl. ebd., S. 51.

geschloen a wéigedoen amplaz no Erklärungen ze froen.[478] Heifir sinn dem Narrateur seng Wonnen um Réck dat bescht Beispill: Si sti fir dat Ongesotent, fir dat, wat den Erzieler net weess oder net soe wëll oder kann.

[478] Vgl. ebd., S. 28.

5. Schlussfolgerung

Bei der Recherche fält op, dass sech zu Lëtzebuerg intensiv mat den Ufäng vum Land auserneegesat gouf a gëtt. Och mat der Zäit vum 2. Weltkrich, déi an deene leschte Joren immens präsent an de Medie war (Vergangenheetsbewältegung). Bei der méi rezenter Geschicht ab de 1950er verhält et sech aneschters. Do fënnt ee just Informatiounen zu Migratioun an zur Entwécklung vum Finanzstaat. Wat nach feelt sinn Theme wéi déi geschellschaftlech a familiär Problemer, wéi beispillsweis Gewalt am Stot. Hei feele fiabel Sourcen.

Unhand vun deene fënnef analyséierte Wierker léisst sech kloer erkennen, wéi Lëtzebuerg sech an deene leschten 200 Joer verännert huet. Virun allem d'Wierker *Fenn Kaß, schacko klak, Perl oder Pica* an *Amok* erlaben eis, déi gesellschaftlech Realitéit vun deene leschten 100 Joer z'erfaassen. *Der Verräter* géif ech heibäi ausse vir loossen, well et sech ëm en historesche Roman handelt an den Auteur déi revolutionär Zäite vum Ufank vum 19. Joerhonnert net selwer materlieft huet, soumat net aus eegener Erfarung schwätzt an esou déi deemoleg sozial Realitéit net adequat anzeschätzen an ze beschreiwe weess. Am Kontext vun der 100-järeger Onofhängegkeetsfeier entsprécht dem Nikolaus Hein säi Roman éischter enger Prise de position vun engem Historiker, fir eng gewësse Problematik zréckzespigelen. Am Kontext vun der Nazimenace ass *Der Verräter* eng Erënnerung dodrun, dass dat Lëtzebuergescht Nationalgefill am Zesummenhang mat de Kräfteverhältnisser vun den Nopeschlänner entstanen ass.

Duerch *Der Verräter* erkennt een, dass déi Lëtzebuerger Identitéit tëschent dem 19. Joerhonnert bis zum Zweete Weltkrich nëmme graduell entstanen ass a seng Relevanz fir d'Lëtzebuerger Bevëlkerung net déiselwecht wéi no der Besatzung vun den Nationalsozialisten ass. Eréischt do gëtt de Lëtzebuerger hir Identitéit an hiert nationaalt Bewosstsinn kloer.

Wat déi aner Romaner duerstellen, ass d'Aart a Weis, wéi sech mat der industrieller Revolutioun vum Ufank vum 20. Joerhonnert de Wuelstand an de Liewensstandard zu Lëtzebuerg an esou och den Zougang zu Bildung a Medien entwéckelt hunn. Dësen Hannergrond benotzen d'Schrëftsteller fir hirem Protagonist seng Zweiwelen

a seng Identitéitssich duerzestellen. Bis op de Roman *Amok* gëtt de sozialen an ekonomesche Wandel zwar mat Nostalgie ugesinn an net als eppes Negatives duergestallt. Eréischt am leschte Wierk, dat an der Konsumgesellschaft vum 21. Joerhonnert stattfënnt, entsteet een nihilistescht Bild vun der Konsumgesellschaft.

Déi an *Der Verräter* duergestallte Gesellschaft ënnerscheet sech kaum vun där a *Fenn Kaß.* Et ass eng patriarchal Gesellschaft, an där sech d'Fraen an d'Kanner dem Wëlle vum Papp ënnerwerfen an och dee Beruff ergräifen, dee fir si bestëmmt ass. Dass et dem Fenn Kaß schliisslech geléngt, sech säin Dram vum Ingenieursberuff z'erfëllen, läit engersäits u sengem staarke Charakter an anerersäits och um fréizäitegen Doud vu sengem Papp. Et däerf och net vergiess ginn, dass et sech heibäi ëm e fiktive Charakter handelt an esou e Wee am Ufank vum 20. Joerhonnert wuel ganz rar war.

An deenen zwee Romaner wéi och a *schacko klak* fält virun allem d'Communautéit op. Déi verschidde Generatioune sinn enk matenee verbonnen a liewen och gréisstendeels zesummen. D'Duerfliewe spillt eng wichteg Roll, et kennt ee sech gutt an et steet een enee bäi. Doduerch dass de Paschtouer d'Soen am Duerf huet, ginn awer och Leit, déi dem moralesche Kodex net entspriechen, ausgeschloss a gemidden. Och a *Perl oder Pica,* also an de 60er Joren, ass den Afloss vun der Kierch, och wann e schonn ofgeholl huet, nach ëmmer e bedeitenden. Esou bleiwen déi sozial Zwäng sou wéi de sexuellen Tabu an deenen éischte véier Romaner bestoen. De Roman *Amok* weist eis, wéi am 21. Joerhonnert d'Mënsche vun all deenen Zwäng befreit sinn, sech der selwer awer ëmmer neier operleeën.

A kengem vun de fënnef Romaner ass de soziale Wandel esou präsent a gräifbar wéi a *schacko klak* a *Perl oder Pica,* dëst dank der ausgewielter Form vun de Kandheetserënnerungen. Beim Manderscheid handelt et sech ëm en obsessive Versuch, esou vill wéi méiglech festzehalen, souwuel mëndlech Traditiounen a Legenden, déi e matkritt huet, wéi och Kandheetserënnerungen an och eng gewësse Geografie, déi et net méi gëtt an déi un eng gewëssen Nostalgie gebonnen ass, souwéi och eng Sprooch, déi sech en a hiren Opzielungen ze veréiwege sicht. Sou

wëll den Auteur d'Erënnerung un déi Zäit erhalen, d'Veränneruge vun där Zäit festhalen an an Nostalgie schwiewen.

Dem Hoscheit seng Method ass e bësse méi modern, well hien einfach vun Anekdoten ausgeet. Et sinn net just gewéinlech Kandheetserliefnesser wéi beim Manderscheid, duerch déi een als Lieser verschidden Andréck vermëttelt kritt, mä selektionéiert a mam haitege Bléck verschafften Erënnerungen. De Jhemp Hoscheit pickt Themen op, déi eis nach haut interesséieren. Dëst ass eng diskursiv Approche, bei där dem Lieser de Bléck vun haut an de Bléck vu fréier gebuede gëtt.

De soziale Wandel beim Hoscheit gëtt duerch dem Norbi säi Bléck duergestallt an dee Bléck geet iwwerall hin. Duerch dëse Bléck erkennt een, wat eis eegen Zäit geschaf huet. Dem Norbi säi Bléck ass zweedeiteg: Et ass deelweis de Bléck vun engem klenge Kand, mä och de Bléck vun engem Schrëftsteller an de 1990er.

De Forgiarini fokaliséiert sech dogéint op een eenzege Bléck, op ee Personnage, deen a Kontradiktioun mat allem steet, wourop eis Gesellschaft stolz kéint sinn, wéi wirtschaftlechen Erfolleg, Räichtum, Oppenheet an en immens performante Sozialsystem, dee versicht, jiddereen opzefänken. Den Auteur sicht sech e Bléck eraus, dee vun all deem profitéiere wëll, awer vu kengem opgefaange gëtt a komplett inadaptéiert ass. *Amok* ass eng Erzielung, déi op genee déi Plazen higeet, déi mir net wëlle gesinn. De Forgiarini wëll senge Lieser ze verstoe ginn, dass si en Deel vun där Gesellschaft sinn.

De soziale Wandel gëtt dogéint net ugeschwat. Den Auteur weist net, wéi d'Gesellschaft sech verännert, mä éischter, dass mer eng Gesellschaft sinn, déi sech esou verännert huet, dass mir selwer net gesinn, dass mir matzen an der Gesellschaft Plazen hunn, wou Gewalt stattfënnt a sech asozial Leit ophalen. Et geschitt virun eisen Aen, mä mir entscheeden eis, dat net ze kucken, firwat den Auteur decidéiert huet, eis dat ze weisen an eis z'erklären, wat dat mat eis ze dinn huet. Hei ass de soziale Wandel net historesch, net vun enger Zäit an déi aner, mä et ass einfach eng Tatsaach, dass d'Gesellschaft sech esou verännert huet, dass se

Saachen zouléisst, déi nach viru 50 Joer ondenkbar gewiescht wieren. Fir ze weisen, wéi sech eis Gesellschaft verännert huet, huet de Forgiarini missen eng aner Form vun Erzielung wéi den Hoscheit wielen. Bei *Perl oder Pica* sinn et Anekdoten a bei *Amok* kréie mer eng Erzielung gebueden, déi op Nihilismus berout. Den Tullio Forgiarini zerstéiert déi modern a sozial Gesellschaft Punkt fir Punkt.

Natierlech ass d'Entwécklung vum Status vun der lëtzebuergescher Sprooch och kloer an de Romaner z'erkennen. Während et am 19. an am Ufank vum 20. Joerhonnert nach ondenkbar ass, op Lëtzebuergesch ze schreiwen, an och net explizit eng Lëtzebuerger Lieserschaft ugeschwat soll ginn[479], ass et de Roger Manderscheid, dee sech bewosst gëtt, dass e seng Kandheetserënnerungen nëmmen a senger Mammesprooch festhale kann. Soumat riicht e sech mat sengem Wierk och ganz direkt un d'Lëtzebuerger, wat doropshin zur Normalitéit ënnert de lëtzebuergeschen Auteure gëtt. Bei *Amok* ass dës héich valoriséiert Sprooch dann erëm zerstéiert, respektiv, et feelt dem Haaptpersonnage un de richtege Wierder. Den Erzieler stellt natierlech en Aussesäiter duer, sou dass dës Entwécklung net als generell ugesi ka ginn.

Zentral ass an alle Romaner d'Sich vum Protagonist no senger Identitéit. De Matthäus Conter fillt se, awer bis zu sengem Doud geléngt et him net, se a Wierder ze faassen. De Fenn Kaß dogéint weess vun Ufank un, wat hie wëll, just erweist sech de Beruff vum Paschtouer als konträr zu deem, wat hie sech virgestallt hat. Als déi Naturgewalt, déi hien ass, hëlt hie säi Liewen an d'Hand a mécht déi néideg Verännerungen. Bei him ass keng grouss Entwécklung festzestellen, well hie vu klengem u praktesch e fäerdege Charakter ass. Ganz anescht a méi realitéitsno dogéint ginn d'Protagoniste vu *schacko klak* a *Perl oder Pica* gezeechent, wat och dorunner läit, dass d'Auteuren hei hir Kandheetserënnerunge verschaffen. Bei béide Figuren handelt et sech ëm Kanner, déi vill Froen hunn, op esou munches schonn eng Äntwert erhalen oder, besser gesot, se selwer entdecken. An esou léiere si bäi an

[479] Cf. dem Batty Weber seng Erklärungen zum Lëtzebuerger Dialekt, woumat e ganz kloer eng däitsch Lieserschaft uschwätzt.

entwéckele sech weider. Bei béiden ass awer um Enn vum Roman den Entwécklungsprozess nach net ofgeschloss an d'Identitéitssich geet weider. Bei *Amok* dogéint verschlechtert sech den Zoustand vum Protagonist vun Episod zu Episod; hie fënnt kee Wee fir sech weider z'entwéckelen an esou bleift him zum Schluss just nach d'Flucht an d'Fantasie.

Wéi authentesch ass deemno déi an deenen eenzelne Romanen duergestallte Gesellschaft? D'Auteure versichen, en authentescht Bild vun der deemoleger Gesellschaft ze zeechnen an et fënnt ee vill vun deene jeeweilegen historesche Realitéiten an de Romaner erëm. Allerdéngs werfen d'Auteuren ëmmer déi gesellschaftlech Themen op, déi fir si an deem Moment relevant sinn. Sou sti beim Nikolaus Hein beispillsweis de geschichtlechen Hannergrond, beim Batty Weber säi Liberalismus a seng Reliounskritik, beim Roger Manderscheid seng Kandheetserënnerungen an d'Nazibesatzung, beim Jhemp Hoscheit d'Erzéiung an d'Doppelmoral vun der Gesellschaft souwéi beim Tullio Frogiarini d'Vernoléissegung vun der Jugend an d'Gewalt am Mëttelpunkt.

6. Literaturverzeechnes

Primärliteratur

Forgiarini, Tullio: *Amok.* Eng Lëtzebuerger Liebeschronik. Lëtzebuerg: Editions Guy Binsfeld 2011.

Hein, Nikolaus: *Der Verräter*. Erzählung. Eingeleitet und kommentiert von Joseph Groben. Lëtzebuerg: Editions du Centre nationale de littérature 1994.

Hoscheit, Jhemp: *Perl oder Pica.* Esch/Uelzecht: Editions Schortgen 2009.

Manderscheid, Roger: *schacko klak. Biller aus der Kandheet.* Lëtzebuerg: Editions Phi 1991.

Weber, Batty: *Fenn Kaß*. Der Roman eines Erlösten. Vorgestellt und kommentiert von Josiane Weber. Miersch: Editions du Centre nationale de littérature 2001.

Sekundärliteratur

Baldauff-Beck, Simone: „Une école de femmes pour des femmes savantes? La discussion sur les lycées de jeunes filles - un reflet de la mentalité luxembourgeoise au début du siècle." An: *Lycée de jeunes filles. Lycée Robert Schuman 1909-1989*, S. 37-52.

Barthes, Roland: *Leçon. Leçon inaugurale de la chaire de sémiologie littéraire du Collège de France prononcée le 7 janvier 1977.* Paräis: Seuil 1978.

Berg, Guy: *„Mir wëlle bleiwe, wat mir sin". Soziolinguistische und sprachtypologische Betrachtungen zur luxemburgischen Mehrsprachigkeit.* Tübingen: De Gruyter 1993.

Büchner, Georg: *Lenz*. Stuttgart: Reclam Verlag 1998.

Buschmann, Xavier; Frisch, Jos: „100 Jahre Ackerbauverwaltung". An: *Administration des services techniques des l'agriculture.* Lëtzebuerg: 1983, S. 9-53.

Calmes, Christian: „Gründung und Werden eines Landes - 1815 bis heute." An: *Zeitgenössische Geschichte Luxemburgs Band XII.* Lëtzebuerg: Sankt-Paulus-Druckerei AG 1989.

Compte-rendu de la Chambre des Députés, 1908, S. IVff.

Delcourt, Victor: *Luxemburgische Literaturgeschichte.* Lëtzebuerg: Editions Saint-Paul 1992.

Derenthal-Kohll, Michèle: *Der Verräter - eine klassische Luxemburger Novelle.* Iechternach: Editions Phi 1993.

Fayot, Ben: *Sozialismus in Luxemburg*. *Von den Anfängen bis 1940.* Lëtzebuerg: CRES 1979.

Friedrichsmeyer, Erhard: *Die satirische Kurzprosa Heinrich Bölls.* Chapel Hill, North Carolina: University of North Carolina Press 1981.

forum Nr. 245, Nr. 253, Nr. 271, *Nr. 325, Nr. 352* an *Nr. 353*

Goetzinger, Germaine: „Der ‚Verein für die Interessen der Frau' oder Bürgerliche Frauenbewegung in Luxemburg." An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen,* erausgi v. Germaine Goetzinger, Antoinette Lorang a Renée Wagner. Lëtzebuerg: Publications nationales 1997, S. 64-79.

Goetzinger, Germaine: „Introduktioun". An: Nik Welter: *Lene Frank.* Lëtzebuerg: Editions du Centre d'études de la littérature luxembourgeoise, 1990.

Goetzinger, Germaine: „Marie Speyer. Eine Karriere im Spannungsfeld von Germanistik und Pädagogik." An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen,* erausgi v. Germaine Goetzinger, Antoinette Lorang a Renée Wagner. Lëtzebuerg: Publications nationales 1997, S. 46-61.

Groben, Joseph: „Nachwort". An: Nikolaus Hein: *Der Verräter.* Lëtzebuerg: Editions du centre d'études de la littérature luxembourgeoise 1994, S. 159-332.

Habermas, Jürgen: *Zur Rekonstruktion des historischen Materialismus.* Frankfurt am Main: Suhrkamp Verlag 1995.

Hansen-Pauly, Marie-Anne: „The Languages of Literature as a reflection of social Realities and Traditions in Luxembourg". An: *Multilinguale Literatur im 20. Jahrhundert,* erausgi v. Manfred Schmeling a Monika Schmitz-Emans. Würzburg: Königshausen u. Neumann 2002, S. 147-166.

Harig, Ludwig: „Das Loch in der Trommel. Ein Vorwort von Ludwig Harig". An: Roger Manderscheid: *Tschako Klack.* Blieskastel: Gollenstein 1997.

Hausemer, Georges: „Roger Manderscheid". An: *Kritisches Lexikon zur deutschsprachigen Gegenwartsliteratur: KLG. Band 7*, erausgi v. Heinz Ludwig Arnold, München: edition text + kritik 1985, S. 2.

Heidegger, Martin: *Sein und Zeit.* Tübingen: Max Niemeyer Verlag 2001.

Hoenen-Gaasch, Danielle: *Studien zu Batty Webers „Abreißkalender" von 1913 bis 1918, Wiss. Arbeit.* Lëtzebuerg: 1977.

Hoffmann, Fernand: „Das Erwachen, Aufblühen und Erstarken des luxemburgischen Nationalgefühls in der luxemburgischen Literatur." An: *Nos cahiers. Lëtzebuerger Zäitschrëft fir Kultur. Lëtzebuerg 5 (1984),* S. 127-174.

Hoffmann, Fernand: „Die Frage nach dem Wesen des Luxemburgertums im erzählerischen Werk von Nikolaus Hein." An: *Nouvelle revue luxembourgeoise. Luxembourg 3 (1969),* S. 5-13.

Honnef-Becker, Irmgard: „ ‚Also, was sind Sie denn jetzt?' Die Suche nach Identität bei Roger Manderscheid". An: *Über Grenzen. Literaturen in Luxemburg*, erausgi v. Irmgard Honnef-Becker a Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 168-204.

Honnef-Becker, Irmgard: „Die Suche nach Identität bei Roger Manderscheid". In: *Über Grenzen - Literaturen in Luxemburg.* Erausgi v. Irmgard Honnef-Becker a Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 168-204.

Karthaus, Ulrich: „Impressionismus, Symbolismus und Jugendstil". An: *Die deutsche Literatur in Text und Darstellung. Bd. 13.* Leipzig: Reclam 1986.

Kmec, Sonja: *Das Gespenst des Feminismus. Frauenbewegung in Luxemburg.* Marburg: Jonas Verlag 2012.

Kramer, Johannes: „ ‚Tri-literalität' der Literatur in Luxemburg". An: *Über Grenzen. Das Eigene und das Fremde in der Literatur in Luxemburg*, erausgi v. Irmgard Honnef-Becker a Peter Kühn. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2004, S. 27-55.

Krauß-Theim, Barbara: *Naturalismus und Heimatkunst bei Clara Viebig. Darwinistisch-evolutionäre Naturvorstellungen und ihre ästhetischen Reaktionsformen.* Frankfurt am Main: Peter Lang Verlag 1992.

Kutten, Colette: „Frauen auf dem Land. ‚Nur das Wirken der Frau hält den Mann auf der Scholle.'" An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen*, erausgi v. Germaine Goetzinger, Antoinette Lorang a Renée Wagner. Lëtzebuerg: Publications nationales 1997, S. 174-189.

La Chambre des Députés. Histoire et lieux de travail. Lëtzebuerg: 1994.

Lahire, Jean-Pierre: „Das landwirtschaftliche Genossenschaftswesen in Luxemburg.

Betrachtungen zu seinem Ursprung." An: *Administration des services techniques de l'agriculture 1883-1983.* Lëtzebuerg: 1983, S. 189-197.

Lippert, Sarah: „Sprache als identitätsbildendes Prinzip in den Romanen *schacko klak*, *de papagei um käschtebam* a *feier a flam* vum Roger Manderscheid". An: *Identitäts(de)konstruktionen. Neue Studien zur Luxemburgistik*, erausgi v. Claude D. Conter a Germaine Goetzinger. Esch/Uelzecht: Editions Phi 2008, S. 71-91.

Luxemburger Wort vum 6. Juni 1863.

Manderscheid, Roger: *polaroid - instant texte. ein lesebuch.* Esch/Uelzecht: Editions Phi 2002.

Margue, Michel: „Dominations étrangères". An: *Lieux de mémoire. Usages du passé et construction nationale - Erinnerungsorte in Luxemburg. Umgang mit der Vergangenheit und Konstruktion der Nation.* Erausgi v. Sonja Kmec, Benoît Majerus, Michel Margue a Pit Péporte. Lëtzebuerg: Editions Saint-Paul 2007, S. 29-34.

Meder, Cornel: „Ein wohlanständiger Variété-Künstler. Über den Luxemburger Schriftsteller Batty Weber." An: *Hoffnungen: fünf Vorträge*, erausgi v. Cornel Meder. Déifferdeng: Centre culturel Differdange 1994, S. 45-60.

Memorial 1989. La société luxembourgeoise de 1839 à 1989. Lëtzebuerg: Imprimerie Saint-Paul 1989.

Molitor, Edouard: „Dr. Frédéric Mack (1877-1946). Der Herold des großen König." An: *Dr. Frédéric Mack*, erausgi vun de Wuermeldénger Guiden a Scouten. Gréiwemaacher: 1986, S. 22-57.

Mousset, Jean-Luc: *L'industrialisation du Luxembourg de 1800 à 1904. Guide du visiteur.* Lëtzebuerg: 1988.

Muller, Jean-Claude: *De l'Etat à la Nation: 1839-1889.* Lëtzebuerg: Imprimerie Saint-Paul 1989.

Pauly, Michel: *Geschichte Luxemburgs.* München: C. H. Beck Verlag 2013.

Péporté, Pit; Kmec, Sonja; Majerus, Benoît; Margue, Michel: *Inventing Luxembourg. Representations of the Past, Space and Language from the Nineteenth to the Twenty-First Century.* Leiden, Boston: Brill 2010,

Reuter, Edmond: „Batty Weber, ein Liberaler". An: *LJ Nr. 274* vum 24.11.1960.

Rewenig, Guy: „Fremde Sprache, vertrautes Leben. Roger Manderscheids Roman

‚schacko klak' erscheint übersetzt in Deutschland." An: *Forum fir kritesch Informatioun iwer Politik, Kultur a Relioun 181.* Lëtzebuerg: 1998, S. 41-44.

Ricoeur, Paul: *Soi-même comme un autre.* Paris: Seuil 1990.

Ries, Nicolas: *Essai de psychologie du peuple luxembourgeois.* Dikkrech: 1911.

Rodange, Michel: *Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Komplett Editioun mat historeschen a politeschen Explikatioune vum Romain Hilgert.* Lëtzebuerg: Editions Guy Binsfeld 1987.

Rossbacher, Karlheinz: „Programm und Roman der Heimatkunstbewegung". An: *Deutsche Literatur der Jahrhundertwende,* erausgi v. Victor Zmegac. Königsstein: Athenäum Verlag 1981, S. 123-144.

Roth, Lex: „Quelques reflexions sur la langue luxembourgeoise au sein d'une Europe de multilinguisme". An: *Union Européenne An 2000.* Lëtzebuerg: 1988.

Schaus, Emil: *Ursprung und Leistung einer Partei. Rechtspartei und Christlich-soziale Volkspartei 1914-1974.* Lëtzebuerg: Imprimerie Saint-Paul: 1974.

Schmitt, Wolfgang: *Drei mal zwei Autoren. Wolfgang Schmitt im Gespräch mit: Sibylle Knauss, Ludwig Harig, Roger Bichelberger, Denis Quiring, Nico Graf, Roger Manderscheid.* Lebach: Hempel Verlag 1990.

Wagener, Renée: "Bye bye, Siegfried. De lange Abschied der Luxemburger Frauen vom Patriarchat." An: *Not the girl you're looking for. Melusina rediscovered,* erausgi v. CID-Femmes. Lëtzebuerg: Editions Schortgen 2010, S. 212-237.

Schroeder, Franz: „100 Jahre landwirtschaftlicher Lokalverein oder 100 Jahre moderne Landwirtschaft in der Gemeinde Hoscheid (1888-1988)". An: *100e anniversaire des sapeurs-pompiers Hoscheid*. Lëtzebuerg: 1987, S. 163-219.

Seidel, Siegfried: *Der Briefwechsel zwische Friedrich Schiller und Wilhelm von Humboldt. Bd. II.* Berlin: Aufbau-Verlag 1962.

Spizzo, Daniel: *La nation luxembourgeoise. Genèse et structure d'une identité.* Paräis: Editions L'Harmattan 1995.

Trausch, Gilbert: „Implantations industrielles et mutations poltitiques et culturelles: le cas du Luxembourg, 1860-1919". An: *Implantations industrielles, mutations des sociétés et du paysage.* Arel: Archives géngrales du Royaume 1984, S. 77-95.

Trausch, Gilbert: *Du Particularisme à la Nation.* Lëtzebuerg: Editions Saint-Paul 1989.

Trausch, Gilbert: *Le Luxembourg à l'époque contemporaine.* Lëtzebuerg: Editions Bourg-Bourger 1981.

Trausch, Gilbert: *Le Luxembourg au tournant du siècle et du millénaire*. Esch/Uelzecht: Editions Schortgen 1999.

Trausch, Gilbert: „Structures et problèmes agraires du passé (XIV)*".* An: *Hémecht Jg. 23*, *1971/4*, S. 517-526.

Trausch, Gilbert: „Un créneau étroit entre l'Allemagne et la France. Le Luxembourg à la recherche d'une conscience nationale (1839-1845)". An: *Europa und das nationale Selbstverständnis. Imagologische Probleme in Literatur, Kunst und Kultur des 19. und 20. Jahrhunderts.* Erausgi v. Hugo Dyserinck, Karl Ulrich Syndram. Bonn: 1988, S. 381-418.

Weber, Batty: „Abreißkalender". An: *LZ* vum 24.2.1918.

Weber, Batty: „Abreißkalender". An: *LZ* vum 28.2.1918.

Weber, Batty: „Abreißkalender". An: *LZ* vum 5.3.1918.

Weber, Batty: „Abreißkalender*".* An: *LZ* vum 12.3.1918.

Weber, Batty: „Batty Weber erzählt seine Lebensgeschichte". An: *AZ Nr. 47, 19.11.1939,* S. 2-5.

Weber, Batty: „Jahreszeiten und Allerlei"*. Abreißkalender I (1913/14)*, erausgi v. Evy Friedrich. Lëtzebuerg: 1977.

Weber Batty: „Tagebuch vom 23.10.1906-29.9.1908", transkriwéiert vum Henri Rinnen, an: *CNL, L-0048 c*.

Weber, Batty: *Über sich selbst. Autobiographisches.* Lëtzebuerg: Edouard Kutter Verlag 1977.

Weber, Josiane: „L'éducation et l'instruction des jeunes filles de la bourgeoisie luxembourgeoise dans la 2e moitié du 19e siècle." An: *Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen,* erausgi v. Germaine Goetzinger, Antoinette Lorang a Renée Wagner. Lëtzebuerg: Publications nationales 1997, S. 10-23.

Weber, Josiane: „Nachwort". An: Batty Weber: *Fenn Kaß.* Esch/Uelzecht: Editions du centre d'études de la littérature luxembourgeoise 2001, S. 330-474.

Wehenkel-Frisch, Janine: *Der arme Teufel. Sozialdemokratische Zeitung.*

Monographie d'un journal socialiste luxembourgeois (1903-1929). Lëtzebuerg: 1978.

Weingart, Peter; Kroll, Jürgen a Bayertz, Kurt: *Rasse, Blut und Gene. Geschichte der Eugenik und Rassenhygiene in Deutschland.* Frankfurt/Main: Suhrkamp Verlag 1992.

Weitzel, Victor: „Batty Weber und die Deutschen". An: *Literatur an der Grenze*. Saarbrécken: SDV 1992, S. 90-108.

Weitzel-Pleger, Michelle: *„Fenn Kaß" von Batty Weber. Die Erlösung in der industriellen Produktion: ein Versuch über liberale Bewusstseinsstrukturen in einem Luxemburger Roman der Jahrhundertwende.* Lëtzebuerg: 1985.

Weitzel-Pleger, Michelle a Victor: „Die bürgerliche Familie in Batty Webers Romanen." An: *LL Nr. 46 vum 15.11.1985*.

Wilpert, Gero von: *Sachwörterbuch der Literatur.* Stuttgart: Kröner Verlag 1979.

Zmegac, Viktor: „Zum literaturhistorischen Begriff der Jahrhundertwende (um 1900)". An: *Deutsche Literatur der Jahrhundertwende.* Königsstein: Verlagsgruppe Atheäum, Hain, Scriptor, Hanstein 1981.